


# INFO BLAT

°10 21

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSËTZUNG
VUM 8. DEZEMBER 2021


Actualités | Contactez-nous | DIFFMAG | Emploi | Formulaires | Events | PAG | Photos | Revue de presse | Développement urbain | FR / EN / DE / PT

Ville de Differdange

Differdange et vous | Démarches | Services communaux | Vie politique

ATTENTION Les inscriptions en ligne pour les foyers vacances Carnaval et Pâques se feront du 9 janvier au 13 janvier 2023. Fermer ×

# Conseil communal du 14 décembre 2022

ACCUEIL > VIE POLITIQUE > INFORMATIOUNSBLAT > CONSEIL COMMUNAL DU 14 DÉCEMBRE 2022

**Conseillers présents**

| | | |
|---|---|---|
| Christiane Brassel-Rausch (bourgmestre, déi gréng) | Paulo De Sousa (déi gréng) | Ali Ruckert (KPL) |
| Tom Ulveling (1er échevin, CSV) | Jerry Hartung (CSV) | Christiane Saeul (DP) |
| Robert Mangen (échevin, CSV) | Georges Liesch (déi gréng) | Fränz Schwachtgen (déi gréng) |
| Paulo Aguiar (échevin, déi gréng) | Fränz Meisch (DP) | Guy Tempels (CSV) |
| Guy Altmeisch (LSAP) | Erny Muller (LSAP) | Eric Weirich (déi Lénk) |
| Fred Bertinelli (LSAP) | Laura Pregno (déi gréng) | Nicole Wohl (déi gréng) |

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFO BLAT 10°21


COMPTE-RENDU DU 8 DÉCEMBRE 2021

4-84

BOIS DE CHAUFFAGE

85

MARIAGES

86



**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 10 200 exemplaires

**© PHOTOS** Couverture: Joanna Hudyka Photography

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 10/2021**, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 8 DÉCEMBRE 2021

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Laura Pregno, échevine (déi gréng),
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Paulo De Sousa (déi gréng)
Jerry Hartung (CSV)
Pierre Hobscheit (LSAP)
Georges Liesch (déi gréng)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)
Eric Weirich (déi Lénk)
Nicole Wohl (déi gréng)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communications du collège des bourgmestre et échevins.**
2. **Finances communales : budget rectifié 2021 et budget initial 2022– prises de position des groupements politiques et des conseillers communaux – réponses du collège échevinal – vote.**
3. **Projets communaux – devis à l'appui du document budgétaire :**
   a. Travaux de rénovation de la maison située au coin 21, rue Adolphe-Krieps/30, avenue de la Liberté (Maison moderne) – devis, article budgétaire 4/132/221312/22026 ;
   b. Villa Hadir : remplacement des menuiseries extérieures – devis, article budgétaire 4/132/2221000/22015 ;
   c. Apport à une mesure d'emploi pour investissements à réaliser/CIGL : rénovation du parcours de fitness au parc Grouwen – devis, article budgétaire 4/264/238120/99001 ;
   d. 1535° Creative Hub : travaux d'aménagement extérieur, phase 1 – plans et devis, article budgétaire 4/493/221311/20008
   e. Église de Lasauvage : travaux d'aménagement extérieur – plans et devis pour la construction de toilettes publiques, article budgétaire 4/850/221311/20011.
4. **Enseignement fondamental : plans de surveillance de l'année scolaire 2021-2022.**
5. **Actes et conventions :**
   a. Nouvelle convention conclue avec le Centre d'initiative et de gestion local Differdange ASBL (CIGL) prenant effet au 1er janvier 2022 ;
   b. Nouveau contrat de bail avec le CIGL Differdange ASBL au bâtiment C du 1535° Creative Hub prenant effet au 1er janvier 2022 ;
   c. Avenant à la convention bipartite 2021 du service d'éducation et d'accueil signée avec l'État du Grand-duché de Luxembourg ;
   d. Contrat de bail commercial avec l'ASBL TNT Territoire naturel transfrontalier de la Chiers et del'Alzette pour un espace de bureau situé au 7, avenue de la Liberté à Differdange.
6. **Règlements communaux : règlements temporaires de circulation.**
7. **Changements au sein des commissions consultatives,**

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ouvre la séance du 8 décembre. Elle explique qu'un point a été ajouté à l'ordre du jour de la séance non publique concernant une admission différée dans l'enseignement fondamental.*

*Differdange prend à la semaine nationale de la vaccination. Le 6 décembre, les vaccinations ont eu lieu de 10 h à 16 h à Auchan. Demain et après-demain de 15 h à 18 h 30, elles seront réalisées dans la maison Émile-Mark.*

*Dans les écoles, le 22 novembre dernier, 15 personnes étaient malades. Aujourd'hui, le nombre de personnes infectées est de 80. C'est pourquoi Christiane Brassel-Rausch exhorte les conseillers communaux à demander aux gens de se faire vacciner pour se protéger eux-mêmes et protéger les autres.*

*En ce qui concerne les restrictions du gouvernement, la bourgmestre préfère attendre que la loi soit votée.*

*Pour ce qui est des débats budgétaires, elle rappelle que les porte-paroles des fractions ont trente minutes et les autres membres huit minutes. Ensuite, le collège échevinal se retirera pour réfléchir aux réponses aux questions.*

*Christiane Brassel-Rausch revient à la situation dans les écoles. Niederkorn semble être un hotspot. Le ministère de la Santé a fait réaliser des tests supplémentaires et a instauré le port du masque obligatoire pendant six jours.*

**TOM ULVELING (CSV)** *remercie le ministère d'avoir trouvé des plages de vaccination supplémentaires pour les employés de la commune. Cela leur permettra de se faire vacciner s'ils le souhaitent sans perdre beaucoup de temps. Tom Ulveling a demandé au service du CID d'en profiter.*

*Le spectacle de drones aura lieu à 99 % le 17 décembre. Il s'agit du premier spectacle de ce genre au Luxembourg. La commune attend l'accord définitif des autorités luxembourgeoises. Il devrait arriver aujourd'hui.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären, fir eise Gemengerot, haut um 8. Dezember. Dir hutt nodréiglech nach e Punkt kritt fir op den Ordre du jour vun der Séance non-publique. Et handelt sech ëm eng Admission différée am Enseignement fondamental. Sidd Der d'accord, dass mer dee Punkt mat op den Ordre du jour huelen?

Ech bieden ëm d'Ofstëmmung.

Ech soen Iech villmools Merci!

An de Kommunikatiounen ass et mir am Wichtegsten Iech ze soen, dass Déifferdeng natierlech och un där nationaler Impf-Woch deelhëlt. De 6. Dezember, op Kleeserchersdag selwer, ass geimpft ginn am Auchan vun 10 bis 16 Auer. Muer, den 9.12. an iwwermuer, den 10.12, am Kader vum Maart, gëtt an der Maison Emile Mark geimpft. Den 9. vu 15 Auer bis 18.30 Auer owes. An den 10. Dezember vu 14 Auer bis 18.30 Auer owes. Ech widderhuele vun dëser Plaz aus mäin Opruff: Wannechgelift, gitt d'Informatioun virun. D'Leit solle sech onbedéngt impfe loossen.

Woumat ech direkt op d'Situatioun an de Schoulen agoe kann. Am leschte Gemengerot, viru 14 Deeg, hunn ech Iech gesot, dass mer den 22. November op engem Total vu 15 Leit waren. Mëttlerweil si mer op 80 Leit, déi infizéiert sinn an de Schoulen.

Do fänkt d'Situatioun u richteg brenzeleg ze ginn. Dofir nach eng Kéier den Opruff: Wannechgelift, gitt d'Informatioun weider. D'Leit solle sech impfe loossen. Fir sech selwer ze schützen, fir eis ze schützen a virun allem d'Funktionement vun eisem dagdeeglече Liewen oprechtzeerhalen.

Wat déi nei Recommandatioune respektiv Restriktioune vun der Regierung ugeet – do ass jo bis elo nach näischt votéiert –, waarde mer bis mer de geneeë Gesetzestext hunn. Op Basis vun deem wäerte mer Decisiounen huelen an eis Virgoensweis definéieren, wéi mer den 3G respektiv 2G wäerten ugoen.

Wat d'Diskussioun iwwert de Budget ugeet, wär ech wierklech frou, wa mer eis kéinten un eis Ofmaachung halen. De Fraktiounssprиecher huet 30 Minutten. Alleguer déi aner Membere vun der Fraktioun aacht Minutten. No de Rieden – dat ass scho bal den üblechen Zenario – wäert de Schäfferot sech zréckzéien, fir iwwert déi verschidde Froen ze kucken an déi ze beäntweren.

Wat ech Iech nach zu de Schoule soe kann: Am Moment ass d'Saach amgaang sech op Nidderkuer ze vertässelen. E bëssen en Hotspot. D'lescht Woch war en an der Schoul am Zentrum. Do koum d'Santé mat engem Testing supplémentaire. Do ass all Kand zousätzlech mat engem Schnelltest getest ginn an de Port du masque war obligatoire bis zu sechs Deeg. Bis d'PCR-Tester ugewisen haten, dass se negativ waren.

Deem hunn ech elo näischt méi bäizefügen. Ech ginn d'Wuert un den Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ergänzend dozou, wëll ech dem Ministère Merci soe fir déi zousätzlech Impfplagë fir eis Leit. Souwuel fir d'Fonctionnairë wéi fir d'Aarbechter. Esou kënne si sech an enger spezieller Stonn am Zentrum impfe loosse wärend zwee Deeg. Et ass gutt, dass si d'accord sinn, fir dat ze maachen, fir dass eis Leit sech, ouni vill Zäit ze verléieren, impfe loosse kënnen, wa se dat da wëllen. An ech hunn en Opruff gemaach natierlech a mengem Service am CID, dass se sech sollen impfe loossen.

Déi aner Informatioun ass, dass mat néngannonzeg-prozenteger Sécherheet déi Droneshow elo awer de 17. stattfanne wäert. Et ass déi éischt Droneshow hei am Land. Et ass flott, dass mer dat konnten erreechen. Elo muss just nach déi lëtzebuergesch Autoritéit Jo soen. No engem Feedback vun hinnen hu se gesot, deen Dossier wier ganz gënschteg. Soudass mer warscheinlech haut am Laf vum Dag eng definitiv Zouso kréien.

Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Ulveling. Wa keng aner Kommunikatioun do ass, géife mer zum Punkt 2 kommen, dem Budget rectifié vun 2021 an dem Budget initial vun 2022. Dir hutt Rektifikatioune geschéckt kritt, souwuel fir de Budget rectifié wéi fir den initial 2022. Wat haaptsächlech drop zréckzeféieren ass, dass Portakabin hir Kabinnen net méi verkeeft mee just verlount. Et geet ëm eng Zomm vun 1.300.000 Euro aus dem Budget rectifié, déi an den initial vun 2022 gesat gëtt.

Gëtt et Froen dozou? Wann net, da géife mer direkt zu de Riede kommen. Ech bieden ëm d'Wuert. Wie mellt sech?

Mir si bei de Budgetsrieden. Här Liesch. Merci!

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Léif Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech fänken u mat der Budgetsried vun deene Gréngen. Ech wäert probéieren, méi en allgemenge Bléck drop ze geheien als Fraktiounssspriecher. Meng Kolleeginnen a Kolleegen, d'Madamm Wohl, den Här De Sousa an den Här Schwachtgen, wäerte verschidde Punkte méi am Detail analyséieren.

Ech fänken u mat e puer Zuelen. E Budget beinhalt nun emol ëmmer vill Zuelen. Och wann aus engem Budget méi erauskënnt wéi nëmmen Zuelen, sou baséiert en awer op Zuelen. An e Budget ass nun eemol d'Instrument fir de Schäfferot an och de Gemengerot, wat dat nächst Joer kann ëmgesat gi respektiv fir dat weiderzeféieren, wat schonn an der Planung oder an der Exekutioun ass.

Kucke mer eis den Tablo am Rectifié un. Am Rectifié vun 2021 stelle mer en Iwwerschoss vun 49 Milliounen Euro fest. Soudass mer mat engem Boni vun 23,8 Milliounen Euro am Fong ofschléissen. Fir eisen Nolauschterer an Nolieser et nach eng Kéier ze erklären: Dat sinn am Fong déi Suen, mat deenen am Extraordinäre kënne geschafft ginn. E bësse wéi doheem, wann ee kuckt, wat ee vu Suen erakritt a wat een ausgëtt vu lafende Käschten a wat dann um Enn vum Mount iwwregbleift, wat ee kann op e Spuerkont setzen an domadder sech vläicht dat eent oder anert extra leeschten um Enn vum Joer?

Déi Zuele schénge ganz interessant a ganz an der Rei ze sinn.

Wa mer den Tablo kucken am Budget 2022, dee jo ugepasst gouf, stelle mer fest, dass mer do aus dem Ordinären erausgi mat ronn 57 Milliounen Euro. Wat extreem héich Zuele sinn. Ech ka mech un Zäiten erënneren, wou ech am Schäfferot war, wou gesot ginn ass, mir däerfen net ënner zéng Milliounen Euro falen. A wou mer eis och ni ganz wäit vun deenen zéng Milliounen Euro beweegt hunn. Mir gesinn also hei e Chiffer, deen extreem héich ass.

Am Endeffekt, wa mer den Extraordinär kucken, no all deem, wat mer wëlles hunn, bleift trotzdeem nach e Boni iwwreg. Am neien, adaptéierten Tablo, dee mer elo kritt hunn, ass de Boni nach eng Kéier e bëssen eropgaang. Dat ass just de Budget! Dat ass nach net de Rectifié vum leschte Joer, wou mer wëssen, dass jo nach wäerten Upassunge kommen. An et ass och nach net de Kont, deen eis herno en fin de compte wierklech seet, wéi d'Situatioun da war.

De Budget ass also am Fong eng Previsioun, wéi et soll ausgesi fir d'nächst Joer.

Mir hunn och de Pluriannuel kritt. Dat maache mer jo säit Joren hei. Wou mer de Pluriannuel kucken, fir de Bléck nach méi wäit an d'Zukunft ze geheien: Wéi gesäit d'Situatioun, net nëmme fir d'nächst Joer aus, mee wéi gesäit se an de kommende Joren aus?

Aus deem Dokument geet ervir, an och aus där Virstellung, déi mer kritt hunn, dass den Iwwerschoss am Ordinäre relativ stabel bei knapp iwwer 30 Milliounen Euro bleift. Wat e ganz gesonde Puffer ass, mat deem e scho schaffe kann, dësen an och deen nächste Schäfferot, fir am Fong Invester ze maachen.

Vun dëser Säit nach eng Kéier e ganz grousse Merci un déi ganz Ekipp, déi un deem Pluriannuel geschafft huet a virun allem och dem Max Felten, deen

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au point 2, le budget rectifié 2021 et le budget initial 2022. Elle mentionne une rectification, car Portakabin a décidé de ne plus vendre de cabines, mais de les louer. La somme de 1 300 000 € passe du budget rectifié au budget initial 2022.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *va donner un aperçu général du budget du point de vue des écologistes. Madame Wohl, monsieur De Sousa et monsieur Schwachtgen entreront dans les détails.*
*Comme un budget repose sur des chiffres, Georges Liesch va en mentionner quelques-uns. Le budget est l'instrument sur la base duquel le collège échevinal et le conseil communal réaliseront les projets.*
*Le rectifié 2021 présente un excédent de 49 millions d'euros. Le boni total se chiffre à 23,8 millions d'euros. Cet argent pourra être investi dans l'extraordinaire. C'est comme à la maison : il y a des recettes et des dépenses. Ce qui reste peut être placé sur un compte épargne ou dépensé. Ces chiffres sont en ordre.*
*Pour ce qui est du budget 2022, un transfert de 57 millions d'euros est prévu de l'ordinaire à l'extraordinaire. C'est énorme. Pendant des années, il était question d'une dizaine de millions d'euros. Malgré tout, l'extraordinaire devrait se solder par un boni. Le conseiller communal insiste sur le fait que le budget 2022 ne constitue qu'une prévision de la situation financière de la commune l'année prochaine.*
*Le budget pluriannuel permet, quant à lui, d'analyser la situation sur plusieurs années au lieu d'une.*
*L'excédent ordinaire devrait rester stable et tourner autour de trente millions d'euros. Cela constitue une belle marge de manœuvre pour ce collège échevinal et le suivant. Georges Liesch en profite pour remercier l'équipe ayant réalisé le budget pluriannuel et plus particulièrement Max Felten, qui l'a présenté et qui a fourni ses explications.*
*Le conseiller communal compare la situation avec ce qui arrive dans les montagnes. On se lève le matin ; le ciel est bleu ; pas de nuages. Et*

*pourtant les autochtones décident de ne pas sortir ou de raccourcir une étape. Cette décision peut sembler incompréhensible, mais le mieux est de faire confiance aux experts, qui disposent des connaissances nécessaires dans ce domaine.*
*Pour le budget, c'est pareil. Quand Georges Liesch regarde ce budget et les précédents, il ne voit pas de nuages. Tout semble en règle. On pourrait donc se demander pourquoi le collège échevinal décide d'abandonner ou de reporter certains projets. La réponse se trouve dans le pluriannuel. Certes, l'excédent ordinaire est de l'ordre de trente-millions d'euros. Mais les emprunts nécessaires réduiraient fortement cet excédent. Sans oublier l'inflation, dont personne ne semble en mesure de prédire l'évolution.*
*La hausse des prix de l'énergie est bien réelle. Aussi bien la commune que les citoyens la ressentent. Mais que va-t-il arriver? Les prix vont-ils baisser rapidement ou pas? Peut-être vont-ils même augmenter…*
*Le prix des ressources entraine une augmentation des couts des projets. Il est donc probable que les estimations devront être revues à la hausse. Personne ne sait pour le moment si et quand il y aura une détente.*
*Dieu merci, le Luxembourg peut compter sur le système de l'indice. Mais pour la commune, cela entraine des dépenses qu'il faut prévoir dans le pluriannuel.*
*La participation à plusieurs syndicats a augmenté. Dans le passé, il y a eu des pics lors de la réalisation des projets, mais cette année, l'augmentation est conséquente et elle n'arrive pas au bon moment.*
*Les recettes ne sont pas stables non plus. L'État va verser une dotation supplémentaire unique de dix-millions d'euros. Mais il ne s'agit pas d'une somme sur laquelle la commune peut compter à long terme.*
*La commune va vendre des terrains au lieudit Op Lauterbännen. Elle va rendre des terrains à l'EIDE et à la police. L'argent sera investi en un, deux ou trois ans.*
*Le collège échevinal précédent avait décidé de créer une réserve de*

eis dee presentéiert huet a mat sengen analytesche Commentairë seng Vuen dorobber ginn huet.

Wann ech dat e bëssen däerf vergläichen, mat enger klenger Metapher: Ech si vill ënnerwee an de Bierger. Wann een dat heite liest, da kënnt ee sech vir wéi an de Bierger. Wann ee schonn dräi, véier Etappe gemaach huet, steet ee moies op, et kuckt een eraus an et gesäit ee bloen Himmel, keng Wollek. An trotzdeem soen déi Eenheemesch op der Hütt: Haut gi mer net oder mir maache jiddefalls net déi ganz Etapp. Mir briechen iergendwou an der Mëtt of. Mir kierzen. Dann huet een déi éischte Kéier, wou een dat matmécht, e bëssen Onverständnis an da seet ee sech: Wéi kann dat sinn! Hunn déi net erausgekuckt? D'Aen nach net gewäsch? An da freet ee sech, wéisou kann dat da sinn? Wann een dat eng Kéier materlieft huet an de Bierger, wéi schnell Saache kënnen entstoen, wann een eeben net d'Fachkenntnisser huet, da weess een, dass ee besser huet, op esou Leit ze lauschteren, déi eeben Experten an hirem Gebitt sinn.

Esou ass et och e bësse mat dësem Budget hei. Wann ech de Rectifié kucken, ech kucken déi Budgeten, déi mer virdrun haten, ech kucken de Budget vun dësem Joer, dann hu mer e bloen Himmel an net vill Wolleken um Himmel. Et kéint ee sech soen: Do ass am Fong alles an der Rei. An d'Decisioun vum Schäfferot kann een da kritesch hannerfroen: Wéisou loosse mer dann elo déi Projeten, déi se eis déi leschte Kéier hei gesot hunn, da fale respektiv mir leeë se lo mol op Äis?

Wann een awer déi analytesch Presentatioun vum Pluriannuel gesinn huet, versteet een dat. Eis Budgetssituatioun ass wuel nach gesond. Mir hunn ëmmerhin 30 Milliounen Euro am Ordinären als Iwwerschoss. An awer! Duerch Emprunten, déi misste gemaach ginn, géif natierlech deen Iwwerschoss staark belaascht ginn. D'Annuitéite vun dësen Emprunte géifen dat erofdrécken. Et wär nach ëmmer genuch Reserv, wären do net nach aner Facteuren, déi géife matspillen. Facteure wéi zum Beispill d'Inflatioun, wou een als Netexpert – an ech mengen och d'Experten, d'Ekonomiste si sech net genau eens, wou d'Rees higeet. D'Hausse vun den Energiepräisser, déi reell ass. Déi mer haut scho spieren. Net nëmme mir als Gemeng, och eis Bierger dobaussen. A virun allem déi! A wou mer och nach net wëssen: Wou geet d'Rees hin? Fale se erëm, sou schnell wéi se geklomme sinn? Bleiwe se op dësem héijen Niveau? Oder – worst case! –: Gi se souguer nach vläicht weider erop?

D'Präisser vun de Ressourcen: Och dat mengen ech hu mer alleguerte matkritt, dass d'Projete sech verdeieren. Déi, déi elo schonn an der Exekutioun sinn. Wa mer elo nei Ausschreiwunge maachen, wäerten och do Präishaussen entstoen. Dat heescht, eis Estimatioune vun de Budgete wäerte kaum anzehale sinn. A mir wëssen och net bei der Exekutioun, ob et an déi Richtung weidergeet, ob net nach weider Präishaussë kommen. Well och do wësse mer net genau: Entspaant sech de Marché beim Holz, beim Bëton? Wou mer jo riseg Entwécklungen an de Präisser hunn. Oder bleift et op dësem Niveau?

Mir hunn den Index. Dat ass vläicht eppes, wou ee seet: Dat kenne mer hei zu Lëtzebuerg. Mir hunn, gottseidank, dee System vum Index. An dee schléit natierlech dëst Joer an d'nächst Joer zu Buch. Dat ass awer eppes, wat een an engem Pluriannuel mengen ech nach éischter ofschätze kann.

Et gëtt Augmentatioune vun enger Partie vu Syndikater. Vläicht dës Kéier méi ongewinnt héich wéi soss déi Jore virdrun. Et gouf alt emol Peaken an deem engen oder anere Syndikat, well do Projete realiséiert goufen. Dëst Joer ass et insgesamt eng grouss Augmentatioun, déi och net grad zum richtegen Zäitpunkt kënnt.

Op där anerer Säit hu mer d'Recetten, wou ee ka soen, do kréie mer jo awer Suen eran. Mee och déi sinn net esou stabel. Mir hunn am leschte Gemengerot héieren, dass mer eng eemoleg Zousazdotatioun vun zéng Milliounen Euro vum Staat kréien. Dat ass also e One-Shot. Déi kënne mer eemol elo an de Budget schreiwen. Déi stinn och gutt do. Mee op déi Sue kënne mer net laangfristeg bauen.

Et stinn och eemoleg Venten an eisem Budget. Mir verkafen Terrainen „Op Lauterbännen". Mir ginn Terrainen zréck mat Gebaier vun der EIDE, vun

der Police. Mir hunn e risege Projet Gravity, op deen ech nach zeréckkommen. Mee alles dat si Saachen, déi eigentlech op ee Joer, vläicht op zwee, dräi Joer ze strecke sinn, an da sinn déi Suen am Fong investéiert an da si se fort.

Eis Spuermouk, déi mer eis ugeluecht haten – an do muss ee jo soen, dass mer do dee richtege Riecher hate viru Joren, dat ze maachen, wou d'finanziell Situatioun vun der Gemeng souguer nach besser war wéi haut –, wou mer jo e puer Milliounen ugespuert hunn a wou mer mengen ech richteg déi leschte Kéier héieren hunn, dass mer duerch d'Negativzënsen am Fong riskéieren, dass sech dës Spuermouk vum selwe géif opléisen. Zwar net esou schnell, mee trotzdeem. Si gëtt belaascht. An dass et méi clever wär, dës Suen elo ze investéieren, wéi se op engem Kont stoenzeloosse mat negativen Zënsen. Och déi kënne mer nëmmen eemol eidelmaachen.

Dat sinn also alles Recetten, déi eis eigentlech eemol elo zur Verfügung stinn, dës Kéier. Déi och richteg agesat ginn an dësem Budget. Mee op déi een net laangfristeg baue kann. D'Decisioun fir déi nächst Etapp – wann ech nach eng Kéier däerf a meng Bierger zeréckgoen – net ganz ze maachen, ass deemno richteg. Déi Eenheemesch, déi hir Bierger kennen, haten oft oder bal ëmmer, wann ech mat deene gaange sinn, Recht mat hirer Warnung. An et huet sech erausgestallt, dass ee besser gehat hätt, eeben deen Dag manner oder vläicht guer net ze maachen, obwuel d'Wieder sech ganz gutt annoncéiert hat.

An deem Sënn kënne mir och d'Decisioun vum Schäfferot matdroen, fir verschidde Projeten op Äis ze leeën. Genau déi Warnungen, déi mer vun Experte kréien. Well mir sinn alleguerten, mengen ech, heibannen um Dësch, keng Ekonomisten, net vum Fach. Mir hunn zwar vläicht Ekonomisten an eise Parteien, an eise Reien, déi mer ëm Rot kënne froen, mee och déi maachen am Fong dee selwechte Credo a soen: Déi Zuelen, déi do sinn, déi si belaaschtbar. Dat kann een Zenario sinn, reell. An déi Warnunge si reell. An da mengen ech, deet ee gutt drun, den Experten ze gleewen.

An eiser haiteger Zäit ass et jo net nëmmen an de Finanzen esou, mee och an anere Saachen, wou mer eis op Experte verloossen, déi eis da probéieren, gutt duerch déi verschidde Krisen ze féieren.

Wann een da kuckt: Wat kann ee maachen, fir de Budget ze stabiliséieren? Hätt ee vläicht aner Saache kënne maachen? Hätt ee vläicht kënnen aner Decisiounen huelen, aner Prioritéite setzen? Ech mengen, do wäerte mer heibannen haut de Moie verschidden Aussoen héieren. Dat ass och de bonne guerre, dass déi eng oder déi aner Partei vläicht aner Prioritéite gesat hätt, vläicht aneschters reagéiert hätt. Mee en fin de compte mengen ech, dat wäerte mer warscheinlech och haut héieren, hätt ee warscheinlech reagéiert. Et hätt ee vläicht d'Projeten aneschters a Prioritéite gesat. Et hätt ee vläicht schonn eppes ugesot, ugefaang. Wann een dat gesinn hätt. Mee deen een oder deen aneren hat vläicht eng Glaskugel. Mir hate se op jidde Fall net!

Wann een d'Klasséierung vun de Bauprojete kuckt, sou kann een dat am Fong op dräi Sailen offroen. Et kann ee froe bei engem Bauprojet, wat jo notamment déi sinn, déi de Budget am meeschte belaaschten: Ass d'demografesch Entwécklung esou, dass dee Projet noutwendeg ass? Ass – an dat ass fir eis Gréng ganz wichteg – dee Projet, dee mer maachen, am Sënn vum Klimaschutz? Ass en nohalteg? Ass en innovativ? An natierlech och zum Schluss, an aus dem Bléckwénkel vun de Finanzen: Ass et e Projet, dee mer eleng musse stemmen oder ass e subsidabel? Kënne mer zréckgräifen op Subsiden oder op Venten, also op Recetten?

Wann een op déi dräi Pilieren dann dës Projeten, déi elo zeréckgesat goufen, ënnersicht, da kënnt een zur Konklusioun, dass – beim Stadhaus zumindest –, emol e puer Facteuren dofirstëmmen, dass een dëse Projet kann zerécksetzen. De Projet ass net direkt eminent noutwendeg, well mer, duerch déi Büroen, déi mer elo kritt hunn op der Place Mandela, méi Bürosfläch hunn. An den Drock vun der Plaz, dee mer op der Gemeng zwar kennen, elo mol kuerzfristeg Entlaaschtung gesäit.

Et ass also kee Projet, deen een net sollt maachen. Et ass e Projet, wou ee ka

*fonds. En raison des taux d'intérêt désavantageux, le moment est venu d'investir ces quelques millions d'euros plutôt que de les laisser sur un compte. Mais ce compte ne pourra être vidé qu'une seule fois.*
*Ces recettes sont uniques. Elles peuvent être investies, mais il ne s'agit pas de recettes à long terme. C'est pourquoi — pour en revenir à la métaphore de la montagne — il vaut mieux raccourcir l'étape. Par expérience, Georges Liesch sait que les montagnards ont raison quand ils prévoient du mauvais temps.*
*Les écologistes comprennent que le collège échevinal veuille freiner quelques projets. Les conseillers communaux ne sont pas des économistes. Peut-être disposent-ils d'économistes dans leurs partis. Et généralement, ceux-ci se montrent tout aussi prudents. Les avertissements sont réels. De toute façon, de nos jours, on est obligé de se fier à des experts non seulement pour les finances, mais aussi dans le cadre d'autres crises.*
*Que faire pour stabiliser le budget ? Le collège échevinal aurait-il pu fixer d'autres priorités ? Certains diront oui et c'est de bonne guerre. Georges Liesch pense cependant que les conseillers communaux auraient tous réagi même si les priorités avaient été différentes. En tout cas, déi gréng ne disposent pas d'une boule de cristal.*
*Pour Georges Liesch, les projets de construction reposent sur trois piliers. Sont-ils nécessaires d'un point de vue démographique ? Sont-ils écologiques, durables et innovants ? La commune peut-elle espérer des subsides ou d'autres formes de recettes ? Si l'on analyse les projets reportés sur la base de ces piliers, on se rend compte qu'ils peuvent être sacrifiés. À titre d'exemple, l'hôtel de ville n'est pas immédiatement nécessaire, car la commune dispose de nouveaux bureaux sur la place Nelson-Mandela. L'hôtel de ville pourra donc être soulagé à court terme. Cela ne signifie pas que ce projet est complètement abandonné. Mais il peut attendre un, deux ou trois ans. La décision a donc été relativement facile à prendre.*
*L'autre projet, celui de l'école Nelson-Mandela, répond à tous les cri-*

*tères et aurait dû être réalisé. Le centre compte beaucoup d'enfants et le collège échevinal souhaite construire des écoles de quartier. L'école du Mathendahl par exemple s'est vite remplie et a soulagé Niederkorn. Georges Liesch trouve dommage que l'école de la place Mandela ne soit pas construite. Il a fallu y renoncer même si ce n'est pas de gaité de cœur.*

*D'un autre côté, les plans sont prêts. Si la situation financière s'améliorait ou si les experts se sont trompés, ce projet pourrait être exécuté rapidement. En d'autres termes, même s'il est reporté de quelques années, le moment venu, les choses iront vite.*

*Parmi les experts qu'il faut écouter, figurent aussi les spécialistes du changement climatique. Depuis vingt ans, ils avertissent les dirigeants politiques de la catastrophe à venir. Malheureusement, ces avertissements ne sont pas suffisamment pris au sérieux alors même que le changement climatique est réel. On en ressent les effets en Europe et même à Differdange. Le budget va s'en ressentir aussi. Si la commune n'investit pas dans la protection environnementale, le prochain collège échevinal et les prochaines générations en paieront les conséquences.*

*L'abandon de deux projets permet de stabiliser le budget. Malgré tout, le collège échevinal va investir de façon conséquente, mais sans ruiner la situation financière même si les scénarios les plus pessimistes devaient se déroulaient.*

*Georges Liesch en revient à sa métaphore sur les montagnes. L'étape n'est pas complètement annulée, mais elle est raccourcie et on ira boire un verre plus tôt.*

*En ce qui concerne les projets qui seront réalisés, Georges Liesch les classe en deux catégories : les projets de construction, qui coutent le plus, et les projets qui ne sont pas de construction, qui sont moins chers, mais qui ont souvent un impact supérieur sur la population.*

*Gravitiy accompagne le conseil communal depuis quelques années. Le budget comprend non seulement des dépenses, mais aussi des recettes. Ce projet est unique et Georges Liesch se dit convaincu*

soen, et kann een dee roueg nach een, zwee oder dräi Joer an den Tirang leeën an dann duerno realiséieren. Dës Decisioun war relativ einfach ze huele gewiescht, well d'Noutwendegkeet net direkt do ass.

Deen anere Projet, dee vun der Schoul op der Place Mandela, hätt a menger Analys all d'Krittären erfëllt, fir gebaut ze ginn. Mir hunn Drock an de Schoulen hei zu Déifferdeng. Et si vill Kanner am Zentrum. Viru Joren hate mer hei zesummen am Schäfferot d'Decisioun geholl, fir Quartiersschoulen ze bauen. Déi Decisioun ass nach ëmmer absolutt richteg. A mat der Schoul am Mathendahl, déi elo opgaangen ass, gesi mer jo och, dass déi sech séier gefëllt huet a fir Entlaaschtung zu Nidderkuer gesuergt huet.

Dëse Projet op der Place Mandela ass also een, wou ee seet, et ass e bësse schued, dass mer deen net kënne maachen. Et ass een, wou mer drop verzicht hunn, obwuel mer wëssen, et wär gutt, wa mer e kéinte maachen.

De Virdeel ass awer, de Projet ass fäerdeg geplangt, realiséiert, en ass duerchduecht. Et muss also net nach laang gezéckt ginn, wa mer gesinn, dass d'finanziell Situatioun sech verbessert oder déi Zenarioen awer net esou staark antreffen, wéi mer se vun den Experte virgesot kréien. Dann ass dat e Projet, dee relativ schnell an d'Exekutioun ka geholl ginn. Soudass mer eigentlech do kënne soen, mir verzichten elo mol ee Joer oder zwee dorobber a mir wëssen, dee Projet do kann ee ganz schnell erëm aus dem Tirang huelen.

Bei all eisen Iwwerleeungen däerfe mer net vergiessen, och op aner Experten ze lauschteren. Ech schwätzen elo net vun der Coronakris, ech schwätze vun enger anerer, déi an de Medie vläicht elo e bëssen ënnergaang ass, well se net esou eminent ass: dem Klimawandel. Hei sinn d'Experte schonn iwwer 20 Joer amgaang, déi politesch Responsabel ze warne virun deem bloen Himmel ouni Wolleken an hinne matzedeelen, dass do eppes op eis duerkënnt, wat net gutt ass.

Leider, muss ee soen, dass an alle Länner dës Warnungen ëmmer relativ séier an den Tirang geluecht gi mat: Kommt, mir kucke mol. Mee de Klimawandel ass do. En ass scho reell. Mir spieren en ëmmer méi.

All Joer gesi mer an de Länner an och hei an der Gemeng, d'Effekter vun dem Klimawandel. Mir kréien ëmmer méi domadder ze dinn. Soudass eise Budget belaascht gëtt mat Depensen, déi mam Klimawandel wäerten ze dinn hunn. Dat ass fir keng Gemeng gutt. Net fir d'Land an och net fir d'europäesch Länner.

Wa mer en Invest an de Klimaschutz negligéieren, vernoléissegen, da wäerte mer net nëmmen den nächste Schäfferot belaaschten, mee déi nächst Generatiounen. An dat ass weesentlech méi schlëmm.

Ech geheien nach eng Kéier e Bléck op de Budget. Wann ee seet, et sinn zwee Projeten, déi mer net maachen, doduerch gesäit de Budget relativ gutt aus. An och de Pluriannuel weist, dass mer dat, wat alles gemaach gëtt, a wat schonn an der Pipeline ass, awer gestemmt kréien a mer am Fong eis finanziell Situatioun net esou op d'Kopp dréien, net esou belaaschten, wann all déi Zenarioen antrieden, dass en nächste Schäfferot eigentlech just nach faisant fonction wär a just nach kleng Saache kéint realiséieren.

Et gëtt also net näischt gemaach. A wann ech bei menger Geschicht vu virdru bleiwen, dann ass et net esou, dass mer guer net op de Wee ginn, mir maache just net déi ganz Etapp. Mir maachen en Deel vun der Etapp. A mir genéissen dat Stéck. A fir de Rescht gi mer dann éischter een drénken. E bësse méi laang wéi soss.

Wann ech déi Projete kucken, déi mer an der Pipeline hunn an trotzdeem gemaach hunn – ech klasséieren se mol ënner Bauprojeten, well dat déi si mat der gréisster finanzieller Envergure, an Net-Bauprojeten, déi oft awer vill méi e groussen Effekt hunn op eis Populatioun, och wa se am Budget vläicht nëmmen dräistelleg, véierstelleg sinn an net wéi d'Bauprojeten, also och am sechsstellege Beräich.

Bei de Bauprojete stécht een eraus, dat ass eise Gravity, deen eis elo scho säit zwee, dräi Joer begleet. Wou mer och zesummen hei d'Decisioun geholl hunn, dat ze maachen. An deen elo am

Bau ass. Wou jiddwereе gesäit, dass en am Bau ass. A wou elo am Budget och, nieft den Depensen, scho Recettë stinn. Wou mer gesinn, dass mer mat dësem Projet wierklech zu Déifferdeng eppes realiséiert hunn, wat eemoleg ass. A wou ech dobäi bleiwen, dass vill Gemengen hei am Land sech kéinte vun dëser Iddi inspiréiere loossen a kucken an hirer Gemeng änlech Projeten ëmzesetzen.

E weidere Projet, deen erausstécht, ass de Projet vum Gulliver Hotel, dee mer opkafen an doraus net e sozialen, mee e participative Projet maachen. Wat, mengen ech, och extreem interessant a spannend gëtt, fir ze kucken, wéi dee Projet sech developpéiere wäert. Mee wichteg ass, dass mer dat Gebai elo mol hunn an domadder kënnen d'nächst Joer eng Etapp lancéieren, wou mer mat de Bierger zesumme kucken, wéi dat Gebai gestalt gi soll. Wéi soll herno doranner gewunnt ginn? Wat fir Funktioune kommen dran?

Et sinn awer och Projeten, déi zum Deel an der Realisatioun sinn. Déi net wéineg am Budget ausmaachen. De Campus Mathendahl ass jo bekanntlech schonn a Betrib. Et steet elo net méi allze vill am Budget dran. Mee trotzdeem! Et ass net näischt gemaach ginn. Mir hunn eng Quartiersschoul an eiser Gemeng a Betrib geholl. An déi ass fäerdeg.

De Campus Bock, wann ech en esou däerf nennen, ass amgaang. Am Budget stinn nach ëmmer héich Zuelen. Och do wësse mer, dass et noutwendeg ass, dëse Site, deen am Fong säit ech Politik maachen, ëmmer erëm no vir geschibt ginn ass, ëmmer nees aus dem Budget gestrach gouf, endlech ugepaakt a realiséiert gëtt. Dat Gebai huet musse sanéiert ginn. An déi Léisung, déi mer hei fonnt hunn, ass wierklech extreem gutt. Andeem mer de Bestand behalen an eppes Neies nach dobäi bauen.

Wéi mer gesinn ass eng weider Bëschcrèche geplangt. Natierlech ass de Montant do net grouss. Hei geet et ëm eng Expertise fir ze kucken: Wou kënnt se sinn? Mee d'Decisioun ass gefall, fir dat Konzept vun der Bëschcrèche hei an der Gemeng auszebauen. D'Demandë weisen eis dat. De Schäfferot geet also op de Wee, fir ze kucken, wou mer déi strateegesch am beschte kéinten hisetzen? Fir eis och e ganz interessante Projet.

Den neie CID hu mer net fale gelooss. Och dat, ee vun de Projeten, dee säit ech am Schäfferot oder am Gemengerot sinn, ëmmer erëm aus dem Budget gestrach ginn ass. Absolutt noutwendeg op där Plaz, wou en elo ass. Absolutt net méi tragbar. Duerfir ass dat e Projet, wou mer soen, deen däerf net falegelooss ginn. Deen ass eminent wichteg. An deen ass och am Budget mat dran.

Zu Nidderkuer gëtt eng nei Sportshal a Betrib geholl. Och dat e Prozess, e laangen Denk-Prozess, dass mer déi Uewerkuerer Sportshal eréischt kënne sanéieren, wat och noutwendeg ass, wa mer eng Alternativ fir eis Veräiner hunn. Mir hunn hei Wuert gehalen. Dee leschte Schäfferot huet dat annoncéiert. Dëse Schäfferot huet et genau esou executéiert. Déi nei Sportshal zu Nidderkuer ass a Betrib. An d'Sportshal Uewerkuer ass an der Renovatioun. Wat mer och an de Budgetszuelen erëmfannen.

Och eis Sportsterrainen zu Uewerkuer an um Woiwer sinn elo erëm an der Rei. Zu Uewerkuer gëtt nach e bësse geschafft. Mee si sinn awer en fin de compte elo geschwë fäerdeg an et kann erëm Fussball op deenen Terraine gespillt ginn. Sou wéi dat sollt sinn.

Da kommen ech op déi Net-Bauprojeten, déi an de Budgete kleng Zuelen ausmaachen. Déi fir eis awer eminent wichteg sinn.

Ee Posten, wou mer absolutt frou sinn, dass dat geschitt, ass, dass d'Iessen an eise Kantinnen nach méi bio gëtt, nach méi lokal, nach méi saisonal ass, an dëse Budgetsposten deementspriechend no uewen ugepasst ginn ass.

Mir gesinn, dass de Pacte Logement 2.0 seng Friichten dréit. Dass elo scho mol éischt Recetten agedroe ginn. An natierlech och gekuckt gëtt, fir do an d'Exekutioun ze kommen, fir weider Projeten doranner ze realiséieren. Wësentlech, dass mir als Gemeng – an dat ass leider e Problem, dee mer als Gemeng hunn –, obscho vill Saache realiséiert sinn aus dem Pacte Logement 2.0, mer déi vläicht net méi ugerechent kréien. Mee dat ass dann eeben

*que d'autres communes feraient bien de s'en inspirer.*
*La Ville de Differdange va acheter l'hôtel Gulliver pour en faire un projet participatif. Ce qui est important pour le moment, c'est que la commune devienne propriétaire du bâtiment pour pouvoir décider quoi en faire ensemble avec la population.*
*D'autres projets sont en cours de réalisation comme le campus du Mathendahl, qui est déjà fonctionnel et où il ne reste plus grand-chose à faire.*
*Les travaux du campus Bock continuent de couter cher. Depuis que Georges Liesch fait de la politique, ce projet a été repoussé sans cesse et il était temps que l'on s'y attaque. Le bâtiment avait besoin d'être assaini. Le bâti sera conservé et agrandi.*
*Le collège échevinal prévoit d'ouvrir une nouvelle crèche en forêt. Il reste à décider à quel endroit. En tout cas, la demande est conséquente.*
*Le CID fait aussi partie des projets sans cesse reportés. Cette fois-ci, il sera réalisé. Le site actuel n'est plus du tout adapté, ce qui rend ce projet extrêmement important.*
*Une nouvelle salle de sport a ouvert à Niederkorn. Elle permet à la commune d'assainir le centre sportif d'Oberkorn. Ce collège échevinal a donc fait ce que le précédent avait annoncé.*
*Les terrains du Woiwer et d'Oberkorn ont été remis en état. À Oberkorn, les travaux continuent, mais bientôt on pourra y jouer au football.*
*En ce qui concerne les autres types de projets, ils coutent généralement moins cher, mais ils sont très importants. Par exemple, les cantines scolaires vont recourir davantage à des aliments biologiques locaux et saisonniers.*
*Le Pacte logement 2.0 porte ses fruits. La commune a perçu les premières recettes et d'autres projets vont être réalisés. Malheureusement, certains projets risquent de ne pas être pris en compte. Mais la même chose est arrivée à la commune avec le Pacte nature et le Pacte climat.*
*Des investissements sont prévus dans le cadre du Pacte nature. Les*

*fonds alloués à « Urban Green » et à l'environnement ont augmenté.*
*Une nouvelle édition d'Urban Living est prévue. Cette manifestation a été créée à une époque où le logement constituait un problème encore plus important que maintenant. Les éditions précédentes ont connu beaucoup de succès. Pour Georges Liesch, le thème central de la prochaine édition devrait être la rénovation énergétique afin de montrer aux gens ce qu'ils peuvent faire en cette période de crise énergétique.*
*L'allocation de solidarité a augmenté de 50 %. Cela permettra d'aider les gens dans le besoin.*
*Le projet Gender for Kids est très intéressant. Ce sujet n'est pas suffisamment abordé dans les écoles. Dans la société, on a même l'impression que ce sujet est tourné en ridicule.*
*Georges Liesch passe au projet de la médiathèque. Il s'agit de créer une archive audio et vidéo de témoignages de personnes âgées pour conserver la mémoire de notre commune.*
*Le projet d'économie du bien commun a pour but d'améliorer le « vivre ensemble » dans la commune. Où se trouvent les difficultés ? Comment renforcer la cohésion sociale à un moment où elle semble affaiblie ? Georges Liesch se déclare enthousiaste.*
*Pourquoi la Ville de Differdange peut-elle continuer à investir ? Parce que ses emprunts sont maitrisés. Ils se montent à quelque 105 millions d'euros, mais les frais pour l'EIDE ou le commissariat seront remboursés. Il reste donc 45 millions d'euros, ce qui est tout à fait acceptable pour une commune.*
*Differdange reçoit des recettes de la part du gouvernement sous la forme de l'impôt commercial et de la dotation. Les loyers représentent quant à eux 2,5 millions d'euros, soit autant que l'impôt commercial.*
*Au cours des dernières années, le collège échevinal a essayé de trouver des solutions pour le commerce et le logement.*
*Les dépenses ordinaires augmentent dans tout ce qui touche aux ressources et à l'énergie, c'est-*

esou. Dat ass eis och mam Pacte Nature a mam Pacte Climat scho geschitt.

Och de Pacte Nature gëtt jo elo geschwënn ënnerschriwwen. Do fënnt een tëscht den Zeilen am Budget schonn eraus, dass Invester virgesi sinn. Haaptsächlech am Urban Green an alles, wat mat Environnement ze dinn huet, sinn d'Budgetsposten eropgesat ginn, fir Invester an dës Richtung ze maachen.

Mir maachen och erëm en Urban Living. Do kann ee soen, ass vläicht keng grouss Geschicht, mee mir sinn awer hei an der Gemeng bekannt gi mat dem Urban Living zu engem Theema, wou de Logement hei an der Gemeng nach vill méi e grousse Problem war. A mir hunn d'Decisioun geholl, en Urban Living hei ze realiséieren. Mat Succès. Mir haten an deene leschte Joren, wou mer dat realiséiert hunn, ëmmer ganz groussen Uklang an héich Besicherzuelen.

Ech erënneren un eis Motioun, dass mer den Urban Living wierklech sollte maachen, awer d'Haapttheema sollt d'energeetesch Renovéierung si vum Bestand. Ech mengen, domat, zemools elo mat den héijen Energiepräisser, hëllefe mer eise Bierger am meeschten, wa mer eng Foire géifen organiséieren, wou dat alles gebündelt zesummen de Leit ka presentéiert ginn, wat ee ka maachen. Wou ee Subside ka kréien.

Mir gesinn am Budget, dass d'Allocation de solidarité ëm 50 % eropgaang ass. Och eppes, wat mer an der Motioun zesummen hei gestëmmt hunn. Grad, fir eeben elo an dësen Zäiten de Leit méi ënner d'Äerm gräifen ze kënnen.

Et si Projeten dran, déi ganz interessant klénge. Zum Beispill den Gender for kids. Wou mer fannen, dass dat wierklech e Sujet ass, deen absolutt muss thematiséiert ginn. An deen an de Schoulen nach ëmmer net genuch thematiséiert gëtt. Ganz ze schweige vun eiser Gesellschaft, wou mer am Moment erliewen, dass esou Sujeten éischter belächelt ginn, wéi dass seriö doriwwer diskutéiert gëtt. Duerfir fanne mer dëse Projet extreem interessant.

Och de Projet vun der Mediathéik fanne mer e ganz interessante Projet. Fir nieft engem Archiv vun eisen Zäitdokumenter, eng Mediathéik opzebauen, wou ee mat Audio- a Video-Dokumenter Zäitzeien ophëlt an d'Memoire domadder e bësse méi lieweg mécht. An nieft dem Pabeier aner Medie benotzt, fir d'Memoire an eiser Gemeng oprechtzeerhalen.

Nach een, deen ech wéilt eraushiewen, dat ass de Projet vun der Gemeinwohl-Ökonomie. Wat och e ganz interessante Projet ass. Wourëms geet et: Wéi kënne mer d'Zesummeliewen an eiser Gemeng verbesseren? Wou dréckt de Schong? Wéi brénge mer et fäerdeg, als Gesellschaft erëm zesummenzewuessen? Wou mer gesinn, dass mer amgaange sinn éischter, als Gesellschaft am Moment e bëssen auserneenzefalen. Duerfir ass dee Projet hei extreem wäertvoll. A mir si gespaant op d'Exekutioun an op dat, wat dee Projet hei wäert op d'Tapéit bréngen.

Wann ee sech déi Zuelen ukuckt, da seet een: Wat kënne mer nach vill maachen! Firwat kënne mer eigentlech nach vill investéieren? Da kann ee soen, eis Emprunte sinn am Fong an der Rei. Mir hunn Emprunte vu ronn 105 Milliounen Euro. Do muss een awer eng ganz Partie Empruntен ewechzéien. Zum Beispill dee vun der EIDE a vum Police-Gebai. Soudass mer op 45 Milliounen Euro Emprunt am Fong sinn. Wat eigentlech fir eng Gemeng wéi Déifferdeng absolutt tragbar ass.

Natierlech kréie mer, wéi all aner Gemeng, zwou Recettë vum Staat. Déi vun der ICC a vun der Dotatioun. Dat mécht natierlech e risegen Deel dovunner aus. Mee wann een awer mol all eis Loyeren zesummerechent, déi mer mëttlerweil als Gemeng erakréien, da gesäit een, dass mer do och scho bei ronn 2,5 Milliounen Euro sinn. Wat am Fong bal an der Héicht ass vum ICC.

Et ass also net näischt, wat an deene leschte Jore gemaach gouf, fir eng Politik ze maachen, wou mer eis agemëscht hunn an de Commerce hei zu Déifferdeng, mat der Iddi, fir deen ze stäipen. Mir hunn eis agemëscht an de Logement, mat der Iddi, fir Logementer ze kafen an zu engem anere Präis de Leit unzebidden, wéi deen, dee se um Marché musse bezuelen. Dat sinn Initi-

ativen, déi wierklech an déi richteg Richtung ginn.

Ech iwwersprangen e puer Saachen, d'Zäit leeft mer fort. Bei den Dépenses ordinaires fanne mer dat, wat ech am Ufank gesot hunn, erëm. Dass quasi all eis Depensen eropginn am Ordinären, déi iergendwéi mat Ressourcen an Energie ze dinn hunn. Carburant: +50 %. Elektresch: +13 %. Gas: +70 %. Holzhack: +58 %. Dat sinn, duerch dee ganze Budget, extreem Augmentatiounen, déi jo net einfach aus de Fangere gesuckelt goufen, mee déi op reellen Zuele baséieren.

Doraus kann ee liesen, wéi wichteg et ass, dass mer nohalteg bauen. Dass fir déi nei Gebaier, déi mer bauen, opgepasst gëtt, mat war fir Ressourcë mer déi Gebaier hëtzen, Elektresch a sou weider, fir dass den ordinäre Budget entlaascht gëtt.

Mir fannen eraus, dass beim CIGL zum Beispill – och e soziale Projet – de Montant e Stéck eropgesat ginn ass, och mat där neier Konventioun. Dorop komme mer haut nach eng Kéier ze schwätzen. Dat ass eppes, wat mer wierklech begréissen.

Vläicht nach ee Punkt, deen ech erausshuelen, déi grouss Diskussioun, déi gefouert gëtt iwwert d'Agent-municipallen an d'Sécherheetsleit. De Schäfferot huet jo ugekënnegt, déi Sécherheetsfirma, déi mer hei haten, net méi weider ze beschäftegen. An, au contraire, eis Agent-municipalle weider opzestocken. Wat een och am Budget erëmfënnt.

Mir fannen dat eng gutt Saach, fir op dee Wee ze goen. Hoffen, dass dat neit Gesetz dann och elo geschwënn accouchéiert gëtt, fir dass eis Agent-municipallen déi entspriechend Formatioun kënne maachen, fir um Terrain kënnen aktiv ze ginn.

Ee Punkt, deen eis nach opgefall ass, dat ass d'Gestioun vun de Parkingen. Eng Diskussioun, déi mer heibanne schonn e puermol haten, déi an den Depensen och nach e gutt Stéck eropgaang ass. Do wär vläicht d'Fro ze stellen, ob eisen Ekonomist do net mol eng Kéier kéint ausrechnen, ob eng Autogestioun vun eise Parkhaiser mëttlerweil net awer méi gënschteg géif ginn, wéi dat iwwer eng privat Firma ze maachen. Wëssend natierlech, dass mer aus besteeënde Kontrakter net vun haut op muer erauskommen.

Mir fannen am ordinäre Budget eppes iwwer Esch2022. Wou mer laang hei diskutéiert hunn: Ënner wéi enger Form gi mer mat? Mir ware séier dobäi, fir ze soen, mir gi mat. Mee d'Form, d'Héicht vum Budget war net kloer. Mir gesinn hei kloer am Rectifié eng grouss Zomm vun 1,15 Milliounen Euro am Budget 2022.

Meng iwwreg Zäit wëll ech verwenden, fir de Gravity e bëssen erauszehiewen. Well dat awer fir eis e Phare-Projet ass vun eiser Gemeng. Op dee mer wierklech kënnen houfreg sinn. Op dat, wat mer do geleescht hunn am Logement.

En totalen Invest vu 44,86 Milliounen Euro. Wann een d'Recetten zesummerechent, déi mer dëst Joer an an den nächste Jore wäerte kréien, duerch Subsiden an d'Vente, da si mer bei 33 Milliounen Euro. Soudass mir als Gemeng ronn 11 Milliounen Euro an dat Gebai investéiert hunn. An awer och Proprietär si vum Gros vun dësem Gebai.

Déi 11 Millioune musse mer natierlech kucken, finanziell iergendwéi eranzekréien iwwer Loyeren, op déi mer jo déi nächst 40 Joer begrenzt sinn. Wat och eng absolutt richteg Saach ass.

Trotzdeem hu mer e Gebai do stoen. Wat an der Kontabilitéit vun der Gemeng natierlech net erausstécht, mee wat awer trotzdeem e Bien ass, deen d'Gemeng jiddefalls huet.

Dëst ass en extreem interessante Projet fir eis. Wou mer frou sinn, dass mer dee realiséiert hunn. A mat genau deem selwechte Bléck kucke mer op de Projet vum Gulliver-Tower. Wou mer der Meenung sinn, dass et richteg ass, deen Invest ze stemmen. Och an dëse schwieregen Zäiten. Mir sinn der Meenung, dass et richteg ass, dat ze maachen. Heifir kréie mer och erëm Subsiden. Finanziell ass den Impakt also och ofgefiedert. Mee méi wichteg ass, wat doraus entsteet fir eist Zesummeliewen an der Gemeng. Mat deene Leit, déi wäerten un dëse Projet denken, wat doraus entsteet.

Dir gesitt, meng Ried geet net nëmmen iwwer Zuelen. Ech probéiere meng

*à-dire le carburant, l'électricité, le gaz, les copeaux de bois... Il s'agit d'augmentations extrêmes réelles. C'est pourquoi il est essentiel que les constructions soient durables et que l'on tienne compte des ressources nécessaires pour les chauffer par exemple.*

*Le montant alloué au CIGL augmente, ce qui est une bonne chose.*

*Georges Liesch passe à la question de la sécurité et des agents municipaux. Le collège échevinal a pris la décision de ne plus recourir à une entreprise de sécurité privée et de recruter des agents municipaux. Les écologistes sont d'accord. Georges Liesch espère que la nouvelle loi sera approuvée rapidement et que les agents municipaux pourront suivre une formation.*

*Les frais de gestion des parkings augmentent. L'économiste ferait peut-être bien de calculer si une gestion communale ne reviendrait pas moins chère.*

*Pour ce qui est d'Esch2022, la Ville de Differdange voulait y participer, mais devait décider sous quelle forme et à quels frais. Le budget 2022 contient la somme de 1,15 million d'euros.*

*Gravity est le projet-phare de la commune. Celle-ci peut être fière de ce qu'elle a accompli en matière de logement. Pour Gravity, elle a investi un total de 44,86 millions d'euros, mais les ventes, les loyers et les subsides lui rapporteront 33 millions d'euros. Il reste 11 millions d'euros que la commune essaiera de récupérer à travers les loyers. En tout cas, la Ville de Differdange dispose d'un bien immobilier conséquent.*

*Pour Georges Liesch, la situation de la Gulliver Tower est comparable. Les écologistes sont d'avis que la commune fait bien de l'acquérir, d'autant plus qu'elle aura droit à des subsides. Mais ce qui importe plus, c'est que le projet va renforcer la cohésion à Differdange.*

*Georges Liesch insiste sur le fait que son discours ne porte pas que sur les chiffres. Dans un budget, il y va aussi du bienêtre d'une société, même si en ces temps difficiles, chaque euro compte.*

*Les écologistes approuveront le budget et sont d'accord pour repor-*

*ter deux projets. Cette politique prudente va dans le sens des citoyens et du prochain collège échevinal.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *va prendre position au nom des socialistes. Il commencera par le budget rectifié de 2021.*
*Le boni propre se chiffre à 34,4 millions d'euros. Comme l'année dernière, la différence entre ce qui était prévu et ce qui a été réalisé est importante — notamment du côté des recettes avec une différence de 9,2 millions d'euros due à une dotation de l'État plus élevée que prévu. Les dépenses 2021 sont équilibrées.*
*Le budget 2021 a été marqué par la pandémie. Erny Muller revient sur plusieurs mesures dans ce contexte. Quatre-cent-mille euros ont servi à aider les commerces. L'allocation de solidarité a été portée à 1,1 million d'euros et augmentera ultérieurement en 2022. Le LSAP soutient ces initiatives.*
*Erny Muller salue le soutien fourni aux victimes des inondations du 4 juin 2021 au Fousbann. Il s'agit de 700 000 €. Le conseiller communal espère que les résultats des analyses pour prévenir de futures catastrophes seront présentés bientôt.*
*Le service extraordinaire se clôture par un mali de 25,2 millions d'euros. Les recettes sont moins élevées que prévu avec une différence de 10,6 millions d'euros. La Ville de Differdange a vendu moins de terrains que prévu et a aussi touché moins de subventions pour l'École du Bock et l'hôtel de ville.*
*Du côté des dépenses extraordinaires, la différence se monte même à 16,2 millions d'euros par rapport au budget initial. Comme tous les ans, certains projets n'avancent pas et les fonds sont reportés à l'année suivante.*
*L'excédent présumé pour 2021 se chiffre à 23,8 millions d'euros, une somme qui sera reportée à 2022 pour équilibrer le budget. L'équilibre n'a donc rien à voir avec une bonne gestion des finances.*
*Erny Muller passe au budget initial 2022, qui prévoit des recettes à hauteur de 139 millions d'euros — 6,1 millions d'euros de plus qu'en 2021. Mais dix-millions d'euros*

Ried ofzeschléissen, andeem ech soen, dass e Budget méi ass wéi nëmmen Zuelen, Bauprojeten, déi a Milliounenhéicht sinn. Mee dass et an engem Budget och drëm geet de Bien-être vun enger Gesellschaft an der Gemeng ze férderen, mat Projeten, déi natierlech hannendru mat Zuele musse beluecht ginn. Eis ass op jidde Fall an dësen Zäiten all Euro wäert, dee mer an dëse Budget investéieren.

Duerfir kënne mer dëse Budget mat Jo stëmmen an och déi Decisioune vum Schäfferot matdroen, fir déi zwee Projeten op Äis ze leeën. Si sinn net annuléiert. Just no hanne verréckelt. Mir fannen, dass dat eng virsiichteg Politik ass. Am Sënn vun eise Bierger an och vum kommende Schäfferot, deen no de Walen dann hei wäert sinn, fir deen net ze blockéieren.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Liesch, fir déi genau Zäitanhalung. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, fir d'Wuert. Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäfferot, Kolleeginnen a Kolleegen, léif Vertrieder vun der Press a léif Leit alleguer, am Numm vun der LSAP huelen ech zum Budget inital 2022 Stellung. Ier ech op de Budget 2022 ze schwätze kommen, wëll ech mech kuerz mam Budget rectifié 2021 beschäftegen.

Am Budget rectifié 2021 hate mer am Service ordinaire e Boni propre vu 34,4 Milliounen Euro. Wat opfält, wat iwwregens och schonn d'lescht Joer de Fall war, ass déi grouss Differenz zwëschent dem Prévu an dem Réalisé. Ëmmerhin 9,2 Milliounen Euro bei de Recetten. Dëst war bedéngt duerch méi en héijen ICC, Impôt commercial an enger Dotatioun vum Staat, déi ëm sechs Milliounen Euro méi héich war.

D'Depensen 2021 si praktesch am Equiliber bliwwen.

De Budget 2021 stoung nach zu engem groussen Deel ënner den Auswierkunge vun der Pandemie. Ech wëll dofir e puer Initiativen an dësem Kader oplëschten.

D'Aide aux commerces locaux dans le cadre de la pandémie COVID-19: 400.000 Euro. Aiden un déi lokal Veräiner wéinst dem Ausfall u Recetten. An net ze vergiessen d'Allocation de solidarité, déi op 1,1 Milliou n gehuewe gouf an am Budget 2022 nach ëm 300.000 Euro op 1,4 Milliounen Euro gehéicht gëtt. Den Här Liesch war schonn drop agaangen. Als LSAP ënnerstëtze mir dës Initiativen ausdrécklech.

E Posten, deen een net konnt virgesinn, a wat mir begréissen, dat war déi onbürokratesch Hëllef un d'Affer vum Héichwaasser vum 4. Juni 2021. Haaptsächlech am Quartier Fousbann. Mat am Ganze 70.000 Euro. Mir hoffen, dass déi ugekënnegt Analysen a Moossnamen, fir esou eng Katastroph an der Zukunft ze vermeiden, net ze laang op sech waarde loossen.

Zweetens: De Service extraordinaire mat engem Mali vu 25,2 Milliounen Euro. Och hei gesi mir gréisser Differenzen zwëschen dem Prévu an dem Réalisé. Op der Säit vun de Recetten e Minus vun 10,6 par rapport zum Budget initial. D'Explikatioun heifir sinn: minus sechs Millioune bei der Vente vun den Terrainen. Dës waren net néideg, well jo och net esou vill Ausgabe gemaach goufen. Subside Schoul Bock: minus 2,8 Milliounen Euro. Dee Projet ass a Verzuch. An de Subsid Hotel de Ville konnte mer direkt sträichen, well de Projet ass gestrach ginn.

An den Depensen am Extraordinär 2021 fanne mir eng Differenz vu souguer minus 16,2 Milliounen Euro par rapport zum Budget initial. Dat ass am Fong all Joer op en Neits de Fall, dass eng Partie Projeten einfach net viruginn. An domadder e substanzielle Betrag vu Joer zu Joer op déi follgend Budgeten iwwerdroe gëtt.

Mir schléissen den Exercice 2021 mat engem Boni présumé Enn 2021 vun 23,8 Milliounen Euro of, ronn 24 Milliounen Euro, déi op 2022 reportéiert ginn an esou mathëllefen de Budget 2022 am Equiliber ze halen. Dat huet

also näischt mat enger gudder Finanzgestioun ze dinn, wéi d'Madamm Buergermeeschter eis versicht huet ze erklären.

Ech kéim zum Budget initial 2022. D'Eckdaten heifir sinn am Ordinär Total Recettë fir 139 Milliounen Euro. Wéi gesot, dat si Rekordzommen. Ass 6,1 Millioun méi par rapport zum Rectifié 2021. Mer hunn awer och héieren, dass eng eemoleg Zomm vun 10 Milliounen Euro um Niveau vun der Dotation de l'état derbäi ass.

D'Depensen: 105,784 Milliounen. Dat si 7,7 Milliounen Euro méi. An doriwwer musse mer eis nach zousätzlech herno ënnerhalen.

Trotzdeem mécht dat en Iwwerschoss am Boni propre vun 33 Milliounen Euro. An am Service ordinaire gesi mer Recettë fir ronn 57 Milliounen Euro. An Depensë fir 113 Milliounen Euro. Wat jo ganz héich ass, en héijen Invest. Mee net ze vergiessen: Do gëtt och eng Partie iwwer Préfinancement erëm erageholl. Soudass dat e Mali gëtt vu ronn 56 Milliounen Euro.

Dëse Mali gëtt kompenséiert mam Boni propre vum Exercice 2022, déi 33 Milliounen Euro, an dem Boni présumé 2021, ronn 24 Milliounen Euro. Wat dann en Total vu 57 Milliounen Euro ausmécht, déi mer hunn, fir den Ausgläich ze maachen. Soudass mer dann de Budget 2022 mat engem klenge Boni vun 810.000 Euro géifen ofschléissen. Mir sinn da gespaant, ob dat antrëtt.

An hirer Budgetsried betreffend d'Budgetsvirlag vun 2022 ass d'Madamm Buergermeeschter, als Responsabel vun de Finanzen, fir d'éischt op déi aktuell Situatioun um Finanzmaart agaangen. Si huet sech och op den Exposé vum Ekonomist baséiert, mat enger héijer Inflatioun bedéngt duerch d'Präisdeierecht als Suite vun der Corona-Epidemie. Speziell d'Präisser vun de Matières premières sinn an d'Luucht gaangen a wäerten à court terme zu enger Präisdeierecht op eise Projete féieren.

Och wäert d'Konsequenz vun der Inflatioun onweigerlech zu enger Erhéijung vun den Zënse féieren. Wat Auswierkungen op de Budget ordinaire wäert hunn.

Am selwechte Kontext sinn och déi steigend Energiepräisser genannt ginn. Et huet geheescht, dass de PPF, de Plan pluriannuel des finances, och nach Fënnefjoresplang genannt, ab elo géif konsequent applizéiert ginn. Dësen Outil besteet op Gemengenniveau schonn eng Partie Joren. Mir froen eis, wat da bis elo geschitt ass. Wor dëse Plang da bis elo vläicht nëmmen eng Alibi-Funktioun?

Well et ass drop higewise ginn, dass am Budget ordinaire d'Depensë géife permanent steigen an d'Schéier tëschent de Recetten an den Depensen ëmmer méi zesummeginn, wéi mer och unhand vu Grafike kënne gesinn.

Als eenzeg Konsequenz heiraus, hutt Dir, Madamm Buergermeeschter, d'Konklusioun gezunn, dass déi Investitioune missen drastesch an direkt limitéiert ginn. Vu Pisten, wéi een zum Beispill d'Depenses ordinaires am Budget an de Grëff kritt, ass net geschwat ginn oder net vill op d'mannst.

Et gëtt och Alternativen zu Ärer Approche a Recommandatiounen, déi onbedéngt drop hiweisen, eng antizyklesch Investitiounspolitik ze maachen, fir op dës Manéier d'Confiance an de Marché ze halen. Anerer schwätze bei der Deierecht vun de Matières premières vun engem Enkpass vun de Stocken, coronabedéngt. An dass sech dës Situatioun erëm wäert berouegen. Mir stellen zurzäit zum Beispill jo erëm eng Baisse vun de Spritpräisser fest. De Gaspräis muss nach nozéien.

Doniewent annoncéiert de Statec en aussergewéinlech héije Wirtschaftswuesstem, dee sech op d'Staatsfinanze wéi och op d'Dotatioun fir d'Gemenge sécherlech wäert auswierken.

Theema Explosioun vun den Depensen. Ech hu mer d'Méi gemaach a gekuckt, a wat fir engem Mooss d'Depensë wärend fënnef Joer vun där aktueller déi gréng/CSV-Majoritéit an d'Luucht gaange sinn. Wann een do kuckt, da gesäit een am Budget fin 2017 en Niveau vu ronn 65 Milliounen Euro. Am Budget initial 2022, also dësem Budget, fanne mer ënner Depensen 105,7 Milliounen Euro. Dat ass eng Augmentatioun vu 40,6 Millioune respektiv 62,3 % vun 2018 bis haut,

*proviennent d'une augmentation unique de la dotation de l'État.*

*Les dépenses se montent à 105 784 000 €, c'est-à-dire 7,7 millions d'euros de plus qu'en 2021. Cela se traduit par un boni de 33 millions d'euros.*

*Les investissements sont conséquents, mais une partie des dépenses concernent des préfinancements. Le mali est estimé à 56 millions d'euros et sera compensé par le boni ordinaire de 2022 et de 2021. Le boni total devrait donc se monter à 810 000 €.*

*Lors de la présentation du budget, la bourgmestre a parlé de la situation financière en se basant sur l'exposé de l'économiste. Le prix des matières premières a augmenté et avec lui, celui des projets. L'inflation va aussi entrainer une adaptation des intérêts avec des conséquences sur le budget ordinaire.*

*Le plan pluriannuel des finances sera appliqué de manière plus conséquente. Il existe depuis plusieurs années, mais jusqu'ici, il semble n'avoir servi que comme alibi.*

*Les dépenses ordinaires augmentent constamment et la fourchette avec les recettes ordinaires s'élargit. La bourgmestre a expliqué qu'il faudra donc réduire les investissements. Mais il n'a pas été question de maitriser les dépenses ordinaires. Par ailleurs, les économistes recommandent une politique d'investissements anticyclique. D'autres prédisent que l'augmentation du prix des matières premières ne durera pas. Le prix de l'essence est en train de baisser. Le Statec parle d'une croissance économique exceptionnelle.*

*Pour ce qui est des dépenses, Erny Muller a analysé leur augmentation au cours des cinq dernières années. Elles se chiffraient à 65 millions d'euros en 2017 et à 105,7 millions d'euros dans le budget initial de 2022. Il s'agit donc d'une augmentation de 40,6 millions d'euros ou 62,3 % entre 2018 et 2022.*

*De leur côté, les revenus ont crû à hauteur de 71 millions d'euros grâce à la réforme du financement des communes dont Differdange a bien profité.*

*Une tranche d'indice représente une augmentation des frais de per-*

*sonnel de 3,5 millions d'euros. Pour offrir un service de qualité à une population sans cesse croissante, il faut investir. Avec 770 collaborateurs, la commune est un des plus grands employeurs de la ville. L'endettement par tête d'habitant est estimé à 1850 € en 2022. C'est un résultat excellent.*
*La bourgmestre a expliqué que les investissements dans le CID et les campus scolaires ne permettront pas de réaliser de grands projets jusqu'en 2027. Erny Muller voudrait savoir à combien elle estime l'endettement maximal possible par tête d'habitant.*
*Monsieur Ulveling a parlé de l'utile et du nécessaire, mais Erny Muller n'est pas d'accord avec les priorités fixées. Il rappelle que quand il était échevin aux bâtisses, il a réalisé le centre sportif de Niederkorn et l'agrandissement de l'école Saint-Pierre en dépensant 50 % de moins que les autres communes. Après tout, on ne peut pas construire une villa si on a l'argent pour une maison seulement.*
*Pour Erny Muller, il aurait fallu essayer de réaliser le CID pour cinquante-millions d'euros. Cela aurait permis d'économiser vingt-millions d'euros à investir dans d'autres projets. La commune aurait aussi pu chercher des investisseurs privés comme pour le parc de stationnement de la Grand-rue, qui ouvrira en 2022. Certains projets pourraient être réalisés avec le soutien des communes voisines ou de la région comme le stade d'athlétisme. Il faut aussi exploiter au maximum les subventions de l'État.*
*La même chose est vraie pour le budget ordinaire. Le Diffbus et le bus sur appel coutent deux-millions d'euros. Pour le Diffbus, la commune ne touchait pas de subside parce qu'il était gratuit. Mais désormais, tous les transports en commun le sont. Le collège échevinal devrait se montrer plus actif avec son ministre. Par ailleurs, supprimer la ligne 4 permettrait d'économiser 400 000 € par exercice.*
*Esch2022 a entrainé une augmentation des dépenses ordinaires de l'ordre de 1,8 million d'euros. Erny Muller espère que les projets seront durables.*

also 2022 natierlech inclus. Fënnef Joer!

Am selwechten Zäitraum konnt Dir vu Méieinnamen, bedéngt duerch d'Gemengefinanzreform, vun am Ganzen 71 Milliounen Euro profitéieren. Duerch d'Gemengefinanzreform, wou d'Gemeng Déifferdeng wierklech vill besser ewechkomm ass wéi viru fënnef Joer.

Et ass och dovu geschwat ginn, dass eng Indextranche um Niveau vun de Gemengepersonalkäschte géif 3,5 Milliounen Euro ausmaachen. An dat ass viraussiichtlech och fir 2022 de Fall.

Eng Gemeng ass, wéi Dir richteg gesot hutt, Madamm Buergermeeschter, en Déngschtleeschtungsbetrib an e gudde Service fir eis Bierger bei enger rapid usteigender Awunnerzuel a kascht och eppes. Mat ronn 770 Beschäftegten ass d'Gemeng ee mat deene gréissten Arbeitgeber hei zu Déifferdeng.

Fir Enn 2022 gëtt mat enger effektiver Verscholdung vun 1.850 Euro pro Kapp gerechent, bei enger ze erwaardender Awunnerzuel vun 28.500 Awunner. Wat en extreem gudde Wäert ass an nach vill Sputt no Uewe léisst.

Dir hutt ugekënnegt, Madamm Buergermeeschter, dass d'Invester betreffend de CID an déi verschidde Schoulinfrastrukture keng weider zousätzlech gréisser Investitioune bis 2027 erméiglechen. Mir wollten dofir vun Iech wëssen, wéi héich Dir de Montant vun der Pro-Kapp-Verschëldung, Ärer Meenung no, aschätzt? Där méiglecher Pro-Kapp-Verschëldung fir eise Budget an den Equiliber, fir eis kënnen nach weider ze entwéckelen. Also wéi héich, Ärer Meenung no, däerf d'Pro-Kapp-Verscholdung sinn an deene kommende Budgeten? Eng maximal Pro-Kapp-Verschëldung!

Den Här Ulveling huet eis gesot, de Slogan „L'utile et le nécessaire" soll gëllen. Woubäi sécherlech d'Meenunge betreffend de Prioritéiten zwëschent Iech an eis auserneeleien. Mir wëssen alleguer, dass d'Projeten ëmmer méi deier ginn, an dass mer horrend Honoraireskäschten hunn.

Et ass gesot ginn, dass wa mer mat der Approche vum Schäfferot, fir am Ganze véier Projeten definitiv ze begruewen, net d'accord sinn, da solle mer soen, wat soll anescht gemaach ginn oder wéi mir géife virgoen. Dorop wëll ech gären agoen.

Eppes steet fest: Et muss een, ier iwwerhaapt e Projet ugefaange gëtt, soen, wat dësen däerf kaschten. Och am Private kann net jiddwereen eng Villa bauen, wa säi Budget nëmmen en Eefamilljenhaus zouléisst. An der vireger Majoritéit hunn ech als Bauteschäffen zwee Projeten esou ausgefouert. An zwar d'Sportshal zu Nidderkuer an den Ausbau vun der St.-Pierre-Schoul. Mam Resultat: 50 % méi bëlleg, wann ee mat anere Gemenge vergläicht.

Selwechte Programm: Beim neie CID ass mol net gekuckt ginn, ob een dëse fir 50 Milliounen Euro hätt kënne realiséieren. Fir déi 20 Milliounen, déi et elo méi kascht – wann et dann domadder duergeet –, hätt een och nach aner Projete kënne maachen.

Da gëtt et nach d'Méiglechkeet, fir sech Partner als Investisseuren ze huelen. Ass zum Beispill mam Parkhaus Lithopark an der Grousssstrooss geschitt, mat 135 Stellplazen. Dëst Parkhaus wäert am Laf vun 2022 seng Dieren opmaachen.

Och kënne Projete regional respektiv gemengeniwwergräifend realiséiert ginn. Wat och zu Erspuernisser féiert. Stéchwuert Liichtathletikstadion, mir kommen nach drop zréck. An net zulescht muss versicht ginn, d'staatlech Hëllefe sou wäit wéi méiglech auszereizen.

Wat am extraordinären zielt, gëllt natierlech och fir den ordinäre Budget. Ech wëll nëmmen ee Posten erwänen. Dee vum Diffbus a Ruffbus. Käschtepunkt annähernd zwou Milliounen Euro. Et huet ëmmer geheescht, mir géife kee Subsid kréien. Ëmmerhin hätten dat kënne 50 %, gläich eng Millioun Euro sinn, well den Diffbus gratis ass. Dëst Argument ass awer elo net méi gëlteg, well jo den ëffentlechen Transport iwwerall gratis ass. Ausser dem Dinola zu Déifferdeng. Hei erwaarde mer vum grénge Schäfferot méi Aktivismus bei hirem Minister.

Och waarde mir nach ëmmer op d'Konklusioune vun der Etüd iwwert den Diffbus. D'Aspuere vun enger

Linn – mir denken d'Linn 4, zum Beispill –, géif eis en Erspuernis vu 400.000 Euro pro Exercice bréngen.

Ech hat scho gesot, dass och de Budget ordinaire punkto Aspuerunge muss op de Leescht geholl ginn. Fir 2022 ass en zousätzlech mat 1,8 Milliounen Euro belaascht duerch Esch2022. Eng eemoleg Aktioun. Wou mir hoffen, dass se nohalteg wäert sinn an den néidege Succès fir eis Stad wäert hunn.

Ech kéim zu der Analys an de Kommentaren zum Budget extraordinaire.

Et gi ronn 113 Milliounen Euro investéiert. Ech ka leider net op all d'Erklärunge vum Här Liesch agoen. Ech wäert versichen, déi eng oder déi aner Zousazerklärung oder Fro hei ofzeginn.

D'Ukënnegung, fir den Ausbau vun der Gemengeverwaltung, e Projet vun 30 Milliounen Euro, dee scho komplett ausgeschafft an am Gemengerot gestëmmt ass – jo, souguer d'Beem ronderëm d'Stadhaus si schonn all gekäppt ginn –, definitiv falenzeloossen ass e staarkt Stéck. A contrairement zu der Madamm Buergermeeschter, déi gemengt huet, dat wär couragéiert a responsabel agéiert, ass eis Meenung derzou, dass dëst en eemolege Virgang um Niveau vun de Gemenge landeswäit duerstellt an zeugt net wierklech vun enger kompetenter Gestioun.

D'LSAP huet mat der Annulatioun vun dësem komplett verfeelte Projet, nämlech eng Konzentratioun vun der gesamter Administratioun op enger eenzeger Plaz, direkt ugebaut un d'aktuellt Hôtel de Ville, wou nëmme Parkplaze fir de Schäfferot ageplangt waren, a keng fir d'Visiteuren, eis Biergerinnen a Bierger, an och keng fir d'Gemengepersonal, kee Problem.

Mir kënnen eis awer nëmme wonneren iwwert d'Aussoe vum Här Liesch, dass dëse Projet vläicht net direkt néideg wär. Ech kommen nach dorop zréck.

D'LSAP huet als eenzeg Partei géint dëse Projet gestëmmt gehat. Mir hätten awer heizou nach follgend Froen un de Schäfferot – an Dir hutt eis am Fong schonn eng beäntwert: Wat huet d'Ausschaffe vun den definitive Pläng fir dëse Projet bis elo kascht? Dat géife mer gär wëssen. Wéi vill Depensen hu mer gemaach? Well mir ginn dovun aus, dee gëtt definitiv gestrach op där Plaz.

Mir gesinn do kee Sënn do op där Plaz. Oder da mussen op jidde Fall virdrun nach ganz aner Saache geschéien. Ech schwätze vum Parking!

Zweetens: Ass elo op eemol kee Besoin méi fir zousätzlech Büroen, wann hie seet, de Projet wär guer net néideg gewiescht. Dat ass eis Fro. Well dat wär jo nach méi e grousse Hummer. Gläichzäiteg spillt den Här Ulveling mam Gedanken, fir d'Gebai vum Medico-social ze verkafen. Wou mer jo och eng ganz Partie Servicer dran hunn.

En zweete Projet, deen definitiv falegelooss gëtt – dat ass jo elo relativéiert gi vum Här Liesch, mee ech sinn dervun ausgaang, deen ass falegelooss ginn –, ass dee vun der Erneierung vun der Place Nelson Mandela. Der Plaz, wou déi fréier Déifferdenger Kierch drop stoung.

Ech hat selwer d'Éier, dëse Projet iwwer en Architekteconcours ze begleeden. Och eng Biergerbedeelegung hate mer gemaach am Kader vun engem Workshop. En interessante Projet, deen derzou bäigedroen hätt, dës Plaz nieft deem Ale Stadhaus ze valoriséieren, opbauend op dräi Pilieren: engem Parkhaus fir 130 Autoen ënner der Plaz, enger kombinéierter Schoul/Maison relais mat am Ënnergeschoss Archive fir d'Gemeng – och ganz wichteg – an de Bau vun enger Kiche mat Restaurant op der Plaz, wou elo déi baufälleg Garagë sinn, geleeën un der Rue St. Nicolas an dem Ausbau vun der aler Haushaltungsschoul op dëser Plaz.

Eis Bemierkungen a Froen heizou. Et huet ëmmer geheescht, mir missten dréngend eng nei Kichen am Zentrum bauen, well déi an der fréierer Haushaltungsschoul hanner dem Schoulcampus net méi konform wier an et géif och u Schoulraum am Zentrum feelen. Dofir versti mir net, dass Dir dëse Projet komplett falegelooss hutt. Op d'mannst den Deel betreffend d'Schoulen hätt hei kënne gebaut ginn. A wat de Parking souterrain ubelaangt, esou hätt ee kënnen e privaten Investor mat an d'Boot huelen.

*La Ville de Differdange va investir 113 millions d'euros. Erny Muller ne va pas revenir sur toutes les remarques de monsieur Liesch.*
*Il trouve inadmissible de laisser tomber le projet d'agrandissement de l'hôtel de ville pour trente-millions d'euros alors que les plans sont prêts et que même les arbres ont été abattus. Contrairement à la bourgmestre, il ne trouve pas cette décision courageuse. Pour lui, elle dénote d'une incompétence unique dans le pays. Ce n'est pas que les socialistes soient contraires à l'annulation d'un projet qui était de toute façon raté. Mais Erny Muller trouve la remarque de monsieur Liesch, pour lequel ce projet n'est pas nécessaire, inacceptable.*
*Le LSAP était le seul parti à avoir voté contre ce projet. Combien la réalisation des plans a-t-elle couté ? À combien se montent les dépenses ?*
*Le besoin en bureaux supplémentaires a-t-il subitement disparu ? Ce serait encore plus incroyable. En plus, monsieur Ulveling réfléchit à la vente du centre médicosocial, où se trouvent aussi des services communaux.*
*La rénovation de la place Nelson-Mandela a aussi été abandonnée. Il s'agit de la place où se trouvait l'église. Erny Muller a accompagné le concours d'architectes. Le projet aurait permis de valoriser le site avec un parking de 130 places, une école-maison relais et une cuisine à l'endroit où se trouvent les garages en ruine jouxtant la rue Saint-Nicolas.*
*Erny Muller rappelle que le collège échevinal a toujours expliqué qu'une nouvelle cuisine était absolument nécessaire, car celle de l'ancienne école ménagère n'est plus conforme. Il a aussi dit qu'il fallait de nouvelles salles de classe. Le collège échevinal n'aurait-il pas pu réaliser au moins la partie du projet concernant l'école ? Pour le parking, la commune aurait pu collaborer avec un partenaire privé. L'agrandissement de l'ancienne école ménagère était intéressant. Erny Muller ne comprend pas comment ce projet a pu être abandonné alors qu'il faut des salles de classe dans le centre-ville.*

*Le projet du stade d'athlétisme régional a aussi été abandonné alors qu'avec la participation de quatre communes, les dépenses n'auraient pas été excessives. Par ailleurs, qu'en est-il du parking de 300 places qui aurait dû être construit sous le stade ? Le quartier étant écologique, il aurait été logique d'interdire aux voitures d'y circuler.*
*Le collège échevinal ne va pas non plus construire le parking du Haneboesch de 300 places. Pourtant, cela n'aurait pas couté trop cher. Sur les routes, le chaos règne déjà et le site va être agrandi avec le CID. Le collège échevinal pense-t-il vraiment qu'il ne faut pas de parking ? Après les élections, le collège échevinal a aussi laissé tomber le parking du contournement même s'il figure à nouveau dans le budget.*
*En 2022, la commune va investir 113 millions d'euros. Dix-millions d'euros sont prévus pour préfinancer le commissariat et dix-millions d'euros pour préfinancer l'EIDE.*
*Le projet Gravity a été lancé par le collège échevinal précédent, dont le LSAP faisait partie. Erny Muller s'est personnellement investi dans ce projet. De longues discussions ont eu lieu. Finalement, la commune a eu raison de prendre cette décision, car elle est importante pour la population et pour le développement de la ville.*
*Le budget 2022 prévoit 17,9 millions d'euros pour les 80 logements et les 50 studios. La revente des appartements devrait rapporter 6,7 millions d'euros. La commune va aussi toucher un subside de l'État à hauteur de huit-millions d'euros et dispose aussi d'une promesse de vingt-millions d'euros supplémentaires — sans compter les studios. Un subside à hauteur de 75 % des couts totaux représenterait quelque 40 millions d'euros. Or le collège échevinal estime le subside à 28 millions d'euros. Pourquoi cette différence ?*
*Pour Erny Muller, chez les écologistes, il ne reste plus grand-chose de l'atmosphère de renouveau de 2017. La bourgmestre a expliqué qu'il fallait agir et non réagir. Or ce budget est marqué par la panique du collège échevinal et une réaction sans perspectives.*

Ech hu fonnt, dass en Ausbau vun der aler Haushaltungsschoul e ganz interessante Projet ass, mat deem Restaurant op der Plaz fir eis Kanner. Et war e kombinéierte Maison relais/Schoul-Projet. A fir dat einfach esou falenzeloossen, dat liicht mer net an. Zemools wann ech da gläichzäiteg weess, dass mer am Zentrum dréngend Schoulraum brauchen.

Drëttens: De Projet vum Liichtathleetikstadion, deen Der och definitiv gestrach hutt. E regionale Projet, wou mer duerch d'Participatioun vun am Ganze véier Gemengen, de Gemengebudget net ze vill belaascht hätten. Zousätzlech – an do ginn ech speziell drop an: Am Quartier, deen deelweis autofräi soll ginn – ech menge souguer, datt et kéint komplett autofräi ginn, als ekologesche Quartier – sollt jo e Parking ënner dem Liichtathleetikterrain fir 300 Gefierer optimal-flächennotzend entstoen. Den Här Bertinelli wäert nach op dëse Projet, am Kader vum Sport, agoen.

Véiertens: Ech wëll drop hiweisen, dass Der zu Nidderkuer am Haneboesch dat Parkhaus fir 300 Plazen och net baut. Hei brauche mir wierklech kee Prunk-, mee en Zweckbau. Net ze deier. Ass de Schäfferot wierklech der Meenung, dass op dëser Plaz, wou elo schonn dagdeeglech komplette Chaos herrscht an de Zoning weiderentwéckelt gëtt an de CID nach dohikënnt, keen zousätzleche Parkraum gebraucht gëtt? Kann d'Mobilitéitsschäffin eis heizou eng Erklärung ginn?

Ech erënneren de Schäfferot drun, dass Der de Projet vum Parkhaus um Contournement direkt no de Wale falegelooss hat, well Der en anere Projet wollt maachen. Ech hat Iech virdru gewarnt. Elo, nodeems onnëtz véier Jore vergaange sinn, komme mer erëm op dëse Projet am Budget zréck.

Ech kommen dann zu de Projeten, déi am Budget 2022 zréckbehale gi sinn. Wéi scho gesot, ass dat eng Gesamtzomm vu ronn 113 Milliounen Euro. Déi gréisser Projete sinn: zéng Milliounen Euro Konstruktioun vun deem neie Police-Gebai, wou mer jo zéng Milliounen Euro iwwer Préfinancement als Equilibrage kréien. Zéng Milliounen Euro fir d'EIDE, d'École primaire, wat och eng enorm wichteg Institutioun ass, déi sech hei zu Déifferdeng formidabel etabléiert huet a wou mer an dem virege Schäfferot, wou ech och derbäi war a meng Kolleege vun der LSAP, wierklech de Maximum gemaach hunn, fir déi Iddi do ze ënnerstëtzen. An haut gesi mer jo, wat aus där Schoul ginn ass.

Zum Gravity-Tower. Och dat ass ee Projet, deen ugaangen ass ënner dem virege Schäfferot an der Dräierkoalitioun mat der LSAP. Dir erënnert Iech nach drun, ech hat un deem Concours vill Stonne verbruecht. An Dir erënnert Iech och wierklech drun, dass mer am Gemengerot grouss Diskussiounen haten, ob een da sollt op deen dote Wee goen oder ob een net sollt de fréieren Hadir-Tower restauréieren.

Do gesitt Der awer, dass mer déi richteg Decisioun deemools geholl haten an d'Basis geluecht hate fir dee Projet an déi Entwécklung. Wat wierklech eng formidabel Entwécklung haut fir eis Stad a fir eis Populatioun, fir d'Leit allgemeng, ass, duerch de Wunnraum, dee geschaf gouf.

Dat eenzeg, wat ech ze soen hunn, et si 17,9 Milliounen Euro am Budget dëst Joer, déi do drafléisse fir déi 80 Logementer a 50 Studioe Coliving. An dann hunn ech awer gesinn, dass 6,7 Milliounen Euro Revente appartements virgesinn ass. Vläicht ass dat och net déi ganz Zomm. A nee, dat sinn d'Erklärungen. An aacht Milliounen Euro solle mer fir dëst Joer als Subsid vum Staat kréien. 19,8 Milliounen Euro, also ronn 20 Milliounen Euro hu mer Promesse. Do sinn awer déi 50 Studioen net dran. A wa mer elo awer déi 75 % huele vun deenen 53 Milliounen Euro, déi mer gesamt ausginn – mir recuperéiere selbstverständlech en Deel iwwer Venten –, da géif dat awer 40 Milliounen Euro ausmaachen. Géintiwwer elo 28 Milliounen Euro, déi ech direkt gesinn als Subsid.

Kéinte mer vläicht dozou nach e puer Erklärunge kréien? Oder feelen do nach Detailer an deem Calcul Subsid par rapport, zu den engagéierte Käschten?

Nächste Projet, op der rietser Säit, wou jo schonn Entwécklung vu Wunnraum war.

Da kéim ech schonn zu de Konklusiounen, well meng Zäit ass bal eriwwer. Loosst mech nach just zwee Sätz soen. Vun der Opbrochstëmmung no de Walen 2017 a speziell bei deene Gréngen, ass net méi vill iwwregbliwwen. D'Madamm Buergermeeschter huet eis vun engem Agéieren an net Reagéiere geschwat. Eiser Meenung no ass dëse Budget éischter gepräägt vun ze wéineg Agéieren an engem panikaartege Konzept a perspektivlosem Reagéieren.

Ech hunn eis Positioun erkläert. Meng dräi Kolleege wäerten och nach op verschidde Punkten agoen.

D'LSAP wäert dem Budget rectifié 2021 an dem Budget initial 2022 net zoustëmmen. Sou vill kann ech scho soen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Iech och e Merci, fir sech un d'Zäit gehalen ze hunn. Dann den Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Madamm Buergermeeschtesch, léif alleguer, am Numm vun der Déifferdenger CSV wëll ech virop all eise Servicer an de Leit, déi un dësem vasten Dossier zum Budget matgewierkt hunn, Merci soen. Wëll dann och fir eis Partei Stellung zu de virleiende proposéierte Gemengefinanzen huelen.

De Budget ass e ganz wichtegen Exercice. Nieft dem grousse Volume, deen eng Stad wéi Déifferdeng zur Verfügung huet, ass et vital fir eng Gemeng an déi richteg Saachen ze investéieren. Et kann ee jo net alles maachen.

Grad an enger Zäit, wéi elo, wou d'Recettë manner prächteg sinn, wéi virun der Pandemie erwaart, spillt de Budget eng grouss Bedeitung, well een dowéinst nach méi cibléiert Prioritéite setze muss a leider net alles esou ka verwierkleche wéi gewënscht oder wéi nach virun e puer Joer geplangt.

Konnt ee soss vu Joer zu Joer vun enger konstanter Hausse vun de Recetten ausgoen an deementspriechend, wat ee fir ausseruerdentleche Projeten zur Verfügung hat, sou ass dëst am Moment net ginn. Au contraire! Eleng 2020 sinn d'Recettë vun den erwaarten 212 Milliounen Euro op 175 Milliounen Euro agebrach. Am Budget rectifié vun 2021 sti Gesamtrecettë vu ronn 203 Milliounen Euro. Fir de Budget vun 2022 sinn nees Gesamtrecettë vun 195 Milliounen Euro virgesinn.

Dobäi ass dëse Montant nach mat zéng Milliounen, duerch d'Opléise vun engem staatleche Fong säitens der Regierung, gepusht. Dës Hëllef ass awer richteg esou, well d'Gemengen dës Suen elo brauchen. Dës Moossnam ass och just eemoleg méiglech. Et muss een hoffen, datt et d'nächst Joer nees insgesamt besser gëtt, nieft dem Finanziellen, och gesondheetlech a sozial. Well dat hänkt jo och alles zesummen.

Noutfalls soll een dann och eng Schold kënnen ophuelen. Well nieft den ze verwierklechte Projeten, ass et jo an dëser Zäit och wichteg ze investéieren, fir d'Wirtschaft unzekuerbelen. Et däerf ee sech awer net iwwerhuelen. Also net iwwerschëlden. Well soss – och wann d'Zënsen am Moment niddreg sinn –, nieft den Zënse bezilt een da mam Remboursement déi kommend Joren esou vill un d'Banken zréck, soudatt d'Ausgaben am ordinäre Budget géifen immens zouhuelen, datt quasi näischt méi iwwreg bléif, fir an den extraordinäre Budget eriwwerzehuelen. Wat da géif bedeiten, datt eng Gemeng kaum méi Gestaltungsméiglechkeeten hätt a just nach géif fonctionéieren.

Dofir muss een all Joer déi richteg Balance fannen. Et wëll ee jo der nächster Generatioun vill Infrastrukturen a Servicer hannerloossen an net eng héich Schold. En plus, wéi d'Finanzkommissioun an hirem Avis richteg bemierkt huet, kënnen d'Zënsen och nees séier changéieren a klammen. Besonnesch, wann d'Schold ze héich ass.

Wichteg deemno fir dës ugeschwate Balance, ass dofir net nëmmen dëse Budget ze kucken, wéi vun ons ëmmer gefuerdert, mee och e Fënnefjoresplang mat dobäi ze erstellen. Well wat am Budget vläicht e bësse speziell ass dat ass, datt d'Projete just mat deem Montant am Budget vum jeeweilege Joer stinn, déi an deem Joer gebraucht ginn. Also keng komplett Iwwersiicht ginn.

*Erny Muller annonce que les socialistes n'approuveront ni le budget rectifié de 2021 ni le budget initial de 2022.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *remercie en premier lieu tous les services qui ont participé à l'élaboration de ce document volumineux. Il va prendre position au nom du CSV.*

*Bien entendu, une ville comme Differdange dispose d'un vaste budget. Mais encore faut-il l'investir correctement. Un collège échevinal ne peut pas tout faire. Les recettes ont baissé avec la pandémie et il est donc nécessaire de bien cibler les priorités.*

*La situation n'est plus la même qu'il y a quelques années. À l'époque, les recettes augmentaient de manière constante et pouvaient être réinvesties dans l'extraordinaire. Mais en 2020, la commune a touché 175 millions d'euros au lieu des 212 millions d'euros prévus. Les recettes totales de 2021 se montent à 203 millions d'euros. Celles de 2022 sont estimées à 195 millions d'euros, et ce, avec une aide unique de dix-millions d'euros de la part de l'État. Il faut espérer que l'année prochaine sera meilleure.*

*Jerry Hartung n'est pas contraire à un emprunt, car il faut continuer à investir pour soutenir l'économie. Mais il ne faut pas tomber dans le surendettement avec des taux d'intérêt qui pourraient augmenter au cours des prochaines années. Autrement, la commune se retrouverait dans une situation où elle continuerait de fonctionner, mais sans pouvoir investir ultérieurement. L'objectif est d'offrir aux prochaines générations des infrastructures et des services, pas des dettes.*

*Pour atteindre un équilibre, il ne faut pas se concentrer uniquement sur le budget, mais aussi sur le plan pluriannuel. Car le budget ne comprend que les montants dépensés au cours d'une année. Or les grands projets de construction sont réalisés sur plusieurs années. Il faut tenir compte de ces dépenses, car la commune ne peut pas stopper un chantier parce qu'elle n'a plus d'argent.*

*Le plan pluriannuel offre un aperçu du développement de la situation financière et permet de prendre les bonnes décisions. Le collège échevinal n'a pas contracté d'emprunt en 2021 et ne le fera pas non plus en 2022. Mais il est évident qu'un emprunt va devenir nécessaire en 2023 ou 2024 avec des projets comme l'école du Bock, l'école de Niederkorn, le CID, Gravity… Sans le plan pluriannuel, le collège échevinal aurait peut-être lancé de nouveaux projets avec comme conséquence le surendettement.*
*Pour les chrétiens sociaux, le budget de 2022 est équilibré. Certes, d'autres partis auraient donné la priorité à d'autres projets et c'est leur droit de le dire. Mais le collège échevinal continue à investir malgré la baisse des moyens. Jerry Hartung mentionne le logement, le volet social, les écoles, l'encadrement des enfants, les séniors, la circulation, le temps libre, le sport, la culture, les services techniques, la sécurité, l'environnement, l'économie, la numérisation… Tous ces projets sont importants pour faire avancer Differdange et rendre la ville intéressante.*
*Par ailleurs, une commune peut apporter des améliorations sans que cela coute cher.*
*Les dépenses ordinaires se montent à 106 millions d'euros. Elles ne peuvent être maitrisées qu'à long terme. C'est pourquoi il faut prévoir à l'avance. Le gros de ces dépenses est incompressible. Par exemple les salaires, le chauffage des bâtiments ou le matériel pour les services. Avec l'augmentation des prix et l'indice, ces dépenses croissent de 7,5 millions d'euros. D'autres dépenses concernent des services importants comme le matériel pour les écoles, les excursions scolaires, le soutien à l'office social, le CIGL, l'allocation de vie chère… À la fin, il reste un boni de 33 millions d'euros qui s'ajoutent aux recettes extraordinaires de 57 millions d'euros. Ces sommes offrent une bonne marge de manœuvre à la ville.*
*Jerry Hartung y ajoute encore l'excédent de 24 millions d'euros de 2021. En effet, à cause de la pandémie, tous les projets n'ont pas pu être réalisés. L'impôt commercial et*

Wa mer awer vu gréissere Baute schwätzen, där mer der jo vill hunn!, déi een zum Beispill haut wëll ufänken, da stinn dës just mat engem klengen Deel am kommende Budget. Awer déi Joren duerno, wann d'Projeten an d'Haaptphas vum Bau kommen, da falen deementspriechend och héich Ausgaben un.

An am Laf vun engem Bau kann ee jo net einfach stoppen, wann een ze spéit mierkt, datt een et net méi kéint finanzéieren.

E Fënnefjoresplang ass ee ganz wichtegen Outil, well een domat iwwert d'Gesamtsituatioun vun de Gemengefinanzen an hirer Entwécklung den Iwwerbléck huet a besser a richteg Decisiounen huele kann. Effektiv hu mer weeder fir 2021 nach fir 2022 am Dossier eng Schold stoen. Dat ass jo ganz gutt, esou gesinn.

Mat grousse Projete wéi der Bock-Schoul, der Schoul zu Nidderkuer, dem neie CID, dem wichtege Projet Gravity a villen aneren huet d'Gemeng weider vill wëlles. Wann een awer den Ausbléck op déi nächst Joren hëlt, gesäit ee kloer, datt schonn eleng dës Projeten, déi mer elo uginn oder lafen, mat sech bréngen, datt mer fir d'Joren 2023 voir 2024 eng iwwerschaubar nei Schold wäerte mussen ophuele fir dës Projeten an hirer Haaptphas an am Ofschloss ze bezuelen. Doduerch, datt d'Recetten net esou üppeg si wéi ouni d'Pandemie.

Ouni dëst Wëssen hätt ee soss kënne soen: Ma da gi mer nach deen een oder deen anere Projet elo weider un. Mee an zwee Joer géif d'Gemeng da virun engem Scholdebierg stoen.

Ech hunn elo am Virfeld vill vun der Balance geschwat, déi ee muss fannen. Fir d'CSV ass mam Budget, deen hei virläit, dës Balance gutt fonnt ginn. Jo, deen een oder aneren hätt vläicht deen ee Projet engem anere virgezunn. Dat ass jiddwer eenzelnen oder Partei säi gutt Recht elo hei ze bemierken.

Dëse Buergermeeschter- a Schäfferot setzt, obwuel d'Moyene pandemiebedéngt méi kleng ausfalen, awer wichteg Akzenter. Notamment am Sozial- an am Wunnengsbau. Awer och wichteg Investissementer an eis Schoulen, an der Kannerbetreiung, am Beräich vun de Senioren, am Verkéier, an der Fräizäit, am Sport, an der Kultur, den technesche Servicer, der Sécherheet, der Ëmwelt, der lokaler Ekonomie a virun allem net ze vergiessen der Digitalisatioun ëmgesat.

Kuerz gesot: D'Gemeng entwéckelt sech an alle Beräicher weider. All dëse Projet si wichteg, fir Déifferdeng no vir ze bréngen an d'Stad als interessante Standuert op der Landkaart ze ënnermaueren.

Et soll ee sech och virun Aen halen, datt een dës Weidere vill wichteg Offeren oder Verbesserunge ka verwierklechen, déi net ëmmer vill finanziell Mëttele brauchen.

Komme mer bei d'Zuelen. D'Dépenses ordinaires queesch duerch déi verschidde Beräicher a Servicer belafe sech op ronn 106 Milliounen Euro. Hei ass, wéi scho richteg ugeschwat, Wäitsiicht gefrot. Dës Poste kann ee just à long terme steieren. Dofir ass et wichteg, déi am A ze behalen.

De Gros vun dësen Ausgaben ass incompressibel. Zum Beispill d'Paien oder d'Hëtzen an den Ënnerhalt vun eise Gebaier, d'Brennes fir d'Gefierer, d'Material, fir datt ënner anerem eis Servicer fonctionéieren.

Duerch d'Präisdeierecht respektiv dem Index gounge vill vun dësen Ausgabe quasi mechanesch ëm 7,5 Milliounen Euro erop. Hei sinn awer och reegelméisseg Offeren opgefouert, déi mer eise Bierger bidden a wou mir wëllen dru festhalen.

Zum Beispill bei der Schoul. D'Ausgabe fir d'didaktescht Material, d'Ausflich, d'Bicher an d'Hefter fir eis Schoulkanner wéi awer och d'Ënnerstëtzung vum Office social, d'Projete vum CIGL, d'Allocation de solidarité a sou weider.

Alles dat ofgezunn, bleiwen deemno nach ronn 33 Milliounen Euro, déi aus dem ordinären an den extraordinäre Budget dëst Joer eriwwerginn, wou dann nach ronn 57 Milliounen Euro u Recettë bäikommen. Woumat mer als Gemeng nach eng respektabel Marge de manoeuvre fir wichteg Projete fir d'Entwécklung vun der Stad hunn.

Dozou komme weider ronn 24 Milliounen Euro vum virege Joer, déi elo an dëse Budget materiwwergeholl ginn, well zum Beispill d'Aarbechte pandemie-bedéngt net all konnte gemaach ginn a verschiddener eeben elo eréischt ëmgesat kënne ginn. Och dee schonn ugeschwaten ICC an d'Dotation de l'État sinn e bësse méi héich ausgefall wéi erwaart.

Da ginn ech op déi verschidden Theemen an. Fänke gäre mam Sozialen un.

A finanziell méi schwierege Momenter gëtt gewéinlech gären am Sozialen zréckgeschraufft oder gespuert. Grad hei ass et awer an esou Momenter wichteg ze hëllefen. Well grad déi Leit a prekäre Situatiounen oft staark ënner esou Krisen oder elo och nach duerch d'Hausse vun den Energiepräisser leiden. Dofir si mer als CSV frou, datt zum Beispill d'Allocation de solidarité considerabel eropgeet. Dëst ass awer just eng punktuell Hëllef. Et brauch dofir natierlech nach aner Projeten, déi u sech ouni Aschränkung wéi déi Jore virdru weiderlafen.

Do hu mer, zum Beispill, de CIGL, den Job Zenter an aner Moossnamen, fir, zum Beispill, d'Leit nees an den Aarbechtsmarché ze integréieren a se mat Begleedung fit fir d'Aarbechtswelt ze maachen.

Fir d'Épicerie sociale iwwerhëlt d'Gemeng zukünfteg de Loyer fir d'Lokalitéiten, fir datt de Projet, vun deem vill Déifferdenger Bierger profitéieren, sécher weiderleeft.

Den Office social, de Projet vun eisem Chancëgläichheetsservice an Déifferdeng, eng Stad hëlleft, lafen normal weider.

Punkto Sécherheet huet d'Gemeng vill präventiv Aarbecht mat hire jeeweilege Servicer ëmgesat. Notamment den neie Projet Streetworkers, dee muss natierlech weiderlafen. Den Här Tempels wäert herno nach méi op de Punkt Sécherheet agoen. Haaptsächlech op de repressiven Deel.

Komme mer elo zur Jugend, wou virop eis véier Jugendhaiser an hir sëllegen Aktivitéiten am Budget stinn. Et gëtt de Projet „Betreit Wunnen", deen zesumme mat der Caritas leeft. Awer och fir jonk Leit ouni Aarbecht bitt d'Gemeng divers Offeren un, fir sech an d'Aarbechtswelt ze integréieren, zum Beispill den Outreach Youth Work.

Fir d'Schüler an d'Studente gëtt et weider Subsiden. D'Jugendkonschtwoch a vill aner Aktivitéiten am Fräizäit- a Sportberäich sinn nees ugeduecht. Nei am Budget ass e Poste fir Formatioune fir Jonker bezüglech d'Participatioun un der sozialer Inklusioun, wou si sech kënne weiderbilden, fir zum Beispill en zertifiéiert Wësse fir déi eng oder aner Studentenaarbecht unzëeegnen.

Op d'Schoul an d'Betreiungsstrukture kommen ech spéider zréck. Elo maachen ech e grousse Sprong. Vun de Jonke bei déi e bësse manner Jonk. Bei de Seniore verhält et sech u sech änlech. D'Projete vum Service Senior Plus, vum Club Senior, dem Ruffbus lafen normal weider. Och déi kuerzfristeg ëmgesaten Hëllef vun der Gemeng fir vulnerabel Leit fir d'Akeef wärend der Pandemie gëtt et nach ëmmer. Och Sports- a Fräizäitaktivitéite si virgesinn. Mir hoffen, datt dann och an noer Zukunft normal Fester nees méiglech sinn.

E grousse Posten am Budget ass d'Schafe vu Wunnengen. Hei ass och d'Schafe vu ville Seniorewunnengen am Budget virgesinn. Awer wéi gesot och abordabele Wunnraum fir jiddwereen. Dat heescht: Schafe vu Wunnméiglechkeeten an ëffentlecher Hand zu abordabele Präisser.

Grad déi héich Präisser an dësem Beräich brénge vill Leit a finanziell Enkpäss, wa se sech dann iwwerhaapt nach eppes um private Marché leeschte kënnen. Dogéint ënnerhëlt dëse Schäfferot immens vill. Nieft vereenzelt méi klenge Logementer, der AIS-K mat ronn 100 Logementer an dem Projet Gravity mat 80 Wunnunitéiten, dem Coliving fir Studente vun der Miami, kënnt elo ee weidere grousse Projet dobäi, mam Kaf vum Gulliver-Tower an der Groussstrooss, wou d'Gemeng 45 Logementer fir Seniorewunnenge keeft.

Finanziell gesinn, ass et eng interessant Affär. Schliisslech ënnerstëtzt de Staat dëse Kaf vun 12,5 Milliounen Euro mat aacht Milliounen Euro.

*la dotation ont par ailleurs été plus élevés que prévu.*

*Jerry Hartung passe au volet social. En temps de crise, on a souvent tendance à réduire les dépenses sociales. Pourtant, les personnes en situation de précarité sont les plus touchées par la hausse des prix. Les chrétiens sociaux saluent l'augmentation de l'allocation de vie chère, même si cela ne suffit pas. Le CIGL et le Jobcenter proposent des mesures pour réintégrer les gens dans le marché primaire de l'emploi.*

*La Ville de Differdange va prendre le loyer de l'épicerie sociale à sa charge pour que ce service puisse se poursuivre.*

*L'office social, le projet du service à l'égalité des chances et Déifferdeng eng Stad hëlleft continueront à fonctionner normalement.*

*En ce qui concerne la sécurité, la commune a réalisé un travail préventif important.*

*Pour ce qui est de la jeunesse, Jerry Hartung mentionne les maisons des jeunes, le projet Betreit Wunnen de Caritas et Outreach Youth Work. Des subsides sont prévus pour les élèves et les étudiants. La Jugendkonschtwoch ainsi que d'autres activités seront reconduites. Des formations sont prévues pour les jeunes dans le domaine de l'inclusion sociale.*

*Jerry Hartung passe aux séniors. Les projets du service Senior Plus, du Club Senior et du bus sur appel se poursuivent normalement. L'aide aux emplettes pour les personnes âgées sera reconduite. Des activités sportives et de loisirs sont également prévues.*

*Le collège échevinal entend créer des logements pour les séniors, mais aussi des logements abordables. Les gens ont de plus en plus de mal à acquérir un bien sur le marché privé. Aux 100 logements de l'AIS-K, aux 80 appartements de Gravity et aux studios pour les étudiants de la Miami University vont s'ajouter les 45 logements pour séniors de la tour Gulliver. D'un point de vue financier, l'affaire est bonne, car l'État versera un subside de 8 millions d'euros pour ce projet qui en coute 12,5. Il reste à décider si Gulliver sera destiné aux séniors uniquement ou si l'on veut prévoir un projet intergé-*

*nérationnel. Il serait dommage de se limiter aux séniors et de constater ensuite que certains logements resteront inoccupés. Et ce, d'autant plus que la Ville de Differdange veut agir contre les logements inoccupés. Jerry Hartung propose de lancer un appel aux séniors au préalable. Car il faut utiliser les logements de manière optimale. Il pense par exemple à des logements pour étudiants ou au projet Betreit Wunnen de Caritas.*

*Le fonds de réserve établi il y a quelques années a été intégré au budget en raison de la situation financière.*

*En ce qui concerne les logements vides, la commune fait la promotion de l'AIS-K. Mais qu'en est-il des surfaces non bâties appartenant à des particuliers ? Ne pourrait-on pas y installer des Tiny Houses ?*

*Il n'y a pas de changements en ce qui concerne l'enseignement et les maisons relais. La commune finance le matériel, les livres et les cahiers. Le montant pour les excursions pédagogiques augmente considérablement.*

*La Ville de Differdange continue à investir dans les salles de classe, car la population croît. Il faut offrir aux enfants de bonnes conditions d'apprentissage formel et non formel.*

*Le prix des travaux dans l'école du Bock se monte à 21 millions d'euros, dont 3,5 millions d'euros dépensés en 2021 et 7,5 millions d'euros prévus pour 2022.*

*À l'école Prince-Henri, la commune va refaire la cour de récréation et l'aire de jeux. La maison relais du Woiwer sera rénovée.*

*La construction de l'école primaire de l'EIDE se poursuit avec dix-millions d'euros en 2022. En tout, le projet coute 34 millions d'euros, mais il sera remboursé par l'État.*

*L'école du Mathendahl a ouvert et l'aire de jeux del'école des garçons de Niederkorn a été aménagée pour 1,25 million d'euros. L'agrandissement de l'école des filles va commencer en 2022 avec deux-millions d'euros prévus au budget.*

*Jerry Hartung regrette que le projet de la place Nelson-Mandela soit reporté. Mais les plans sont finis et il sera réalisé dès que possible.*

Hei stellt sech d'Fro, awéiwäit een dëse Projet just op d'Seniore soll begrenzen oder eng Méiglechkeet fir en intergenerationellt Wunne soll virgesi ginn. Insbesonnesch muss d'Fro erlaabt sinn, ob op ee Coup esou eng grouss Demande säitens de Senioren do ass. Et wier schued, wann ee sech just op Seniorewunnenge géif fokusséieren an duerno bléifen d'Wunnunitéiten onbewunnt, insbesonnesch wou mir als Gemeng grad Aktioune géint den eidele Wunnraum ënnerhuelen.

Hei wier am Virfeld en Opruff, wie vu Seniore potenziell interesséiert ass, vu Virdeel. Esou kéint dann e flott Konzept ausgeschafft ginn. Wou zum engen an dem Gulliver-Tower e flott Zesummeliewe stattfanne géif an zum aneren de Wunnraum optimal genotzt géif, zum Beispill nach fir Studentewunnengen oder als weidere Raum fir de Projet „Betreit Wunnen" fir Jonker, wat mer schonns mat der Caritas op enger anerer Plaz hunn. Hei gi jo an der Haaptsaach keng gréisser Entitéite méi gebraucht.

Da sinn nach aner Wunnprojeten am Budget fir d'nächst Joer virgesinn: De Fonds de réserve aus de leschte Jore gouf elo mat an de Budget geholl, wat ugesiichts der ugespaanter finanzieller Situatioun nozevollzéien a richteg ass.

Beim Logement wollt ech nach nofroen: Bei eidelstoendem gebaute Wunnraum promovéiert d'Gemeng jo d'AIS-K, fir dëse Raum ze notzen. Wéi gesäit et bei eidelen netbebaute Fläche vu Privatleit am Bauperimeter aus? Wär een zäitlech begrenzt Konzept, fir dës Fläche vorübergehend ze notze fir beispillsweis mobil Tiny-Haiser fir Déifferdeng keng interessant Pist? Soumat kéinten dës Bauterraine kuerzfristeg als Wunnraum de Leit zougänglech gemaach ginn. Oder lafen aner Iddien, fir déi eidel Bauterraine sënnvoll accessibel ze maachen, bis datt de Proprietär selwer e Projet ëmsetzt?

Da géif ech zum Enseignement an der Kannerbetreiung kommen. Am ordinäre Budget ännert sech a béide Strukture kaum eppes. Hei ass weider dat ganzt didaktescht Material fir d'Kanner oder fir d'Schoulbibliothéiken auszestatten op engem héijen Niveau. An de Schoule ginn och d'Bicher an d'Hefter weider vun der Gemeng bezuelt.

D'Ausgabe fir pedagogesch Ausflich gi considerabel erop. Wat awer éischter domadder ze dinn huet, datt duerch d'Pandemie ufanks vun der Regierung keng Ausflich erlaabt waren an deementspriechend dës Poste virdru logescherweis erofgefuer goufen.

Et gëtt och weider vill an de Schoul- a Maison-relais-Raum selwer investéiert. D'Gemeng wiisst. Deementspriechend brauch ee méi Raum, fir ënner uerdentleche Bedéngungen ze léieren, souwuel an der formaler wéi an der non-formaler Bildung.

Nieft dem Fousbann an dem Woiwer gouf et an deenen anere Quartiere vill Nohuelbedarf. Sou steet zu Uewerkuer de Campus Um Bock am Dossier mat 3,5 Milliounen Euro fir 2021 a weidere 7,5 Milliounen Euro fir 2022 vun den insgesamt 21 Milliounen Euro just fir d'Schoul an d'Maison relais.

Dee ganze Projet mat Sport a sou weider beleeft sech op 41 Milliounen Euro.

Bei der École Prince Henri gëtt de Schoulhaff an d'Spillplaz erneiert. Um Woiwer gi kleng Renovatiounsaarbechten an der Maison relais gemaach. Am Zentrum geet de Bau vun der Primärschoul vum EIDE weider, mat aacht Milliounen Euro fir dat lafend Joer an zéng Millioune fir 2022.

Insgesamt beleeft sech dëse Projet op 34 Milliounen Euro, déi vum Staat duerno rembourséiert ginn.

Zu Nidderkuer geschitt och vill. De Mathendahl ass fäerdeg ginn. D'selwecht um Campus bei der Bouweschoul, wou 2021 fir 1,25 Milliounen Euro d'Alentoure mat der Spillplaz ofgeschloss goufen.

Wéi am leschte Gemengerot gemeinsam gestëmmt, fänke mer d'Renovatioun an den Ausbau vun der Meederchersschoul un. Do sti fir dat kommend Joer zwou Milliounen Euro am Budget, vun den um Enn insgesamt zéng Milliounen Euro.

Bedauere maache mer, datt d'Quartiersschoul op der Place Mandela, pandemiebedéngt, duerch de finanziellen Drock, suspendéiert gëtt. Awer wéi den Här Liesch scho richteg gesot huet, ass

de Projet prett. A soubal e kann ëmgesat ginn a gebraucht gëtt, gëtt en ëmgesat.

Denke bei dësen Zuele gesäit ee kloer, datt d'Schoulen an d'Kannerbetreiung mat eng vun de Prioritéiten duerstellt.

Begréisse maache mer déi signifikant Erhéijung an dëse Strukture vum Posten Informatik, fir datt all eis Raim mat den zäitgeméissen Technologien ausgestatt sinn. Notamment iwwerall de Reseau an Internet accessibel sinn.

Domat maachen ech d'Iwwerleedung zur Digitalisatioun vun der Gemeng, wou d'Depensen ënner anerem duerch d'Syndikat SIGI eropginn. Informatesch Léisungen erliichtere fir vill Bierger oder Visiteuren den Alldag. Quasi jiddereen huet hautdesdaags e Smartphone, mat deem ee stänneg an iwwerall op déi verschidde Servicer zréckgräife kann.

Wann ee mat de Leit schwätzt, besonnesch mat de méi Jonken, da mierkt een, datt do eng kloer Erwaardung ass, datt d'Administratiounen, also och eng Gemeng, niewent esou „smarten" Offeren, hir administrativ Demarchë sollen einfach gestalt sinn an am beschten online vun doheem aus kënne gemaach ginn. Dat wor schonn esou virun der Pandemie. A besonnesch elo an der Pandemie ass dës Erwaardung verständlecherweis nach méi grouss ginn.

Mat eisem Service informatique an dem Syndikat SIGI huet d'Gemeng vill Efforten an de leschte Joren an dësem Beräich gemaach. Wéi ëmmer bleift natierlech Loft no uewen. Dat ass awer och mat Ausgabe verbonn. Déi awer néideg sinn, fir zum engen e gudde Service unzebidden, zum anere vereinfacht e gudden informatesche System, deen zum Beispill tëscht verschiddene Programmer gutt vernetzt ass, d'Aarbechtsofleef an enger Verwaltung. Soudatt den Agent méi séier, einfach an effizient schaffe kann.

Denken et ass verständlech, wann ee lauter eenzel Programmer huet, wou een alles op en Neits muss nosichen an antippen, brauch ee méi Zäit wéi wann een e Programm huet, deen aus der Datebank d'Informatioune selwer sicht an d'Applikatioune vernetzt sinn.

Natierlech kascht esou ee Programm och eppes. Laang Zäit, iwwer 40 Joer, hunn déi 101 Gemengen, déi am SIGI sinn, mam GESCOM geschafft. Doduerch, datt mer fir dëse Programm all Joer Lizenzgebühren un eng grouss international Boîte hu musse bezuelen an d'Präisser riskéieren enorm an d'Luucht ze goen, huet de Syndikat viru puer Joer decidéiert, säin eegene Programm ze schreiwen, de SIGINOVA. Ganz ugepasst un d'Besoine vun de Gemengen, deen dann eeben de GESCOM soll ofléisen an eis keng Lizenzgebühre méi kaschte wäert.

Natierlech kascht esou eng Entwécklung och eppes. Zudeem – an dat ass haaptsächlech wat de Käschtepunkt ausmécht – brauch et dann och weider Personal, dat duerno an déi 101 Gemenge geet, fir alles en place ze setzen, de Programm der Gemeng an den Agenten individuell unzepassen a si intensiv ze forméieren. Dëst erklärt déi Hausse vu 15 %, also 3,5 Euro pro Awunner. An de kommenden zwee Joer, gëtt geschat, wäerte jeeweils weider dräi Euro pro Awunner gebraucht ginn, fir alles ofzeschléissen.

De SIGI versicht awer iwwer aner finanziell Apporten, zum Beispill staatlech oder europäesch Subsiden, déi et fir esou digital Projete gëtt, Recetten ze generéieren. Oder eebe kucken, ob weider Gemengen am Ausland um Programm interesséiert sinn. Soudatt den Apport vun de Gemengen nees erofgeet.

Bis elo ass alles just mat Kapital aus de Gemenge finanzéiert.

An deem Kontext muss ee vläicht erwänen, datt d'Stad Déifferdeng als éischt Gemeng mat dësem Programm scho schafft als Pilotprojet. Weider véier Gemenge sollen am Mee 2022 dobäi kommen. Lues a lues soll dann all Gemeng op deen neie Programm ëmklammen. 2026 soll dee ganze Switch viraussiichtlech vollzu sinn.

De SIGI huet nach vill aner Programmer. Hunn elo de Projet SIGINOVA erausgepickt, well deen u sech d'Hausse vum Bäitrag erkläert.

Generell gesot ass et awer wichteg, datt de SIGI an eise Service informatique déi néideg Ressourcë kréien, fir eeben eis

*En tout cas, les chiffres démontrent que l'école et la maison relais restent une priorité.*
*Jerry Hartung salue l'augmentation du budget dans le domaine de l'informatique. Il signale que le budget alloué au SIGI progresse fortement. Les solutions informatiques facilitent la vie des citoyens au quotidien, car presque tout le monde dispose désormais d'un téléphone intelligent. Surtout les jeunes demandent à ce que les démarches administratives puissent être faites en ligne depuis chez eux. La pandémie n'a fait qu'accentuer cette demande.*
*Le service et le SIGI ont fait des efforts ces dernières années, mais il reste du pain sur la planche. En tout cas, un service informatique performant facilite le travail au quotidien. Jerry Hartung estime par exemple qu'il est plus facile de travailler avec des applications reliées à une même base de données.*
*Pendant 40 ans, les 101 communes du SIGI ont travaillé avec le GESCOM. Pour le faire, il a fallu payer des licences à une grande entreprise internationale. Comme les prix risquent d'augmenter, le SIGI a décidé d'écrire sa propre application, SIGINOVA, qui serait adaptée aux besoins des communes. Mais un tel développement coute cher. Il faudra aussi du personnel pour installer l'application dans les communes et former le personnel. C'est ce qui explique la hausse de 15 % de la contribution au SIGI, c'est-à-dire 3,5 € par habitant. Au cours des deux prochaines années, il faudra compter trois euros supplémentaires par habitant. Le SIGI essaie également de toucher des subsides étatiques et européens afin de générer des recettes. Il tente aussi de trouver des communes à l'étranger intéressées au programme. Jusqu'à présent, le développement a été financé exclusivement par les communes membres. La Ville de Differdange fait partie d'un projet pilote. Les autres communes suivront en 2022 et 2026.*
*Le SIGI développe aussi d'autres programmes, mais SIGINOVA explique la hausse de la contribution. De toute façon, il faut que le SIGI et le service informatique disposent des ressources nécessaires.*

*Pour ce qui est du sport, la pandémie a été dure pour les clubs. Jerry Hartung salue le fait que les subsides pour les associations et le soutien à l'acquisition d'une carte de membre pour les jeunes soient reconduits.*
*Parmi les infrastructures, le conseiller communal cite le terrain synthétique du Woiwer et le centre sportif de Niederkorn. En 2022, la rénovation du stand de tir d'Oberkorn est prévue. Deux-millions d'euros sont alloués à la construction de la salle de sport du Bock. Le centre sportif d'Oberkorn sera rénové et agrandi pour 23 millions d'euros, dont 4,8 millions d'euros en 2022. Seize clubs s'y entrainent régulièrement et d'autres ponctuellement.*

---

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *remercie tous ceux qui ont contribué à la réalisation du budget.*
*Pour revenir sur ce qu'a dit monsieur Liesch tout à l'heure, Eric Weirich s'y connait en économie même s'il n'est pas économiste. Pourtant, le budget reste un sujet complexe même pour lui.*
*Monsieur Ulveling a eu raison de dire que le collège échevinal a fait de son mieux, mais Eric Weirich va malgré tout faire quelques commentaires.*
*Pour le conseiller communal, il s'agit du premier discours budgétaire. Le budget 2022 n'est pas un budget comme les autres en raison de la pandémie. Il espère qu'elle sera bientôt derrière nous.*
*Le budget 2022 est prudent parce que personne ne sait comment Differdange sortira de la crise. La pandémie a un impact sur les finances. Eric Weirich salue la prudence du collège échevinal, même si tous les projets ne peuvent pas être réalisés. Il s'agit de ne pas hypothéquer les finances communales et de laisser une marge de manœuvre aux prochaines coalitions.*
*Eric Weirich va citer monsieur Diderich plusieurs fois, car il poursuit son travail et qu'ils ont la même approche politique.*
*Monsieur Diderich faisait souvent allusion à la crise du logement. Eric Weirich est lui aussi actif dans ce domaine. Depuis 2017, il est membre de la commission des loge-*

Stad technologesch an digital op engem héije Stand ze halen.

Ofschléissend kommen ech zum Sport. Pandemie-Zäit ass keng einfach Zäit. Och fir eis Sportsveräiner war et net einfach. Dohier begréisse mer déi weider virgesinne Subside fir d'Veräiner wéi och d'Ënnerstëtzung vun de Kanner a Jonker, wou d'Gemeng d'Memberskaart am Prinzip zur Hallschent bezilt, fir de Sport besonnesch bei de Jonken ze promouvéieren. Dat gouf zwar scho virun der Pandemie en place gesat. Mee grad an dëser Zäit ass dëst ëmsou méi wichteg.

Am Budget gesäit een, datt mer vill Infrastrukturen hunn, ënner anerem de syntheeteschen Terrain, deen um Woiwer erneiert gouf, an d'Nidderkuerer Sportshal, déi elo voll funktionéiert.

Nieft den Energie- an Entretienskäschten ass 2022 des Weideren eng Renovatioun vum Schéissstand zu Uewerkuer an dem Hondsterrain geplangt. D'Sportshal um Bock steet fir 2022 mat zwou Milliounen Euro vun insgesamt sechs Milliounen Euro am Budget. D'Uewerkuerer Sportshal fir 2022 mat 4,8 Milliounen Euro vun insgesamt 23 Milliounen Euro, déi weider renovéiert an ausgebaut gëtt. Eng Hal, wou eng 16 Veräiner hir Trainingen hunn an natierlech nach vill aner Veräiner, déi punktuell emol hei Aktivitéiten ofhalen.

Voilà! Den Här Tempels geet duerno nach op d'Beräicher Ëmwelt, Verkéier, Kultur a Sécherheet fir d'CSV an. Ech kann awer scho virewech soen, datt mer dëse Budget ënnerstëtzen a matstëmmen. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Hartung. Här Weirich, wannechgelift.

---

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, ier ech lassleeën, géif ech gäre jiddwerengem Merci soen, deen zu dësem Budget bäigedroen huet. Ech géif och gär direkt op eng kleng Ausso vum Här Liesch reagéieren. Ech hunn zwar e Background an der Ekonomie, mee ech si keen Ekonomist. Dat heescht, dat hei ass awer schonn, trotz deem Background, e komplizéierten Exercice fir mech. An och fir op eng aner Remark vum Här Ulveling zréckzekommen: Ech kann et effektiv net besser maachen. Mee ech erlabe mer awer, e puer Saache vum Budget ze kommentéieren.

Haut ass e speziellen Dag oder Exercice fir mech, well et meng alleréischt Budgetsried ass, als Vertrieder vun déi Lénk hei am Gemengerot. Fir dës Première kann, respektiv muss ech, leider déi selwecht Wierder benotze wéi mäi Virgänger, de Gary Diderich. An zwar, dass et e Budget ass „pas comme les autres.“ Wat d'Haaptursaach dovunner ass, dorobber muss ech weider net agoen. Ech hoffen, dass mer geschwë gemeinsam aus där Pandemie hei erauskommen. An dass mer dee Misär, dee mer aktuell domadder hunn, hanner eis loosse kënnen.

De Budget fir 2022 ass och aus deem Grond e virsiichtege Budget. Well mer haut nach ëmmer net wëssen, wéini mer dës Kris wäerten iwwerstanen hunn. Wat natierlech nach ëmmer en negativen a virun allem en ongewësse-nen Impakt wäert op d'Finanzen hunn.

Dowéinst ass et ze begréissen, dass mer haut iwwer e virsiichtege Budget ofstëmmen. Och wann eng Rëtsch vu geplangte Projete leider op der Streck bleiwe wäerten.

Et ass ze begréissen, datt den aktuelle Schäfferot an deem Kontext d'Finanzen op d'Joren hin ewech net hypothekéiere wäert an de Koalitiounen, déi hannendru kommen, genuch Spillraum wäert loossen an Zukunft bei de Finanzen.

Ech wäert a mengem Commentaire elo zum Budget vum nächste Joer op e puer Plaze mäi Virgänger zitéieren, well ech eebe seng Aarbecht hei weiderféieren a well mer an eiser Approche zur Politik plus ou moins déi selwecht Theemen/Schwéierpunkten hunn.

A sengem Bilan virun néng Joer, wou de Gary Diderich déi Lénk hei am Gemengerot vertrueden huet, huet hie reegelméisseg op d'Wunnengskris higewisen. Ech géif gären dorun uknäppen, well

ech och relativ aktiv sinn am Beräich Logement.

Ech hat scho säit 2017 d'Chance Member ze sinn an der Logementskommissioun. An iwwert dee Wee eebe scho matkritt ze hunn, wat logementstechnesch an eiser Gemeng leeft. Ech soe bewosst „matkritt ze hunn“, well ech oft d'Gefill hunn, dass eis Avisen, déi ech relativ gutt fannen, déi mer do ausschaffen, net ëmmer en Echo fanne bei der Ausriichtung vun der Logementspolitik. Wéi zum Beispill eisen alljärlechen Appell fir méi Suen an de Grapp ze huelen, fir an de Logement ze investéieren. Oder zum Beispill eisen Avis fir e Pilotprojet Tiny Houses oder eisen Avis fir e Pilotprojet Tübinger Modell a sou weider.

Dat ass elo keng generaliséiert Kritik un der Logementskommissioun. Do wëll ech op dëser Plaz ënnersträichen, dass mer do wierklech eng gutt Dynamik an Zesummenaarbecht hunn, queesch duerch d'Parteien.

Wat ech soss vu Logement matkréien – an et ass scho méi oft ernimmt ginn –, dat ass de Gravity. De Gravity ass am Prinzip e gudde Projet. An ech hu bis elo och zimmlech vill Saache vum Gravity matgedroen. Ech mengen, et ass och wichteg, e Projet Gravity ze hunn als Stad Déifferdeng.

Gravity ass Neiland fir eis Gemeng. Et gëtt effektiv der Roll gerecht, wéi een als Gemeng eng Virreiderroll spille kann am Schafe vun ëffentlechem respektiv bezuelbarem Wunnraum. Déi ominéis Mixité sociale gëtt hei effektiv ëmgesat. Och wann d'Luxuswunnengen op de leschten zwee Stäck net hätte misse sinn.

Et ginn och am zweeten Tuerm 50 Wunnenge kaf, fir se dann der Miami University fir hir Studenten ze verlounen. Wat definitiv eng gutt Saach ass.

Et ass begréissenswäert, datt mat NUMA eng jonk Firma engagéiert gouf, fir dee ganze Gemeinschaftsbildungsprozess ze begleeden. Wat jo och an dësem Projet eng wichteg Roll spillt an definitiv zukunftsweisend ass.

An awer gëtt et e Mee. De Mee ass, dass dëse Bauterrain an zentraler Lag zu Déifferdeng fir d'éischt verkaf gouf, fir dann opwänneg zréckkaf ze ginn, fir dann nees eenzel Wunnengen ze verkafen. Iwwerhaapt, datt d'Wunnengen aus dem Gravity verkaf ginn, hätt net misse sinn. Och wa se mat Virkafsrecht an engem Bail emphytéotique verkaf ginn.

Dat ass en Ëmwee, deen net hätt misse sinn. Wat sech vläicht och anescht op de Budget ausgewierkt hätt. Et ass och Wunnraum, dee privatiséiert gëtt, obwuel een als Gemeng, deemno wéi een Typ Wunnengen ee schaaft, bis zu 100 % vum Logementsministère remboursséiert kritt hätt. Hei spillt déi ominéis Mixité sociale mat a bei där Decisioun och d'Angscht, datt wann ee just Locatairen do wunnen huet, et zu engem komplette Chaos féiere kéint. Dofir gi léiwer hei och e puer Wunnenge verkaf.

Ech bleiwen awer dobäi, datt mer eis et als Gemeng net méi leeschte kënnen, ëffentleche Wunnraum nees aus der Hand ze ginn an ze verkafen. Verlounte Wunnenge sinn och Recettes ordinaires fir d'Gemengekeess. A wann een der bis genuch a Gemengenhand huet, kann dat duerch d'Loyeren, déi doduerch erakommen, eng gewëssen Eegendynamik entwéckelen, mat Investitiounen, Reinvestitiounen a wann d'Suen einfach konsequent ëmmer an deem Logementscircuit bleiwen.

A wann de Prêt bis rembourséiert ass, deen een natierlech muss ophuelen, fir esou ee Projet virzefinanzéieren, dann ass dat, wéi ee sou schéi seet, „Cash an d'Täsch“ fir eis Gemeng.

Dann denken ech och – wéi gesot, et ass e gudde Projet –, dass mer als Gemeng Déifferdeng weider op dee Wee sollte goen a lauter Gravity-Projete realiséiere sollten.

Nach esou ee Beispill vun enger gewësser, a mengen Aen, Inkohärenz ass de Projet Hotel Gulliver-Tower, wou mer elo mat der Virstellung vum Budget 2022 entdeckt hunn, datt d'Gemeng deen opkafe wëll. Hei geet et ëm en Hotel vu 45 Zëmmeren, wat 2018 eréischt seng Dieren opgemaach huet. A wat 2020 schonn nees Faillite gemaach huet.

Bei engem Nettopräis respektiv engem Invest vu 4,5 Milliounen Euro, déi

*ments. Malheureusement, il a l'impression que les avis de la commission ne sont pas souvent entendus par le collège échevinal. Par exemple l'appel annuel à investir davantage dans le logement. Ou les propositions sur les « tiny houses » et le modèle de Thubingen. Eric Weirich tient par ailleurs à souligner la bonne ambiance qui règne au sein de la commission.*

*Le collège échevinal parle souvent de Gravity, qui, en principe, est un bon projet. Il s'agit d'un projet important pour la Ville de Differdange qu'Eric Weirich soutient. Il démontre comment une commune peut adopter un rôle de pionnier. La mixité sociale a été mise en application même si on aurait pu éviter les appartements luxueux du dernier étage.*

*Dans l'autre tour, la commune achète cinquante logements pour les étudiants de la Miami University.*

*L'association Numa a été engagée pour renforcer les liens communautaires, ce qui est bien.*

*Malheureusement, ce terrain en plein centre a d'abord été vendu avant d'être racheté. Et maintenant, la commune vend des appartements au nom de la mixité sociale alors qu'Eric Weirich aurait préféré qu'ils soient tous loués. Les loyers augmentent les revenus communaux, qui peuvent ensuite être réinvestis, créant ainsi une dynamique. Une fois le prêt pour l'acquisition remboursé, les loyers deviennent de l'argent liquide pour les caisses communales.*

*Eric Weirich estime malgré tout que Gravity est un bon projet et que la Ville de Differdange doit poursuivre sur cette voie.*

*Le projet de la tour Gulliver est tout aussi incohérent. Le conseil communal vient d'apprendre que la commune souhaite la racheter.*

*Il s'agit d'un hôtel de 45 chambres qui a ouvert en 2018 et fait faillite en 2020. L'investissement se monte à 4,5 millions d'euros. Eric Weirich ne comprend pas comment le collège échevinal peut mobiliser une telle somme alors qu'il a dû abandonner le projet d'extension de l'hôtel de ville. Il voudrait savoir si le comité d'accompagnement économique est impliqué dans ce pro-*

*jet et pourquoi la commission du logement ne l'est pas.*

*Il ne remet pas en question la création de logements pour séniors. Mais il y a deux mois, la commune a vendu un terrain à un promoteur privé pour construire un hôtel, car il n'y en aurait pas assez dans la commune. Et deux mois plus tard, le collège échevinal achète un autre hôtel pour en faire des logements.*

*Eric Weirich est d'accord avec monsieur Hartung sur le fait qu'il faille penser de manière multigénérationnelle. Mais le collège échevinal ne se montre pas cohérent.*

*En 2022, la commune va vendre des terrains pour 9,1 millions d'euros. Une large partie de ces terrains seront cédés à des particuliers. C'est inacceptable. En plus, lors des discussions sur le PAG, il a été question de la pénurie de crèches communales. Ces terrains auraient été appropriés.*

*La commission a aussi demandé qu'Urban Living soit organisé sans financement communal. Or le budget 2022 prévoit 50 000 € pour mettre en avant les projets de promoteurs privés. Comme l'a dit monsieur Liesch, il faudra mettre l'accent sur les questions énergétiques.*

*Il faudrait aussi communiquer davantage autour des initiatives locales concernant le logement. Le service du logement et la commission du logement ont démontré que l'on pouvait mettre en place une campagne efficace avec peu de moyens.*

*Bien entendu, tout n'est pas mauvais. Il est important pour Differdange de disposer d'un service du logement depuis trois ans. Eric Weirich salue le fait que des gens vont être recrutés. Avec le Pacte logement et la crise du logement, chaque euro dans ce domaine est bien investi. En général, le conseiller communal soutient la politique du logement du collège échevinal. Mais il veut l'exhorter à faire davantage.*

*Le logement est aussi lié à la politique sociale et à la politique environnementale. Les acteurs sociaux arrivent toujours à la même conclusion : au Luxembourg, le logement est le problème principal.*

2022 fir dëse Projet ufalen an aner gréisser Projeten, wéi d'Renovatioun an den Ausbau vum Stadhaus, fale gelooss ginn, stellen ech mer d'Fro, wéi et méiglech ass, kuerzfristeg esou ee grousse Montant ze mobiliséieren, fir de Gulliver-Tower ze kafen. Och wann et natierlech eng aner Gréisstenuerdnung ass wéi bei deenen aneren zwee Projeten.

Ech schléisse mech de Froe vum Här Muller un, vu virdrun, ob de Comité d'accompagnement économique do agebonne ginn ass, firwat d'Logementskommissioun nach net agebonne ginn ass an esou weider an esou fort.

Ech wëll dobäi d'Schafung fir Wunnraum fir Senioren absolutt net a Fro stellen. Dat wär och net ganz kohärent vu menger Säit aus. Mee wat mech eeben hei stéiert, dass mer hei am Gemengerot am Oktober zwou Parzellen, déi der Gemeng gehéiert hunn, déi a Gemengenhand waren, un e private Promoteur verkaf hunn, fir do en Apart/Hotel drop ze maachen. A wou ech no menger Interventioun am Oktober gesot krut, dass et eeben un Hotellen an der Gemeng feele géif. Wat ech absolutt dann agesinn. An da gi mer zwee Méint méi spéit en Hotel opkafen, fir doraus Wunnraum ze maachen.

Wéi gesot, näischt géint d'Schafe vu Wunnraum. Och ech si beim Här Hartung, mat der Ausso, dass ee multigenerationell denke sollt. Do ginn ech absolutt gär mat op de Wee. Mee ech gesinn do eng gewëssen Inkohärenz, mat Hotel a Wunnraum ëmwandelen, obwuel Hotelle feelen an der Gemeng.

Fir beim Theema ze bleiwe vun ëffentlechen Terrainen, déi verkaf ginn: Am Budgetsposte 261100 sti Recettë vun 9,1 Milliounen Euro fir Vente de terrains communaux. Do sinn zu engem klengen Deel Terrainen dobäi, déi un de Staat verkaf ginn. Wéi zum Beispill fir dat neit Police-Gebai ze bauen. Wat ech absolutt agesinn. Mee et ass awer och e groussen Deel vun Terrain, deen u Privatleit verkaf gëtt, wat haut einfach net méi dierft sinn. Oder zumindest sollten do keng Sue méi fléissen. Mee mir als Gemeng sollte Logement do amplaz kréien. Wat bei verschiddene PAPen, déi mer dëst Joer gestëmmt hunn, schonn de Fall war.

Bei der PAG-Diskussioun gouf jo och festgestallt, datt et massiv u Crèchë feelt a wou et e Konsens gouf, méi Crèchen a Gemengenhand ze schafen. Hei wier zum Beispill eng Plaz dofir gewiescht.

Et sinn awer och aner Klengegkeeten, déi et ausmaachen. Wéi zum Beispill d'Opfuerderung vun der Logementskommissioun fir den nächsten Urban Living käschtendeckend ze organiséieren. Am Budget fir d'nächst Joer ass awer virgesinn, dass d'Gemeng do 50.000 Euro bäileet fir eng Bün ze bidde fir Promoteuren, fir privat Projeten ze verkafen, déi mol net op Gemengenterrain realiséiert ginn.

Ech sinn do ganz beim Här Liesch, dass een en nächsten Urban Living ausriichte sollt op energeetesch Sanéierungen an aner méi sënnvoll Projeten, wéi dass mer do eng Bün bidde fir privat Promoteuren.

Mee ech hätt awer och léiwer, wa mer déi Sue weider an eis Kommunikatioun iwwer eis lokal Initiativen am Beräich Logement investéiert hätten, wéi eise Logementsservice mat der Loyerskommissioun jo gewisen huet, dass een do mat wéineg Mëttele relativ vill erreeche kann, mat där Infoscampagne ronderëm dem Logement, déi se viru Kuerzem virgestallt hunn.

An deem Sënn ass net alles schlecht an net alles gutt. Ech hunn eise Logementsservice ernimmt, dee mer elo säit dräi Joer hunn. Bei där vaster Thematik ass dat och méi wéi e konsequenten entspriechende Service an der Gemeng ze hunn, wou sech d'Leit mat vill Asaz där Thematik hierginn.

Et ass ze begréissen, dass de Budget do eropgeet, an dass nach Leit solle bäikommen am Logementsservice. Virun allem well mam Pacte Logement an dem Hannergrond vun der Logementskris all Euro an de Logement gutt investéiert ass.

Dat kléngt elo vläicht e bëssen ongewinnt fir een, deen allgemeng d'Logementspolitik vum Schäfferot matdréit. Mee dat hei ass éischter als en Opruff ze verstoen, fir sech nach méi aktiv der Virreiderroll hinzeginn als Stad Déifferdeng am Logement.

Logementspolitik ass och Sozialpolitik an et ass och Klimapolitik. Sozialpolitik, egal mat wat fir Acteuren aus dem soziale Beräich ee schwätzt, kënnt ëmmer zur selwechter Konklusioun: Dass de Logement den Haaptproblem ass zu Lëtzebuerg. Zemools den Accès zu bezuelbarem Wunnraum.

Klimapolitik, well wunnen och säin Deel fir d'Klimaziler ze erreechen, bäidroe kann. Dat zum Beispill andeems een Haiser energeetesch sanéiert an doduerch manner Energie verbraucht oder Energie verluergeet.

An deem Sënn freeën ech mech drop, datt mer schonn deen neie Pacte Climat 2.0 ënnerschriwwen hunn a bäigetruede sinn. Ech si gespaant wat mer eis do als Leitbild, als Ziler ginn an deem Kontext.

Neie Wunnraum schafen heescht awer och neie Buedem versigelen. Wat sech natierlech bäisst mat enger ambitiéiser Klimapolitik. Dofir begréisse mer, datt um neie PAG de Bauperimeter weider net ausgewäit gëtt, mee datt do bestoend Baufläche gesat ginn, déi innerhalb vum Bauperimeter leien.

Gläichzäiteg verstinn ech awer dann net, dass mer d'Tax B6, dat ass déi Grondsteier, déi een op broochleiend Bauterrain kann erhiewen, dann net eropgesat gëtt. Wuel wëssend, dass et op nationalem Niveau et wäert nach e Strapp daueren, bis do eng Spekulatiounssteier oder ugekënnegt Spekulatiounssteier wäert ëmgesat ginn.

Dat ass nämlech ugekënnegt gi vum Logementsminister, an den Här Premierminister huet et och widderholl. Mee kuerz no där Annonce ass aus dem Inneministère gesot ginn, dass et net virun 2024 technesch méiglech wär déi Spekulatiounssteier anzeféieren. Wat natierlech nach e wäite Wee ass bis dohinner.

Déi B6 eropsetzen, ass natierlech éischter eng symbolesch Aktioun. Ech krut och gesot, dass mer net vill broochleiend Bauterrainen an der Gemeng hätten. Mee ech mengen et ass awer e gutt Zeeche gesat als Stad Déifferdeng wa mer op dee Wee ginn, fir dat ze bestrofen, fir broochleiend wichtegt Bauland leien ze loossen an och fir Wunnraum eidel stoen ze loossen.

An da begréissen ech den Awand vum Här Hartung, wou een op de Wee geet fir dann temporär Bauland, ausgewisend Bauland ze benotzen, fir zum Beispill Tiny Haiser, zäitlech begrenzt, drop ze setzen.

Fir nach e bësse bei der Sozialpolitik ze bleiwen, ginn ech gär kuerz op de Budget vum Office social fir d'nächst Joer an. Do ass definitiv ze begréissen, dass déi Aide aux nécessiteux, och wann dee Begrëff ganz schrecklech kléngt, also den Intitulé vun deem Budgetsposten, vun 1,1 op 1,4 Milliounen Euro eropgesat gëtt. Do ass ze begréissen, dass mer och eis Allocation de solidarité op Gemengenniveau, um Niveau vun eiser Gemeng bäibehalen, respektiv reegelméisseg no uewen upassen, wann et néideg ass. Och wann déi national Allocation de vie chère, wou se dru gekoppelt ass, och erëm erofgeet.

Am leschte Gemengerot hate mer de Budget vum Office social gestëmmt. Do ware mer eis iwwer verschidde Parteien eraus eens, dass mer am léifsten hätten, dass mer keen Office social bräichten. Dat ass natierlech just méiglech an enger idealer Welt. An deem Sënn ass et immens wichteg déi Leit reell finanziell ze ënnerstëtzen deenen et, aus wéi enge Grënn och ëmmer, net esou gutt geet.

An awer deet et engem déck ze gesinn, datt d'Sue quasi vun enger Täsch an déi aner ginn, ouni dass de Beneficiairë reell gehollef gëtt. D'Erhéijung vun dëser Hëllef gëtt nämlech deelweis domat erkläert, fir déi staark geklommen Energiepräisser ofzefiederen. Wat u sech eng gutt Nouvelle ass, bei dëser weiderer Kris, déi sech an d'Rei stellt.

Op där anerer Säit liese mer dann, datt am Budget d'Käschte fir d'Drénkwaasser déck an d'Luucht ginn, déi 1:1 un de Konsument wäerte weidergereecht ginn. Hei wär vläicht eng Iwwerleeung gewiescht Richtung gestaffelte Waasserpräis. Well déi, déi dee klengste Budget hunn, hunn natierlech och dee klengsten CO2-Foussofdrock. An och wann et just kleng Montante sinn, wär deene Leit awer vill gehollef.

Mee wéi gesot, dës finanziell Ënnerstëtzung ass wichteg. Och wann et mer déck deet, dass mer gläichzäiteg en Deel vun der Gesellschaft esou déif fale loossen. Well wa mer déi Ongläichhee-

*Assainir les logements fait aussi partie de la politique environnementale. Eric Weirich se réjouit de la signature du Pacte climat 2.0. Il est curieux de voir quels objectifs la commune va fixer.*
*Créer des logements signifie aussi occuper davantage de terrain, ce qui n'est pas compatible avec l'écologie. Déi Lénk salue le fait que le périmètre constructible n'ait pas été élargi. Eric Weirich se demande cependant pourquoi le collège échevinal ne veut pas augmenter la taxe B6 sur les terrains vagues. Car le gouvernement a besoin de temps pour introduire un impôt sur la spéculation. Le ministère de l'Intérieur a expliqué que ce ne serait pas le cas avant 2024. Augmenter la taxe B6 serait un geste symbolique, car Differdange compte peu de terrains vagues. Mais la commune donnerait un signe.*
*Monsieur Hartung a proposé d'installer des tiny houses sur les terrains non utilisés. C'est une bonne idée.*
*Pour ce qui est du volet social, l'aide aux nécessiteux passe de 1,1 à 1,4 million d'euros. Eric Weirich salue aussi le fait que l'allocation de solidarité continue à augmenter même si l'allocation nationale de vie chère baisse.*
*Bien entendu, il vaudrait mieux ne pas avoir besoin d'un office social. Mais le monde n'est pas idéal et il faut aider ceux qui en ont besoin pour une raison ou une autre. Malheureusement, force est de constater que l'augmentation de l'allocation ne sert qu'à amortir la hausse des prix de l'énergie.*
*Eric Weirich constate que le prix de l'eau potable va augmenter fortement pour que la commune rentre dans ses frais. Il aurait mieux valu échelonner le prix de l'eau, car ceux disposant de revenus faibles consomment aussi moins de CO2. Même de petits montants peuvent aider ces personnes.*
*Le conseiller communal réitère l'importance de l'allocation même s'il regrette que tant de gens tombent aussi bas. Les inégalités sociales engendrent les tensions sociales. C'est ce qui explique qu'il faille recourir à des sociétés de sécurité privées pour maitriser les problèmes sociaux. Eric Weirich*

*salue le fait que le contrat avec l'entreprise de sécurité soit résilié. Mais cela ne résoudra pas les problèmes. Il se réjouit de l'importance accordée à l'éducation de rue et à la réalisation d'un plan local de sécurité avec tous les acteurs concernés.*

*Bien entendu, il faut aussi penser au reste du monde. Eric Weirich souligne le fait que 0,25 % du budget ordinaire soit affecté à Déifferdeng, eng Stad hëlleft pour soutenir des ONG réalisant des projets humanitaires dans le monde.*

*Pour ce qui est de la mobilité, il est évident qu'il reste du pain sur la planche. Eric Weirich pense notamment au réaménagement de l'extérieur du 1535°, aux taxes de stationnement que cela va engendrer et à la disparition d'emplacements toujours au 1535°. Ces mesures sont prises pour des raisons de sécurité et pour maitriser le chaos sur ce site. Récemment, la commission des bâtisses et la commission de la mobilité se sont rendues sur place. La discussion a été surréaliste. La plupart ont demandé que ces places soient conservées pour les commerçants et les visiteurs, alors même qu'elles sont occupées du matin au soir et qu'il y a des parkings à proximité. C'est pourquoi Eric Weirich a approuvé la diminution du temps de stationnement autorisé et l'augmentation des tarifs sur ce site ainsi que la baisse des tarifs dans las parkings publics. Tout à l'heure, il approuvera ce concept moderne soulignant le fait qu'aujourd'hui, il n'est plus possible de rouler en voiture jusqu'à la porte d'entrée.*

*La commission de la mobilité regrette cependant que le chemin vers le parking de la place des Alliés ne soit pas signalisé. Elle se demande aussi si le site est suffisamment sécurisé pour les cyclistes et les piétons, car de nombreuses voitures continueront à y circuler. Eric Weirich voudrait que l'on mette en place un concept de mobilité douce sur tout le territoire de la commune.*

*La commission des finances en revanche a peur que les commerçants ne soient plus compétitifs parce que les clients devront marcher quelques minutes. Mais compte tenu des faibles loyers et du réchauffement climatique,*

ten ëmmer méi auserneeklaffe loossen, da verstäerke sech och ëmmer méi d'sozial Spannungen. An da gi mer d'Symptomer vun der Perspektivlosegkeet net méi meeschter, an da musse mer op privat Sécherheetsfirmen zréckgräifen, fir d'Problemer an de Grëff ze kréien, déi sécherlech och op déi sozial Ongläichheeten zeréckzeféiere sinn.

Och wann de private Security-Service Enn dëses Joers agestallt gëtt, wat mer definitiv begréissen an deelweis duerch Agents municipaux ersat ginn, léise sech d'Problemer awer net a Loft op. Et gëtt och net eng eenzeg richteg Léisung an Approche, déi all dës Problemer léise kéint. Dowéinst begréisse mer, datt mëttlerweil op Dialog gesat gëtt mam Aféiere vun engem Service Streetwork. An datt och all d'Acteure matagebonne ginn, fir e Plan local de sécurité auszeschaffen. An ech si gespaant, wéi dee wäert ausgesinn.

Wichteg ze ernimmen, nieft de Leit hei am Land, deenen et gëllt ze hëllefen an déi an enger Noutlag sinn, soll een natierlech och un de Rescht vun der Welt denken. Wou et natierlech och vill Misär gëtt.

An deem Sënn begréissen ech, dass déi 0,25 % vum ordinäre Budget weiderhi bäibehale ginn, fir am Numm vun Déifferdeng, eng Stad hëlleft, Organisatiounen an ONGe vu Lëtzebuerg finanziell ze ënnerstëtzen an hire Projeten uechtert d'Welt.

Da kommen ech zréck bei en Theema, wat och mat Klimaschutz ze dinn huet, an zwar der Mobilitéit. Mir hunn haut e gutt Beispill um Ordre du jour vum Gemengerot, wat zimmlech gutt duerleet oder duerstellt, datt mer bei dësem Theema nach e wäite Wee ze maachen hunn. Dee Punkt, deen ech mengen, ass d'Neigestaltung vum Ausseberäich vum 1535°, déi domat verbonnen Taxen op d'Parkplazen, déi nei organiséiert ginn, an d'Hallschent vun de Parkplazen, déi beim 1535° ewechfalen.

Déi falen haaptsächlech aus Grënn vu Sécherheet ewech. An och fir aktuell do den herrschende Chaos ze regléieren, deen der Direktesch no net méi ze droen ass. Ech war virun zwou Woche bei där Presentatioun duerch d'Direktesch vum 1535° dobäi, wou mer als Mobilitéitskommissioun a Bautekommissioun dobäi waren. A mengen Aen ass déi Diskussioun e bësse surreal verlaf. Et gouf sech haaptsächlech ferm dofir agesat, dass déi Parkplazen do ze erhale bleiwen, am Sënn vun de Leit, déi do schaffen an de Commercen, déi do sinn.

Mee d'Saach ass: Déi Parkplazen, déi et aktuell gëtt, déi si vu moies bis owes beluecht duerch Leit, déi net um Site schaffen. Domat ass och kengem gehollef. Dowéinst ass et ze begréissen, dass d'Parkdauer do erofgesat gëtt. Dass ëffentlech Parkingen, déi no bäi sinn, och méi bëlleg gemaach ginn. Wéi de Parking op der Place des Alliés.

Dowéinst hunn ech och virun zwee Méint d'Propositioun matgestëmmt, fir d'Parkdauer erofzesetzen an d'Parken um Site méi deier ze maachen a gläichzäiteg d'Taxen oder d'Parken an eise Parkhaiser méi bëlleg ze maachen, fir d'Autoen eeben dohinner ze leeden.

An där Logik wäert ech och de Projet haut vum 1535° matstëmmen. Et ass net nëmmen e modernt a flott Konzept, fir d'Qualitéit am Ausseberäich vum 1535° ze verbesseren, et ass och e Konzept vun enger moderner Publicitéitspolitik, déi dem 21. Joerhonnert entsprécht, wou d'Zäiten einfach eriwwer sinn, wou jiddweree ka mam Auto bis virun d'Hausdier fueren.

Mee hei gëtt et och en Mee. Am Avis vun der Mobilitéitskommissioun gouf, berechtegterweis, ageworf, datt leider net direkt matgeduecht gëtt, fir de Wee fir d'Foussgänger auszeschëlderen oder iwwerhaapt nei Weeër unzeleeë Richtung dee Parking op der Place des Alliés, wou se auswäiche sollen.

Se stellen am selwechten Avis och d'Fro, op ob der Sécherheet vun de Foussgänger a Vëlosfuerer genuch Rechnung gedroe gëtt mat dësem Projet. Well jo och weiderhin awer Autoe wäerten um Site zirkuléieren a parken. Ech hänken do carrement mat drun, dass ech e Gesamtkonzept vermëssen, wéi een eng anstänneg a sécher Mobilité douce op dee Site kritt, respektiv wéi dee fir d'ganz Gemeng ausgesi kéint.

Um aneren Enn vum Spektrum hu mer den Avis vun der Finanzkommissioun

zur Kompetitivitéit vun de Commerçanten, déi um Site schaffen. Si fäerten, well se e puer Minutte mussen ze Fouss goe bis bei hiren Auto. Ech mengen, bei deene kompetitive Präisser, déi mer hunn, déi eis Residente bezuelen am 1535° a virum Hannergrond vun engem Klimawandel an engem dréngend néidegen Ausbau vun der Mobilité douce, eriwwregt sech dës Fro. A genuch Liwwerplaze sinn och um Site virgesinn, wéi vun der Direktesch confirméiert gouf. Natierlech gouf virdru mat de Commerçanten um Site geschwat, ier dëse Projet ausgeschafft gouf.

Wat ech awer begréissen aus dem Avis vun der Finanzkommissioun ass d'Iddi vun engem Shared Space tëschent der Place des Alliés an dem 1535°, wou den ëffentleche Raum tëscht Autoen an anerer, de Foussgänger an de Vëlosfuerer a sou weider a sou fort, soll gedeelt ginn.

Op de Budget bezunn, gräifen ech gär ee Beispill eraus fir duerzestellen, datt mer nach Loft no uewen hunn an der Mobilitéitspolitik. Mir hu bei den Dépenses extraordinaires e Budgetsartikel vu ronn 700.000 Euro Ausgabe virgesinn, fir verschidden Installatiounen op Parkingen ze maachen oder en neien unzeleeën an de Woiwerwisen. Et ass en neie Parking, dee soll ökologesch ausgeluecht ginn. Wat och ëmmer dat heesche soll.

Op där anerer Säit hu mer awer just 245.000 Euro virgesi fir Etüden a Recherchen am Beräich vun der Mobilité douce. Wat manner wéi d'Hallschent ass. An et ass grad hei, wou d'Musek spillt, wann een zum Beispill déi quasi inexistent Vëlosweeër innerhalb vun der Gemeng bedenkt.

Ech ginn hei vläicht vill oder ze vill an den Detail sichen, mee an all mengen Interventiounen/Iwwerleeunge geet et mer einfach ëm eng gewësse Kohärenz bei Theemen, déi mer um Häerz leien, wéi eebe Soziales, Logement an Ëmwelt. A wou mir d'Kohärenz mat Momenter einfach feelt an dësem Budget. Dowéinst wäert ech mech beim Vott iwwert de Budget enthalen.

Fir ofzeschléisse wéilt ech gäre jiddwerengem Merci soen, ob Mataarbechter oder Benevollen an de Veräiner, déi sech Dag fir Dag fir Déifferdeng asetzen. Mir hunn als Politiker hei just e CDD. Mir kënne vill schwätzen an decidéieren, sou vill mer wëllen. Am Endeffekt sinn et si, déi d'Saachen ëmsetzen an déi am Dagdeeglechen dofir suergen, dass d'Gemeng weiderkënnt. Dofir géif ech gär op dëser Plaz hinnen e Merci ausschwätze fir hiren alldeeglechen Asaz. An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Weirich. Dir läit ënnert der Zäit.

Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengerot, Dir wësst et alleguer, mee ech wëll Iech nach eng Kéier drun erënneren: Mir hu keng Bierger zu Lëtzebuerg. Vläicht e puer Koppen. A wann een esou Vergläicher mécht, fir de Budget ze rechtfäerdegen, wéi dat vum Spriecher vun de Grénge gemaach ginn ass, dann hätt ee vläicht besser, et géif ee mat de Féiss op Lëtzebuerger Buedem bleiwen.

Hei sinn elo, besonnesch vun de Kolleege vun der LSAP, eng ganz Rëtsch Kriticke gemaach ginn un deem Budgetsprojet. Ech géif mech deenen uschléissen. Dofir wäert ech och op eng Rei Punkten net méi agoen.

An der Sitzung vum 24. November, an där de Gemengerot de Budget rectifié 2021 an de Budgetsprojet fir 2022 virgestallt kritt huet, huet de Schäfferot, ënnerstëtzt vum Wirtschaftsberoder vun der Gemeng, eis erzielt, firwat de Budgetsprojet esou an net anescht si kéint.

Ech muss hei als Vertrieder vun der KPL soen, dass dat deelweis e staarkt Stéck war. Awer am negative Sënn! Well hei op falsch Argumenter zréckgegraff ginn ass, wéi se vun der Regierung a vum Patronat ëmmer erëm gebraucht an an der Press breetgetréppelt ginn.

Ech ginn Iech dofir zwee Beispiller. Dat éischt ass déi falsch Behaaptung, den

*cette question ne se pose pas vraiment. En outre, la directrice du 1535° a confirmé qu'il y a suffisamment de places pour les livreurs.*
*La commission des finances a proposé d'aménager un shared space entre la place des Alliés et le 1535°, ce qui est une bonne idée.*
*Eric Weirich constate que le budget extraordinaire prévoit 700 000 € pour de nouveaux parkings et pour des installations sur les parkings existants. Malheureusement, seuls 245 000 € sont alloués à la mobilité douce. C'est dommage, car Differdange ne compte pratiquement pas de pistes cyclables.*
*Le conseiller communal tenait à souligner le manque de cohérence pour des sujets qui lui sont chers. C'est pourquoi il va s'abstenir lors du vote.*
*Il remercie les collaborateurs, les bénévoles et les associations qui s'engagent tous les jours pour le bien de Differdange. Car les hommes politiques ont un CDD.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *condamne fermement quelques comparaisons faites par le porte-parole écologiste pour justifier le budget. Il ferait bien de garder les pieds sur terre.*
*Ali Ruckert partage les critiques faites par le LSAP. C'est pourquoi il ne reviendra pas sur ces points.*
*Lors de la présentation du budget rectifié de 2021 et du budget prévisionnel 2022, le collège échevinal et l'expert en économie ont expliqué pourquoi le budget était ce qu'il était.*
*Ali Ruckert trouve que certaines remarques impressionnantes, mais en négatif. Le collège échevinal a repris les arguments du patronat répandus par la presse.*

*L'affirmation, par exemple, que l'indice provoque l'inflation est fausse. Car les tranches d'indice ne tombent qu'une fois que les prix ont augmenté pendant des mois ou même un an. Ces augmentations obligent le gouvernement et les patrons à indexer les salaires, mais avec du retard. Les travailleurs sont donc exposés à une perte de pouvoir d'achat. Le KPL, l'OGBL et la protection des consommateurs exigent une tranche d'indice de 1,5 %. De toute façon, les tranches d'indice n'ont qu'une influence marginale sur l'inflation. Le Statec parle de 0,3 % au maximum. Les patrons n'ont pas à augmenter les prix après une tranche d'indice, car la plupart des biens concernés sont importés de toute façon. Le problème vient du fait que le Luxembourg exploite ses travailleurs davantage que ses voisins. Les bénéfices sont donc plus importants.*

*On a aussi dit que le gouvernement était obligé d'augmenter les taux d'intérêt pour lutter contre l'inflation. Or il pourrait imposer un gel des augmentations sur plusieurs produits, une baisse des impôts et des accises sur l'essence, le diésel ou le mazout, un plafonnement des loyers et du prix de l'énergie, la lutte contre la spéculation, le gel des taxes…*

*Pour le collège échevinal, le boni 2022 ne sera possible que grâce à l'abandon de deux projets : la construction de l'école Mandela et l'agrandissement de l'hôtel de ville. Le manque de courage du collège échevinal se voit dans le fait que les dépenses sont surestimées et les recettes sous-estimées systématiquement.*

*Les investissements se montent à 112,9 millions d'euros. Or tout le monde sait que ces dépenses ne sont pas réalisées dans leur intégralité et que l'excédent sera bien plus important. En 2021, par exemple, les dépenses se sont élevées à 95,7 millions d'euros au lieu de 111,9 millions d'euros — une différence de 14 %. Le budget 2022 est gonflé par le préfinancement de projets pour l'État, ce qui fausse les dépenses extraordinaires.*

*Bien entendu, Ali Ruckert approuvera certains investissements importants. Comme dans le passé, les*

Index géif d'Inflatioun undreiwen, well et duerch den Index zu ganz ville Präiserhéijunge komme géif. Dozou wär ze soen, dass an der Realitéit eng Indextranche ëmmer eréischt dann erfält, nodeems et iwwer Méint oder souguer iwwer e ganzt Joer ëmmer erëm zu Präiserhéijunge komm ass. An dass eréischt dës Präiserhéijungen, déi d'Regierung oder d'Patronen decidéieren, et noutwendeg maachen, dass d'Léin un d'Präisdeierecht ugepasst ginn. Ma eebe mat vill Verspéidung. Soudass déi schaffend Leit duerch d'Präiserhéijung engem schläichende Kafkraaftverloscht ausgesat sinn.

Dat ass de Grond, firwat d'KPL, ma och den OGB-L an de Konsumenteschutz, eng Virschossindextranche vun 1,5 % fuerderen, fir dësem Kafkraaftverloscht entgéintzewierken.

Am Géigesaz zu der Behaaptung, den Index géif d'Inflatioun undreiwen, huet eng Indextranche nëmme marginal Auswierkungen op d'Inflatioun. De Statec huet vu maximal 0,3 Prozentpunkte geschwat.

Et ass also net esou, wéi wann d'Patronen no all Indextranche misste Präiserhéijunge virhuelen, well an der Realitéit gëtt dee gréissten Deel vun de Konsumgidder, déi fir d'Inflatioun relevant sinn, importéiert. Den Undeel vun de Léin un de Gesamtkäschte vun engem Betrib ass dogéint am Duerchschnëtt relativ niddreg. Ma well d'Ausbeutung vun der Aarbechtskraaft hei am Land méi intensiv ass wéi an eisen Nopeschlänner, ass och d'Gewënnspan méi héich, trotz dem Index.

Déi zweet Duerstellung, op déi ech wëll zréckkommen, ass d'Behaaptung, der Regierung géif näischt anescht iwwregbleiwen, wéi op Zënserhéijungen zréckzegräifen, wa se wéilt d'Inflatioun bekämpfen. Och dat ass falsch. Well d'Regierung huet politesch Moyenen, wa se da wierklech déi hausgemaachen Inflatioun bekämpfe wëll, ouni de schaffende Leit ze schueden.

Dozou gehéiert, zum Beispill, e gesetzleche Präisstopp fir eng Rei vu Wueren, déi hei am Land produzéiert a konsuméiert ginn. Oder eng zäitlech Senkung vun de Steieren an Akzisen op dem Bensinn, dem Diesel an dem Mazout, déi bal d'Hallschent vum Präis ausmaachen. Oder eng Deckelung vun den Energiepräisser an de Loyeren. Oder Moossname géint d'Spekulatioun mat Bauland a mat Wunnengen. Oder de Verzicht, administrativ d'Präisser no uewen hin unzepassen. Dat gëllt och fir d'Gemengen. Well och d'Taxenerhéijungen oder méi héich Präisser fir d'Waasser a fir d'Dreckskiwwele féieren zu enger méi héijer Inflatioun.

Fir 2022 presentéiert de Schäfferot e Budgetsprojet, deen am Gläichgewiicht ass an e relativ klengen Iwwerschoss opweist. Wat awer nëmme méiglech ass, esou kréie mer gesot, well zwee Projeten, d'Vergréisserung vum Stadhaus an de Bau vun enger Schoul op der Place Mandela gestrach goufen. Wat besonnesch negativ ass. A wat weist, dass dëse Schäfferot wéineg Courage huet an dëser Situatioun. Well generell muss ee soen, dass d'Ausgaben hei och an dësem Budgetsprojet erëm eng Kéier systematesch iwwerschat an d'Einnamen ënnerschat ginn. Soudass de Budget eigentlech kee Bild vun den tatsächlech finanzielle Verhältnisser ofgëtt.

Déi ausseruerdentlech Ausgabe solle sech fir 2022 op 112,9 Milliounen Euro belafen. Ma all Mënsch weess elo schonn, wéi mer hei sëtzen, dass dës Suen aus deene verschiddenste Grënn, guer net integral opgebraucht gi wäerten an dann natierlech e vill méi groussen Iwwerschoss am Budget erauskomme wäert.

Dat selwecht war am Joer 2021 de Fall. Am Budget stoungen 111,9 Milliounen Euro un ausseruerdentlechen Ausgaben. Mam am Budget rectifié waren et nëmme méi 95,7 Milliounen Euro. Also méi wéi 14 % manner. An ech sinn iwwerzeegt, dass wa mer d'Konte vun 2021 eng Kéier presentéiert kréien, et erëm vill manner si wäerten.

Mam Budget vun 2022 wäert et net anescht goen. Och deen ass opgeblosen, well d'Gemeng Projete fir de Staat virfinanzéiert. Wat e falscht Bild vun den ausseruerdentlechen Ausgabe vun der Gemeng ofgëtt an eigentlech net ze vertrieden ass.

Elo gëtt et natierlech am Budget eng Rei vu wichtegen Investitiounen. An als Vertrieder vun der KPL wäert ech de Kreditter vun dëse Projeten och

zoustëmmen. Wéi d'Kommunistesch Partei dat ëmmer an der Vergaangenheet gemaach huet, wann et drëms gaang ass, Investitiounen ze geneemegen, déi am Sënn vun eisen Awunner sinn. Ech denken do, ënner anerem, un de Wunnengsbau.

D'KPL begréisst, dass Ustrengungen am Beräich vum Wunnengsbau gemaach ginn. Ma déi ginn net duer! Trotz deene verschiddene Wunnengsbauprojete vun der Gemeng gëtt et weider e krasse Mangel u Mietwunnengen zu Déifferdeng.

A virun allem gëtt net richteg geplangt an et gëtt bis haut keng Berechnung, wéi vill Wunnengen all Joer gebaut gi mussen, fir d'Wunnengsnout an der Gemeng ze besäitegen. A fir dem weidere Wuesstem vun der Gemeng gerecht ze ginn.

Dass d'Gemeng elo 45 Wunnengen am Gebai vum Gulliver an der Groussstrooss vun Déifferdeng keeft, ass ze begréissen. Ma dat ass éischter Zoufall. Well hei net op Initiativ vun der Gemeng Wunnenge gebaut goufen, mee well d'Privatinitiativ, wéi sou oft an der Vergaangenheet, a wéi a ville Fäll mer dat och schonn erlieft hunn, nees eng Kéier versot huet.

Ech wëll dofir hei dat widderhuelen, wat ech d'lescht Joer schonn zum Wunnengsbau gesot hunn: Fir d'KPL misst op Gemengenniveau dem Bau vu bezuelbare Wunnengen absolutt Prioritéit bäigemooss ginn. An d'Gemeng misst an Eegeregie an Zesummenaarbecht mat den Nopeschgemengen eng Baufirma schafen a Bauaarbechter astellen, fir selwer Bauprojeten ze verwierklechen. Ouni dat gëtt de Wunnengsmangel och an den nächsten 20 Joer hei net geléist.

Als Ergänzung dozou misst endlech eng Spekulatiounssteier op bestëmmten Haiser, déi zanter laangem eidel stinn an op bestëmmten Terrainen, déi aus Spekulatiounsgrënn zanter laangem brooch leien, kommen, wéi se d'KPL zanter 2015 hei am Gemengerot gefuerdert huet. Dem Schäfferot ass virzegeheien, dass bis haut do näischt geschitt ass.

Ech wëll hei och nach eng Kéier drun erënneren, dass d'KPL et kategoresch ofleent, dass ëffentlech Déngschtleeschtungen an Déngschter privatiséiert ginn, wéi dat an der Vergaangenheet an der Gemeng Déifferdeng deelweis de Fall war. Dat ass de Fall mam Diffbus, mam Recyclinghaff zu Nidderkuer, mam Stadion zu Uewerkuer an och mat der Schwämm vum Aquasud, wou privat Gesellschafte Profitter maachen op d'Käschte vun eiser Bevëlkerung.

D'KPL bedauert, dass dës Privatiséierunge bis haut net réckgängeg gemaach gi sinn a fuerdert, dass dat geschitt.

Déi Punkten, déi ech hei opgezielt hunn, dierften duergoen, fir kloerzemaachen, firwat ech als Vertrieder vun der KPL am Gemengerot dëse Budgetsprojet net stëmme kann. Onofhängeg dervun, dass et de Budget vun de Schäfferotsparteien, de Gréngen an der CSV ass, déi dee Budgetsprojet no hiren eegene Virstellungen an hiren eegene Prioritéiten opgestallt hunn, déi net de Prioritéite vun der KPL entspriechen.

Ech wëll dofir nach eng Kéier drun erënneren, wat eis Prioritéite sinn: Dass d'Gemeng däitlech méi Sue fir d'sozial Ëmverdeelung a fir d'Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet an der Aarmut zu Déifferdeng ausgi muss. Dass de Bau vu Mietwunnengen, déi d'Leit bezuele kënnen, net nëmme weidergedriwwe gi muss, ma dass dem Bau vu bezuelbare Mietwunnengen absolutt Prioritéit ageraumt gi muss. Och der d'Grënnung vun enger kommunaler Baugesellschaft.

Dass d'Privatiséierung vu kommunalen Ariichtungen an Déngschtleeschtungen, zum Beispill déi, déi ech genannt hunn, réckgängeg gemaach gi muss. Dass ganz decidéiert Moossname géint de Verkéierschaos, deen ëmmer méi grouss gëtt, geholl gi mussen. Dass d'Parkgebüren ofgeschaaft gi mussen an d'Parken zu Déifferdeng gratis gëtt. Dass Taxenerhéijungen, fir d'kommunal Déngschtleeschtunge käschtendeckend ze maachen, verhënnert gi mussen. An déi nächst Jore keng Erhéijung vun de kommunale Präisser an Taxe virgeholl ginn.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

*communistes soutiendront les projets en faveur des citoyens, notamment dans le domaine du logement. Dans ce domaine, les efforts sont considérables, mais ils ne suffisent pas. Il manque des appartements en location à Differdange. La planification laisse à désirer, car il n'existe pas d'estimations du nombre de logements nécessaires pour faire face à la crise. En outre, la population differdangeoise continue de croitre. Le collège échevinal fait bien d'acheter 45 appartements dans la tour Gulliver. Mais c'est du pur hasard provoqué par le nouvel échec d'une initiative privée. Pour les communistes, la construction de logements devrait être une priorité absolue. La Ville de Differdange devrait créer une entreprise de construction avec les communes voisines et recruter des ouvriers. Autrement, la crise du logement ne sera jamais résolue.*

*Certaines maisons vides et certains terrains vagues devraient être taxés comme le KPL le demande depuis 2015.*

*Les communistes rejettent toute privatisation des services publics comme cela a été fait dans le passé. Ali Ruckert mentionne le Diffbus, le parc de recyclage, le stade, la piscine… Il regrette que le collège échevinal actuel n'ait pas fait machine arrière.*

*Ces points expliquent pourquoi Ali Ruckert n'approuvera pas le budget 2022, qui reflète les priorités des écologistes et du CSV, et non celles du KPL. Pour le KPL, la lutte contre le chômage et la pauvreté devrait être la priorité absolue. La même chose est vraie pour la construction de logements à louer abordables à travers la fondation d'une entreprise de construction communale. Le collège échevinal doit faire machine arrière pour ce qui est des privatisations. Il doit prendre des mesures contre le chaos sur les routes. Le stationnement doit devenir gratuit. La commune ne peut pas vouloir rentrer dans ses frais quand il s'agit de services publics. Il faut stopper l'augmentation des prix et des taxes l'année prochaine.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *rappelle qu'en ce qui concerne le budget rec-*

*tifié, les recettes extraordinaires se montent à 70 millions d'euros au lieu des 81 millions d'euros prévus. Les dépenses passent de 112 millions d'euros à 95 millions d'euros. Le boni général passe de 429 000 € à 24 millions d'euros. Il s'agit de fluctuations importantes.*
*François Meisch va se concentrer sur les points qui tiennent à cœur aux démocrates. Il essaiera de se montrer bref.*
*Il remercie les employés qui ont contribué à réaliser le budget, tous les collaborateurs de la commune, les enseignants et les éducateurs, qui ont dû travailler dans des conditions difficiles en 2021. Il leur souhaite de bonnes fêtes.*
*Le budget est le document le plus important dont discutent les conseillers communaux. C'est lui qui permet à la commune de fonctionner. Plus une ville est grande, plus les responsabilités sont conséquentes.*
*En tant que troisième ville du pays, Differdange gère de grosses sommes. Les dépenses ordinaires et extraordinaires se montent à 240 millions d'euros. Le document doit donc être analysé de manière sérieuse et responsable.*
*Le budget doit livrer des réponses quant aux grands défis de l'avenir. Dans quelle direction la commune doit-elle aller ? Comment lutter contre le chômage ? Comment offrir des chances d'avenir à tous les enfants ? Differdange doit devenir une ville où le travail et les loisirs se trouvent à proximité.*
*Des postes d'emploi ont pu être créés sur les friches industrielles. François Meisch cite l'exemple de la fabrique créative. Le potentiel est énorme. De nombreuses startups et des artistes ont découvert Differdange. Le dernier bâtiment est prêt. Son inauguration aura lieu samedi prochain.*
*En revanche, les démocrates ne comprennent pas le projet d'aménagement extérieur pour un montant de 2 097 892 €. Hier, à midi, 129 voitures et camionnettes se trouvaient sur le parking. Après les travaux, il restera 27 emplacements. François Meisch demande au collège échevinal de revoir ce projet et suggère l'aménagement d'un parking écologique. L'entrée*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Ruckert. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ech setze meng Stoppauer.

Dir Dammen, Dir Hären aus dem Gemengerot, léif Vertrieder vun der Press, léif Nolauschterer a Lieser, d'Eckdate vum Budget sinn elo bekannt. Wat de Rectifié 2021 betrëfft, fält op dass d'Recettes extraordinaires vu bal 81 Milliounen Euro am Initial op 70 Milliounen Euro am Rectifié gefall sinn. Bei den Dépenses extraordinaires waren et 112 Milliounen Euro am Initial géint herno 95 Milliounen Euro am Rectifié. De Boni général louch am Initial bei 429.000 Euro an elo am Rectifié bei bal 24 Milliounen Euro.

Finanztechnesch oder -planeresch – et gouf schonn erwäänt –, sinn dat dach grouss Schwankungen.

Als Spriecher vun der Demokratescher Partei Déifferdeng huelen ech Stellung zum Budget. Ech konzentréiere mech op déi Punkten, déi eis am meeschten um Häerz leien. Zäitlech faassen ech mech sou kuerz, wéi et geet.

Am Numm vun eiser Partei, wollt ech als éischt alle Beamte Merci soen, déi um Budget geschafft hunn. Alle Leit aus der Administratioun, vun alle Servicer an Déngschter. Dem Léierpersonal aus de Schoulen an den Opfaangstrukture soe mir och Merci fir all déi Aarbecht, déi 2021 ënner alt nach eng Kéier komeschen an oft schwierege Bedéngunge geleescht gouf a wënschen trotz allem schéi Feierdeeg.

Dat wichtegst Dokument, iwwert dat hei am politesche Joer diskutéiert gëtt, ass de Budget vun der Gemeng. Domadder steet a fält d'Fonctionnement vun enger Stad. A wat eng Stad méi grouss ass, wat méi eng grouss Verantwortung heimat verbonnen ass.

Zu Déifferdeng, als drëttgréisst Stad am Land, hu mer follglecherweis zolidd Zomme vu Suen ze geréieren. Wa mer déi ordinär an extraordinär Ausgaben zesummerechnen, komme mer wäit iwwer 240 Milliounen Euro. E gewëssene Seriö ass deemno verlaangt vun eis alleguer. Dat, fir sech mat deem Dokument ze beschäftegen an déi Analys mat beschtem Wëssen a Gewëssen duerchzeféieren. Alles anescht wär onverantwortlech.

An engem Budget erwaart ee sech mëttel- a laangfristeg Äntwerten op Zukunftsfroen, Léisunge fir déi grouss Erausfuerderungen, virun deenen d'Stad Déifferdeng nach ëmmer steet: Wou soll eis Gemeng an deenen nächste Joren an och duerno histeieren? Wéi kënne mer besser op déi sozial Schiflag an eiser Gemeng awierken an den iwwerduerchschnëttlech héije Chômage bekämpfen? Et geet och drëms, alle Kanner gerecht Zukunftschancen ze bidden. Déifferdeng muss sech weider zu enger Stad entwéckelen, wou wunne schaffen a Fräizäit méi no beieneeréckelen.

Op Industriefrichen, déi brooch louchen, sinn nei Aarbechtsplazen a ganz verschiddene Beräicher entstan. Mir hunn enormt Potenzial, wa mer alles richteg upaken. Bescht Beispill: eis Kreativfabrick. Honnerten Aarbechtsplaze sinn entstan, an déi verschiddenst Startuppen a kreativ Kënschtler hunn a wäerten Déifferdeng weiderhi kenneléieren an entdecken.

D'Aarbechten um leschte Gebai vun där Kreativfabrick sinn ofgeschloss. Mir freeën eis elo schonn op d'Aweiung den nächste Samschdeg. A wa mer scho bei der Kreativfabrick 1535° Creative Hub sinn, ass et fir eis onverständlech, wat als Aménagement extérieur elo do geplangt ass. Wou mer spéider an dëser Sitzung en Devis iwwer 2.097.892 Euro solle stëmmen.

Gëschter, wéi ech an der Mëttegstonn do war, stoungen 129 Autoen a Camionnetten do. No de geplangten Aarbechte solle just nach 27 Parkplazen iwwreg bleiwen. Fir eis en No-Go. Mir bieden Iech eindringlech, dat nach eemol ze iwwerdenken. Dir kënnt Iech net virstellen, wat dat alles do ka futti maachen. Beispillsweis hätt een op de Wee vun engem sougenannte Parking écologique kéinte goen. Sou wäre kaum Parkplazen ewechgefall, an et hätt ee kënne vill Sue spueren.

Ech si gëschter och de Wee vun der Entrée vum Parkhaus Place des Alliés bis bei den Eck vum Bâtiment C am 1535°, also der Entrée vum Sonotron gaang, dat si genau 300 Meter. Just den Aller. Ouni de Wee an d'Parkhaus bei d'Stellplaz oder ëmgedréit vum Sonotron bis an de Büro oder Atelier. Oder gegeebenefalls den Horesca-Betrib mam Numm Kesselbetrib, deen dann och an eisen Ae condamnéiert wär.

Ech zitéieren aus dem Rapport vun der Finanzkommissioun. Eng Suerg, déi expriméiert gouf, ass am Zesummenhang mam Aménagement extérieur vum 1535°, wou ee groussen Deel vun de Parkplaze géif ewechfalen. Wat kontraproduktiv wier fir d'Societéiten, déi an der Kreativwirtschaft schaffen. Hei ass Zäit Geld an de Wee bis bei de Parking Place des Alliés en Zäitverloscht an esou e kompetitiven Nodeel fir dës Entrepreneuren".

Och ass et elo de Moment, fir e weidert Standbee vun der Kreativwirtschaft an eiser Gemeng ze plangen an an den nächste Joren entstoen ze loossen. Elo missten d'Weiche gestallt ginn, fir Déifferdeng an Zukunft wirtschaftlech op staark Pilieren ze stellen, fir kloerzemaachen, datt d'Gemeng et als eng grouss Prioritéit ugesäit, nei Aarbechtsplazen op hirem Territoire ze schafen, fir eisen Awunner attraktiv a sécher Aarbechtsplazen ze bidden an déi wirtschaftlech Aktivitéit am Land ze dezentraliséieren. Schaffen a wunne méi no bréngen, dat färdert och d'Mobilitéit. Wann eng Majoritéit dee Wëlle kloer dokumentéiert, dann hunn déi ekonomesch Acteure Vertrauen an d'Entwécklung vun enger Gemeng.

Och muss d'Geschäftswelt mat an déi Diskussiounen agebonne ginn. Mir brauchen zesummen Iddien a Kreativitéit fir d'Beliewe vum Déifferdenger Stadkär. Fir dass déi traditionell Geschäftsstroosse bestoe kënnen, musse mat alle Partner alternativ Konzepter an Iddie fir de Commerce an d'Déngschtleeschtungen ausgeschafft ginn. Der Gemeng, de Geschäftsleit, Proprietären an esou weider.

Mir mussen – an dat kann och mam Comité d'accompagnement économique geschéien – eng Visioun vun der Stadentwécklung an dësem Beräich entwéckelen. Do gouf emol avancéiert, fir sech zesummenzesëtzen, ass awer bis elo nach net geschitt.

Zréck zu de Finanzen. Vun der Gemengefinanzreform huet d'Stad Déifferdeng bekanntlech profitéiert. Vum Fonds de Dotation global des communes krute mer bis Corona e gudde Batz méi wéi virun der Reform. Duerch d'Pandemie huet dat sech leider geännert.

D'Gemengeschold ass, trotz ganz zolitten Investitiounen, an de leschten 20 Joer méi wéi iwwerschaubar. Enn 2021 wäerte mer nach eng Schold vun 108,6 Milliounen Euro hunn. Wat eng Pro-Kapp-Verscholdung vu 4.036 Euro bedeit, wa mer d'Virfinanzementer fir de Staat, also d'Police-Gebai an d'EIDE, matrechnen. Wa mer dat eraushuelen, wär et op de leschten Dezember eng Pro-Kapp-Verscholdung vun 2.040 Euro.

Beim Amortissement vun der Schold leie mer ganz wäit ënner dem Seuil maximal autorisable vun 20 % vun den Dépenses ordinaires. Eis Situatioun ass also net sou schlecht. An et sollt een net ze vill pessimistesch oder zeréckhalend sinn.

Trotzdeem ass et richteg, verschidde Projeten op Äis ze leeën oder komplett falenzeloossen. Dat, fir der nächster politescher Ekipp an annerhallwem Jor keng schwéier finanziell Hypothéik a genuch Handlungsspillraum ze hannerloossen. Dat gouf am leschte Gemengerot jo nach eemol vun der Majoritéit bekräftegt.

Allerdéngs schléisst een normalerweis zum Schluss vun enger Legislaturperiod seng Projeten of. Hei geet et awer elo richteg un. Iwwer 23 Millioune Euro fir d'Renovatioun vun der Uewerkuerer Sportshal. Een neie Site/Gebai fir eise Service technique fir 70 Millioune Euro. D'Bock-Schoul fir mindestens 41 Millioune Euro. D'Meederchersschoul zu Nidderkuer zéng Millioune Euro. Gravity am Ganzen ëm déi 50 Millioune Euro. Fir nëmmen déi ze nennen an ouni un d'Inflatioun op de Matière-premièren, déi üblech Supplémente par rapport, zum Devis ze denken.

Fir eis ass et esou, dass verschidde Projeten an der Envergure iwwer hire verfügbare Portefeuille geplangt goufen an

*du Sonotron se trouve à 300 m du parking de la place des Alliés. Sans compter le chemin jusqu'à la voiture, le restaurant ou l'atelier. Pour les démocrates, le Kesselbetrib est condamné. La commission des finances a d'ailleurs exprimé son inquiétude quant à ce projet. Celui-ci serait contreproductif pour les entreprises en raison des couts et des pertes de temps.*

*Pour les démocrates, le moment est venu de réfléchir à une annexe du 1535°. Il s'agit de créer de nouveaux piliers économiques, et des emplois attractifs et surs. La mobilité douce exige que le bureau se trouve à proximité de la maison. Les acteurs économiques feront confiance à la commune si celle-ci documente clairement ce qu'elle veut faire.*

*Les commerçants doivent faire partie de la discussion pour dynamiser le centre-ville. De nouvelles idées sont nécessaires. En partenariat avec le comité d'accompagnement économique, il s'agit de développer une vision du développement urbain.*

*Pour ce qui est des finances, la commune a profité de la réforme. Avant la pandémie, le fonds de dotation global des communes a augmenté. L'endettement reste raisonnable puisqu'il se monte à 108,6 millions d'euros, c'est-à-dire 4036 € par tête d'habitant. Sans le préfinancement du commissariat et de l'EIDE, il serait de 2040 €. L'amortissement est largement inférieur à 20 % des dépenses ordinaires. Il ne faut donc pas se montrer pessimistes.*

*Malgré cela, il est nécessaire d'abandonner quelques projets pour laisser une marge de manœuvre à la prochaine équipe. C'est ce qu'a souligné la majorité.*

*Mais en général, à la fin d'une période législative, on conclut ses projets. Or, ici, c'est le contraire. Le centre sportif d'Oberkorn va être rénové pour 23 millions d'euros, le CID sera construit pour 70 millions d'euros, l'école des filles sera rénovée pour 10 millions d'euros, Gravity va couter 50 millions d'euros… Sans oublier que l'inflation va faire augmenter les prix.*

*François Meisch regrette le cout de certains projets, dont la réalisation a, en outre, été retardée inutile-*

*ment. Il aurait fallu profiter de la situation économique favorable des dernières années, car elle est destinée à empirer à l'avenir. C'est pourquoi le collège échevinal n'aura pas d'autre choix que de contracter un emprunt en 2023 ou en 2024. En 2023, la commune ne disposera plus de réserve.*
*Pour François Meisch, cela signifie que la situation de la prochaine majorité est hypothéquée. Elle devra commencer son travail par un emprunt pour financer les projets de la majorité précédente.*
*En ce qui concerne les projets abandonnés, le DP aurait fixé d'autres priorités. Le parking de la place Nelson-Mandela a été présenté avant les élections de 2017, mais il n'a toujours pas été construit au détriment des citoyens se rendant à l'hôtel de ville et des visiteurs de l'Aalt Stadhaus.*
*Pour François Meisch, il est aussi temps de plafonner les honoraires. Que les tarifs des architectes et des ingénieurs augmentent avec le prix des matières premières n'a aucun sens.*
*Les salaires représentent 51 % des dépenses ordinaires. Ce chiffre est à garder à l'œil. L'équipe actuelle devrait suffire à offrir une bonne qualité de service aux citoyens. Le collège échevinal a parlé d'une augmentation des salaires de l'ordre de 3,5 millions d'euros. Il semble donc faire allusion à deux tranches d'indice.*
*La commune perçoit des loyers à hauteur de cinq-millions d'euros.*
*Les recettes ordinaires comprennent des subsides qui n'ont même pas été demandés. Par exemple huit-millions d'euros pour l'acquisition de la tour Gulliver. Mais il n'existe ni acte ni projet clair. François Meisch n'est pas contraire à l'aménagement de logements pour les séniors, mais le seul hôtel du centre-ville va disparaitre. Pour les démocrates, ces 12 millions d'euros auraient pu être utilisés pour autre chose.*
*Le projet du stade d'athlétisme semble mort. Où en sont les discussions avec les autres communes ?*
*Le collège échevinal fait bien d'investir dans les écoles même si les devis font peur. Dans certains quartiers, les locaux sont au bord de l'explosion.*

deelweis och ze laang gewaart gouf mat der Ëmsetzung, trotz klorem Besoin. Déi ekonomesch Situatioun, mat virun allem minimalen Tauxen, huet an de leschte Jore quasi derzou opgeruff, fir dovunner ze profitéieren an den infrastrukturelle Réckstand opzehuelen.

D'Situatioun op de Finanzmäert wäert sech awer deemnächst änneren. Fakt ass – eisen Ekonomist huet et am leschte Gemengerot op Grafiken hei duergeluecht –, dass mat allem, wat elo esou spéit an der Legislaturperiod engagéiert gëtt, dass ee fir 2023 an 2024 net laanscht een neien Emprunt kënnt. Ech zitéieren aus dem Rapport vun der Finanzkommissioun: „Fakt ass, dass mer 2023 nach just en ordinären Iwwerschoss vum Exercice selwer als Eegemëttelen hunn. Keng Reserv méi vun de Jore virdrun. Spréch: Bei den aktuelle Projeten, wéi dem CID, Bock-Schoul, Gravity etc., komme mir net laanscht een neien Emprunt".

Fir mech ass dat awer eng finanziell Hypothéik fir déi nächst politesch Ekipp an annerhallwem Joer. Déi fänke mat engem neien Emprunt un, fir dat ze finanzéieren, wat virdrun engagéiert gouf.

Wat d'Zerécksetzen oder d'Opgi vu Projeten ugeet, hätte mir allerdéngs aner Prioritéite gehat. Ech denken un de Parking op der Place Nelson Mandela. Den ënnerierdesche Parking op der Mandela-Plaz gouf scho virun de leschte Gemengewalen am Joer 2017 der Ëffentlechkeet virgestallt. Geschitt ass awer näischt!

Mir schéissen eis do an den eegene Fouss. Ech denken un de Bierger hir Gäng bei d'Gemengeverwaltung. Ech denken un d'Visiteure vun eisem Kulturzentrum a sou weider.

A wa mer bei de groussen Investitioune sinn, dann erwänen ech nach eemol, dass een eng Deckelung vun den Honorairë sollt an d'A faassen. Dat gouf jo och scho geleeëntlech hei erwäänt. Et ass net gerechtfäerdegt, dass bei Architekten oder Ingenieursbüroen d'Honorairen an d'Luucht ginn, wann d'Präisser vu beispillsweis de Matières premières klammen.

Kuerz zu de Paien. Bei de Paie leie mer mëttlerweil bei liicht iwwer 51 % vun den Dépenses ordinaires. Dat musse mer awer elo am A behalen. Et sollt net doriwwer erausgoen. Mam aktuelle Staff muss et méiglech sinn, en héijen Niveau de fonctionnement vun eise Gemengeservicer ze garantéieren. Also och um sougenannten Déngscht um Bierger.

Et gouf eis gesot, dass eng Upassung vum Index eis bei de Paie géif 3,5 Milliounen Euro kaschten. Ech huelen un, Dir rechent do mat zwou Indextranchen? Soss ass et iergendwéi mengen ech e Rechefeeler.

Ze betoune bleift nach, dass mer mëttlerweil iwwer fënnef Milliounen Euro u Loyeren, tous inclus, anzéien. Do kënnt eis zegutt, dass déi richteg Weiche gestallt goufen. Wat eis elo finanziell zegutt kënnt. Denken haaptsächlech un de 1535° a sou weider.

A punkto Finanzen nach d'Remark, dass bei de Recettes ordinaires eng ganz Rei Subsiden opgefouert ginn, déi awer mol nach net ugefrot goufe respektiv et zumindest en Accord de principe gëtt.

Beispillsweis ginn aacht Milliounen Euro staatlech Subside budgetiséiert fir d'Acquisitioun vum sougenannte Gulliver-Tower. Dobäi ass weeder en Akt hei duerch de Gemengerot gaang nach steet déi genau Attributioun vum Gebai fest. Et soll eppes am Beräich Seniore ginn, krute mer gesot.

Et ka keen hei eppes géint Seniorewunnengen, intergenerationell Wunnstrukturen a Konzepter oder änlech Projeten hunn, awer verschwënnt doduerch deen eenzegen Hotel, dee mer nach am Zentrum haten an ee vun de wéinege Restauranten? A Punkto City-Management ass dat net déi ideal Attributioun oder Léisung an eisen Aen. Déi 12 Milliounen Euro avancéierte Käschtepunkt hätte mer op enger anerer Plaz gutt asetze kënnen.

De regionale Liichtathleetikstadion schéngt mer dann elo definitiv gestuerwen. Oder wéi ass do den Informatiounsstand an den Austausch mat den anere Gemengen, déi um Projet sollten deelhuelen?

An d'Schoulinfrastrukturen investéieren ass néideg a richteg. Och wann d'Devisen een dach emol schonn

erféiere loossen. Handlungsbedarf besteet awer weiderhin. A verschiddene Quartiere platzen d'Raimlechkeete bekanntlech aus allen Néit.

De Lommelshaff, wa mer weider näischt ënnerhuelen, fäerten ech, dass verschidden Elementer, wéi beispillsweis d'Scheier, vum selwen an de Koup falen. Do muss dréngend eppes geschéien!

Par contre beim Centre médico-social an der Groussstrooss deele mer d'Meenung, sech do nach eemol nei ze iwwerleeën, wat Sënn mécht. Wéi schonn erwäänt, kéint dat och fir en zweet Standbee vun der Kreativwirtschaft am Déifferdenger Zentrum a Betruecht gezu ginn.

Aner Elementer iwwersprangen ech. Ee Wuert zum Reamenagement vun der Rue Wangert. Kloer gouf et do Differenze mat den Anrainer. Awer wéi gesäit et aus mat der Sécherheet vun de Bierger? Scho viru Jore gouf gesot, et misst dréngend nom Gasreseau gekuckt ginn. Wéi schätzt SUDenergie d'Situatioun do an?

An deem Kontext eng zousätzlech Fro: Bei den Negociatioune mat den Anrainer hu verschidde Proprietäre schrëftlech hiren Accord ginn, se géifen hir Terrainen op der Voie publique der Gemeng oftrieden, wann d'Strooss géif a Stand gesat ginn. D'Remise en état vun de Reseauen an de Stroosse sinn dann elo vum Schierm. D'Fro ass: Sinn domadder all déi Accorde fir d'Oftriede vun deene verschiddene Parzellen hifälleg?

Ech hat et, ech menge virun engem Joer, schonn eng Kéier ugeschwat, et misst ee juristesch préiwe loossen ob eng Gemeng kann Aarbechten op der Voie publique maachen, och wa se net Proprietär ass. Besonnesch, wann den Zoustand vun der Strooss an dem Reseau esou schlecht ass wéi hei a schlussendlech e Risiko net kann ausgeschloss ginn. Wa sou en Avis juridique gefrot gouf, wär ech frou, wann d'Gemengerotsconseilleren eng Kopie kéinten zougedroe kréien.

A wann net, da géif ech Iech un d'Häerz leeën, esou een Avis an Optrag ze ginn. Ech mengen, d'Situatioun „Am Wangert" ass brenzeleg. D'Situatioun ass eeben iwwert Joerzéngten esou gewuess. Elo sollt ee mat deem néidege Fangerspëtzegefill no där richteger Léisung sichen. An déi ass sécher net, de Projet aus dem Budget ze sträichen. Onbedéngt muss den Dialog erëm opgebaut ginn.

Punkto Logement hu mer jorelaang gestëppelt. Mat Projete wéi dem Gravity, wou mer 80 Appartementer kafen an e gudden Deel an de Locatif geet, ass dat ee richtege Schrack an déi richteg Richtung. Dovunner wäerte mer laangfristeg finanziell profitéieren.

Initiativen an deem Beräich musse weidergefouert ginn. Verschidde Froe sollte mer eis awer ëmmer erëm stellen: Wéi kënne mer nach méi fir bezuelbaren an attraktive Wunnraum zu Déifferdeng suergen? Wéi kënne mer sécherstellen, datt Jonker hir eegen Zukunft mat der Stad Déifferdeng verbannen?

Wann ee quasi néierens méi däerf bauen, da brauch ee sech net ze wonneren, wann d'Wunnen ëmmer méi zum Luxus gëtt. Stéchwierder: PAG, Appartementsverbuet, Fassadeschutz an esou weider.

Mir hunn nach vill méi Potenzial an deem Beräich. Mer kéinten eis laangfristeg finanziell ofsécheren, mat Loyeren, déi iwwer Jore kéinten agezu ginn. Genau esou gesi mer de Kaf vun deene 50 klenge Wunnenge vu jeeweils plusminus 20 Quadratmeter am selwechte Komplex. Zu engem Präis vun insgesamt ëm déi néng Milliounen Euro. D'Miami University lount déi a se falen duerno erëm un d'Gemeng zréck.

An deem Kontext hat ech e puermol gefuerdert, de Fonds de réserve vu schlussendlech dräi Milliounen Euro opzeléisen, fir beispillsweis an de soziale Wunnengsbau ze investéieren. Dat gëtt jo bekanntlech zu 75 % staatlech subventionéiert. Da wären et schonn 12 Milliounen Euro. Ënner dem Stréch léich den Invest fir d'Gemeng bei nëmme 25 %. Mir géife Proprietär bleiwen an de komplette Loyer anzéien. Elo gouf de Fonds de réserve opgeléist. Haaptsächlech, well aktuell Strofzënsen ufalen, wann een esou Montante bei enger Bank pacht.

*Le Lommelshaff va finir par tomber en ruines. Il faut intervenir d'urgence.*
*Pour ce qui est du centre médicosocial, le collège échevinal fait bien d'attendre. Ce site pourrait servir d'annexe pour l'industrie créative.*
*Des divergences existent avec les habitants de la rue Wangert. Mais qu'en est-il de la sécurité ? Le réseau de gaz devait faire l'objet d'une évaluation il y a des années. Que dit SudEnergie ?*
*Certains riverains ont accepté de céder leur terrain sur la voie publique pour que la commune puisse refaire la route. Or la remise en état de la route a été abandonnée. Cela signifie-t-il que les accords sont abandonnés ? Une commune ne peut-elle pas réaliser des travaux sur la voie publique même si elle n'est pas propriétaire du terrain ? Car il y a danger. Le conseil communal pourrait-il recevoir une copie de l'avis juridique s'il existe ? Autrement, il serait temps d'en demander un. La situation au Wangert a empiré au fil des décennies. Il faudra faire preuve de doigté sans laisser tomber le projet.*
*En matière de logement, Gravity est un pas dans la bonne direction. Il faudra lancer d'autres initiatives de ce type et faire en sorte que les jeunes restent à Differdange. Si l'on n'a plus le droit de construire nulle part, il est évident que les prix vont augmenter. François Meisch fait référence au PAG, à l'interdiction de remplacer les maisons par des résidences, à la protection des façades…*
*Le conseiller communal salue l'achat de cinquante studios de vingt mètres carrés à Gravity pour neuf-millions d'euros. La Miami University va les louer avant de les rendre à la commune.*
*Depuis des années, François Meisch demande que le fonds de réserve de la commune soit investi dans le logement social, qui est subventionné à 75 % par l'État. Trois-millions d'euros représentent donc douze-millions d'euros. Et voilà que le collège échevinal dissout le fonds pour ne pas payer les intérêts.*
*Pour ce qui est de la ruine à proximité de l'hôpital de Niederkorn, François Meisch propose d'y implanter des logements intergénéra-*

*tionnels au lieu de le faire dans la tour Gulliver.*
*Une auberge de jeunesse ne serait pas de trop. Est-ce la raison pour laquelle la commune a acquis un terrain au carreau Thillenberg ? Le budget prévoit un petit montant.*
*Les investissements dans les maisons relais et les écoles sont nécessaires. Il vaut mieux miser sur de nouveaux projets et des agrandissements au lieu d'assainir d'anciens bâtiments.*
*Les enseignants se plaignent de devoir prendre un ticket pour stationner. Mais la même chose est vraie pour tous ceux qui viennent travailler à Differdange, contribuant ainsi au développement économique de la ville. Ces personnes ne sont pas contraires à payer pour le stationnement. Mais pourquoi ne pas introduire une vignette ?*
*Les travaux prévus au stade Thillenberg sont minimes. Or le collège échevinal, qui a fait protéger la tribune, doit prendre ses responsabilités. Il y a des rats et des cafards depuis longtemps.*
*François Meisch salue la construction du LIHPS. Les travaux d'assainissement du centre sportif d'Oberkorn sont en cours. La salle de sport d'Oberkorn deviendra conforme aux normes de l'EHF. Le LIHPS disposera d'une buvette moderne. Les frais sont logiquement conséquents. Les démocrates espèrent que la partie extérieure entre le LIHPS, la salle de gymnastique et le Hall O sera refaite.*
*François Meisch espère par ailleurs que le parc sans l'ancien stade Henri-Jungers sera enfin aménagé. Il copie cette phrase d'année en année dans son discours budgétaire.*
*Pour ce qui est de la culture, il souhaite qu'une certaine normalité revienne. Il faudrait atteindre une vitesse de croisière acceptable au moment où Differdange sera commune du mois dans le cadre d'Esch2022. En tout cas, François Meisch est sceptique quant à la plus-value d'Esch2022 pour Differdange. Peu de projets semblent enthousiasmants. Differdange est habituée à de grandes fêtes populaires et à des concerts internationaux. Malheureusement, le projet de la mine Renkert ne pourra pas être réalisé. François Meisch ex-*

Punkto Logement, als Ofschloss, nach d'Fro, wou den Dossier vun der fréierer Ruin zu Nidderkuer, an der Kéier virum Spidol, drun ass. Do kéint ee sech innovativ Wunnkonzepter virstellen, wéi zum Beispill Wunngemeinschaften oder intergenerationellt Wunnen. Éischter do wéi am Gulliver-Tower.

Och eng Jugendherberg géif Déifferdeng gutt zu Gesiicht stoen. Ass do eventuell e Lien ze maache mat der Acquisitioun vum Terrain vun ArcelorMittal um Carreau Thillebierg, wou d'Firma LuxHygiène sengerzäit täteg war? Am Budget ass jo mol e klenge Montant fir dee Site agesat.

Vill Investitioune betreffend Schoulen oder d'Maison-relaisen. Dat muss gemaach ginn. Et ass richteg, manner Gedokters ze maachen an éischter op komplett Sanéierungs- respektiv Ausbau- oder Neibauprojeten ze setzen. Den zousätzlechen dréngende Bedarf u Schoulraum hat ech virdru jo schonn erwäänt an ass bekannt.

Da gi mer och ëmmer erëm vun Enseignanten ugeschwat, datt et extreem ëmständlech wär, sech all Mueren e Parkticket ze huelen. Ee Beispill ass de Parking Woiwerwisen. Ech denken, dat gëllt net nëmme fir d'Enseignanten, mee fir all déi, déi op Déifferdeng schaffe kommen an esou zu de Recettë vun der Stad op ekonomeschen Niveau bäidroen. Déi Leit si gäre bereet ze bezuele fir de Parking. Dat steet ausser Fro.

Mir wieren en faveur vun enger Vignette, wou se de Mount e gewëssene Montant géife bezuelen. Och eng Iddi fir de Leit, déi op Déifferdeng schaffe kommen, entgéintzekommen.

Am Beräich vum Sport ginn eng Rei noutwendeg Saache gemaach. Awer, wat de Stadion Thillebierg ugeet, sinn dat just Fléckaarbechten, déi am Budget virgesi sinn. Mir hunn de Site mat senger spezieller Tribün schütze gelooss, da musse mer och elo eis Verantwortung do iwwerhuelen. Zu menger Zäit si schonn d'Kakerlacken an d'Raten do ronderëmgelaf. En plus feiert de Site am Mee d'nächst Joer säin 100. Gebuertsdag. Dat wär dach déi Geleeënheet dofir gewiescht.

Mir freeën eis, dass de Bau vum LIHPS, Luxembourg Institute for High Performance in Sports, gutt weiderkënnt. Bei der Sportshal niewendrun, déi dréngend muss kärsanéiert ginn, rullt de Bagger och elo. Déi nei Sportshal zu Nidderkuer déngt als Auswäichméiglechkeet.

Déi Uewerkuerer Sportshal soll EHF-konform ginn. Also verschidde Krittäre vun der europäescher Handballfederatioun erfëllen. D'Buvette herno am LIHPS-Gebai soll endlech zäitgeméiss ginn, souwéi och dee ganze Sanitär. Dat waren déi wichtegst Punkten, déi eis bei enger Sanéierung um Häerz louchen. De Käschtepunkt ass natierlech och substanziell.

Mir hoffen, dass dee ganzen Ausseberäich am Parc des Sports tëscht dem LIHPS, der Turnhal an dem Hall O dann och elo kann definitiv färdeggestallt ginn.

Schlussendlech gi mer d'Hoffnung net op, an Dir warscheinlech och net, dass 2022 um fréieren AS-Terrain dem Stade Henri Jungers dann endlech dee laang geplangte Park kann ugeluecht ginn. Dee Saz kopéieren ech scho jorelaang hei vu Budgetsried zu Budgetsried.

Kuerz zur Kultur. Leider ganz kuerz. Kee weess, wéi laang et nach dauert, bis am Kulturberäich an am Evenementiel erëm e bëssi Normalitéit méiglech ass. Dofir bleift just ze hoffen, dass 2022 besser gëtt wéi déi lescht zwee Joer. Dass de Betrib am Kulturzentrum erëm kann eropgefuer ginn, mat méi Zuschauer, an dass erëm ëffentlech Fester kënne stattfannen ouni Restriktiounen a sou weider.

Ech hoffen, dass mer spéitstens fir eise Mount, am Kader vun der Europäescher Kulturhaaptstad 2022, eng akzeptabel Vitesse de croisière erreechen. Ech hoffen, dass meng Skepsis sech wäert als falsch erausstellen, betreffend Esch2022, dass dee ganze Projet eng nohalteg Plus-value fir eis Gemeng gëtt.

Inhaltlech sinn ech enttäuscht. Net vill Projete rappe mech wierklech vum Hocker. Virun allem den Evenementiel kënnt ganz schlecht ewech. Do hu mer zu Déifferdeng awer scho ganz aner

Saachen erlieft: Grouss Volleksfester, international Concerten a sou weider.

Schued ass et och – ech hat et schonn eng Kéier hei erwäänt –, dass ee vun den Haaptprojeten, d'Mine Renkert, net kann ëmgesat ginn. Dat louch awer net an den Hänn vun der Gemeng. Do ass et nach eng Kéier den Opruff un ArcelorMittal, hir Decisioun ze iwwerdenken. A wann et net fir elo ass, dass awer vläicht mëttelfristeg eng adaptéiert Versioun vum Projet Realitéit kéint ginn.

Mir begréissen awer déi puer nohalteg Elementer, wéi de Gîte zu Lasauvage, am Kader vum RedRock-Trail. An d'Renovatioun vun der Lasauvager Kierch, duerch déi mer elo ganz aner Méiglechkeete kréien.

Do spillt dann och den Tourismus. Eise Minett Park, fir elo just deen ze nennen, huet sech bis Corona enger grousser Beléiftheet erfreet. Och hei kënne mer just hoffen, dass d'nächst Joer e bëssen Normalitéit zeréckkënnt. Wann ech de Budget richteg liesen, da kréie mer d'nächst Joer alt erëm kee richtege Centre d'accueil an de Fond-de-Gras. Spéitstens fir d'europäesch Kulturhaaptstad 2022 wär dat absolutt opportun gewiescht.

Tourismus allgemeng kéint an enger zweeter Phas och Theema ginn am Comité d'accompagnement économique. Dat, fir dëse Punkt mat allen Acteuren agebonnen ze diskutéieren: dem Geschäftsverband, dem Science Center, dem Minett Park, dem Territoire Naturel Transfrontalier de la Chiers, de l'Alzette an esou weider a ville méi.

Eis Bibliothéik an eis Musekschoul hunn am neie Kulturzentrum säit 2014 en adequat Doheem fonnt. De Succès gëtt hinne Recht! D'Offer gouf adaptéiert an ausgebaut. Bei der Musekschoul si mer raimlech jo schonn iwwert d'Limitt eraus. Verschidden alternativ Sitte si jo schonn an der Diskussioun. De Problem ass awer elo scho relativ akut.

Beim Theema Jumelage ass krisebedéngt dëst Joer alles an d'Waasser gefall. Wat 2022 machbar ass, muss nach ofgewaart ginn. Fir eis sechs Jumelagë mat Liewen ze fëllen, war an d'A gefaasst ginn, e Partnerschaftsveräin oder e Comité des Villes jumelées avec Differdange oder eng Commission de jumelage ze grënnen. Hoffen, dass dat no der Kris kann ëmgesat ginn. Wann ee Partnerschafte wierklech wëll mat Liewe fëllen, dann ass dat mat Aarbecht verbonnen a mat Budget! Dee sollt ee sech ginn, fir déi grenziwwergräifend Frëndschaften tëscht Veräiner, Bierger, Verantwortlechen a sou weider, ze fërderen. Hoffen, dass dat sech spéitstens am Budget 2023 erëmspigelt, wa konkreet Iddien ausgeschafft sinn.

Kuerz Remark punkto Sécherheet: Säit Jore lafen Diskussiounen a Planungen, dass d'Police en adequat Gebai mat fonctionnelle Raimlechkeeten accessibel an ugebonnen un den ëffentlechen Transport soll kréien. Wéi bei verschiddenen anere Projeten, begréisse mer, dass d'Gemeng de Prefinanzement mécht vum neie Police-Gebai um Parking Contournement. Doduerch wanne mer ganz vill Zäit a mir suergen derfir, dass eis Bierger ee bessere Service gebuede kréien.

Duerch dat neit Gebai wäert d'Police ganz aner Méiglechkeete kréien. Wäert accessibel sinn, behënnertegerecht agериicht, no um ëffentlechen Transport – ech hunn et scho gesot –, alles, wat de Moment net de Fall ass.

De Chantier entwéckelt sech gutt. Dass d'Police méi no bei de Problem-Fäll, wéi dem Parking Contournement, selwer ass herno, dem Passage eriwwer an de Stadzentrum an och beim Stadpark, ass positiv ze gesinn.

Am sougenannte Parc Gerlache feelt et effektiv nach u villem a punkto Sécherheet. Dat wësse mer alleguer. Laut Budget sinn 200.000 Euro virgesinn, fir an eise Schoulhäff Kameraen ze installéieren. Mir hoffen, dass deemnächst och endlech d'Kamerae kënne beispillsweis am ëffentleche Beräich, wéi dem Stadpark, opgestallt ginn.

D'Beliichtung am Park ass nach ëmmer ze verbesseren. Doriwwer schwätze mer schonn eng Rei Joren. Ganz zur Freed vun etleche leider gelungene Gestalten, déi do hiert Onwiesen dreiwen.

*horte ArcelorMittal à revoir sa décision à terme. Les démocrates saluent les quelques projets durables comme le gite de Lasauvage et la rénovation de l'église Sainte-Barbe. François Meisch espère qu'une certaine normalité va revenir pour le Minett Park Fond-de-Gras. D'après le budget, un vrai centre d'accueil n'est toujours pas prévu. Cela aurait pourtant été opportun pour Esch2022.*
*Le tourisme devrait être discuté dans une deuxième phase par le comité d'accompagnement économique en partenariat avec l'ACOMM, le Science Center, le Minett Park, le TNT…*
*La bibliothèque et l'école de musique disposent de locaux adéquats depuis 2014. Elles connaissent un grand succès au point que l'espace commence à manquer à l'école de musique.*
*Les évènements dans le cadre des jumelages ont dû être annulés. François Meisch espère qu'un comité des villes jumelées pourra être créé après la crise. Il souhaite que le budget 2023 en tienne compte.*
*Pour ce qui est de la sécurité, la commune a décidé de préfinancer un nouveau commissariat moderne, bien situé et facilement accessible sur le parking du contournement. Les citoyens pourront profiter d'un service plus efficace. Le bâtiment sera adapté aux personnes à mobilité réduite et sera desservi par les transports en commun, ce qui n'est pas le cas actuellement. Le chantier avance. La police se trouvera à proximité des zones à problèmes comme le parking du contournement, le centre-ville et le parc Gerlache.*
*La situation sécuritaire au parc Gerlache laisse à désirer. Le budget prévoit 200 000 € pour installer des caméras dans les cours de récréation. Les démocrates espèrent que les caméras seront aussi installées dans des lieux publics comme le parc. Depuis des années, il est aussi question d'améliorer l'éclairage.*
*Le contrat avec la société de sécurité privée ne sera pas renouvelé. À Luxembourg-ville, le gardiennage a été abandonné à la suite d'un renforcement des forces de l'ordre. Differdange va-t-elle aussi recevoir*

*davantage de policiers? Est-ce la raison pour laquelle le contrat avec la société de gardiennage a été annulé?*
*La contribution de la commune aux syndicats augmente d'une année à l'autre. François Meisch mentionne la station d'épuration du SIACH. Le budget pour le SIGI augmente de 15 %. Il est clair que la numérisation doit avancer et qu'il faut optimiser les processus pour rendre l'administration plus efficace. Il s'agit de faciliter la communication, la facturation, l'efficience, l'efficacité… Mais François Meisch se demande si une augmentation de 15 % correspond aux prestations réelles.*
*Le budget prévoit des fonds pour réparer les routes et les trottoirs. C'est une bonne chose.*
*En ce qui concerne la mobilité, François Meisch demande à nouveau que l'on compte le nombre de passagers du Diffbus.*
*Qu'attend le collège échevinal de l'étude générale sur la mobilité prévue pour l'année prochaine?*
*Le budget prévoit des panneaux numériques aux arrêts de bus. Le réseau de pistes cyclables sera développé. Actuellement, les cyclistes se rendant de Differdange à Niederkorn mettent leurs vies en danger. Le système de guidage vers les parkings serait une bonne chose s'il fonctionnait comme il faut.*
*Les investissements dans le domaine social se poursuivent. François Meisch mentionne le chômage, la pauvreté, l'encadrement des enfants, l'égalité des chances, les séniors… Differdange compte de nombreux résidents au chômage ou qui n'arrivent pas à joindre les deux bouts.*
*La commune doit veiller à une bonne inclusion dans les crèches, les écoles et les maisons relais, mais aussi au travail, dans les associations, sur la route, dans les clubs, etc. Des efforts considérables ont été effectués ces dernières années.*
*Avec le report du projet d'agrandissement de l'hôtel de ville, il faudra veiller à ce que les services disposent de suffisamment de place.*
*Depuis 3 ans, la Ville de Differdange alloue 0,25 % du budget ordinaire à l'aide humanitaire. C'est une bonne chose.*

Am selwechte Kontext eng Fro zum Gardiennage, de Security-Leit, déi owes am Zentrum hir Ronnen dréien. Et gouf gesot, de Kontrakt leeft Enn dëses Joers aus. An der Stad Lëtzebuerg hu se de Gardiennage gestoppt, nodeems d'Police bestätegt huet, dass an deem Quartier géif personell opgestockt ginn. Dofir d'Fro, ob eis Police och méi Personal hei zu Déifferdeng zur Verfügung huet. Ass dat d'Ursaach fir de Kontrakt mat der Sécherheetsfirma auslafen ze loossen?

Kuerz zu de Syndikater. Do ginn d'Budgete quasi Joer fir Joer no uewen ugepasst. Aussergewéinlech héich ass d'Upassung fir den Ausbau vun der Kläranlag beim Syndikat S.I.A.CH. Déi Erhéijung vu 15 % fir de SIGI, de Syndicat intercommunal de gestion informatique, werft Froen op. Sécherlech muss d'Digitaliséierung weidergedriwwe ginn. Dat, fir eis Prozesser ze optiméieren an ergo à long terme och esou eng méi käschteneffizient Verwaltung kënnen ze garantéieren.

D'Stad Déifferdeng kuckt jo mam SIGI, fir esou Prozesser ënner d'Lupp ze huelen. Mam Zil d'Kommunikatiounsweeër, d'Facturatioun an aner administrativ Opwänn ze vereinfachen. All Posten op Necessitéit, Effizienz an Effikassitéit sinn ze analyséieren. Dat ass begréissenswäert. Allerdéngs muss ee sech d'Fro stellen, ob eng Erhéijung vun der Kotisatioun ëm 15 % deem gerecht gëtt an den tatsächlech erfollgte Prestatiounen entsprécht.

Wéi all Joer sinn eng Rei vun Investitioune geplangt fir Astandsetzungsaarbechten. Zum Beispill fir Trottoiren oder Reprofilage vu Stroossen. Verschidde Stroosse sollen och ganz iwwert de Leescht geholl ginn. Ech mengen, dogéint ka kee sinn, virun allem, wann déi ganz Reseaue materneiert solle ginn. De Problem vum Quartier Wangert hate mer scho virdrun erwäänt.

Punkto Mobilitéit kommen elo punktuell divers Saachen. D'lescht Joer an och d'Joer virdrun hat ech op dëser Plaz no engem Comptage gefrot betreffend déi deemools nei Linne vum Diffbus. Ech géif déi Requête heimat nach eng Kéier erneieren, fir déi Zuelen ze kréien.

Am Budget steet eng Étude générale sur la mobilité. Wat kënnt do an de Cahier des charges stoen? Wat erwaart ee sech dovunner?

Punkto Mobilitéit si sécherlech gutt Usätz am Budget. Nei digital Pannoen op de Bushaltestellen, sollte se da richteg fonctionéieren, géifen de Bierger d'Aufgab sécher méi einfach maachen. D'Netz vu wichtege Vëlosweeër gëtt ausgebaut. Sou musse sech divers Fuerer net méi a Liewensgefor bréngen, wa se beispillsweis vun Déifferdeng op Nidderkuer wëllen.

De Parkleitsystem ass u sech eng gutt Saach. D'Installatioun steet schonn eng Zäitchen. Ech stelle mer awer heiansdo d'Fro, ob dat richteg ka sinn, wat do affichéiert gëtt.

Mir begréissen doriwwer eraus, dass am gewinnten Ëmfang an de soziale Beräich investéiert gëtt. Aarbechtslosegkeet, Aarmut, Kannerbetreiung, Inklusioun, Chancëgläichheet a Seniorebetreiung sinn nëmmen e puer vun de Schlagwierder, déi an dësem Zesummenhang musse genannt ginn.

Dass mir vill Leit an eiser Gemeng wunnen hunn, déi keng Aarbecht hunn, déi Dag fir Dag kämpfen, fir eng ze fannen, déi net wëssen, wéi se een Dag iwwert deen anere finanziell iwwert d'Ronne solle kommen, musse mir eis als politesch Verantwortlech ëmmer erëm virun Ae féieren. Besonnesch wann et drëms geet, Iwwerleeungen iwwert d'Zukunft ze maachen an Decisiounen an deem Sënn ze treffen.

Mir als Gemeng stinn an der Verantwortung, dass Inklusioun eng Normalitéit gëtt am Alldag. An de Crèchen, Maison-relaisen, Schoulen a sou weider. Datt déi Kanner duerno als Jugendlecher an Erwuessener d'Chance hunn, dës Inklusioun an hirem Alldagsliewen zu Déifferdeng, sief dat op der Aarbecht, an de Veräiner, am Verkéier, an hirer Fräizäit oder soss enzwousch, kënnen ze erliewen.

An dëse Beräicher gi säit Joren Efforte gemaach. An eis Leit an de betraffene Servicer leeschten do gutt Aarbecht. Dat gëllt och fir dee ganze Volet Senioren.

Mam Zerécksetze vun der geplangter Renovatioun a mam Ausbau vum Gemengenhaus musse mer awer en A drop geheien, dass all d'Servicer och an Zukunft iwwer adequat Raimlechkeete respektiv Aarbechtsbedéngunge verfügen.

Säit dräi Joer ass et jo esou, datt ee Véierelsprozent vun den ordinären Ausgabe fir e gudden Zweck soll zur Verfügung gestallt ginn. Déifferdeng, eng Stad hëlleft. Ech huelen un, dass mer eis do all eens sinn, dass dat sécher ubruecht ass a Géigenden, wou et engem gutt geet respektiv esou vill besser wéi op anere Plazen.

Punkto Luxembourg Science Center a Groussgasmaschinn gëtt et e prinzipiellen Accord mat de concernéierte Ministèren – Kultur, Educatioun, Finanzen –, fir de Projet vun engem Science Center an der Gaszentral finanziell ze begleeden.

Soumat sinn d'Weiche gestallt, dass fir d'Stad Déifferdeng eng eemoleg Saach kéint Realitéit ginn. Duerch d'Restauratioun vun der ominéiser Groussgasmaschinn an der Renovatioun an der Astandsetzung vun der monumentaler Hal mat uschléissender Implantatioun vum Luxembourg Science Center, géif sech fir eis Stad eng ganz grouss Chance erginn. Dat hunn ech jo schonn oft genuch hei gesot. Ech widderhuele mech.

E Science Center an der sougenannter renovéierter Gaszentral kéint sech x-fach vergréisseren an developpéieren. Zesumme mat, ënner anerem, der Groussgasmaschinn, wär dat eng eemoleg Saach fir déi ganz Groussregioun a géif eise Virstellunge vun enger Zukunftsvisioun gerecht ginn. Dat wär eng grouss Chance fir eis Stad, déi mer eis net däerfen entgoe loossen. Virun allem enger Stad mat esou enger handwierklecher Traditioun an enger industrieller Vergaangenheet.

An enger Stad wéi Déifferdeng, mat enger Miami University, mat enger internationaler Schoul, mat der LU:NEX, mat der Proximitéit zur Uni Lëtzebuerg passt dëse Projet wéi d'Fauscht op d'A. Déifferdeng, mat senger industrieller Vergaangenheet, déi an dësem Projet gutt zur Geltung kéim, kéint nëmmen heivunner profitéieren.

Net nëmme wären et Dausenden zousätzlech Leit, déi heihinner kéimen a geséichen, wéi vill Déifferdeng mëttlerweil ze bidden huet, et wär och en Invest an d'Zukunft vun deene jonke Mënschen, déi hei op eng spilleresch Aart a Weis eppes Neies entdecken an d'Chance kréichen, sech fir eppes ze begeeschteren, wat si virdru vläicht nach net esou kannt hunn. A wie weess, herno aus enger Passioun vläicht hire Beruff maachen.

D'Stad Déifferdeng huet en Accord de principe ginn, fir wärend der Phas vun der Aarbecht – aktuell si sechs Joer annoncéiert – pro Joer 1,5 Milliounen Euro zur Verfügung ze stellen, fir dass dee Projet kann an d'Realitéit ëmgesat ginn. Mir kënne just hoffen, dass et schnell ka lassgoen.

Et stinn nach grouss Froe vu Planung am Raum. Definitiivt Konzept, Urbanismus, Sanéierung an esou weider. Do ass et eminent wichteg, dass d'Stad Déifferdeng mat um Dësch sëtzt a sech matinvestéiert.

Zum Schluss vun dëser Interventioun zum Budget kommen ech nach bei eng ganz Rei Froen, déi fir eis am Raum stinn. Ech nennen der e puer am Schnellduerchlaf.

De geplangte Wandpark zu Uewerkuer. Dovun héiert ee kee Wuert méi. Budgetär ass och elo net onbedéngt eppes ze fannen, wat an deem Kontext an d'A sprëngt. Konkreet Fro: Wou ass den Dossier drun? Do stinn och fir d'Gemeng vill Suen um Spill. Dat laut Konventiounen an Engagementer.

D'Suppressioun vum PN15 ass och schonn erwäänt ginn. D'Zuchbarriär tëscht Déifferdeng an Uewerkuer. Wéi realistesch ass dat? Dir steiert op d'Enn vun Ärem Mandat zou. Elo misste sou lues Neel mat Käpp gemaach ginn.

Domadder zesummen hänkt de Projet aus dem Koalitiounsaccord, fir e Shared Space an den Zentrum vun Déifferdeng an Nidderkuer anzeféieren. Gëtt et do en neie Moment?

Wat déi viru laange Joren ëffentlech presentéiert Parkhaiser ugeet, ass nach

*Les ministères de la Culture, de l'Éducation nationale et des Finances ont donné leur accord pour financer le projet du Science Center et de la machine à gaz. Differdange va donc disposer d'un site unique. La restauration de la grande machine à gaz, la remise en état de la halle et l'implantation du Science Center représentent une aubaine pour la Ville. Le Science Center pourra se développer et devenir un lieu unique dans la Grande Région. Pour une ville à tradition industrielle comme Differdange, c'est une chance à ne pas laisser passer. Le Science Center viendrait s'ajouter à la Miami University, à l'EIDE, à LUNEX, à l'Université du Luxembourg…*
*Des milliers de gens viendront découvrir Differdange. Le Science Center constitue aussi un investissement dans le futur des jeunes, car ils y découvrent des choses qu'ils ne connaissent pas forcément.*
*La Ville de Differdange a donné son accord pour participer à hauteur de 1,5 million d'euros par an pendant 6 ans. François Meisch espère que les travaux commenceront rapidement. La Ville de Differdange doit donner son avis quant au concept, aux questions d'urbanisme, à l'assainissement…*
*Le conseiller communal va conclure son discours par quelques questions. Où en est le dossier du parc éolien ? Il n'y a pas d'informations dans le budget. La Ville de Differdange a mis en jeu des fonds importants, mais elle ne parle plus de ce projet.*
*Le projet de suppression du passage à niveau 15 à Oberkorn est-il réaliste ? La fin du mandat de la majorité approche. Il serait temps d'agir concrètement. De cette suppression dépend un autre projet de la coalition : le shared space dans le centre de Differdange et de Niederkorn. Où en est-on ?*
*Qu'en est-il des parkings présentés ces dernières années ? Il était notamment question d'un grand parc de stationnement en partenariat avec ArcelorMittal, mais ce projet n'est plus d'actualité. Un concours d'investissements pour un parking au contournement est-il envisageable ?*

*Le budget 2022 prévoit des sommes considérables pour des études. Mais d'autres projets se retrouvent dans le document d'année en année pour mémoire.*
*Les démocrates auraient placé les priorités ailleurs. Ils refusent de soutenir certains éléments du budget, dont ils ne comprennent pas le sens. Il serait irresponsable de voter pour le budget.*
*François Meisch plaisante sur le fait qu'il lui reste une minute.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *propose une pause de vingt minutes pour récupérer.*
*(Pause)*
*Christiane Brassel-Rausch cède la parole aux conseillers communaux.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *remercie tous ceux qui ont collaboré au budget.*
*L'offre culturelle est importante. En 2022, Differdange va accueillir de nombreux artistes aux idées originales. Il est chouette de pouvoir présenter des projets participatifs.*
*Differdange sera au cœur d'Esch2022 en septembre et octobre.*
*Monsieur Ulveling a expliqué vouloir dynamiser le jumelage avec les autres communes. Nicole Wohl propose des ateliers pour petits et grands. Elle se réjouit du fait que la foire de l'art aura lieu tous les deux ans comme le symposium de sculptures.*
*Le projet d'Artur Bordalo consistant à créer un animal autochtone à l'Entrée de ville avec des déchets est une bonne idée. Nicole Wohl propose au service culturel, au service écologique et aux commissions concernées de lancer une campagne de sensibilisation.*
*Le projet du pont de Niederkorn sera réalisé avec l'artiste Chiara Dahlem. Le projet comprendra des cœurs symbolisant le fait que le sport nous aide à rester en forme. Elle plaisante sur le fait que les cœurs ou les pompes lui rappellent qu'à l'école, dans le cours de gymnastique, certains aimaient faire les pompes plus que d'autres.*
*Elle remercie les clubs sportifs et les bénévoles ayant permis aux gens de faire du sport malgré la pandémie. Plusieurs sportifs ont été honorés au gala sportif pour leurs résultats*

ëmmer näischt geschitt. Och am nächste Budget ass net ze erkennen, dass et sollt endlech lassgoen. Ee grousst Parkhaus an Zesummenaarbecht mat ArcelorMittal, net wäit vum Contournement ewech, war mol am Gespréich, ass awer elo net méi aktuell. Ass bei der ugeduechter Organisatioun fir ee Concours d'investisseurs och e Parkhaus um Contournement ugeduecht? Dat ass déi konkreet Fro.

Masseg Etüde fir Projete stinn am Budget 2022. Awer verschidde Projete ginn elo schonn e puer Joer mat engem klenge Montant „pour mémoire" oder fir Etüde matgeschleeft.

Als Fazit muss ech festhalen, dass mer eis Prioritéiten aneschters gesat hätten an eis aner Impulser gewënscht hätten. An dass mer verschidden Elementer absolutt net ënnerstëtze kënnen an éierlech gesot net verstinn.

Mat all deene Remarken, déi ech opgelëscht hunn, kënne mir et als DP Déifferdeng net verantworten, esou ee Budget matzedroen. Merci.

Ech hätt nach eng Minutt!

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Et ass elo véier Minutten op hallwer eelef. Ech géif eis, wann Der averstane sidd, elo zwanzeg Minutte Paus maache loossen, fir dass mer erëm fit sinn, fir deenen nächsten nozelauschteren. Merci.

(Paus)

Da géife mer weiderfuere mat eise Budgetsdiskussiounen. Nodeems all d'Fraktiounsspriecher geschwat hunn, wier et dann elo un de Gemengerotsmembere fir d'Wuert ze ergräifen.

Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Virop e grousse Merci u sämtlech Intervenanten, déi um Budget an um Terrain geschafft hunn an nach schaffen.

An der Kultur ass d'Offer grouss. Ech wäert just e puer Beispiller ernimmen. Fir 2022 si vill Projete virgesinn. Mer freeën eis, zu Déifferdeng eng ganz Rei Artiste mat originellen Iddien ze accueilléieren. Et ass ëmmer flott, participativ Projeten unzebidde respektiv Projeten, déi den Austausch ferderen.

Wat Esch2022 ugeet, sou wäert Déifferdeng am September/Oktober am Mëttelpunkt stoen.

A senger Budgetsried hat den Här Tom Ulveling erwäänt, dass eise Jumelage mat anere Gemengen nees soll méi lieweg ginn. Ech kéint mer do virstellen, dass een an deem Kader Workshops fir Grouss a Kleng ubidde géif. Mir begréissen et, dass eng Konschtfoire, déi jo vill Succès hat, och well se gutt organiséiert war, weiderhin al zwee Joer zesumme mam Skulpturesymposium stattfanne soll.

De Projet, fir mam Artur Bordalo en eenheemescht Déier an d'Entrée de la Ville ze kréien, ass originell. De portugisesche Kënschtler schafft mat Offall, aus deem hie Skulpture mécht. Een Deel wäerten Dechete sinn, déi schonn a Portugal zesummegesat gi sinn. En aneren Deel wäert op der Plaz verschafft ginn. Do géif ech et gär gesinn, wann de Kulturservice zesumme mat dem Ëmweltservice an och vläicht mat de jeeweilege Kommissioune géif zesummeschaffen, fir eng Sensibiliséierungscampagne zäitgläich ze organiséieren. Nach besser wéi eng Skulptur aus Offall ass natierlech manner Offall.

En anere Projet, deen ech wëll ervirhiewen, ass dee vun der Bréck zu Nidderkuer, direkt bei der neier Sportshal, déi mat der Kënschtlerin Chiara Dahlem gemaach soll ginn. D'Iddi, dat Grafescht – ech denken do un déi wäissrout Sträifen, déi schonn op der Bréck sinn – mat an de Projet afléissen ze loossen, kann ech nëmme begréissen.

Dass d'Kënschtlerin wëll anatomesch Häerzer an deen Urban-Art-Projet afléisse loossen, ass e Concentré, wou ee sech de Moment freet, firwat. An awer läit et op der Hand: Dass mer beim Sport eis Häerzer op d'Toure kréien an eist Häerz an eise Kierper a Form halen. A wa mer eis nach ëmmer froen: Firwat da lauter Häerzer? Oder lauter Pompelen? Ma da kënne mer eis

bestëmmt drun erënneren, wéi dat am Turne war oder nach ass: Déi eng hunn d'Pompele léiwer gemaach, déi aner halt manner.

Ech soe Merci un all d'Sportveräiner an un d'Benevollen, déi et erméiglecht hunn, hei zu Déifferdeng Sport ze maachen. E grousse Merci un all Sportler, deen trotz Covidhürden, aktiv war. Eng Rei Sportler a Sportlerinne si beim gelongene Sportgala ausgezeechent ginn, well se aussergewéinlech Leeschtungen hikritt hunn. Et ass de Club, mat all deenen anere méi mëttelméissege Sportler, deen dat iwwerhaapt eréischt méiglech mécht.

Et geet haaptsächlech ëm d'Beweegung, mee och ëm d'Integratioun am Klengen an am Groussen. Et geet ëm sozial Kohärenz an d'Vermeide vun Isolatioun. Hei denken ech elo haaptsächlech un d'Senioren an un all déi Coursen, déi iwwert de Service des sports organiséiert ginn. D'Loisir-Turnen am Kader vun engem Club an déi vill Méiglechkeeten, déi iwwert de Club Senior proposéiert ginn.

Perséinlech wënschen ech mer, dass d'Kanner vun Ufank un d'Geleeënheet hunn, e Sport auszewielen an och ze wiesselen. Et ass dofir ganz wichteg, an de Maison-relaisen e flotte Programm ze proposéieren. Och wann dat sécher keng einfach Saach ass dat hinzekréien. An de Schoule wënschen ech mer, dass d'Vëlofuere méi promouvéiert gëtt. D'Gemeng huet e gudden Investissement u Vëloe gemaach. Et wier flott, wann all Schüler, egal op wéi engem Campus en da grad an d'Schoul geet, dovu kéint profitéieren. Égalité des chances halt.

Vu grousse Projete wëll ech hei nach den neie Centre sportif zu Uewerkuer erwänen, deen et jo enger ganzer Rei Clibb erméigleche wäert, do hir Trainingen ofzehalen. Ech hoffen dann och, dass déi verschidde Leef wéi Steel-Run, iRun wäerte stattfannen. Genee wéi de Chrëschtlaf, zesumme mat der RBUAP, dee jo dëst Joer op der Lëscht vun den ofgesoten Evenementer ass.

Mer begréissen d'Ënnerstëtzung säitens der Gemeng am Sportsdomän. Beim Gedanken, dass Déifferdeng kee Liichtathleetiksterrain kritt, hunn ech allerdéngs eng Tréin am A.

Mer begréissen, wéi d'Gemeng Déifferdeng am Sozialen engagéiert ass. A sech och weiderhin engagéiere wëll. Den Office social huet zum Beispill 2021 1.848 Cliente betreit an huet 5.166 mol eng Hëllef gefrot kritt. 90 % vun den Demandë konnt Rechnung gedroe ginn. Just 41 % vun den Demandë ware finanzieller Natur.

Am soziale Beräich ënnerstëtze mer ausserdeem den Job-Zenter. De Service à l'égalité des chances, wou de Volet Fra/Mann respektiv Mann/Fra an awer och den Handicap, d'Accessibilitéit, d'Integratioun traitéiert ginn.

De Service Senior Plus, deen, ënner anerem, och bei d'Leit heem geet, wann dat gewënscht oder néideg ass. Si hëllefen, zum Beispill, fir e Repas sur roues oder Telealarm ze kréien.

Den Département jeunesse, d'Maison des conflits am Fall vu Sträit mam Noper oder der Famill, de Service Bébé Plus, d'Streetworker CollecDiff, deen nei ass, a wou ech hoffen, dass dee weiderhin engagéiert schaffe wäert um Terrain. Wat se sécherlech amgaange sinn. De gratis Conseil juridique an den Écrivain public. Ech erwänen d'Épicerie sociale, déi jo kofinanzéiert gëtt vun der Gemeng, d'AIS-K, de CIGL Déifferdeng, op deen ech herno nach eng Kéier zeréckkommen, zu engem anere Punkt, an d'Jugendwunnen Arboria.

Mir begréissen, dass d'Allocation de solidarité am Budget ass, an dass mer dat ëmmer nei diskutéieren.

Ausserdeem begréisse mer, dass am Budget eppes virgesinn ass fir d'Chancëgläichheet, dass mer an deem Domän weiderkommen. Et ass nach Sputt no uewen.

A senger Ried huet den Här Paulo Aguiar erwäänt gehat, dass just 11 % bei der Police Frae sinn. Déi éischt Polizistin, eng fréier Klassekomerodin, huet mëttlerweil schonn d'Pensioun. Et ass weidergaangen. Zwar lues a lues. Mee et ass nach Sputt no uewen.

Ech hat decidéiert, mech kuerz ze faassen. Ech soen Iech Merci fir d'Wuert.

*exceptionnels. Mais ils y sont parvenus grâce à leurs clubs.*

*Le sport n'est pas qu'une question d'exercice physique, mais aussi d'intégration, de cohésion sociale et de lutte contre l'isolement. Nicole Wohl mentionne les séniors et les cours organisés par le service des sports.*

*Elle souhaiterait que les enfants puissent choisir un sport dès le départ et changer ensuite le cas échéant. C'est pourquoi les maisons relais doivent proposer un programme chouette même si ce n'est pas facile. Dans les écoles, il faut promouvoir le vélo. La commune a opéré des investissements dans ce domaine. Il faut que toutes les écoles puissent en profiter.*

*Parmi les grands projets figure le centre sportif d'Oberkorn. Nicole Wohl espère que l'iRun, le Steel-Run et le Chrëschtlaf pourront avoir lieu. Elle regrette que le stade d'athlétisme ne soit pas réalisé.*

*En 2021, l'office social a encadré 1848 clients et offert son aide 5166 fois. 41 % des demandes étaient de nature financière.*

*Nicole Wohl mentionne ensuite le Jobcenter, le service à l'égalité des chances, le service Senior Plus, le département jeunesse, la maison des conflits, le service Baby Plus, Collec'Diff, le conseil juridique gratuit, l'écrivain public, l'épicerie sociale, l'AIS Kordall, le CIGL Differdange, les logements pour jeunes à Arboria…*

*L'allocation de solidarité figure comme tous les ans dans le budget. Pour ce qui est de l'égalité des chances, il reste du pain sur la planche. Nicole Wohl salue le fait que des fonds aient été prévus pour ce domaine.*

*Monsieur Aguiar a constaté que seuls 11 % des policiers sont des femmes. La première femme policière était une camarade de Nicole Wohl, mais elle est à la retraite.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *souligne le fait que le budget 2021 n'a pas dû être adapté malgré la pandémie. En effet, l'année 2020 s'était bien déroulée d'un point de vue financier. Les subsides de l'État, qui représentent 65,30 % des recettes en 2021, ont augmenté.*
*L'exercice 2021 se clôture sur un excédent de 23 861 975,17 €.*
*Le budget 2022 est prudent, car la pandémie n'est pas finie. Les prix de l'énergie et des matières premières ont explosé. Il est notamment possible que les appartements de Gravity deviennent plus chers. L'administration communale discute d'ailleurs déjà de ce sujet.*
*Au cours des prochaines années, la fourchette entre les recettes et les dépenses va se réduire avec des conséquences négatives sur le boni.*
*Deux projets ont été abandonnés, mais Christiane Saeul ne souhaite pas revenir sur les détails. Il s'agit de l'agrandissement de l'hôtel de ville et de la place Nelson-Mandela.*
*La construction des ateliers communaux à Niederkorn va couter 70 millions d'euros. Le site sera accessible par le rondpoint de la zone Haneboesch. Le subside de l'État est estimé à 8,20 millions d'euros.*
*Le CID actuel est trop petit et la population continue de croitre. Christiane Saeul mentionne plusieurs nouveaux lotissements. Investir dans le CID est donc important.*
*La commune va acquérir l'immeuble Gulliver et 27 places de stationnement couvertes dans la Grand-rue. L'immeuble Gulliver devrait accueillir des logements pour séniors à louer. Les frais se montent à 12,5 millions d'euros. Les logements pour séniors seront subventionnés à hauteur de 75 %.*
*Comme les appartements pour séniors ne vont probablement pas dynamiser le centre-ville, Christiane Saeul propose de mélanger ces logements à des studios pour étudiants. La commune pourrait aussi organiser un sondage quant à l'affectation à donner à la tour.*
*Le centre-ville a besoin d'un hôtel. Quelle est la situation du Klenge Casino ?*
*Christiane Saeul remercie ceux qui ont contribué à réaliser le budget.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Wohl. Dir läit gutt an der Zäit! Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Madamm, Dir Häre Schäfferot, Kolleeginnen a Kolleegen, den Här vun der Press, zum Budget rectifié 2021. Trotz Covidsituatioun war 2021 an dësem Joer keng gréisser Adaptatioun néideg. Gehollef huet, dass 2020 finanziell gutt verlaf a geschafft ginn ass. An d'Erhéijung vun de staatleche Subsiden, déi 2021 65,30 % vun eise Recetten ausmaachen.

De Budget huet sech an der Linn gehalen. E wäert mat engem Boni vun 23.861.975,17 Euro, fir kee Cent ze vergiessen, ofschléissen.

Beim Budget initial 2022 heescht et virsiichteg bleiwen. Et ass eng Previsioun fir d'nächst Joer, well d'Pandemie ass nach net eriwwer. Mir hunn eng Präisexplosioun op den Energiekäschten. An och op de Matière-premièren am Bausecteur. Nach wësse mer net, wat fir en Impakt mer op dës Matièrë kréien. An esou d'Appartementer am Gravity vläicht vill méi deier ginn. Souwäit ech weess, ass d'Gemengeverwaltung mat deem Theema scho beschäftegt.

Dat bréngt mat sech, dass d'Depensen an den nächste Joren ëmmer méi no un d'Recetten erukommen. Dëst hätt dann en Impakt op de Boni vum Joer. Mussen elo scho virausplangen, fir dass de Budget 2023 nach e Boni opweist. Ech wollt eigentlech soen, no de Walen, fir dass déi Leit – mee ech ënnerloossen dat dann.

Zwee Bauprojete sinn am Budget 2022 erausgeholl ginn. Ech wëll net méi an den Detail goen, well et ass scho ganz vill doriwwer geschwat ginn. Et handelt sech ëm de Projet Renovatioun an Ausbau vun der Déifferdenger Gemeng souwéi ëm de Projet Place Nelson Mandela.

Ech kéim zum Bau vun den neie Gemengenatelieren, CID zu Nidderkuer op „Zwësche Lauterbännen". Budget total ronn 70 Milliounen. Accès dohin abegraff iwwert de Rondpoint Zone Haneboesch. En estiméierte staatleche Subsid läit bei 8,20 Milliounen Euro. Et wäert awer 2024 ginn, éier agezu ka ginn.

Den aktuelle CID ass scho säit Joren ze kleng, d'Situatioun vir bäi an hanne widder. Déifferdeng wäert jo nach all Dag weider wuesse mat de Lotissementer, déi mer nach bauen. D'Cité O', „Op breeden Dréischer" an d'Cité „Zwëschen de Lauterbännen". De Bau vum neie CID ass kee falscht Invest. Mir bauen do fir déi nächst Generatiounen.

Weider am Budget hätte mer nach de Kaf vum Immeuble Gulliver op Nummer 10 an der Groussstrooss a 27 iwwerdeckten Emplacementer am Gebai niewendrun. Besser bekannt als Hotel Gulliver, mat 45 Encadrementer. Et ass virgesinn, doraus Seniorewunnengen ze maachen, déi da verlount ginn. Käschtepunkt: 12,5 Milliounen Euro. Gëtt subventionéiert zu 75 %, awer op de Seniorewunnengen.

Eleng Seniorewunnenge beliewen op där Plaz net den Zentrum vun Déifferdeng. Am Gravity sinn och 26 Seniorewunnenge virgesinn. Da kéint ee vläicht méi op si fir eng Mixitéit am Gebai, zum Beispill Studentewunnengen. Eng Ëmfro bei eise Bierger wär och interessant, wéi si de Gulliver gesinn, en vue vun der Zesummenaarbecht mat eisem Projet, den Zentrum vun Déifferdeng nei ze beliewen.

Wat mer nach brauchen, wär en Hotel am Zentrum vun Déifferdeng. Do wär meng Fro: Wéi steet et mam Hotel vum klenge Casino?

Zum Schluss e grousse Merci un all déi Persounen, déi un dësem Budget rectifié 2021 a Budget initial geschafft hunn. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Saeul. Här De Sousa, wannechgelift.

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech wéilt och jidderengem Merci soen, deen un dësem Budget geschafft huet.

Den Här Liesch huet a senger Ried fir eis, déi gréng, global iwwert de Budget geschwat. Ech wollt kuerz op eis Finanzlag agoen.

Wéi kann een eng Finanzlag als gutt oder schlecht definéieren? Verschidde Leit, wéi den Här Muller, kucken d'Pro-Kapp-Verschëldung vun enger Gemeng. Déi seet eigentlech net vill aus. Ech wëll dat och mat e puer Zuele beleeën.

Vu datt an de leschten zéng Joer d'Bevëlkerung vun Déifferdeng ëm e bësse méi wéi 25 % gestigen ass, géif dëst jo bedeiten, datt mir 25 % méi Emprunte kéinten ophuelen. Ouni datt déi Zuel grosso modo ännere géif. Wa mir elo doheem nach e Kand géife kréien, géif eis Bevëlkerung doheem och ëm 25 % an d'Luucht klammen. Mee kéint ech mech dann ëm sou vill weider verschëlden, fir déi Pro-Kapp-Verschëldung ze halen?

Eng kleng Richtlinn gëtt et do awer, hunn ech mer soe gelooss. Déi läit bei 5.000 Euro pro Kapp. Wann déi Zuel net iwwerschratt gëtt, dann ass et gutt. Mir leien, wéi Dir richteg virdru gesot hutt, bei ronn 1.800 Euro um Schluss vum nächste Joer.

Mee wéi erkläert, dës Referenz ergëtt net vill Sënn.

Fir d'Institutiounen, déi fir eis Finanze wichteg sinn, ginn aner Indicateure geholl. D'Banke kucken de Rapport vun eiser Schold zu eisen ordinäre Recetten. Momentan leie mir bei ronn 38 %. Wat wäit ewech vun deenen 130 % ass, wou et dann och Strofzënsen ze bezuele gëtt.

Fir den Inneministère, eist Kontrollorgan, ginn aner Zuelen als Referenz fir gesond Finanze gekuckt. Si vergläichen eis Annuitéiten zu eisen ordinäre Recetten. An do leie mer, well mer an deene leschte Jore keen Emprunt opgeholl hunn, ganz gutt do. Mee op dëse Seuil vun 20 % muss opgepasst ginn!

Een neien Emprunt bedeit automatesch, datt d'Annuitéiten an d'Luucht ginn. Da muss ee bedenken, datt duerch d'Inflatioun, déi laut villen Ekonomisten – mir hunn heibanne keen Ekonomist – awer net temporär ass, déi gutt Tauxen net méi ze kréie sinn. D'Zentralbank an Amerika huet schonn d'Tauxen erhéicht. An hei an Europa wäert et net laang daueren, dann zéie mir och no! Méi héich Tauxë bedeit méi héich Zënsen. An doduerch klammen och eis Annuitéiten.

Am Rapport vun der Finanzkommissioun, wéi och scho gesot gouf, ginn déi Bedenke ganz kloer erwäänt, datt mir 2023 net laanscht en Emprunt kommen. Dat awer ouni deen nächste Schäfferot ze vill ze hypothekéieren.

Fakt ass, datt eis déi siwe bis aacht Milliounen Euro järlech vun deene leschten dräi Jore feelen. An déi feelend Zomm, déi siwen, aacht Milliounen Euro, déi feelen eis och an deenen nächste Joren all Joer. Awer et gouf gutt geschafft. Net wéi aner Gemengen, sti mir net mam Réck widder der Mauer a kënnen nach relativ gutt handelen.

Zum Theema Logement wollt ech och nach e puer Wierder soen. An engem Gespréich mam Här Weirich huet hie mir gesot, datt ee fir de Logement ni genuch maache kann. Dat huet en och hei de Moie gesot. Ech mengen, heibanne géif dat jiddereen ënnerschreiwen. Trotz dem finanziellen Drock an obwuel mir duerch den neie Pacte Logement nëmmen nach 650.000 Euro kréien – 2018, muss ee bedenken, hate mer iwwer dräi Milliounen Euro kritt –, gëtt nach an de Logement investéiert. De Gravity brauch ech hei net ze erwänen. Dat ass d'Vitrinn vun der Stad Déifferdeng.

D'Gemeng kritt en neien Tower. Si keeft fir 12,5 Milliounen Euro de Gulliver fir ronn 45 Wunnengen. Aacht Millioune kréie mer dann als Subsid. Ass mol virgesinn. Wat fir eng Wunnform doraus gëtt, ass nach net kloer. Am Libellé steet eppes vu Seniorewunnengen. Och eng intergenerationell Wunnform wär do méiglech.

An der Wierkstrooss ass virgesinn, ech nennen et mol d'Antonius-Gebai, ze kafen. Wat e wichtegt Puzzlestéck ass, fir de Parc Gerlache erëm ze beliewen.

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *remercie tous ceux ayant collaboré au budget. Il souhaite revenir sur la situation financière de la commune. Comment la juger ?*
*Monsieur Muller se base sur la dette par tête d'habitant. Mais celle-ci ne veut pas dire grand-chose. La population de Differdange a, en effet, augmenté de 25 % au cours des 10 dernières années. L'endettement de la Ville de Differdange pourrait donc augmenter de 25 % sans que la dette par tête d'habitant n'évolue. Mais d'une manière générale, on peut dire que tant que la dette ne dépasse pas 5000 €, elle est acceptable. À Differdange, elle s'élèvera à 1800 € en 2022.*
*Les banques regardent, quant à elles, le rapport entre l'endettement et les recettes ordinaires. Pour Differdange, il se situe à 38 % — nettement moins que les 130 % qui entraineraient des intérêts de pénalité.*
*Le ministère en revanche compare les annuités avec les recettes ordinaires. La Ville de Differdange s'en sort bien, mais elle doit faire attention à ne pas atteindre le seuil de 20 %, car les annuités augmentent avec chaque nouvel emprunt. En plus, avec l'inflation, les taux d'intérêt ne sont plus avantageux. La banque centrale américaine les a augmentés.*
*Pour la commission des finances, un emprunt en 2023 est inévitable. Mais cela ne devrait pas hypothéquer le travail du prochain collège échevinal.*
*En fait, il manque à la commune sept ou huit-millions d'euros par an. Malgré tout, la Ville de Differdange s'en sort bien.*
*Monsieur Weirich a dit qu'on ne pouvait jamais faire assez dans le domaine du logement. C'est vrai. Malgré la baisse des revenus liés au Pacte logement, la commune continue à investir. Le projet Gravity constitue une véritable vitrine pour Differdange. Une nouvelle tour va être construite. La commune va acheter Gulliver pour 12,5 millions d'euros. Le bâtiment comprend 45 appartements. Le subside devrait se monter à huit-millions d'euros. Il reste à voir quels types de logements créer.*

*Dans la rue de l'Usine, la commune entend acquérir le bâtiment Antonius. Cela permettra de dynamiser les alentours du parc Gerlache.*
*Differdange va démarrer une communauté de constructeurs comme à Tubingue.*
*Paulo De Sousa remercie les membres de la commission du logement. Monsieur Weirich a dit que le collège échevinal ne tenait pas compte des avis de la commission, mais les critères élaborés pour la répartition des appartements de Gravity ont été repris pratiquement tels quels. Pour ce qui est des autres idées comme les tiny houses, la commission devrait faire des propositions concrètes au collège échevinal.*
*Pour Paulo De Sousa, l'Urban Living doit être plus pédagogique. Il faut, par exemple, expliquer aux gens comment faire des économies d'eau et d'énergie. Un fabricant de cuisines italiennes, en revanche, n'est utile qu'à peu de gens. La commission du logement souhaite contribuer à la création d'un nouveau concept.*
*Les frais de fonctionnement des écoles s'élèvent à deux-millions d'euros. De nombreuses excursions ont malheureusement été annulées à cause de la pandémie. Or pour beaucoup d'enfants, les excursions sont quelque chose d'extraordinaire.*
*L'école des filles de Niederkorn sera mise en conformité. Mais il faut plus de salles de classe. Paulo De Sousa salue la réalisation d'études en vue de construire trois écoles.*
*Pour ce qui est de la jeunesse, le conseiller communal constate que l'intérêt des élèves pour la politique a évolué ces dernières années. Il se demande si cela est dû à la pandémie. Il se réjouit du partenariat entre le service jeunesse et le Zentrum fir politesch Bildung visant à expliquer l'importance du droit de vote. Lors des dernières élections, 1200 nouveaux électeurs avaient voté.*
*Le service jeunesse est un service de projets — notamment le plan communal de la jeunesse et le développement des paysages éducatifs. Le plan communal de la jeunesse comprend trois étapes : l'analyse, l'élaboration et la mise en œuvre.*

Wéi och d'Maison moderne, wou een éischten Devis haut um Ordre du jour vun dëser Sëtzung ass.

Mir si frou, datt een éischte Versuch vun enger Baugemeinschaft wéi zu Tübingen hei zu Déifferdeng an der Grousssstrooss gestart gëtt. Wat d'Logementskommissioun sécher begréisst.

Ech wëll vun der Situatioun profitéieren, fir all de Membere vun dëser Kommissioun fir d'Zesummenaarbecht Merci ze soen. Den Här Weirich huet virdru behaapt, datt de Schäfferot net ëmmer eis Avisen ëmsetzt. Mee wann ech kucken, datt d'Ausschaffe vun de Krittäre fir d'Verdeelung vun de Wunnenge vum Gravity bal 1:1 vum Schäfferot iwwerholl gouf, ass dat awer eng Wäertschätzung fir eis Aarbecht.

Mir hu weider Iddien an de Raum geworf, wéi d'Tiny Houses, zum Beispill. Ech mengen, datt wa mer do eppes Konkreetes un de Schäfferot weiderleeden, datt si kucken, fir et ëmzesetzen.

Den Urban Living ass ugeschwat ginn. Ech wëll hei kengem op d'Féiss trëppelen, mee dëst muss vill méi edukativ lafen, wou d'Leit erkläert kréien, wéi si zum Beispill bei Energie a Waasser ganz vill spuere kënnen. Een italieenesche Kichebauer, dee seng nei Kichen am Hall O ausstellt, hëlleft mengen ech deene Wéinegsten hei an der Gemeng. D'Format muss nei iwwerduecht ginn. D'Logementskommissioun huet och schonn uginn, datt se do eng Hand matupake wéilt.

Als Enseignant läit mir d'Schoul um Häerzen. D'Madamm Monique Schmit hat an hirem Rapport déi Fonctionnementskäschte vun de Schoulen ogelëscht. Ronn zwou Milliounen Euro sinn dofir virgesinn, wou déi déckste Posten de Mérite scolaire, d'Fournitures fir d'Material fir d'Kanner an de Schülertransport sinn. Coronabedéngt goufe vill Ausflich oder Kolonien ofgesot. Mee dee Posten ass, par rapport, zum Prepandemie-Wäert an d'Luucht gaang. An der Hoffnung, datt dës Aktivitéiten dëst Joer méiglech sinn.

Fir vill vun eise Kanner – dat kënne mir eis net virstellen – ass zum Beispill en Ausfluch an d'Stad, an e Musée oder duerch d'Kasematten trëppelen, eppes Aussergewéinleches.

Am leschte Gemengerot hu mir den Devis vun der Extensioun an der Mise en conformité vun dem Meederchersgebai zu Nidderkuer gestëmmt. A menger Ried hat ech deemools scho gesot, datt mir en fonction vun de klammenden Zuele vun den Awunner nach weider Klassesäll, fir e gudden Enseignement ze erméiglechen, brauchen.

Dofir begréisse mir, datt am Budget 150.000 Euro sti fir Etüden, fir dräi nei Sitte fir eis Schoulen ze bauen oder existent Gebaier ze amenagéieren, fir do Schoul ze halen.

Zum Schluss wëll ech de Volet Jugend thematiséieren. An deene leschten zwee, dräi Joer, op den héije Klassen, hunn ech eng Entwécklung bei de Schüler gesinn, wou ech e bësse verwonnert war. Déi Jore virdru war hiert Interessi fir d'Politik net esou grouss. An deen ass elo do. Ass dat coronabedéngt, well si direkt duerch d'Mesurë betraff sinn? Ech weess et net.

Dofir fanne mir et gutt, datt de Service Jeunesse, an Zesummenaarbecht mam Zentrum fir politesch Bildung, d'Wichtegkeet vum Walrecht op eng locker Aart a Weis zur Presentatioun vun de verschiddenen Evenementer, wéi zum Beispill „Endlech 18", bäidréit. An de leschte Gemengewale gouf et ronn 1.200 Neiwieler. Fir déi nächst Wale wäert d'Zuel net vill aneschters sinn. An et ass och un der Gemeng, fir d'Wichtegkeet vum Wiele méi no ze bréngen.

De Service Jeunesse – ech hoffen, datt d'Madamm Pereira mir dat net iwwel hëlt –, ass ee Projetsservice. Déi zwee gréisser Projete fir 2022 sinn de Jugendkommunalplang an den Développement des paysages éducatifs. De Jugendkommunalplang ass, wéi den Här Aguiar a senger Ried gesot huet, „de longue haleine".

Dat leeft an dräi Etappen: eng Mise en route, eng kleng Analys, Elaboratioun, an zu gudder Lescht eng Mise en oeuvre mat Aktiounen.
De Paysage éducatif ass e Begleetprojet, dee parallel zu all Aktioun mat der Jugend leeft.

De Budget fir d'Jugend ass duerno nach a verschidde Mesuren agedeelt, wou ech nëmmen déi wichtegst hei elo wëll ernimmen. Si bidde weiderhin d'Babysitting-Formatioun un. Wouvun ech selwer profitéiert hunn, well mer e gudde Babysitter fonnt hunn. Zesumme mam Job Center wëll de Service Jeunesse ee Formatiounskatalog fir Jonker opstellen. Engersäits Formatioune proposéieren, déi de Jonken am Alldagsliewen hëllefen, anerersäits ee Format fir informell Kompetenze bei de Jonken ze entwéckelen an ze valoriséieren.

Schlussendlech solle Formatiounen a Konferenzen offréiert ginn. Net fir déi Jonk, mee fir déi Erwuessen. Ech schaffen all Dag mat Jugendlechen. Ech weess a verstinn, wéi si heiansdo ticken. Novollzéie kann ech et leider net ëmmer! Dofir fannen ech déi Formatiounen interessant a wichteg, déi et erlaben, den Alldag vun de Jugendlechen aneschters ze gesinn an doduerch mat hinnen aneschters ëmzegoen.

Wéi meng Virriedner vun déi gréng stëmmen ech dëse Budget mat Jo. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här De Sousa. Wann et elo keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, komme mer zum Vott. Dann zéie mir eis zréck. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Et war elo ee Moment Panik opkomm hei am Sall. Lo hat ech scho gefaart, ech géif näischt ze soe kréien. Ech freeë mech awer, fir e puer Wuert un Iech ze riichten. An dass Der Iech och Zäit huelt, mir nozelauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Entschëllegt, Här Altmeisch, dass ech Iech ënnerbriechen. Just, fir dass mer kloer sinn, an der Virgoensweis. Bis elo war et esou, dass een nom aneren, Oppositioun a Majoritéit, sech ofgewiesselt hunn an d'Hand gehuewen hunn. Ech hu bis elo, vu mir selwer, nach ni een designéiert, fir engem d'Wuert ze ginn. Wa mer eis dorobber kënnen eenegen, dass mer weider esou verfueren, wier ech Iech dankbar.

Merci. Entschëllegt, Här Altmeisch fir d'Ënnerbriechung!

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Et ass guer näischt, Madamm Buergermeeschter. Ech soen Iech awer Merci, dass Der mer d'Wuert ginn hutt. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech brauch kengem hei am Sall Beweiser ze liwweren, wéi düster et op eise Stroossen ausgesäit. En Ausbau ass limitéiert méiglech. An dat Ganzt staut respektiv fänkt un ze kollabéieren.

Mount fir Mount maachen ech Iech am Gemengerot op d'Mëssstänn opmierksam, wat meng Stellungnam vun haut immens verkierzt.

Vill Zäit a Geld ginn an Etüde gestach, Verbesserungen op eise Stroosse bleiwen awer aus. Fäerdeg Projete ginn ëm Joren no hanne verluecht respektiv annuléiert aus finanzielle Grënn. Wat op d'Käschte vun der Sécherheet an der Liewensqualitéit vun eise Bierger geet.

Zu Nidderkuer, d'Amenagement vum Zentrum, d'Phas III a IV, gëtt zwee Joer no hannen decaléiert. D'Rue St. Pierre an d'Jean-Baptiste-Scharlé-Strooss ginn net nei amenagéiert. Sollt als séchere Schoulwee zwëschent deenen zwou Schoulen ausgebaut ginn. No zwee Joer gëtt dat decaléiert.

De Projet fir de PN15, d'Barriär zu Uewerkuer, ass ufanks als prioritär behandelt ginn. Hei am Sall wësse mer net, wou deen drun ass. Gëtt et gestoppt? Gëtt en decaléiert? Keng Anung. Nach keng ganz kloer Ausso do héieren.

Viru fënnef Joer ass d'Verkéierskommissioun, no Gespréicher mat Fachleit an enger Visitt vum Rond-point zu Nidderkuer, zur Feststellung komm, dass bedéngt duerch déi vill Foussgänger, Luuchten dëse Verkéier misste reegelen. Et schéngt esou, wéi wann dat dann d'nächst Joer realiséiert géif ginn.

*Pour ce qui est des mesures pour la jeunesse, Paulo De Sousa mentionne les formations de babysitteurs, dont il profite. Le service jeunesse va réaliser un catalogue de formations avec le Jobcenter. Il s'agira de développer et valoriser les compétences des jeunes.*
*Des formations et des conférences sont aussi prévues pour les adultes. Paulo De Sousa travaille tous les jours avec des adolescents. Il connait leur façon de penser même s'il ne la comprend pas toujours. C'est pourquoi ces formations sont importantes.*
*Paulo De Sousa approuvera le budget.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au vote. Le collège échevinal va se retirer.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *a eu peur. Il pensait qu'il ne pourrait pas prendre position.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que jusqu'à présent, la majorité et l'opposition se sont alternées sans que la bourgmestre n'ait eu à donner la parole à qui que ce soit.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *constate que la situation sur les routes est difficile et que les conseillers communaux le savent. Un développement du réseau routier est compliqué et les embouteillages engendrent un véritable chaos. Guy Altmeisch en parle chaque mois.*
*Le collège échevinal investit de l'argent dans des études, mais la situation sur les routes ne s'améliore pas — au détriment de la sécurité et de la qualité de vie.*
*La phase III du réaménagement du centre de Niederkorn est repoussée de deux ans. La rue Saint-Pierre et la rue Jean-Baptiste-Scharlé ne seront pas refaites.*
*La suppression du passage à niveau 15 à Oberkorn était une priorité. Où en est ce projet ? Le collège échevinal n'en parle plus.*
*Il y a cinq ans, la commission de la circulation et des experts ont signalé que le rondpoint de Niederkorn devait être remplacé par un carrefour avec des feux tricolores. Le*

*projet sera-t-il réalisé l'année prochaine ?*
*Cent-quinze-mille euros sont alloués au développement de Vël'OK. Mais les besoins sont autres. Il faut sensibiliser les jeunes à la cohabitation entre les piétons et les cyclistes. Les pistes cyclables et les chemins pour piétons doivent être clairement séparés. Le vélo doit reprendre sa place avant d'en développer le nombre. Il ne faudrait pas que Vël'OK devienne Vël'KO pour les piétons.*
*L'extérieur du 1535° sera réaménagé pour 2,1 millions d'euros. Mais la sécurité des piétons a été oubliée. Guy Altmeisch reviendra sur les détails tout à l'heure.*
*Le chemin vers l'école ne doit pas être interrompu par des chantiers pendant des années.*
*En ce qui concerne les installations techniques, Guy Altmeisch espère que le collège échevinal n'oubliera pas l'éclairage et les passages pour piétons.*
*La majorité n'entend pas aménager de places de stationnement dans les quartiers, mais un parking sera construit près de la nouvelle maison de retraite pour 300 000 €.*
*La sécurité doit être une priorité. Or le collège échevinal perd du temps sans apporter de solutions. Depuis 2019, il est question de caméras de surveillance dans le centre de Differdange. Cent-dix-huit-mille euros ont déjà été investis. Le budget 2022 prévoit 200 000 € supplémentaires. Mais les caméras restent dans leurs boites. Pour les victimes d'actes de violence, peu importe à qui est la faute. La semaine dernière, trois agressions ont eu lieu dans le centre. La majorité doit s'imposer face à son ministre.*
*En 2020, les socialistes avaient dit qu'il valait mieux recruter des agents municipaux que des agents de sécurité privés. Finalement, la société de sécurité a couté 450 000 € et son contrat va être résilié.*
*Guy Altmeisch salue le recrutement de trois agents municipaux. Il se réjouit du travail des éducateurs de rue.*
*La construction du commissariat est une bonne chose, mais la gestion du personnel policier laisse à désirer. Six agents sont responsables de quatre communes et de*

Vël'OK huet 115.000 Euro fir den Ausbau vun de Statiounen a Reparaturkäschten zougesprach kritt. Den Alldag beweist eis, dass aner Besoine bestinn.

D'Promotioun vun de Cyclisten a Relatioun mat Sécherheet a Code de la Route ass dréngend néideg: Gespréicher an de Jugendhaiser betreffend d'Zesummeliewe mam Foussgänger an dem Cyclist. Siichtlech Trennung zwëschent dem Vëloswee an dem Foussgängerwee. Verstäerkt Kontrolle mussen d'Trennung vun de Foussgängerweeër an de Vëlosweeër erëm hierstellen. De Vëlo, oft besat vun zwee alt dräi Leit, muss de Wee zréck op seng Plaz fannen. All dës Moossname musse gräifen, ier mer d'Zuel vun de Vëloe respektiv vun de Statiounen eropsetzen.

D'LSAP wëll net, dass de Projet Vël'OK sech zum Projet Vël'KO fir de Foussgänger entwéckelt.

Leider musse mer feststellen, dass d'Foussgänger am Budget 2022 vergiess gi sinn. Grouss Baussen-Ëmgestaltung vum 1535°, insgesamt zirka 2,1 Milliounen Euro sollen investéiert ginn. Leider ass d'Sécherheet vum Foussgänger vergiess ginn. Ech ginn an den Detail am Laf vun eiser Sitzung nach haut an.

E séchere Schoulwee däerf net duerch Chantieren iwwer Joren ënnerbrach an oniwwersiichtlech ginn.

De Budgetsposte fir eis technesch Installatioune gëtt ugepasst. Mir hoffen, dass d'ëffentlech Stroossebeliichtung an déi däischter Zebrasträifen net vergiess ginn.

D'Parkplazen an de Wunnquartieren an de Bau vu Parkhaiser fanne bei der Majoritéit och d'nächst Joer kee Gehéier. Et ginn awer 300.000 Euro investéiert fir e Parking beim neien Altersheim um Fousbann.

Ech kéim dann zum Volet Sécherheet. Sech sécher fillen a senger Gemeng op alle Plazen an zu all Moment, steigert d'Liewensqualitéit vun eisen Awunner. D'Sécherheet soll prioritär behandelt ginn. Leider muss d'LSAP Déifferdeng feststellen, dass genau bei dëse wichtegen Aufgabe vill Zäit verluer geet ouni Resultat, d'Sécherheet rar en Theema hei am Gemengerot ass.

Kameraen: Naja, säit 2019 gëtt um Projet vun den Iwwerwaachungskameraen am Zentrum vun Déifferdeng geschafft. Ronn 118.000 Euro sinn doran investéiert ginn. Weider 200.000 Euro si fir 2022 virgesinn. Leider sinn nach keng Biller disponibel. D'Kamerae bleiwen an de Këschten. Just d'Schëlter mam Hiweis op Iwwerwaachung sinn ubruecht ginn.

D'Dateschutzgesetz vun 2021 an e Minister, deen net iwwerzeegt ass vun de Kameraen, sollen d'Ursaach sinn. E bëllegen Trouscht fir d'Affer vu Gewalt. Wann ee weess, dass déi lescht Woch dräi Iwwerfäll zu Déifferdeng geschitt sinn, een am Zentrum, wou d'Méiglechkeet bestanen hätt, Biller vum Täter ze kréien. D'Kommunalpolitik muss sech op de Besoin vun de Kamerae behaapten an dat och bei hirem Minister.

Bei den Diskussiounen iwwert de Budget 2020 war d'LSAP schonn der Meenung, dass déi zwee weider Agents municipaux déi aner an déi besser Léisung wier wéi déi Beamte vun der privater Sécherheetsfirma. All Erklärungen, Beispiller a Gesetzestexter konnten d'Majoritéit net iwwerzeegen. 450.000 Euro huet d'Firma bis dato kascht. A mir sinn esou zefridde mat hirer Aarbecht, dass si ab Januar 2022 de Kontrakt gekënnegt kréien.

Dat ass fir d'LSAP en Erfolleg, dass dräi Agents municipaux nei agestallt ginn. Dass Streetworker endlech zum Alldag gehéieren, souwéi virun zwee Joer gefuerdert.

Och freet et eis, dass de Bau vum neie Kommissariat gutt virugeet. Suerge musse mer eis awer maachen iwwert d'Personalpolitik vun eiser Police. Am Alldag ass de Schichtdéngscht mat sechs Beamte besat. Zoustänneg fir véier Gemengen an zirka 80.000 Leit. Verstäerkung ass vum Minister versprach ginn. Am Januar ginn 93 Beamten agestallt. 80 Leit ginn a Pensioun. Also bleiwen der 13 fir d'ganzt Land. Mir sinn op eis Renforte gespaant.

D'Sécherheet garantéieren a verbesseren ass eng wichteg Aufgab fir d'Politik an Zesummenaarbecht mat de Ministèren, der regionaler a lokaler Police an de Bierger aus der Gemeng.

D'Politik däerf dat net ignoréieren a muss reagéieren.

Etüden an Diskussioune mussen der Vergaangenheet ugehéieren. De Bierger erwaart sech konkreet Moossnamen, déi direkt zum Sécherheetsgefill an eiser Gemeng féieren. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Hären, ech gi just kuerz op verschidde Punkten an, well mäi Virriedner schonn allerhand gesot huet.

Beim CID ass et am Wichtegsten, dass mir sou séier wéi méiglech ukomme mam Bauen. Et ass scho vill Zäit verluer gaang. An et gëtt Zäit, dass definitiv eppes geschitt. Vill Saache ginn net nei kaf fir de CID. De Budget ass hei relativ ferm zréckgefuer ginn.

Wat de Sécherheet an de Verkéier ugeet: Wann ech eis Sécherheet esou kucken, geet et an déi richteg Richtung. Mee et bleift nach e laange Wee. Endlech komme Kameraen an eis Schoulhäff, déi ausserhalb der Schoulzäit funktionéieren, fir dem Vandalismus entgéintzewierken. Soubal mir déi néideg Geneemegunge säitens dem Ministère wäerten hunn, kommen aner Plazen no, wou Kameraen noutwendeg sinn. Dëst an Zesummenaarbecht mat der Police.

De Bau vum neie Policegebai kënnt gutt virun. Mir hoffen, dass mir spéitstens – nach eng Kéier, spéitstens – wann dëst fäerdeg ass, och dat néidegt Personal kréien, wat eis zougesot gouf.

D'CSV wënscht sech erëm eng Police de quartier, fir eisen Agents municipaux an de Streetworker ënner d'Äerm ze gräifen. Hei muss zesummegeschafft ginn, fir op de Problemplazen déi richteg Saachen duerchzesetzen, fir dass et besser gëtt.

Den Effectif vun den Agents municipaux gëtt eropgesat. Dës wäerten déi privat Sécherheetsfirmaen ofléisen.

D'Mobilité douce gëtt ausgebaut. De Vël'OK, d'Vëlosweeër gi gekennzeechent, nei Elektrobornë ginn opgeriicht. An de Bushaisercher sinn digital Pannoen ugeduecht.

Wéi all Joer gi verschidde Stroosse reprofiléiert oder komplett nei gemaach.

Et freet eis, dass de Projet, fir de PN15 ewechzehuelen, nach ëmmer am Budget steet. Hei mussen déi Responsabel um Ball bleiwen. Grad wéi bei der Neigestaltung vun der Strooss am Uewerwangert, muss et dach méiglech sinn, e gemeinsamen Nenner mat de Leit ze fannen, fir dass déi Infrastrukturen, déi am Buedem am schlechten Zoustand sinn, kënnen an d'Rei gesat ginn.

Wat eise Parkleitsystem ugeet, do ass nach ëmmer Sputt no uewen. Hei schéngt munches net sou honnertprozenteg ze fonctionéieren. Et war ugeduecht, verschidden Informatiounspannoen op strateegesche Plazen opzestellen. Déi vermësse mer.

Ëmwelt an Ekologie: Ee vun de gréisste Posten, wat eis Ëmwelt betrëfft, ass e bestëmmten Apport, deen eis Gemeng muss brénge fir den Ausbau vun der Kläranlag am S.I.A.CH. zu Péiteng. Fir dass mir dann och déi néideg Subside vum Staat kréien. Mir wäerten am Laf vum Joer de Waasserpräis mussen iwwerschaffen, sou wéi dat vum Staat virgesinn ass.

De Klimapakt 2.0 kënnt. An och deen neien Ëmweltpakt kënnt, wou mer eventuell wëlle mam SICONA zesummeschaffen.

Vill Projeten, déi mam Naturschutz zesummenhänken, gi weider ausgebaut, wéi de Parc TNT, de Projet NOÉ-NOAH an de Fusilli-Projet.

Eis Bam-Ekipp kuckt no an no, do wou et méiglech ass, Bambewässerung ze installéieren, wou ganz nei gebaut gëtt respektiv geplanzt gëtt.

Ee Concours, fir d'Leit ze motivéieren, datt hire Virgäertchen net nëmmen aus Steng besteet, soll organiséiert ginn.

*quatre-vingt-mille habitants. En janvier, 93 agents vont être recrutés, mais 80 vont partir à la retraite. Il faut arrêter de discuter et agir.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *demande que les travaux de construction du CID avancent rapidement. La commune a déjà perdu assez de temps.*
*En matière de sécurité, le collège échevinal avance dans la bonne direction avec l'installation de caméras dans les cours de récréation. Dès que le ministère aura donné son accord, d'autres sites pourront être surveillés.*
*La construction du commissariat avance bien. Guy Tempels espère que quand il sera fini, le personnel sera renforcé comme il se doit.*
*Les socialistes voudraient que la police de quartier soutienne les agents municipaux et les éducateurs de rue. La collaboration entre ces acteurs est essentielle.*
*Les agents municipaux supplémentaires qui seront recrutés vont remplacer les agents de sécurité privés.*
*En ce qui concerne la mobilité, Guy Tempels mentionne Vël'OK, les pistes cyclables, les bornes de recharge électriques et les panneaux numériques aux arrêts de bus.*
*Comme tous les ans, certaines rues seront refaites ou remises en état.*
*Le projet de suppression du passage à niveau 15 reste au budget. Le collège échevinal ne doit pas abandonner. Tout comme pour le Wangert, il faut trouver une solution avec les riverains pour remettre en état les infrastructures.*
*Le système de guidage vers les parkings ne fonctionne pas comme il faut. Il était aussi question d'installer des écrans d'information.*
*Pour ce qui est de l'écologie, l'agrandissement de la centrale d'épuration du SIACH coute cher. Le prix de l'eau devra être adapté en cours d'année comme requis par l'État.*
*Guy Tempels mentionne le Pacte climat et le Pacte écologique. Le TNT, Noé-Noah et Fusilli vont être développés. L'installation du systèmes d'arrosage des arbres est prévue. Un concours va être organisé pour motiver les gens à embellir leurs jardins de devant. Le collège échevinal effectuera des analyses de l'air et de l'eau.*

*L'affaire du parc éolien est gérée de manière lamentable par le ministère. D'un côté, celui-ci demande à la commune d'élaborer des projets d'énergie alternative. De l'autre, il bloque les dossiers complets.*
*Les évènements culturels seront nombreux en 2022, ce qui est important pour tous les acteurs du milieu. Vingt-huit projets auront lieu à Differdange en septembre et octobre dans le cadre d'Esch2022. Guy Tempels espère que le public répondra présent.*
*Il remercie les bénévoles du Minett Park Fond-de-Gras et espère que la commune pourra bientôt leur présenter un projet de centre pour visiteurs.*
*Si la pandémie le permet, des fêtes vont avoir lieu.*
*Guy Tempels mentionne ensuite la nouvelle foire de l'art, qui aura lieu tous les deux ans. Deux livres seront édités : un livre de photos et un livre sur la nouvelle roseraie.*
*Pour conclure, Guy Tempels constate que parfois, il faut ralentir sans s'arrêter pour autant. Il s'agit de ne pas entrer en collision avec le mur de l'endettement. Les chrétiens sociaux approuveront le budget.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *explique que l'opposition n'est pas contraire à tous les projets. De nombreux projets sont d'ailleurs approuvés à l'unanimité. Mais l'opposition doit aussi savoir se montrer critique et poser des questions. On ne se fait pas forcément des amis, mais c'est le travail d'un conseiller communal. Pierre Hobscheit ne fait pas partie de l'opposition pour qu'on le trouve sympathique, mais pour défendre des idées qui lui tiennent à cœur.*
*Pour les socialistes, chaque euro investi dans les jeunes est bien investi. Les écoles et les maisons relais sont des infrastructures extrêmement importantes pour une commune. Au cours des dernières années, beaucoup a été fait dans ce domaine. Mais il reste du pain sur la planche. C'est un véritable défi auquel sont confrontées aussi bien la majorité que l'opposition.*
*Le budget prévoit 250 000 € pour un lieu de rencontre pour les jeunes au Thillenberg. De quoi s'agit-il exactement ? Est-ce un projet parti-*

Des Weidere solle vill verschidde Feldweeër nei gemaach ginn.

Op kritesche Plaze gi weider Loft- a Waasseranalyse gemaach.

Een Trauerspill ass déi Never-Ending-Story, wat eis Wandmillen ugeet. Einfach lamentabel, wat hei am eisen zouständege Ministèrë leeft. Op där enger Säit gi mer gefrot, fir no alternativen Energien oder Projeten ze sichen oder déi auszeschaffen. Wa mer se da sou wäit ausgeschafft hunn oder d'Dossiere praktesch komplett sinn, gi mer trotzdeem ëmmer erëm ausgebremst.

Elo nach zu eiser Kultur. Wann ech dëst Joer kucken, wou mer erëm zum Deel verschidde kulturell Evenementer kënnen ofhalen, ass sou munches fir 2022 geplangt. Wat och wichteg fir d'Acteuren aus der Zeen ass. Ouni déi si se kee Revenu hunn. Eleng fir Esch 2022 wäerten d'nächst Joer vum September bis Oktober, wou Déifferdeng am Mëttelpunkt steet, ongeféier 28 Projete stattfannen. Hei hoffe mir, dass vill Leit de Wee op Déifferdeng wäerte fannen.

Et gëllt, deene ville Benevolle vum Minett Park, Fond-de-Gras Merci ze soe fir hiren Asaz. Mir hoffen, dass mer hinne geschwë kënnen en adequate Projet virweisen, wat dee Besucherzentrum ugeet, dee scho laang soll kommen.

Verschidde Fester si geplangt. Ëmmer en vue, wéi d'Covidsituatioun et wäert zouloossen. Hoffen, dass mer do geschwënn e bessere Wee fannen. Mee et ass et wäert. Et schéngt net einfach ze sinn.

E puer nei Saache kommen derbäi, wéi eng Konschtfoire, déi all zwee Joer soll stattfannen. Zwee Bicher sollen erauskommen, iwwer e Fotoconcours an e Buch iwwert den neie Rousepark.

Ech sinn eigentlech scho bal fäerdeg. Ech hoffen, meng Zäit wäert et zouloossen. Ech kommen zur Konklusioun.

Dëse Budget ass fir eis ee verständege Budget, dee weist, dass d'Beem net an den Himmel wuessen a mir eis och emol mussen der Decken no strecken. Et ass jo net esou, wéi wa mer eng Vollbremsung gemaach hätten. Mee éischter, fannen ech, wéi wa mer den ABS ageschalt hätten, dass mer net onkontrolléiert an d'Scholdemauer rennen.

Soudass mir als CSV-Fraktioun dësem Budget kënne mat rouegem Gewëssen zoustëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Tempels. Ech kann Iech versécheren, Dir läit gutt an der Zäit! Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Léif Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot, Dir Dammen, Dir Hären, an der Oppositioun geet et net drëms, einfach dogéint ze sinn. Net fir näischt stëmme mir heibannen duerfir ganz vill Saachen eestëmmeg.

Et ass awer d'Aufgab vun der Oppositioun, och emol Saache kritesch ze hannerfroen an och emol Froen ze stellen, wa Saachen net kloer sinn. Domat mécht ee sech net ëmmer Kolleegen. Dat hunn ech jo schonn deelweis gemierkt. Ma fir mech gehéiert dat einfach zu den Aufgabe vun engem Conseiller. Zemools an der Oppositioun.

An ech sëtze jo och net an der Oppositioun, fir dass d'Leit an der Majoritéit mech léif a sympathesch fannen, mee fir mech fir déi Saachen anzesetzen, déi mir um Häerz leien a wichteg sinn.

Dir Dammen, Dir Hären, am Budget 2022 stinn duerchaus e puer interessant a flott Projeten. All Euro, dee mir an eis Kanner a Jonker investéieren, ass aus Siicht vun der LSAP, richteg a gutt investéiert. Eis Maison-relaisen an eis Schoule sinn enorm wichteg Infrastrukture fir eis Gemeng. Deem rasante Wuesstem, deen eis Gemeng an de leschte Joren erlieft huet, lafe mer gefillt iergendwéi ëmmer hannendrun, wann et ëm genee dës Infrastrukture geet.

Vill ass an de leschte Joren an deem Beräich geschitt. Dat ass och gutt. Ma et geet net duer. Dat ass en Challenge, deem mer eis als Politik musse stellen.

An dat gëllt fir mech fir d'Majoritéit wéi fir d'Oppositioun gläichermoossen.

Interessant ass am Budget ze liese vun engem Lieu de rencontre fir Jonker um Thillebierg, fir deen am Budget 250.000 Euro virgesi sinn. A wou de Gemengerot deemnächst en detailléierten Devis a Projet soll presentéiert kréien. Wat ass an deem Kontext virgesinn, fir esou e Lieu de rencontre auszeschaffen? Soll dat an engem participative Prozess zesumme mat deene Jonke geschéien, respektiv wéi ginn déi Jonk genee an dëse Projet matagebonnen?

Iwwerhaapt gëllt et, fir deene Jonken ëmmer méi adequat Infrastrukturen ze schafen a si sou gutt et geet ze encadréieren. De Streetwork-Projet ass ee gutt Beispill, wéi een dat kann ugoen. Mee och eise Jugendservice op der Gemeng ass eng ganz wichteg Ulafstell a leescht eng ganz, ganz wichteg Aarbecht.

Am Budget stinn nees Moyenen dran, fir jonk Leit anzestellen, déi op der Sich no enger Aarbecht sinn. Et ass wichteg, grad an dësen Zäiten, als ëffentlechen Acteur hei seng Responsabilitéit ze iwwerhuelen a Jonker a schwierege Situatiounen ze ënnerstëtzen.

Als LSAP kënne mir dat nëmme matdroen. Vläicht do just d'Fro – wann Der déi Zuelen eventuell hätt –, wéi vill Jonker d'Stad Déifferdeng an der Moyenne pro Joer zum Beispill iwwer e CAE-Kontrakt beschäftegt.

Ech komme kuerz op de Jugendkommunalplang. Doriwwer gouf jo hei scho geschwat. Ech hat d'lescht Joer d'Bemierkung gemaach, dass et falsch wier, verschidden Aktivitéiten ënner Plan communal jeunesse am Budget zesummenzefaassen, well mer jo eigentlech nach kee Jugendkommunalplang hunn. An dësem Budget gouf menger Remark iergendwéi Rechnung gedroen. Awer sou ganz novollzéibar ass dat, wéi et am Budget elo drasteet, fir mech nach ëmmer net. Duerfir genee meng Fro: Wat mat deenen 82.500 Euro, déi am Budget stinn, geschéie soll. A wéi de geneeën Zäitplang fir den eigentleche Jugendkommunalplang ausgesäit.

Dir Dammen, Dir Hären, am Budget sti fir 2022 100.000 Euro, fir eng Mobilitéitsetüd ze maachen. Do gi verschidde Saachen drënner ernimmt, wat ënner déi Mobilitéitsetüd fält. Prinzipiell fannen ech dat eng gutt Saach. Et ass awer nëmmen dann eng gutt Saach, wann ee sech och déi richteg Froe stellt.

Fir mech wier et, zum Beispill, interessant, emol eng Kéier ze kucken, wéi vill Leit Dag fir Dag aus eiser Gemeng erausfueren, fir an enge vun eisen Nopeschgemengen den ëffentlechen Transport ze benotzen. Ganz vill Déifferdenger Leit fueren all Dag op Käerjeng, Suessem, Péiteng oder deelweis souguer op de Belval, fir do den Zuch ze huelen. Et wier emol interessant ze wëssen, wéi vill Leit dat sinn. A wéi vill Leit Dag fir Dag vun enger netoptimaler Offer vun eiser Gemeng an eis Nopeschgemenge flüchten.

Jo, mir mussen ëmdenken an der Mobilitéit. Mee ech mengen net, dass een esou een Ëmdenke ka vun uewen erof dekretéieren. Et muss een de Leit akzeptabel Alternativen zum Auto bidden, déi se dervun iwwerzeegen, dass et néideg a gutt ass fir ëmzeklammen.

Ech kann an dësem Kontext nëmme bedaueren, dass Déifferdeng offensichtlech keng grouss Lobby am Mobilitéitsministère huet, wann et, zum Beispill, ëm nei Projete wéi de séieren Tram Richtung Süden geet. Alt nees e flotte Projet, wou den Déifferdenger Bierger sech da misst an eng Nopeschgemeng deplacéieren, wann e vun där wierklech flotter Offer an dësem flotte Projet wéilt profitéieren.

Am Kader vun der Mobilitéit, och dat gouf hei scho gesot, ass et wichteg, dass ee sech mat de Foussgänger beschäftegt. Well ech fannen déi kommen oft vill ze kuerz.

Een anert Theema, wat mech vill beschäftegt, ass d'Kommunikatioun. D'Kommunikatioun mam Bierger muss fir mech ëmmer kloer an novollzéibar sinn. Mir musse souwuel déi modern wéi och déi konventionell Methode matenee kombinéieren, fir eis Bierger beschtméiglech iwwert dat, wat an eiser Gemeng leeft, ze informéieren. Och do ass nach ganz vill Loft no uewen.

Et muss drëms goen, d'Leit duerch eng intelligent a modern Kommunikatioun

*cipatif ? De toute façon, il faut offrir aux jeunes des infrastructures adéquates et les encadrer efficacement. Le projet des éducateurs de rue est un bon exemple de la direction dans laquelle il faut aller. Le service jeunesse réalise aussi du bon travail.*

*Le budget prévoit aussi des fonds pour aider les jeunes à la recherche d'un emploi. En ces temps difficiles, c'est important. Combien de jeunes la commune emploie-t-elle à travers un contrat CAE ?*

*Pour ce qui est du plan communal de la jeunesse, l'année dernière, Pierre Hobscheit avait dit qu'il ne fallait pas regrouper des activités sous ce plan, car il n'existait pas encore. Le collège échevinal a tenu compte de cette demande. Mais à quoi vont servir les 82 500 € inscrits dans le budget ?*

*Cent-mille euros sont prévus pour une étude sur la mobilité. En principe, c'est une bonne chose. Mais à condition de poser les bonnes questions. Il serait intéressant de savoir combien de Differdangeois se rendent dans les communes voisines pour prendre les transports en commun. Car l'offre à Differdange laisse à désirer. Les gens doivent modifier leur façon de voir le transport. Mais une telle modification ne peut pas être dictée du haut vers le bas. D'abord, il faut proposer des alternatives acceptables à la voiture.*

*Pierre Hobscheit regrette le manque de lobbying de la part du collège échevinal auprès du ministère de la Mobilité concernant le tram. Les Differdangeois devront encore une fois se rendre dans une commune voisine pour en profiter.*

*La commune doit aussi penser aux piétons.*

*En ce qui concerne la communication avec les citoyens, elle doit toujours être claire. Il faut recourir aux méthodes modernes et conventionnelles pour informer les gens. Il reste du pain sur la planche.*

*Les projets doivent être présentés de manière intelligente et moderne. La pandémie présente des obstacles considérables, mais ce ne devrait pas être impossible.*

*Le budget prévoit 100 000 € pour une charte graphique alors que le projet sera réalisé en interne. À*

*quoi servira cet argent ? Les travaux ont-ils commencé ?*
*Pierre Hobscheit passe au personnel communal. Les frais de personnel sont élevés, ce qui est normal pour une commune en croissance. Mais l'administration doit offrir un service de qualité. Quelles sont les perspectives ? Existe-t-il une gestion prévisionnelle des effectifs ?*
*Où en est-on au sujet de la numérisation de l'administration ? La commission des finances souligne cette question dans son avis. Il ne s'agit pas seulement d'offrir des services aux citoyens, mais aussi d'organiser l'administration à l'intérieur.*
*Pierre Hobscheit remercie tous ceux ayant contribué à la réalisation du budget et qui s'engagent tous les jours pour le bien des citoyens.*
*Pierre Hobscheit n'approuvera pas le budget.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *va revenir sur les questions de l'écologie.*
*Parallèlement à la pandémie, les catastrophes climatiques constituent une véritable menace. La biodiversité ne fait plus partie du vocabulaire.*
*L'article budgétaire sur l'environnement représente des dépenses totales de 3,5 millions d'euros ordinaire et extraordinaire confondus, et avec les salaires des employés du service écologique. Ce n'est pas le prix d'une salle de sport ou d'une école, mais cet argent sert malgré tout à créer de chouettes projets. La protection des eaux est importante.*
*Frenz Schwachtgen mentionne la station d'épuration de Pétange.*
*La prévention des inondations et la protection contre celles-ci constituent un grand défi. Differdange a eu l'occasion de s'en rendre compte.*
*Pour ce qui est des déchets, Frenz Schwachtgen mentionne le Sidor et le centre de recyclage. La prévention doit jouer un rôle important.*
*La commune effectue aussi des contrôles de la qualité de l'air.*
*Il faut assainir les sites d'Arcelor, la forêt du Woiwer, etc.*
*Le budget prévoit des mesures dans le cadre du Plan vert et du Pacte nature.*

an d'Projete vun eiser Gemeng matanzebauen. Jo, d'Pandemie stellt een do viru grouss Erausfuerderungen. Ma onméiglech ass dat beileiwen net.

Am Kontext vun der Kommunikatioun hunn ech eng Fro, déi ech schonn d'lescht Joer gestallt hat. Déi betrëfft d'Charte graphique. Et stinn dëst Joer nees 100.000 Euro am Budget. Och wann dës Aarbechten, wann ech et richteg verstinn, in-house vun eisem Service médias solle realiséiert ginn. Wat genee geschitt mat deenen 100.000 Euro? An ass am leschte Joer och schonn un där Charte graphique geschafft ginn?

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll zum Schluss nach e puer Wuert iwwert d'Gemengeverwaltung an d'Personal soen. D'Personalkäschte vun eiser Gemeng sinn héich. Dat ass normal, well mir als Gemeng enorm gewuess sinn. Méi Bierger bedeit gläichzäiteg, dass ee sech als Verwaltung esou muss opstellen, dass een de Leit en anstännege Service kann ubidden.

Wat sinn d'Perspektive fir déi nächst Joren? Hu mir am Beräich vun de Ressources humaines sou eppes wéi eng Gestion prévisionnelle des effectifs? Falls jo: Wat soen d'Berechnungen do fir déi nächst Joren aus?

Wéi si mer opgestallt a Saachen digital Verwaltung? D'Finanzkommissioun huet an hirem immens interessanten a gudden Avis zum Budget genee dee Punkt opgeworf. Ech weess net, ob do iwwert déi lescht Joren ëmmer all néideg Efforte gemaach goufen. Et geet net just ëm d'Servicer, déi een dem Bierger liwwert, et geet och ëm d'Fonctionnement vun enger moderner Verwaltung no bannen, fir dass eng Verwaltung och no bannen optimal fonctionéiere kann.

Dir Dammen, Dir Hären, ofschléissend wëll ech all deene Leit, déi un dësem Budget matgeschafft hunn, ee ganz, ganz grousse Merci ausschwätzen, fir déi Aarbecht, déi si fir dëse Budget gemaach hunn. Awer och fir hir Aarbecht, déi si iwwert dat ganzt Joer am Sënn vun eiser Stad an am Sënn vun hire Biergerinnen a Bierger maachen.

Aus deene Grënn, déi den Här Muller schonn am Numm vun der LSAP genannt huet, wäert ech dësem Budget net kënnen zoustëmmen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Här Schwachtgen, wannechgelift.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Dir Dammen, Dir Hären, ech schwätzen zu engem Punkt, deen eis Gréng um Häerz läit, well et eise Fer de lance ass. Dat ass d'Natur an d'Ëmwelt.

All Mënsch schwätzt dervun, also nieft der Pandemie natierlech: Klimakatastrophen an esou weider, dreeën eis mat de Konsequenzen, déi mer kennen.

D'Biodiversitéit ass gläich e Friemwuert gi bei eis, och an de Stied. Dee Punkt, deen ënner Artikel 5 vun eisem Budget opgelëscht ass, Environnement, ass fir mech ee vun deene Wichtegsten. Obschonn e finanziell keng riseg Zomme verschléngt. Wann ech e bësse gekuckt hunn, Ordinär an Extraordinär confondu, wäert dat esou eng Depense nette si vun 3,5 Millionen Euro pro Joer, mat de Paie vun deene Beamten, déi am Service écologique schaffen inklusiv.

Dat ass also keng Sportshal an et ass keng Schoul an esou virun. Mee mat deem Budget ginn e ganze Koup ganz gutt Saachen ugefaangen. Ech schwätzen do vu Gewässerschutz allgemeng. Ofwaassersystem – ganz deier. Ofwaasserklärung zu Péiteng an der Anlag, kenne mer d'Chifferen, déi am Budget stinn.

Ganz speziell a ganz nei gëtt den Challenge Héichwaasserschutz a virun allem d'Preventioun géint d'Héichwaasser. Och an eiser Gemeng, wéi mer et materlieft hunn.

D'Behandlung, d'Verwäertung, d'Entsuergung vum Offall ass e risegt Theema iwwert de SIDOR, iwwert de Recyclinghaff. An d'Preventioun vun Offäll ass e risegt Theema fir eis. Loftkontrollen duerch Verkéier, Industrie kenne mer. Do schaffe mer drun. Dofir

sinn déi 3,5 Milliounen Euro netto pro Joer do.

D'Buedemschutzproblematik vun de Sanéierungsmoossnamen op de Sitten Arcelor oder fréier Woiwer Bësch a sou weider. Mer schwätzen hei vun ale Lamesch-Deponien aus den 90er-Joren.

Mesuren am Kader vum Plan vert a vun deem neien Naturpakt si virgesinn am nächste Budget.

Pacte Climat – wien huet net schonn dovun héieren? – ass eng immens wichteg Affär och fir eng Gemeng. Wann eng Gemeng net matzitt, kann de Staat och net vill ufänken. Wann d'Gemengen all net matzéien, kann de Staat och näischt maachen an deem berüümte Klimaschutz.

Net ze vergiessen d'Aktiounen zur Sensibiliséierung vun der Populatioun. Dat alles si kleng Zommen, déi sech am Budget am Artikel 5 erëmfannen, déi awer ganz, ganz weesentlech sinn, fir vun enger gudder Ekipp, déi mer elo lues a lues am Service écologique opgebaut hunn, och verschafft ze ginn am Laf vum Joer.

De Service écologique, wéi mer och an der Ëmweltkommissioun gewuer si ginn, huet e ganz detailléierte Programm opgeschafft, preparéiert fir d'nächst Joer, zesumme mat eiser Ëmweltschäffin, der Madamm Pregno. An dee sech weise léisst. Dee wäert och elo an Zukunft zur Diskussioun kommen. Dat heescht, fir all klenge Budgetsartikel, sief et nëmme 5.000 Euro am Joer, si schonn een, zwee, dräi Aktiounspunkte virgesinn.

Wat de Service ubelaangt, sinn ech frou, dass en elo endlech méi Plaz kritt huet am Gemengegebai. An d'Aussiicht besteet jo, dass mer trotz héijer Personaldecken och d'nächst Joer nach Personal kéinte bäikréien.

All déi verschidden Aufgabegebidder, déi ëmmer méi grouss ginn, sinn immens wichteg.

Dat beweist eis och an anere Budgetsartikelen, dass eis d'Ëmwelt vill Wäert ass, deem heite Schäfferot. An ech mengen och dem ganze Gemengerot. Dat beweist d'Forstwirtschaft, wou mer de Budget d'leschte Kéier haten. D'Schoulen: École nature, Bëschschoul, vläicht eng zweet Bëschschoul. Den Territoire Naturel Transfrontalier mat sengen Aktiounen, fir och europäesch Gelder am Ëmweltberäich ze kréien.

De Claude Turmes war zu Déifferdeng an en huet opgewisen, dass mer d'nächst Joer eventuell ganz gréisser Zommen iwwer indirekt Projeten, kéinte kréien, wa mer transfrontalier an der Ëmwelt zesummeschaffen.

Den Tourismus, Fond-de-Gras, Lasauvage a sou weider si weider Aspekter, fir de Leit d'Natur méi no ze bréngen, awer och nohalteg an der Natur ze schaffen.

Mir stelle fest, dass néierens Kreditter reduzéiert gi sinn. Mee et sinn op ville Plazen nei a méi héich Kreditter ageplangt. Jo, e Budget ass nëmmen eng Previsioun. An ech hoffen, dass mer capabel sinn, vill Aktiounen ze starten an eis Budgeten d'nächst Joer am Rectifié eventuell nach unzepassen. Awer no uewen.

Ze betoune bleift – ech kucken eng Kéier op d'Auer –, dass eng Rei Syndikater sech ganz eleng a reng ëm den Ëmweltberäich këmmeren. Si exekutéieren am Fong fir eis Gemeng, zesumme mat hirem Staff vun de Syndikater an zesumme mat eise Betriber a Büroen, déi spezifesch Ëmweltdossieren, fir déi si hir Vocatioun hunn. Dee Bilan fanne mir erëm, global gesinn, an eisem Budget, nieft de Fixkäschten, nieft der fixer Participatioun, déi och all Gemeng pro Awunner, dacks gestaffelt, ze bezuelen huet.

Do handelt et sech ëm de SIDOR, de Minett-Kompost, wat d'Gestion de déchets ubelaangt an och d'Vermeidung vun den Decheten. Hir Vocatioun ass dohinner ausgedeent ginn. E SICONA, dee sech ëm Naturprojete bekëmmert. Een, deen eis an deene Beräicher hëlleft a preventiv oder proaktiv scho schafft, dat ass den SES, mat der Waasserwirtschaft, dass mer proppert Waasser aus dem Krunn kréien. Dat soll méi deier ginn d'nächst Joer.

Mir Gréng, an ech denken och eis Koalitioun, ass bereet, iwwer e gestaffelte Waasserpräis, ënner iergendenger Form, déi autorisabel ass, mol ze diskutéieren. Ech mengen, dat ass eng

*Le pacte climat a besoin du soutien de toutes les communes pour fonctionner. Autrement, le gouvernement ne peut pas faire grand-chose. Toutes ces mesures représentent de petites sommes figurant dans l'article 5 du budget et sont gérées par l'équipe du service écologique.*
*Le service écologique a préparé un programme détaillé pour 2022 avec madame Pregno. Des actions sont prévues pour chaque petite somme. Le service dispose enfin de plus de place et du personnel supplémentaire pourrait être recruté.*
*D'autres articles budgétaires démontrent aussi l'importance de l'écologie pour le collège échevinal et le conseil communal. Frenz Schwachtgen mentionne la gestion des forêts, l'école nature, le Kannerbongert, le territoire naturel transfrontalier… Claude Turmes est venu à Differdange et a expliqué que la commune pourrait obtenir des subsides indirects importants pour des projets écologiques transfrontaliers.*
*Le tourisme, le Fond-de-Gras et Lasauvage peuvent aussi sensibiliser les gens à la nature.*
*Frenz Schwachtgen constate que de nombreux crédits ont été adaptés vers le haut. Il espère qu'en 2023, beaucoup d'actions seront lancées.*
*Il rappelle que plusieurs syndicats s'occupent exclusivement de dossiers environnementaux pour les communes. Le bilan se trouve dans le budget à travers les frais de fonctionnement et les frais de participation, qui sont généralement échelonnés en fonction du nombre d'habitants.*
*Le Sidor s'occupe de la gestion des déchets, le Sicona de projets environnementaux, le SES de la gestion des eaux… D'ailleurs, le prix de l'eau est destiné à augmenter l'année prochaine. Les écologistes sont prêts à discuter d'un prix de l'eau échelonné. Mais il faudra voir ce qui sera permis ou pas. Il faudra tenir compte du résultat des discussions qui auront lieu l'année prochaine.*
*Le SIACH compte investir 70 millions d'euros pour la nouvelle station d'épuration, qui servira 50 000 à 60 000 habitants. Il s'agit de se moderniser, car il n'est pas normal*

*qu'une partie des eaux usées de Differdange coulent dans la Chiers. Frenz Schwachtgen constate que le temps qui lui était imparti est écoulé. Il estime que la commune avance dans la bonne direction pour ce qui est de l'écologie. Il exhorte la commune et ses entreprises à agir comme modèle pour les habitants.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *va revenir sur le sport, car il s'est occupé de ce ressort quand il était échevin.*
*Il s'étonne de la panique du collège échevinal alors que le budget est similaire à celui des années précédentes. D'où vient cette peur ?*
*La population et les commerçants écoutent ce que le collège échevinal et le conseil communal racontent et voient comment ils réagissent à certaines situations. Or Fred Bertinelli n'a pas l'impression que la commune lance le bon message.*
*Pour ce qui est du sport, il y a tellement peu à dire que monsieur Muller aurait pu parler de ses thèmes cinq minutes de plus. Les évènements sont traditionnels, comme le Tour du Luxembourg et les différentes courses. C'est normal pour une ville comme Differdange.*
*Fred Bertinelli est déçu que le projet du stade d'athlétisme ait été abandonné. Or le conseil communal avait approuvé le projet dans le cadre de City of Sport. La Ville de Differdange a fait des promesses, qu'elles devraient maintenir. Après tout, elle a été honorée et a figuré pendant des semaines dans les journaux.*
*Le collège échevinal a l'intention de construire trois écoles, mais pas l'école du sport dont il était question. Or le ministre des Sports avait apporté son soutien total à ce projet, car cela aurait été la première école du sport du pays. Il soutenait aussi le projet du stade d'athlétisme, qui aurait été cofinancé par quatre autres communes. Les subsides se seraient élevés à 80 %. Que le collège échevinal ait décidé d'abandonner ce projet effraie Fred Bertinelli.*
*Differdange ne mérite pas le titre de ville du sport, car elle ne maintient pas ses promesses — y compris en ce qui concerne le handicap.*

Saach, déi mer mussen ugoen, deemno wat elo dobäi erauskënnt an der Diskussioun d'nächst Joer.

Ze bemierke sinn déi héich Investitiounen, déi de S.I.A.CH. virhuet, eng 70 Milliounen Euro fir eng nei Kläranlag. Déi awer fir Awunner vu bis zu 50.000, 60.000 Leit da geduecht ass. Wann ech mech elo net ieren. Déi Budgetsbelaaschtung musse mer, zäitbegrenzt natierlech, aushalen, fir eis do op de leschte Stand ze bréngen. Well et ass jo net normal, dass bis virun zwee Joer nach quasi eist Ofwaasser vun Déifferdeng an d'Kor zum Deel gefloss ass.

Meng Zäit ass ëm, kréien ech gesot. Ech wëll just nach d'Konklusioun zéien. Ech denken, dass mer am Ëmweltberäich um gudde Wee sinn. An ech ruffen och jiddwereen op, an och d'Gemeng als Virbild, Madamm Buergermeeschter, Dir Hären an Damme Schäffen, och d'Gemeng mat hire Betriber, mat hirem ganze Fonctionnement soll par rapport zur Bevëlkerung mam gudde Beispill virgoen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Schwachtgen. Den Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dee Leschten ass bal vergiess ginn! Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, wéi soll et anescht sinn, ech wäert mech e bësse mam Sport beschäftegen. Wat jo als fréiere Sportschäffe bal normal ass.

Ech sinn e bëssen erféiert bei der Presentatioun vum Budget, datt esou vill Panik gemaach gëtt mat engem Budget. Ech hu versicht, am Budget ze kucken, e war net vill anescht wéi déi Budgete virdrun, déi mer haten. Soudatt ech net richteg verstanen hunn, firwat déi Angscht do war.

Mir musse wëssen, datt mer als Schäffen- a Gemengerot eng gewësse Funktioun no baussen hunn. Och vis-à-vis vun eise Geschäftsleit an deene Leit, déi hei an der Stad wunnen, déi och ëmmer lauschteren, wéi d'Gemeng op verschidde Saache reagéiert. An ech weess net, ob mer do dee richtege Message no bausse ginn hunn. Dat mécht da jiddweree mat sech selwer aus.

Wat de Sport ugeet, wëll ech soen, datt mer dem Här Muller roueg nach hätte kënne fënnef Minutte ginn, well et ass net vill geschitt. Wann een dat hëlt, wat am Bauen ass, wat de virege Schäfferot geplangt huet, wat amgaang ass gebaut ze ginn, muss ee soen, dass net vill geschitt ausser déi habituell Saachen, déi normal sinn, wéi déi verschidde Runnen, déi mer maachen, wéi den Tour de Luxembourg, wat am Budget steet. Wat ech ganz normal fanne fir eng Stad wéi Déifferdeng, datt esou Saache gemaach ginn.

Mee extreem enttäuscht sinn ech driwwer, datt Der elo komplett vun der Liichtathleetikspist ofgesitt. Ech erënneren Iech, dat hu mer ënnerschriwwen – hei dee ganze Gemengerot huet dat ënnerschriwwen –, wa mer City of Sports ginn. Wou fënnef Leit hei zu Déifferdeng waren, wou mer gesot hunn, mir géifen an eng Richtung goe mam Sport, déi nach keng aner Stad hei am Land hätt wéi Déifferdeng. An do hu mer Saachen ënnerschriwwen a Saache versprach. A Versprieche sollt een, wannechgelift, halen! Zemools wann ee se op deem doten Niveau mécht an een dann och dofir wëllt geéiert ginn an da wochelaang an der Zeitung dofir ass.

Ech sinn extreem enttäuscht, datt d'Liichtathleetikspist einfach esou falegelooss ginn ass. Ënner anerem och déi Schoul. Mir mussen zwar dräi Schoule bauen. Mee ech hunn näischt héieren, datt vun deenen dräi Schoulen, déi mer bauen, eng Sportsschoul dobäi wier. Dat ass eppes, wou souguer de Minister gesot huet, dat wier déi éischt hei am Land, wou am Ënnergrad eng Schoul fir de Sport géif gemaach ginn, déi en zu 100 % géif ënnerstëtzen, de Sportsministère, wéi ënner anerem och d'Liichtathleetikspist.

D'Liichtathleetikspist hätte véier aner Gemenge matfinanzéiert. Soudatt mer am Fong, wann alles gutt gaange wier, hu mer ausgerechent mat de Subsiden, bei 80 % geleeën hätten. Datt d'Déifferdenger Gemeng nach 20 % ze bezuele gehat hätt. An datt mer et net

maachen, fannen ech einfach net an der Rei. Erschreckt mech.

A mir hunn deen Numm Sportsstad net méi verdéngt. Well mer all déi Saachen do net anhalen. Ënner anerem och, wat mer versprach hunn, wat den Handicap ugeet an de Sportsunien. Ech hunn nach déi lescht Joren näischt gesinn.

Mee ech wëll deen heite Sportschäffen och e bëssen do entschëllegen, d'Pandemie war eppes, wou en och vläicht net all déi Saachen, déi e vläicht virhat, konnt maachen. Mee ech muss soen, ausser déi grouss Bauten, ass näischt, wat de Sport ubelaangt, geschitt.

Déi Enttäuschung, déi ech hunn, wat d'City of Sports ugeet, an all déi Saachen, déi mer do versprach hunn. Wou mer wierklech och ekonomesch – wéi d'LU:NEX, déi komm ass, wéi de LIHPS, dee komm ass. Déi nëmmen doduerch komm sinn, dat muss ee wëssen, sech hei néiergelooss hunn, well Déifferdeng déi Aussoe gemaach huet. Mir waren en concurrence mat der Stad Lëtzebuerg. Et war munchmol ganz haart, fir verschidde Saachen op Déifferdeng ze kréien. A lo gëtt dat einfach esou falegelooss. Dat fannen ech traureg.

Déifferdeng hätt eng Zukunft gehat am Sport an där Hisiicht. A mer hätten och ganz aner Leit op Déifferdeng gezunn. Mir hate ganz vill Entrevuë mat Universitéiten, déi wollten hei zu Déifferdeng investéieren, déi heihinner wollte kommen, Joint-Venturen tëschent den Universitéite LU:NEX a Shanghai zum Beispill, nëmme fir eng ze nennen, déi wollten hei matenee schaffen.

Dat gëtt dann einfach esou, mat engem Fiederstréch, falegelooss. Dat enttäuscht mech, well mir hu ganz, ganz vill geschafft. An ech muss och soen, wier de virege Buergermeeschter do, dee ganz vill hei och matgeschafft huet – a mir waren do, ech wëll dat net hei op d'LSAP eleng zéien, dat war dee virege Schäfferot. An duerfir deet mer dat leed, datt hei mat engem Fiederstréch alles falegelooss gëtt.

Wéilt awer wëssen, dat ass jo elo eréischt an der Lescht decidéiert ginn, datt dee Projet falegelooss gëtt, wéi vill Subside mer da kritt hätten, wa mer déi Liichtathleetikspist gebaut hätten. Dat huet jo bestëmmt ee vun Iech interesséiert. Well ech hunn Iech jo all Joer zum Budget duerno gefrot. Dir hutt gesot: Dat ass net vergiess, et ass just zréckgesat. Mee dann hätt Der jo och misse wëssen ongeféier, wéi vill Subside mer géife kréien, fir déi Liichtathleetikspist an déi Schoul, déi Sportsschoul do kënnen ze bauen.

Op jiddwer Fall deet et mer leed, well et am Konzept vun eiser Stad, mat eise Sportsveräiner, e groussen Atout fir d'Gemeng Déifferdeng gewiescht wär.

Weiderhin deet et mer och leed, datt déi Projeten, déi mer ugefaangen haten och am virege Schäfferot, wéi den Thillebierg, net weidergefouert ginn. De Stade Josy Haupert net weidergefouert gëtt.

An am Schlëmmste fanne mer déi éiweg Diskussioun, fir eis Kanner an de Sport ze bréngen. Also wann ee kuckt, datt mer praktesch en Diffbus hei fueren hunn, e véierten, dee praktesch fir näischt duerch d'Gemeng fiert, an den DINOLA-Bus, dee mat dräi, ech hunn dat extra nogekuckt, mat dräi Déngen den Dag fueren, do hätte mer schonn ee Joer laang, eis Kanner mat engem Bus, dee souwisou duerch d'Gemeng fiert, kéinten an de Sport bréngen.

Et ass eng Etüd gemaach ginn. Ech weess leider nach net, wat aus där Etüd erauskomm ass. Mee ganz einfach: Mir mussen einfach kucken, datt mer d'Kanner an de Sport an an d'Kultur kréien. A schonn iwwer ee Joer, säit den ëffentlechen Transport gratis ass, hätte mer dat scho kënnen hikréie mat deenen zwee Busser. Ech sinn nach net esou wäit, datt ech net méi dru gleewen, datt mer et fäerdegbréngen. Mee ech weess net, wéi mer et wëlle maachen. Well mir musse mol dat ganzt Bus-Konzept op d'Schinne kréien, fir dat hinzekréien.

Fir de Sport an d'Structure-d'accueilen an an d'Crèchen ze féieren, gesinn ech méi schwéier wéi den ëmgedréite Wee. Mee wann eng Etüd vun enger Sportsuni gemaach ginn ass, da wéilt ech och mol wëssen, wéi déi ausgaang ass.

Steel-Run, de Schoulsportdag, déi Saachen, déi immens wichteg si fir eng Gemeng wéi eis, fir d'Kanner an de Sport ze kréien. Si frou, datt dat sou-

*D'un autre côté, Fred Bertinelli comprend que la pandémie a compliqué le travail de l'échevin au sport actuel. Mais mis à part quelques grands travaux de construction, rien n'a été fait.*
*Fred Bertinelli rappelle que LUNEX et le LIHPS ne sont implantés à Differdange que grâce à ces promesses. Differdange était en concurrence avec Luxembourg-ville. Il est triste de voir tous ces projets abandonnés. Differdange aurait pu avoir un avenir en matière de sport. Des universités étaient prêtes à y investir — y compris Shanghai.*
*Fred Bertinelli réitère sa déception. Même l'ancien bourgmestre soutenait ces projets. Il ne s'agit donc pas de projets socialistes, mais du collège échevinal précédent.*
*Le conseiller communal demande quelle aurait été la hauteur des subsides que la commune aurait pu recevoir pour le stade d'athlétisme. Pendant des années, le collège échevinal a dit que ce projet n'avait été que reporté. Il devrait donc connaitre le montant des subsides pour le stade et l'école.*
*Fred Bertinelli regrette également que les projets du Thillenberg et du stade Josy-Haupert ne soient pas poursuivis.*
*Pour ce qui est de conduire les enfants aux entrainements de sport, quand on sait qu'un des Diffbus circule pratiquement pour rien et que le DINOLA circule avec trois passagers, il y aurait de quoi faire. Une étude a été réalisée, mais Fred Bertinelli n'en connait pas les résultats. Il ne comprend pas ce que le collège échevinal entend faire. Il faut mettre en place un concept. Fred Bertinelli pense qu'il sera plus difficile d'amener les clubs de sport dans les maisons relais. En tout cas, si une université du sport a réalisé une étude, il voudrait en connaitre les résultats.*
*Le Steel-Run et la journée du sport à l'école sont importants pour faire connaitre le sport aux enfants. Fred Bertinelli se dit content que ces évènements soient développés.*
*Pour ce qui est du stand de tir à Oberkorn, les choses avancent. C'est bien. Malheureusement, le club a dû céder son terrain à la commune. Mais au moins, on pour-*

*ra de nouveau y faire du sport. L'association compte 400 membres.*
*Le collège échevinal essaie de faire peur aux gens alors que la situation n'est pas aussi noire. Fred Bertinelli remercie les associations et le bénévolat. Certaines grandes associations n'ont plus de président. Il y a moins de bénévoles. Mais combien cela couterait-il à la commune si elle devait gérer le sport ?*
*Fred Bertinelli exhorte l'échevin au sport à investir dans les clubs sportifs.*
*Pour Fred Bertinelli, le discours de monsieur Muller était exemplaire. Il n'approuvera donc pas le budget.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *se retire pour passer en revue les questions. Elle décrète une pause de vingt minutes.*
*(Pause)*
*Christiane Brassel-Rausch va revenir sur les questions concernant l'école. Dès que la cuisine du Mathendahl sera opérationnelle, la cuisine du centre va fermer. Le Mathendahl préparera les plats pour le centre. En revanche, la vaisselle sera faite à Differdange-centre pour éviter de devoir transporter les assiettes. Les équipes du CID et des maisons relais sont en train de se réorganiser pour obtenir un fonctionnement efficace. Les camionnettes de livraison porteront l'inscription « Maison relais » pour être reconnues.*
*Normalement, à partir de janvier, le Mathendahl pourra cuisiner pour Differdange-centre.*
*Christiane Brassel-Rausch ne va pas revenir sur la dette par tête d'habitant. Monsieur De Sousa a dit tout ce qu'il y avait à dire.*
*Des négociations sont en cours avec la Poste. La bourgmestre ne peut donc pas encore donner de réponse. Le collège échevinal a demandé à ce que le bureau reste là, où il est.*
*En ce qui concerne la question de savoir si les 30 à 35 m² du Gulliver suffisent, il est trop tôt pour y répondre. Le projet n'est pas finalisé. Il y a beaucoup d'idées. Dès qu'elles seront plus concrètes, on saura si les appartements devront être plus grands. Le collège échevinal n'a fait qu'informer le conseil communal de l'acquisition de la tour. Christiane*

guer nach ausgebaut gëtt. Dat freet mech.

Et freet mech och, datt endlech dee Stand de tir um Uewerkuerer Terrain gemaach gëtt. Ech hunn nach näischt dovu gesinn, mee et freet mech. Soss war et carrément direkt Nee. Elo schéngt dat awer eng Chance ze hunn. Obschonn ech net ganz frou sinn, datt se hiren Terrain dofir hu mussen hierginn, deen un d'Gemeng gaangen ass. Dat ass e bëssen esou hire Fong. Dat ass egal. Ech sinn awer frou, et kann erëm do Sport gemaach ginn. Dat ass e Veräin, dee praktesch 400 Memberen huet. An dee seng Sportaart net an eiser Gemeng kann ausüben. Esou eppes deet mer ëmmer leed. Duerfir sinn ech frou, datt dat awer elo endlech e Stéck weidergeet.

Fazit: Ech muss soen, datt Der de Leit Angscht gemaach hutt a Panik. Et ass guer net esou schlëmm ewéi et ausgesäit mat eisem Budget. Mäi grousse Merci geet un d'Leit vun de Veräiner an eiser Gemeng. A virun allem un de Benevolat.

Et muss ee bedenken, wa mer hei sëtzen, datt mer a sechs Veräiner kee President méi hunn. A grousse Veräiner kee President méi hunn. An datt praktesch all Veräin am Benevolat Plomme léisst. Bedenkt einfach alleguerte mol eng Kéier, wann dat ganz bei der Gemeng bleift, wann d'Gemeng sech muss ëm de Sport këmmeren, wat dat eis da kascht.

Duerfir wëll ech dem Sportschäffen nach eng Kéier en Opruff maachen, fir nach eng Kéier ze kucken, wat ee ka maachen, wéi een an d'Veräiner investéiere kann, mat Leit, mat engem Knowhow, deen d'Veräiner haut net méi hunn, well d'Leit d'Zäit och net méi hunn, fir dat dann hinzekréien.

Dem Här Muller seng Ried war exemplaresch, huet mer esou gutt gefall. Sou wësst Der, datt ech dem Budget dann och net zoustëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Bertinelli. Wann Der erlaabt, géif sech de Schäfferot elo zréckzéien, fir op déi verschidde Froen ze äntweren. Duerno gi mer Iech d'Äntwerten, an da wäerte mer zum Vott kommen.

Eng Véierelstonn. Et ass elo 11.50 Auer. Um 12.05 Auer.

(Paus)

Ech bieden Iech, Plaz ze huelen. Ech erlabe mer, als Buergermeeschtesch op e puer Froen anzegoen, wat d'Schoul ubelaangt. D'Kichen Zentrum hat den Här Muller gefrot. Soubal d'Schoul Mathendahl, d'Kiche Mathendahl funktiounsfäeg ass, wou mer awer net wëssen, wéini dat wäert sinn – prévu Januar, à voir, ob dat dann och Januar gëtt –, da gëtt d'Kichen Zentrum zougemaach an et gëtt am Mathendahl fir den Zentrum gekacht.

D'Spull bleift an der Maison relais Déifferdeng op der Plaz, fir dass se net mussen andauernd mat den Telleren hin- an hierfueren. An ech kann Iech just soen, dass do och mëttlerweil e ganz proaktive Grupp ass tëschent de Leit aus dem CID, de Leit aus de Maison-relaisen. All déi Leit, déi an d'Iessen involvéiert sinn, sinn amgaangen, sech nei opzestellen an ze kucken, en effizient d'Funktionement do erauszekréien.

D'Camionnettë fir d'Maisons relais, fir d'Liwwerung, wäerten als Maison relais gezeechent ginn. Dass och jiddweree se erkennt.

Wéi gesot, do ass e Grupp amgaang ze lafen. Dat eenzegt, wat ech Iech elo ka soen: Fir den Zentrum gëtt am Mathendahl elo mol ab Januar, viraussiichtlech, gekacht. An da gëtt den Zentrum zougemaach.

Ech mengen, op d'Pro-Kapp-Verscholdung brauch ech net weider anzegoen. Den Här De Sousa huet alles dozou gesot.

Zur Fro vun der Post. Wat ass mat der Post? Mat der Post si mer a Verhandlungen. Ech hunn awer nach keng Äntwert. Mir als Schäfferot hu gefrot, dass d'Post do bleiwe soll, wou se ass. Ech hunn awer vun der Direktioun vun der Post nach keng Äntwert kritt.

D'Fro iwwert de Gulliver, ob 30 m² bis 35 m² duergeet. Weess ech net. Well mer jo och amgaang sinn, de Projet

eréischt unzedenken. Do si ganz vill Iddien am Raum. Ech denken, wa se lues a lues méi konkreet ginn, kann ee jo och vläicht d'Appartementer méi grouss maachen oder esou.

Mee mir sinn an enger aller-, alleréischter Phas, wou Der d'Matdeelung, d'Informatioun kritt hutt, dass mer deen Objet kafen. Souwuel vu menger Säit wéi och vum Här Krecké senger Säit si vill Demarchen ënnerholl ginn, mir hunn iwwerall ronderëm gekuckt an telefonéiert fir ze kucken, ob een deen Hotel iwwerhuele wéilt.

Mee fannt een, deen de Courage huet, elo an esou eppes ze investéieren! Ech stellen d'Fro a loosse se onbeäntwert am Raum! Well elo soen ech genau dat nämmlecht. D'Madamm Saeul huet gefrot: Wat ass mam klenge Casino? Wéi ech Iech schonn am leschte Gemengerot gesot hunn: Mir sinn a Verhandlungen. Et ass nach näischt ënnerschriwwen. An déi eng Verhandlung fänkt elo schonn un, net esou positiv auszegoen. Wat näischt mat der Gemeng ze dinn huet!

**ENG STËMM:**

Och net mam Casino.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Et ass net de Casino. Mee bon.

Just, fir Iech ze soen, wéi schwéier et ass, am Moment Saachen ze aktivéieren. D'Leit hunn Angscht. Déi hunn déi nämmlecht Angscht wéi mir fir ze finanzéieren, fir Suen enzwousch dranzestiechen, wou kee weess, wat hannen erauskënnt. Mir sinn drun!

Logementer, Här Muller, hutt Der gefrot, dass dat an eise Service Logement geet. Ech mengen, dat ass och esou ugeduecht. Dir hutt geschwat, wou ech Iech och Recht ginn, dass mer eng Anung kréien, wat eis déi Logementer kaschten. An dass den Här Felten eis, oder mir op jiddwer Fall, schonn e puermol gesot huet, dass mer um Wee sinn, fir eng Comptabilité analytique ze maache vun de Saachen, déi der Gemeng gehéieren. Wat awer ganz schwéier ass, well ni esou eppes virdru gemaach ginn ass.

Dat heescht: Mir sinn elo an den Ufanksschrëtt, eis duerch Kontrakter a Kontrakter a Kontrakter ze wänzelen, fir erauszefannen, wat wou wéini Bestand hat. An dat ass eng Aarbecht, déi kann ech Iech soen, leeft elo schonn annerhalleft Joer. Innerhalb vun der Gemeng. Mir wäerten op dee Wee goe vun der Comptabilité analytique. Mee et ass nach vill opzeschaffe vun de Jore virdrun.

PAP-4 ass gefrot ginn. Deen hänkt e bësse mam Médico zesummen. Do kann ech Iech soen, do lafen och Gespréicher. Mee ech ka jo näischt soen, ier déi Gespréicher – et ass d'Optioun, de Médico ze verkafen. Well et einfach kee Wäert huet, sechs Milliounen Euro an e Gebai ze investéieren, wat mer ni méi gutt kréien.

Mëttlerweil si schonn dräi Servicer eraus aus dem Médico, déi sech um Funiculaire wäerten etabléieren. Soudass och dann de Besoin vun de Leit, déi mir brauchen, méi kleng gëtt. Dat heescht, dat hänkt dann erëm mat deem PAP-4 zesummen. Well mer am Fong geduecht hunn, vläicht de PAP-4 als en administratiivt Gebai vun der Gemeng ze maachen. Mee vu dass dat eent mat deem aneren zesummenhänkt, deet et mer leed, dass ech Iech do wierklech elo net méi kloer Äntwerte ka ginn. Awer ech kann Iech soen, dass mer wierklech amgaang sinn ze schaffen.

Da wollt ech just nach soen zum Här Muller: Am Moment kënne mer nach agéieren. Mir iwwerloossen net dem nächste Gemengerot, dass dee just ka reagéieren. Dat war ganz kloer, dass dat déi eenzeg Méiglechkeet wär, dass se kënne reagéieren. Dat wëll ech dozou gesot hunn.

Ech si geschwë färdeg. Et ass iwwert d'Sécherheet geschwat ginn. Et gëtt un engem Plan local de sécurité geschafft. Souwuel den Här Minister wéi d'Direktioun vun der Police waren zwee- oder dräimol hei zu Déifferdeng, mir sinn a Gespréicher mat hinnen. Mir hunn och d'Versprieche kritt, dass d'Police hei opgestockt wäert ginn. Dass déi nei da kënnen integréiert ginn an den Déngscht.

*Brassel-Rausch et monsieur Krecké ont essayé de trouver un repreneur, mais personne ne veut investir en ce moment.*

*Pour ce qui est du Klenge Casino, des négociations sont en cours, mais rien n'a encore été signé. Une des négociations ne se passe pas forcément bien, mais cela n'est pas de la faute de la commune.*

*(Interruption)*

*Christiane Brassel-Rausch répond qu'il ne s'agit pas du Klenge Casino. En ce moment, il est difficile de trouver des investisseurs, car les gens ont peur.*

*Monsieur Muller a demandé ce que coutent les logements de la commune. Le collège échevinal est en train de mettre en place une comptabilité analytique des objets appartenant à la commune. Mais c'est difficile, car cela n'a jamais été fait auparavant. Il faut donc vérifier chaque contrat. Le travail a commencé il y a six mois. Mais il reste du pain sur la planche.*

*Le collège échevinal souhaite vendre le centre médicosocial. En effet, il ne sert à rien d'investir six-millions d'euros dans un bâtiment qui ne peut pas être remis en état comme il faut. Trois services du médico vont s'établir sur le plateau du Funiculaire. Tout cela concerne le PAP 4, qui pourrait devenir un bâtiment administratif. Christiane Brassel-Rausch ne peut pas en dire plus pour le moment.*

*La bourgmestre tient à dire à monsieur Muller qu'en ce moment, la commune peut agir. Mais le collège échevinal ne veut pas que la majorité suivante ne puisse que réagir.*

*Pour ce qui est de la sécurité, la Ville de Differdange travaille à la réalisation d'un plan local de sécurité. Le ministre et la direction de la police sont venus plusieurs fois à Differdange. Le ministère a promis que l'équipe de Differdange serait renforcée.*

*Le plan local de sécurité est élaboré par tous les acteurs concernés et comprendra des mesures sociales, répressives et préventives. Ce plan sera basé sur des faits précis permettant aux acteurs de réagir de manière efficace.*

*La Ville de Differdange a demandé des renforts pour la police locale. Le ministère a dit oui. Mais le*

*manque de personnel n'a rien à voir avec ce ministre. Le problème remonte à des années et des années. En plus, les agents doivent être formés. Cela ne va pas d'un jour à l'autre. La qualité prend du temps. Christiane Brassel-Rausch ne sait pas si les recrutements vont suffire, mais la commune n'a pas d'autre choix que d'attendre que ces recrues soient sur le terrain.*
*La commune fait ce qui est en son pouvoir. Or la sécurité n'est pas vraiment de sa compétence.*
*Christiane Brassel-Rausch explique à monsieur Hobscheit que le service du personnel a été renforcé. Le collège échevinal a aussi recruté un économiste. Mais il faut laisser le temps aux gens de s'acclimater. De toute façon, l'organigramme permet à la commune de s'assurer qu'elle dispose du personnel nécessaire pour s'occuper des citoyens.*
*En ce qui concerne la numérisation, Christiane Brassel-Rausch mentionne SIGINOVA.*
*Monsieur Bertinelli s'est plaint du fait que le sport ne soit pas prévu dans les nouvelles écoles. D'où cette idée lui vient-elle ? La bourgmestre n'a pas vu de plans pour les trois nouvelles écoles.*
*Lunex a réalisé une étude concernant les maisons relais. Mais le collège échevinal a décidé de ne pas y donner suite, car la commune n'a pas besoin d'une étude pour savoir de combien de minutes un bus a besoin pour aller d'un point A à un point B. Les écoles, les maisons relais et le service des sports soutiennent l'idée de faire du sport dans les maisons relais. La difficulté consiste à mettre cette idée en pratique, car les enfants sont encadrés dans de nombreux sites. Il suffit de s'imaginer que dix enfants d'un site veulent se rendre à quatre entrainements différents… C'est pourquoi le service des sports est arrivé à la conclusion qu'il vaut mieux que les clubs se rendent dans les maisons relais. Sept clubs sont volontaires pour la première phase du projet. L'autre solution est ingérable tout comme il n'est pas possible que les clubs viennent chercher les enfants dans les campus. En plus, il faut se poser la question de la responsabilité s'il arrive quelque chose.*

Mir hunn e Plan local de sécurité um Lafen hei zu Déifferdeng. Dat heescht, wou all d'Acteuren um Terrain, souwuel de soziale Volet wéi de repressive Volet wéi de Gemengevolet, all d'Acteuren, déi iergendwéi mat Sécherheet ze dinn hunn, sech treffen an e Plan local de sécurité ausschaffen.

Dat heescht, do kréie mer ganz genau d'Fakten, wat wou wéini. An da kënne mer dorobber reagéieren.

Wat d'Personalpolitik vun der Police ugeet, hu mer de Renfort ugefrot. Mir hunn en och zougesot kritt. Ech widderhuelen awer, dass et elo net un dësem aktuelle Policeminister ass, fir do musse kleng bäizeginn, well bei der Police net agestallt ginn ass. Dat geet jo awer iwwer laang, laang, laang Joren zréck.

An do muss een dann awer soen, wa muss forméiert ginn, dat geet net vun engem Dag op deen aneren. Wann ee gär Qualitéit hätt, da brauch een Zäit. Déi Leit musse jo och ugeléiert ginn. An deem Sënn ass et gutt. Ob et duergeet oder net, dat ass eng aner Fro. Déi brauch ech net hei ze beäntwerten. Awer op d'mannst ass den éischte Schratt gemaach. An elo musse mer waarden, dass d'Leit op den Terrain kommen. An déi musse jo ugeléiert ginn, wou se dann och nach selwer um Terrain léieren.

De Rescht, wat d'Securitéit ugeet, seet den Här Mangen.

Mir ginn Iech Recht, dass mer musse reagéieren. An dat, wat an eiser Gewalt läit vun der Gemeng, wat mir kënne maachen, dat maache mer. Iwwert d'Police hu mir elo als Gemeng net schrecklech vill Muechtbefugnisser.

Den Här Hobscheit hat nom Verwaltungspersonal gefrot. De Rekrutement ass do. En ass nei. De Rekrutement ass à peine ee Joer do. Den Ekonomist annerhalleft, méi wéi ee Joer. Déi si vun dësem Schäfferot agestallt ginn.

Wéi mir elo mat der Personalpolitik plangen, gitt de Leit och eng kleng Chance, fir sech anzeschaffen. Ech mengen, dass mer um richtege Wee sinn. Dat wollt ech Iech mat als Äntwert ginn. An natierlech och, wat hei gesot ginn ass, dass mer kucken, mat eisem Personal esou en Déngscht unzeleeschten, wéi mer am Moment hunn.

Mir kréie jo och nach en Organigramm an de Gemengerot. Dass mer do fäeg sinn, wierklech bewosst fir eis Bierger kënnen ze reagéieren, ze agéieren a virun allem och fir se do ze sinn.

Ech mengen, do si mer op engem gudde Wee, fir dat ze kréien. Plus de SIGINOVA-Projet, wou mer méi an d'Digitalisatioun ginn. Wat eis budgetsméisseg e bësse kéint entlaaschten.

Transport vu Kanner, Sport an de Schoulen/Maisons relais ass ugeschwat ginn. Do wollt ech dem Här Bertinelli soen, Dir hutt gesot, an deenen neie Schoule wär kee Sport geplangt. Ech froe mech just, Här Bertinelli, wou kommt Dir dorunner? Well ech hunn nach kee Plang vun enger neier Schoul gesinn! Also weess ech net, wat do geplangt gëtt.

Kommt, mir waarden, bis d'Pläng mol do si vun deenen dräi neie Schoulen, déi kommen.

Wat d'Structure-d'accueilen ugeet, hutt Der vun enger Etüd geschwat vun der LU:NEX. Déi hu mer ausgewäert. Do hu mer als Schäfferot decidéiert, mir géifen déi net weiderféieren. Well fir eng Etüd ze hunn, déi eis seet, dass de Bus vun A op B esou vill Minutte brauch an dann déi Connectioun vu B op C kritt, dofir brauche mir keng Etüd. Dat hu mir selwer als Gemeng och schonn erausfonnt.

A wann et einfach wär – ech kann Iech just soen, all Servicer, souwuel Maison relais wéi Sport wéi Schoul ënnerstëtzen Är Iddi, dass d'Kanner musse Sport maachen. Hei scheitert et elo just um konkreeten Ëmsetzen um Terrain, well mer fënnef Sitten hunn. Mir hu vill Sitten. Mir brauche Leit, fir d'Kanner ze encadréieren.

Denkt drun, dass da vun engem Site d'Kanner op véier Sportsaktivitéite wëlle goen, op engem anere Site wëllen zéng Kanner op fënnef Sportsaktivitéiten. An dat muss jo iergendwéi och beopsiichtegt ginn. Dorunner hänkt et e bëssen.

An dofir si mer mam Sportsservice zur Konklusioun komm, anstatt d'Kanner

bei de Sport ze féieren, probéiere mir elo, de Sport bei d'Kanner ze bréngen. Mir hunn een Opruff gemaach un all d'Clibb: Wie wëll an de Maison-relaisen Sport maachen? Dat ass elo eng Ufanksphas, déi mer wëlle probéieren. Doropshin hu siwe Clibb sech gemellt. A mat deene Clibb wëlle mer elo probéieren, eppes op d'Been ze stellen.

Dat ass elo déi Léisung, déi mir fonnt hunn. Well dat anert ass einfach net ze geréieren.

Ech mengen, domadder hätt ech meng Commentairë gemaach. Déi aner Méiglechkeet ass, dass d'Clibb sech deplacéieren an d'Kanner siche kommen. An dat ass dann och net einfach. Well mer ze vill verschidde Sitten hunn. D'Kanner mussen op déi verschidde Sitten ze féieren. An da stellt sech d'Fro natierlech och nach: Wien huet d'Responsabilitéit? Ech hu jo gesot, et muss ëmmer eng Opsiichtspersoun derbäisinn.

Mir sinn nach net eraus aus deem doten. Ech weess et. Mee mir schaffen drun.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mir hunn nach net ugefaangen!

(Gelaachs)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dach.

(Ënnerbriechung)

Mir kucken dat. Also wéi gesot, déi siwe Clibb sinn ugeschriwwen, dass déi eppes sollen ausschaffen. An da kucke mer. Ech sinn do net esou pessimistesch, Här Altmeisch.

Elo ginn ech d'Wuert weider un den Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Fir d'éischt wëll ech jiddwerengem Merci soen hei um Dësch, well ech fannen, d'Diskussioune ware korrekt a fair. Jiddwereen huet seng Meenung duergeluecht, ouni, wéi dat emol an der Zäit war, deem aneren ënnert de Rimm ze schloen. Ech fannen dat eng flott Kultur, déi mer elo zënter e puer Joer hei bedreiwen. Dass mer ee mat deem anere kënne schwätzen, ouni duerno ze rosen op deen aneren ze sinn an/oder aus dem Wee musse goen.

Ech géif mam Här Meisch ufänken. Dat ass dat einfachst. Mam Här Muller hunn ech e bësse méi laang. Här Meisch, Dir hutt richteg gesot, de Wangert ass eng Strooss, déi an engem extreem schlechten Zoustand ass. Deem si mer eis bewosst. Mir hunn eis jo och wierklech beméit, ech weess net, wéi vill Reunioune mer haten, zwou oder dräi. Mer hunn nach eis Leit dohinner geschéckt op d'Plaz, bei d'Leit, fir hinnen unzemolen, wat fir een Terrain se da misste cedéieren.

Zoufälleg waren elo dat lescht Joer zwee Accidenter, glécklecherweis net op eisem Terrain, mee dat ware Lächer, déi an de Leit hire Parzelle waren. An do hu mer de Leit gesot, si misste fir de Schued opkommen. An déi sinn och dofir opkomm. A komescherweis hunn déi Leit eis duerno direkt den Terrain erëm wollte cedéieren. Soudass mer iwwert dee Wee do vläicht eng Kéier virukommen.

Mee Dir hutt Recht. Mir kënnen eng Kéier en Avis froe bei eisem Jurist, wéi een do ka virgoen. Ob een deene Leit eventuell dann déi Aarbechten, déi een dann op hirem Terrain gemaach huet, a Rechnung stellt, wa se eis et net wëlle cedéieren. Mee et ass effektiv net gerecht vis-à-vis vun der Majoritéit vun deene Leit, déi do wunnen, fir déi ze bestrofen, well eng kleng Minoritéit sech do dergéint verspäert.

Dir hat de Carreau Thillebierg ugeschwat. Dir wësst, deen hu mer kaaft vun der ArcelorMittal. Mer sinn amgaangen ze iwwerleeën, ob een do vläicht eng zweet Bëschcrèche oder esou kéint maachen. Do sinn Etüden amgaang.

Dir hutt och gefrot, wat an der Kéier zu Nidderkuer geplangt wier. Mir haten eis Zäit gelooss, fir verschidde Sitten auszeloten a mat Promoteuren ze schwätzen, ob et méiglech wär, iergendwou eppes ze kréien. Mir sinn zur Kon-

*En tout cas, le collège échevinal travaille à ce projet.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *a l'impression que la commune n'a pas encore commencé.*
*(Rires)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que si.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch répète que sept clubs collaborent déjà. Monsieur Altmeisch n'a aucune raison d'être pessimiste.*

**TOM ULVELING (CSV)** *trouve que les débats se sont déroulés de manière correcte. Il remercie les conseillers communaux. Depuis quelques années, les conseillers communaux peuvent discuter sans être fâchés.*
*Monsieur Meisch a raison de dire que le Wangert est en mauvais état. Le collège échevinal a organisé plusieurs réunions. Des employés communaux se sont rendus sur place.*
*L'année dernière, deux trous se sont formés dans la chaussée sur des terrains privés. Les propriétaires ont dû couvrir les frais. Tout de suite après, ils ont demandé à la commune d'acquérir leurs terrains.*
*Le collège échevinal peut s'adresser à un juriste pour savoir si elle peut réaliser des travaux sur ces terrains et adresser la facture aux propriétaires. Tom Ulveling rappelle que seule une minorité de riverains refuse de vendre. La situation est injuste.*
*La commune a acheté le carreau du Thillenberg à ArcelorMittal. Peut-être pourra-t-on y ouvrir une deuxième crèche en forêt. Des études sont en cours.*
*Pour ce qui du site à proximité de l'hôpital à Niederkorn, le collège échevinal est en discussion avec des promoteurs. Le site semble idéal pour y ouvrir une école — éventuellement avec un parking sous la cour de récréation.*
*Avec la pandémie, la commission des jumelages a été un peu oubliée. François Meisch a bien fait d'en parler.*
*Pour ce qui est de l'éclairage du parc, la commune a fait des efforts. Les éclairages défectueux ont été réparés. Il reste à voir comment gé-*

*rer le parvis, là, où se trouve le monument d'Émile-Mark.*
*Tom Ulveling remercie monsieur Meisch d'avoir souligné l'engagement du collège échevinal envers le Science Center. Le budget le démontre. Tom Ulveling espère que le Science Center représentera une grande plus-value pour Differdange.*
*Désormais, monsieur Didier est confronté à un nouveau ministre. Tom Ulveling souhaite que monsieur Didier s'entende aussi bien avec lui qu'avec monsieur Gramegna pour que le projet puisse être lancé après de longues discussions.*
*En ce qui concerne la dette par tête d'habitant, Tom Ulveling voit les choses comme monsieur De Sousa. Il ne s'agit pas d'un paramètre important. Ce qui compte, c'est le montant total qu'une commune est disposée à emprunter. En outre, les emprunts risquent de couter plus cher avec l'augmentation des taux d'intérêt. Cela risque d'hypothéquer le budget ordinaire.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *demande à connaitre le montant.*

**TOM ULVELING (CSV)** *rappelle ce qu'a dit l'économiste la dernière fois. Avec les projets que le collège échevinal a retenus, la Ville de Differdange devra contracter un emprunt de quarante à cinquante-millions d'euros au cours des deux ou trois prochaines années. Si le collège échevinal n'avait pas reporté ces projets, il serait question de plus de cent-millions d'euros.*
*Monsieur Muller a aussi pu constater que le budget prévoit des études pour trois nouvelles écoles à Niederkorn, Oberkorn et Differdange. Un établissement scolaire coute au moins 15 millions d'euros. Pour trois bâtiments, on arrive donc à plus de cinquante-millions d'euros. On parle donc déjà d'un emprunt de 150 millions d'euros au lieu de 100 millions d'euros.*
*Monsieur Muller semble optimiste. Tom Ulveling espère que l'avenir lui donnera raison et que l'argent coulera à flots. En attendant, le collège échevinal veut se montrer responsable. C'est pourquoi il a reporté certains projets qui n'étaient pas absolument nécessaires. Et notam-*

klusioun komm, dass dat vläicht en ideale Site wär fir eng Schoul, mat engem ënnerierdesche Parking ënner dem Schoulhaff dann eventuell. Dat wäerte mer elo ugoen.

Déi Commission de jumelage, ech hat dat selwer jo an d'Weeër geleet virun der Pandemie, ass e bësse vergiess. Et ass gutt, dass Der mech drun erënnert hutt. Da musse mer deen Dossier erëm ugräifen. Ech hoffe jo, dass déi Pandemie eng Kéier eriwwer ass.

Dir hutt vun der Beliichtung vum Park geschwat. Ech wëll soen, dass mer do awer relativ vill Efforten an der Lescht gemaach hunn. Dir hutt vläicht gesinn, dass mer och – dat war eng Initiativ am Fong vun der Madamm Buergermeeschter –, déi Handleef do gemaach hunn, déi och beliicht sinn. An och déi Luuchten, déi futti waren, hu mer erëm un d'Goe kritt. Soudass mer elo eis elo nach just Gedanke maachen, wat mer uewen um Parvis kënne maachen, fir deen e bësse méi hell ze kréien. Do, wou dem Emile Mark säi Monument ass, fir ze kucken, wat een do nach ka maachen.

An da sinn ech och frou, dass Dir als eenzegen, Här Meisch, et derwäert fonnt hutt, fir eise Commitment zum Science Center ervirzehiewen. Well et ass effektiv eng zukunftsweisend Geschicht hei fir Déifferdeng. An do wollte mir op jidde Fall temoignéieren duerch dat, wat mer an de Budget gesat hunn, dass mer effektiv zu deem stinn. An dass mer eis och erhoffen, dass dat eng ganz grouss Plus-value fir Déifferdeng wäert ginn, wann dat emol eng Kéier weidergeet.

Ech hoffe just, dass et elo, et gëtt jo scho laang dovu geschwat, et gëtt scho vill geplangt, elo hu mer erëm en anere Minister – oder net mir, mee den Här Didier. An ech hoffen, dass e sech mat deem ganz schnell eens gëtt, sou wéi e mam Här Gramegna eens ginn ass. Dass mer dann iergendwann awer eng Kéier déi Saach do lasstrieden an ukommen.

Elo zum Här Muller senge Froen. Déi éischt war d'Pro-Kapp-Verscholdung. Do sinn ech e bëssen der Meenung wéi den Här De Sousa, deen huet Iech dat jo erkläert. Ech mengen, dat ass kee Parameter fir mech, dee wichteg ass fir d'Pro-Kapp-Verschëldung.

Wat wichteg ass, ass de Montant insgesamt, deen ee bereet ass sech ze verschëlden. Sachant, dass all nei Schold, déi een ophëlt, riskéiert, iergendwann an deenen nächste Jore méi deier ze ginn, well d'Intérêten an d'Luucht ginn. An och sachant, dass dat natierlech eisen uerdentleche Budget ganz staark hypothekéiert. Well mer da manner Boni kënnen erausschloen, well mer jo dann déi Emprunten doriwwer zréckbezuelen.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Da sot mer mol dee Montant.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Majo et war jo ganz kloer gesot, d'leschte Kéier waart Der jo derbäi, wéi eisen Ekonomist eis erkläert huet, dass wa mer déi Kierzungen, déi mer am Budget gemaach hunn oder déi Projeten, déi mer zréckgesat hunn, wa mer dat net gemaach hätten, mer à ce stade – mat deem Projet, dee mer elo virleien hunn, gesi mer ongeféier eng Verschëldung of vun à peu près tëschent 45 a 50 Milliounen Euro, déi an deenen nächsten zwee, dräi Joer missten opgeholl ginn, fir déi grouss Projete fäerdeg ze maachen, notamment de CID an déi Schoul vum Bock, fir déi kënnen ze schëlleren. Wa mer dat net gemaach hätten, wa mer nach déi aner Projeten dobäi gehat hätten, wäre mer iwwer 100 Milliounen Euro Verschëldung komm.

A mir wësse jo och, an dat hutt Der jo och gesinn, dass am Budget dräi Etüde stinn, déi mat ganz klenge Montanten ugesat sinn, well mer wëssen, dass mer dräi nei Schoulgebaier brauchen. Eent zu Nidderkuer, eent zu Uewerkuer an eent am Zentrum. A wann ee weess, datt esou e Schoulgebai mindestens 15 Milliounen Euro kascht, da kann ee soen, dass een do labber mol 50 Milliounen Euro dann an Zukunft nach muss weider matplangen. Dat heescht, wa mer dat net gemaach hätten, da wäre mer net op 100 an esou vill Milliounen Euro komm, mee mir wären op 150 Milliounen Euro komm.

Dofir, et muss een effektiv kucken. Dir schéngt jo eng Glaskugel ze hunn, déi ganz optimistesch ass, dat freet mech. Ech hoffen och, dass Dir Recht behaalt. An dass d'Suen an den nächste Joren nëmmen hei esou geflu kommen, dass mer eis net kënnen erwieren.

Mee ech mengen, mir als Schäfferot hunn eis Responsabilitéit iwwerholl. A mir hu gesot, mir wëllen net riskéieren, widder d'Mauer ze fueren. Dofir maache mer e Krack méi lues. Ouni dass een op Saache verzicht. Et huet ee mol versicht, op déi Saachen ze verzichten, déi elo net absolument noutwendeg sinn, wéi d'Stadhaus.

Doduerch hu mer elo e klengt bësse Leeway. Vu dass mer dat Haus op der Place Nelson Mandela, déi Büroen, déi 400 m² do hunn. Dat gëtt eis e bësse Wach. Dat war d'Optik vun dësem Schäfferot, fir ze soen, mir wëlle keen hypothekéieren an Zukunft. Mir wëssen net, wien et ass. Mir kënnen et selwer sinn, mee et kënnen och anerer sinn. An dofir wëlle mer dat net maachen.

Mir sinn do virsiichteg optimistesch an d'Renne gaang. Dir werft eis elo vir, Här Muller, mir wäre perspektivlos. Mir géifen nëmme reagéieren. Mee dat, wat ech awer ganz schro fonnt hunn, ass Är Ausso, dass Der gesot hutt, mir, de Schäfferot, géifen den Zentrum erofwirtschaften. Dat misst Der mer awer nach vläicht e bëssen erklären. Well ech gesinn net, wat mir do solle falsch maachen. Éischtens si jo do Geschäfter. Mir kënnen net dofir, wann déi ginn oder net ginn.

Dat ass eng schlëmm Accusatioun. An ech fannen, Dir sidd Iech an Ärer Demarche, déi Der hei presentéiert hutt, net konsequent gewiescht. Well op där anerer Säit sot Der, Dir verlaangt nach weider Projeten ze bauen, wéi Parking Haneboesch, Athleetikspist – do wäert den Här Aguiar drop ze schwätze kommen –, mee ech mengen, mir hunn eng Politik gemaach, oder wëlle maachen, wou mer eis der Decken no strecken. Mir wëllen net méi Suen ausginn, wéi mer raisonnablement kënnen erschaffen an dann och verschaffen.

Dir hutt net vill Propose gemaach, muss ech soen, wéi een et kéint anescht maachen. Dir hutt just gesot, et kéint een ee Bus sträichen. An Dir hutt gesot, am 1535° – do ginn ech Iech deelweis Recht, wäert ech och duerno nach soen –, dass mer do eventuell bereet sinn, iwwert dee ganze Projet nach ze schwätze fir d'Amenagement ronderëm.

Mee soss hunn ech elo net vill héieren, wat d'LSAP anescht gemaach hätt wéi mir. Oder ob si dann op de Wee gaange fir, fir eeben ze soen, mir bauen dat a mir huelen dann eng Schold vun esou vill Milliounen Euro op. Dat hunn ech net héieren.

Beim Stadhaus si mer jo souwisou op zwou verschiddene Linnen. Dir sot, mir wëlle konzentréieren, dass de Bierger kuerz Weeër huet. Dir wëllt dat net.

Zum Gulliver. D'Madamm Buergermeeschter huet et scho gesot, mir hunn effektiv gesicht. Ma wann Dir een hutt, deen deen Hotel wëllt bedreiwen, da kommt heihinner. Ech weess, dass de Sekretär mat internationale Firmen am Gespréich war, déi en duerch d'ganzt Gebai gefouert huet. Ech weess och, dass aner Leit kucke komm sinn. An dass mer Ofsoe kritt hunn. Et ass de Moment eebe schwéier, fir en Hotel ze bedreiwen, well een, och wéinst der Pandemie, net weess, wéi et virugeet.

An et kann een awer och elo net verlaange vun eis, dass ee seet, mir loossen dat elo einfach esou vergammelen. Dofir mengen ech, déi Iddi, déi mer do haten – den Här Mangen wäert nach vläicht drop zréckkommen –, déi ass awer och net vun der Hand ze weisen. Quitte, dass et dann eebe keen Hotel ass.

Zu de Subside wollt ech Iech soen, Dir hutt Recht. Mir musse kucken, dass mer maximal alles ausnotzen an ausreizen a sou vill froen, wéi et méiglech ass. Ech ginn Iech e puer Beispiller. Centre sportif: Käschtepunkt vu 25 Milliounen Euro. Mir kréie siwe Milliounen Euro maximal Subsiden. Hall sportif: aacht Milliounen Euro. Mir kréie maximal 2,6 Milliounen Euro. Lasauvage: zwou Milliounen Euro, kréie mer 450.000 Euro fir d'Kierch. De Bock-Campus: 22 Milliounen Euro, kréie mer fënnef Milliounen Euro.

*ment celui de l'hôtel de ville, car la commune dispose de bureaux sur la place Nelson-Mandela.*
*Le collège échevinal ne sait pas qui composera la prochaine majorité et ne veut pas hypothéquer son travail. Monsieur Muller parle de manque de perspectives. Mais il s'agit en fait d'un optimisme raisonnable.*
*Monsieur Muller s'est plaint du fait que le collège échevinal ne s'occuperait pas du centre. Que veut-il dire par là ? Car il y a des magasins, mais la commune n'y peut rien s'ils fonctionnent ou pas. L'accusation est grave.*
*En plus, monsieur Muller ne se montre pas cohérent. Il exige la réalisation de projets comme le parking du Haneboesch ou la piste d'athlétisme. Mais le collège échevinal privilégie une politique raisonnable consistant à dépenser l'argent présent. Monsieur Muller, quant à lui, n'a fait que peu de propositions. Il veut supprimer un bus et modifier l'aménagement extérieur du 1535°. C'est tout. Les socialistes auraient-ils préféré contracter un emprunt ? De combien de millions ? Pour ce qui est de Gulliver, si monsieur Muller connait un acquéreur, qu'il le dise. Le secrétaire communal a contacté des sociétés internationales. Des négociations ont eu lieu, mais elles n'ont pas abouti. Il est difficile d'exploiter un hôtel à cause de la pandémie. Le collège échevinal ne veut pas non plus que le bâtiment tombe en ruines. C'est pourquoi l'idée de monsieur Mangen n'est pas mauvaise même si ce n'est pas un hôtel.*
*Le collège échevinal doit effectivement essayer de toucher un maximum de subsides. À titre d'exemple, pour le centre sportif, les subsides se montent à 7 millions d'euros pour des frais totaux de 25 millions d'euros ; pour le hall sportif, il s'agit de 2,6 millions pour des dépenses de 8 millions d'euros ; pour l'église de Lasauvage 450 000 € sur 2 millions d'euros ; pour le campus Bock 5 millions d'euros sur 22. Ces subsides sont plafonnés. En plus, pour les écoles, ils ne concernent que les salles de classe. Au Bock s'ajoute le fait qu'il s'agit de la rénovation d'anciennes salles de classe.*

*Le projet de la place Nelson-Mandela n'est pas mort.*
*Pour ce qui est des cinquante studios à Gravity, la Ville de Differdange les a achetés parce que la Miami University souhaite les louer. Or la commune veut que l'université reste à Differdange. Par ailleurs, cette acquisition ne coute rien à la commune, car le projet est subventionné à 75 % par l'État. Le reste est financé par la Miami University en échange d'un droit d'utilisation des locaux pour un certain nombre d'années au cours desquelles, l'université ne versera pas de loyer. Une fois le reste payé, les appartements reviendront à la commune qui touchera un loyer. La Ville de Differdange s'est associée à un partenaire pour obtenir ce qu'elle veut comme le demande monsieur Muller.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *essaiera de regrouper les réponses par thèmes. Il est plus chouette de répondre de manière globale.*
*Laura Pregno se réjouit du fait que la mobilité tient à cœur au conseil communal, car ce thème est central. La Ville de Differdange a demandé des subsides pour le Diffbus dès que les transports en commun sont devenus gratuits. La réponse du ministre a été non, même s'il fait partie des écologistes. Il n'existe pas de subsides pour les bus communaux et Differdange ne sera pas avantagée.*
*Malgré tout, le Diffbus apporte beaucoup aux Differdangeois. Laura Pregno se demande ce que les conseillers communaux vont raconter aux électeurs s'ils suppriment une ligne. Et ce que les usagers du Diffbus vont penser si cette ligne est remplacée par un parking.*
*Il y a quelques années, le collège échevinal a créé une ligne expresse à Niederkorn. Il se trouve que les échos sur le terrain sont mitigés, notamment parce qu'il faut changer de bus pour se rendre de Niederkorn à Differdange. Finalement, la commune a décidé de modifier le tracé, qui sera parcouru par deux bus, car il sera plus long. En plus, les bus sont victimes des embouteillages.*
*Le Dinola est chouette. Il n'y a pas grand-chose à en dire.*

Dat heescht, et muss een och ëmmer entscheeden, déi Subside si jo deelweis gebonnen un e maximale Betrag. Wann een en duerch d'Konstruktioun iwwerschreit, da kritt een eeben nëmmen de Maximum. An deen zweete Problem ass, si ginn eis jo nëmmen op de Klassesäll. Mee alles, wat ronderëm ass, déi Gäng, musse mer jo och bauen, soss kommen d'Kanner net an de Klassesall. An dofir kréie mer näischt.

Dat anert ass: Beim Bock, do kréie mer fir déi nei Klassesäll deen duebele Subsid, wéi wa mer en ale Klassesall renovéieren. Dat heescht, da kënnt et eeben zu deem, wat Dir och beschriwwen hutt, dass mer nëmmen 11 % am Gesamten hunn. Obwuel een an der Theorie gesot hätt, et sinn zéng Klassesäll, du kriss esou vill. Dat ass d'Explikatioun dovun.

Zur Place Nelson Mandela, wëll ech soen: Dat ass net ganz gestuerwen. Dat wëll ech nach eng Kéier hei erklären, well ech mengen, dat ass iergendwéi net richteg verstan ginn.

Och déi verschiddenen Interventiounen, déi Geschicht mat deene 50 Studioen, déi mer kafen. Déi hu mer kaf, éischtens well d'Miami University drun interesséiert ass, déi ze lounen. Dat war mol dat Éischt.

Zweetens wëlle mer d'Miami University hei behalen. An dee Kaf, dat ass am Fong eng Nulloperatioun. Well dee Kaf gëtt zu 75 % ofgedeckt vu Subsiden, déi mer vum Staat kréien. An den Delta, dat, wat also bleift, gëtt an enger Kéier, bei der Schlësseliwwergab, vun der Miami University beglach. An déi hunn dofir d'Notzungsrecht wärend x Joren, also si bezuelen da kee Loyer un eis, mee de Loyer froe si vun hire Schüler zréck.

A wann dann den Delta erëmbezuelt ass, da fält et un d'Gemeng zréck. An da kréie mir de Loyer vun deem Ganzen. Well dat hutt Dir jo gesot, mir missten eis mat Partner zesummendinn, hat Der an Ärer Interventioun gesot. An ech mengen, et ass grad e gutt Beispill, wou mer eis mat engem Partner zesummegedoen hunn, fir eeben zu deem ze kommen, wat mer wëllen. Ouni dass et eis eppes kascht.

Dat war et, wat ech Iech wollt soen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. D'Madamm Pregno, wannechgelift.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Ech probéieren, dat Ganzt e bëssen no Thematik respektiv Kategorie zesummen ze regruppéieren, well verschidde Remarken oder verschidde Gedanken e puermol erëmkomm sinn. Dat ass och e flotte Moment, fir dat global ze beäntwerten.

En Theema, wat ville Leit um Häerz läit, ass d'Mobilitéit. Doriwwer sinn ech ganz frou, well et beschäftegt eis all Dag zu ëmmer erëm verschiddenen Auerzäiten.

Natierlech hu mir nogefrot, ob mir géife Subside kréie fir den Diffbus. Gleeft eis, soubal d'Gratuitéit ausgeschwat war, si mer natierlech dohi gepilgert an hu gefrot. An nee, och wann et e gréngе Ministère ass, kréie mir keng, soen ech elo mol, keng Hëllefen oder hu kee Virdeel. Et ass einfach esou, dass et keng Subside gëtt fir Gemengebusser.

Ech denken awer, dass et e Service ass, deen den Déifferdenger Bierger immens vill bréngt. An dofir géif ech gären héieren, wann Dir sot, dass mir sollten eng Linn aspueren, oder déi véiert Linn sollten ewechhuelen, ma da wéilt ech dat gäre liesen, wéi Dir domadder an d'Wale gitt, wann Dir dat de Bierger dobaussen zielt. A virun allem en Contrepartie e Parkhaus méi baut. Also dat géif ech ganz interessant fannen. Ech géif gär gesinn, wat d'Leit an d'Notzer vum Diffbus dozou géife soen.

Wat mir awer maachen, eisersäits: Mer hunn den Diffbus schonn op de Leescht geholl. En ass jo virun enger Rei Joren nei opgesat ginn. Mat enger Linn, déi u sech Express funktionéiert a just enger Nidderkuerer Linn. D'Iddi war gutt. Et ass ausprobéiert ginn. D'Echoen an d'Ëmsetzung um Terrain ass awer net esou immens. Et si vill Leit, déi sech

beschwéiert hunn, dass ee vun Nidderkuer net gutt an den Zentrum kéim, well een da misst ëmsteigen. An et och oft Hicke géif mat den Uschlëss. Soudass mer do wäerten en aneren Tracé fueren, an ee véierte Bus wäert deen Tracé doubléieren, well mer einfach am Tracé ze laang sinn. Soudass mer zwee Busser brauchen, fir den Hin- an de Réckwee ze garantéieren. Well mer jo och op eise Stroossen ëmmer méi Trafick hunn. An de Bus jo leider och an deem Trafick hänke bleift.

Den Dinola si mer eis all eens, dass dat en immens flotte Service ass. Dee gëtt ëmmer méi genotzt. Ech mengen, do brauche mer weider net drop anzegoen.

Interessant hunn ech fonnt, dass de Vëlo par rapport zum Foussgänger hei e bëssen d'schwaarz Kaart, de schwaarze Péiter zitt. De Foussgänger dann awer och de schwaarze Péiter vis-à-vis vun de Parkplazen zitt. Also déi Logik, et ass mir net esou kloer, wat Der dann elo wëllt. Wëllt Der méi Parkplazen? Méi Foussgänger? Op jidde Fall awer kee Vëlo. Mir kënnen eis gären nach eng aner Kéier doriwwer ënnerhalen, wéi genau Der Iech dat virstellt. Ech kommen do einfach net méi no. Mee dat ass dann och vläicht e Generatiounsproblem.

Etüd Mobilitéit si mer ëmmer erëm amgaang. Mir sinn do an engem reegen Austausch mam Ministère, deen eis do wierklech d'Schëllere stäipt. Si hu vill méi eng grouss Ekipp. Mir schaffe just zu dräi Leit op der Gemeng drun. Mer hunn e relativ klenge Büro. De Ministère stäipt eis do. Mir hunn ëmmer ganz flott Austauscher. Mir si wierklech do an enger flotter Ekipp amgaang ze probéieren, eppes op d'Been ze stellen.

Et ass effektiv guer net esou einfach, vu dass d'Parameteren immens verschidde sinn, déi Afloss huelen: Vill verschidden Usagere vum Ganzen. Vill verschidden Aflëss. Mir sinn eng Randgemeng. Mir sinn eng Nopeschgemeng zu Frankräich. Mir sinn, vum Zuchtrafick, relativ à l'écart. Mir hu keng gutt Ubannung un d'Stad. An do hutt Der Recht, Här Hobscheit, et sinn einfach immens vill Leit, déi souwuel op Käerjeng fuere wéi op Péiteng. Well einfach do d'Ubannung fir an d'Stad vill méi schnell geet. À savoir och, dass mer eng RGTR-Linn gestrach kruten. Hutt Der vläicht gemierkt. Déi Nidderkuer virdru relativ gutt un d'Stad ugebonnen huet. Déi gëtt et elo net méi.

Gleeft mer, mir sinn déi Éischt, déi do reklaméiert hunn. A stoussen awer och leider do op daf Oueren. Mir kruten awer versprach, dass mer – an ech waarden drop – am Dezember géifen eng Neiegkeet presentéiert kréien, déi den Zuchtrafick dann an d'Stad sollt verbesseren an eng Ouvertür fir Déifferdeng sollt heeschen.

Bis elo – mir sinn 8. Dezember, et ass also nach e bëssi Zäit.

Parkleitsystem. Wann ech owes duerch Déifferdeng fueren an ech gesinn, dass keng Parkplaz zu Nidderkuer fräi ass, fannen ech dat och e bësse komesch. Do ginn ech Iech absolutt Recht. Dofir si momentan och d'Pannoen ausgeschallt. Déi sinn einfach schwaarz. Keng Informatioun fannen ech dann nach besser wéi eng falsch Informatioun. Do gouf et en informatesche Problem. Du gouf et en technesche Problem. Dann e Problem hei, dann e Problem do. Mir sinn amgaang, zesumme mam Här Aguiar a mat den zoustännege Servicer, ze probéieren, déi Problemer ze léisen.

Ënner anerem hu mer Schleefe-Problemer, dass de Comptage deels net richteg geet, well et a verschiddene Parkingen net just een Agang an een Ausgang gëtt, mee der méi. An da kann en net richteg zielen. Soudass mer dat en règle setzen. An ech hoffen, dass wann alles en règle ass, mer e funktionéierende Parkleitsystem hunn. An ech denken, dass mer, bis e richteg geet, mer en einfach ausloossen. Well mir fannen dat och net esou immens.

De Parking um 1535° ass och en Häerzenstheema. Et war an der Mobilitéitskommissioun och esou diskutéiert ginn. Ech fannen et ëmmer e bësse schued, wann e Parking virun der Dier, deen da soll e Lieu desservéieren, wou Geschäfter a Betriber sinn, déi op d'Clienten ugewise sinn an op Austausch mam Exterieur, besat ass vun deene Leit, déi moies, soen ech elo mol, tëschent 7 an 9 Auer eraginn an owes tëschent 17 an 19 Auer erëm erausginn.

Fir mech ass dat e Clientsparking, wou deen, deen da vläicht an d'Schräinerei

*Laura Pregno a l'impression que pour les conseillers communaux, il faudrait privilégier les piétons par rapport aux cyclistes et les places de stationnement par rapport aux piétons. Elle propose de discuter de la question une autre fois, car elle n'y comprend plus rien. Mais il s'agit peut-être d'un problème générationnel.*

*En ce qui concerne l'étude sur la mobilité, la Ville de Differdange peut compter sur le soutien du ministère, qui dispose d'une équipe plus conséquente. Les échanges sont intéressants. Mais les paramètres sont nombreux. Il faut tenir compte des nombreux usagers et du fait que Differdange se trouve à la frontière avec la France. La ville n'est pas bien connectée à Luxembourg-ville. Comme l'a souligné monsieur Hobscheit, beaucoup de Differdangeois préfèrent prendre le train à Pétange ou à Käerjeng. Mais on a promis à la commune que les choses s'amélioreraient en décembre.*

*Le système de guidage vers les parkings semble effectivement ne pas fonctionner correctement. C'est pourquoi les panneaux ont été éteints. Le collège échevinal essaie de résoudre les problèmes avec les services concernés. Un des problèmes vient du fait que certains parkings ont plus d'une entrée et plus d'une sortie. Le système n'arrive donc pas à comptabiliser correctement les places disponibles.*

*La question du parking du 1535° est complexe. Ce parking était destiné à l'origine aux clients des entreprises du 1535°. Laura Pregno trouve dommage que les places de stationnement soient finalement occupées par des gens qui arrivent le matin entre 7 h et 9 h et qui repartent le soir entre 17 h et 19 h. Il devrait s'agir d'un parking pour les clients — par exemple de la Schräinerei ou du Kesselbetrib —, qui viennent faire leurs courses avant de repartir.*

*Pour ceux qui souhaitent se garer plus longtemps, la commune a baissé les tarifs du parking de la place des Alliés. En plus, il y a le parking du contournement. Laura Pregno signale à monsieur Meisch que 300 m ne sont pas excessifs pour aller travailler le matin.*

*Comme monsieur Ulveling, Laura Pregno se dit choquée par les propos de monsieur Muller concernant l'abandon du centre-ville. Elle rappelle qu'à l'ordre du jour figure le projet de la Maison moderne. La commune est en train d'y élaborer un projet participatif avec une entreprise étrangère. En plus, plusieurs magasins ont ouvert dans le centre ces dernières années. Bien entendu, d'autres commerces ont fermé, en partie à cause de la pandémie. Mais les échanges entre le CAE et le city management se passent bien.*
*Laura Pregno trouve dommage que l'on prétende qu'il n'y ait pas de dialogue. Chaque parti est représenté au sein du CAE, mais le représentant socialiste n'est pas souvent là. Sans disposer des faits, on ne peut parler que de son ressenti et on cherche des preuves pour le confirmer.*
*Laura Pregno revient sur la question des tiny houses ou des constructions modulaires. Elle en a discuté avec un groupe d'étudiants de Bruxelles, qui avait choisi Differdange comme partenaire fictif pour un mémoire de maitrise. Malheureusement, les constructions modulaires ne seraient pas rentables au Luxembourg à cause du prix des terrains. Les propriétaires refuseraient de mettre leurs terrains à disposition.*
*Mais des discussions sont en cours avec d'autres partenaires pour une implantation sur des terrains communaux. Mais cela n'a rien d'évident. Le collège échevinal a repris les idées de la commission du logement, mais sans résultat pour le moment. Il arrive que des idées ne soient pas réalisables.*

an de Kesselbetrib oder bei wien och ëmmer wëll goen, e Parking oder kuerzfristeg eng Parkplaz fënnt, fir eebe seng Kommissioun ze maachen an dann erëm ze goen. Dat ass jo och d'Iddi hannendrun. Woubäi mer jo parallell dozou d'Tariffer op der Place des Alliés erofsetzen, fir dass do och kënne Laangzäitparker erëm stationéieren.

À savoir och, dass de Contournement net esou wäit ass. Et si sécherlech méi wéi 300 m. Mee Här Meisch, 300 m fannen ech och elo net esou dramatesch, wann dat de Wee ass, fir moies op d'Schaff. Dann ass dat awer nach, fannen ech, ganz okay, wann een dat misst trëppelen.

Wat de City-Management ugeet, fannen ech et och interessant – ech ka mech do dem Här Ulveling alliéieren, wann Der sot, dass Der entsat sidd –, Här Muller, dass mir et wären, déi den Zentrum erofgewirtschaft hätten.

À savoir, dass mer eng ganz Rei flott Projeten do lafen hunn, ënner anerem de Projet vun der Maison moderne, dee jo och herno nach um Ordre du jour steet. Wou mer mat enger auslännescher Entreprise en immens flotte participative Projet amgaange sinn, op d'Been ze stellen. Et sinn eng ganz Rei nei Butteker opgaangen an deene leschte Joren.

Natierlech sinn och eng Rei Butteker zougaangen. Ech denken deels, well d'Leit einfach net méi wollten am Commerce schaffen, deels, well se ënner der Pandemie gelidden hunn.

Mee mir sinn ëmmer erëm op der Recherche fir nei Commerçanten. An do hu mer mam CAE en immens flotten Austausch, wou déi Dossiere jo och virgestallt ginn, wou de CAE respektiv déi verschidde Partner, déi am CAE vertruede sinn, am Dialog mat eisem City-Manager sinn.

An ech fannen et dann e bësse schued, wann ech héieren, dass keen Dialog do wär oder dass hei an do net géif gemaach ginn. À savoir awer, dass all d'Parteien e Vertrieder hunn. Mee leider Äre Vertrieder ganz, ganz oft, menges Wëssens, net do ass. An dat jo och elo opgefall ass an där leschter Reunioun, dass Dir net do waart. Dann ass et natierlech schwéier matzediskutéieren a mat Fakten op den Dësch ze kommen, wann Der keng Fakten hutt.

Dat ass natierlech dann en Empfannen. Heiansdo ass et awer besser, et beweist een an et sicht een e bësse Preuvë fir säin Empfannen an et geet een net just op Gefiller.

Da wéilt ech eng Iddi opgräifen, déi e puermol opkomm war, vun der Logementskommissioun respektiv vun eidele Bauterrainen, wat de Modulbau oder d'Tiny Houses ugeet. Ech hat do ganz, ganz laang an ëfter en Austausch mat enger Studentegrupp vu Bréissel, déi un engem Projet geschafft hunn, fir eng Masteraarbecht iwwer Modulbau. Wou mir als Gemeng e fiktive Partner waren, fir esou e Modulbau opzebauen.

Herno war d'Konklusioun, dass d'Proprietären hei zu Lëtzebuerg net genuch géife fir hir Terraine kréien, dass esou eppes sech géif rentéieren, fir dass de Proprietär säin Terrain géif an d'Spill geheien. Dat war an deem fiktiven Austausch respektiv deem fiktive Projet herno d'Konklusioun.

Netdestotrotz si mer mat anere Partner a méi konkreeten Diskussiounen, wat de Gemengenterrain ugeet, fir ze kucken, ob esou eppes machbar wär. Als Gemeng huet ee vläicht aner Méiglechkeete wéi eng Privatpersoun. Mee et gestalt sech als extreemst laangwiereg an extreemst schwiereg. Et ass net, wéi wa mer keng Iddien opgegraff hätten oder géife probéieren. Mee bis elo hu mer einfach kee Resultat. An et ass awer oft esou, dass vill Projeten a vill Iddien opgegraff ginn an net ëmmer e Resultat kann do sinn, well een en cours de route mierkt, dass et einfach net machbar ass. Mee mir bleiwen awer och drun a probéieren eisen Deel dozou bäizedroen.

Dat war et vu menger Säit. Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Ech ginn d'Wuert weider un den Här Mangen. Sachent, dass mer herno keng Diskussioun opmaachen. Also hei sinn elo einfach Äntwerten op d'Froen, déi gestallt

gi sinn. Soudass mer duerno zum Vott kommen.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Zum Hotel Gulliver. Ech bekräftegen dat als Drëtten dann nach eng Kéier. E grousse Merci un onse Gemengesekretär, dee sech agesat huet, fir en Nofollger ze fanne fir den Hotel. Wou e Méint dru geschafft huet, awer leider kee fonnt huet. A mer dann op de Wee gaange sinn, fir dat als Gemeng ze iwwerhuelen, selwer ze bedreiwen. Mer kucken, wat mer do dra maachen.

Ech hat dat schonn am leschte Gemengerot gesot. Et ass nach näischt Fixes virgesinn. Datt mer eventuell och eng Demande un d'Populatioun maachen, wat si sech do virstellen, wat do kann dra gemaach ginn. Vläicht Wunnraum.

Déi intern Groupes de travail am Sozialen an am Seniore-Beräich, diskutéieren och, wat fir Méiglechkeeten et gëtt. Déi och Kontakt ophuele mat Associatiounen am Seniore-Beräich, wat fir Demanden et do gëtt.

Mir hunn eng Etüd iwwer ons Populatioun, déi weist, datt d'Zuel vun den eelere Leit ëmmer méi grouss gëtt an onser Stad. An huet leider och gewisen, datt et eng Tendenz gëtt, datt d'Senioren aus der Stad plënneren.

Dat wär vläicht en Argument, hate mer ons emol geduecht, fir eventuell fir d'Senioren eppes an deem Beräich ze maachen. Mee wéi gesot, d'Optioune sinn nach all op. Ob en intergenerationelle Projet draus gëtt oder nëmme Senioren, dat hänkt nach e bësse vun der Mise au point of.

E Besucherzentrum am Minett Park ass net vergiess. Et gëtt scho laang dovu geschwat, fir zwou Gebailechkeeten do ze bauen. Ech géif awer gär nach eng Kéier drop hiweisen, datt mer d'Etüd ofwaarden. Ech gesinn et als positiv, datt de Ministère d'Subsiden erhéicht huet, verduebelt huet, soudatt mer finanziell méi Méiglechkeeten hunn, fir weiderzekommen.

Soubal d'Resultater virleien, mir gesinn ons nach eng Kéier Enn Januar, wäert ech domat an de Gemengerot kommen.

Kameraen. Dat ass ee leedegt Theema. Mir hunn awer elo e Gesetz vu Juli 2021, wat ons erlaabt, Kameraen ze installéieren an och ze benotzen. Déi Gebailechkeeten, déi ons gehéieren, déi kënne mer mat Kameraen iwwerwaachen. Vun där Säit aus gëtt et kee Problem. Mir mussen d'Demande zwar maachen. Et ass eng ganz Prozedur. Dat si mer amgaang ze maachen. Et ass kee Problem fir dem Vandalismus, dee mer an de Schoulen hunn, entgéintzewierken.

Am Espace public, wéi Parkanlagen, war et bis elo net erlaabt. Dat dierfte mer als Gemeng net maachen. Dat ass awer elo méiglech, laut Gesetz. Et muss awer en Avis gefrot gi vun der Direction générale de la Police, déi dann ufreet. An da gi mir als Gemengerot gefrot, de Ministère de tutelle gëtt gefrot. An d'Commissioun consultative, déi decidéiert dann.

Also nodeem d'Police gefrot huet, fir d'Kameraen unzebréngen, ginn nach dräi Partner gefrot, ob déi domadder averstane sinn. An da kréie mer den Accord.

D'Gesetz, wann een dat liest, gëtt ons Méiglechkeeten am Park, mat deenen Aggressiounen, déi do sinn. Ech hat och d'Leit um Ministère gefrot. Mir hunn, zum Beispill, d'Méiglechkeet, d'Kamerae mol versuchsweis fir e puer Méint ze installéieren an dann ze kucken, wat fir Aktiounen am Park entstinn. Datt een och e Beweis huet. An dann dorobber opbaue kann, wat een do vu Schrëtt kann ënnerhuelen.

Gesetzlech si mer gutt. Ech sinn zouversiichtlech, datt mer déi nächst Méint an de Gemengerot kommen a froen, fir déi Kameraen ze installéieren. Gesetzlech dann.

Allocation de solidarité. Et freet mech, datt mer parteiiwwergräifend domadder averstane sinn, op de Wee ze goen, dee mer ginn. Et geet vläicht warscheinlech net duer, och mat deenen 300.000 Euro, déi mer eropgesat hunn. Mir sinn nach amgaange mat engem Grupp ze diskutéieren am soziale Beräich, ob dat duergeet mat deene ganzen Energiepräisser, déi amgaang sinn ze explodéieren, oder ob mer nach e bësse mussen noschéissen. Dat wäert Der zur gegeebener Zäit erfueren.

**ROBERT MANGEN (CSV)** *remercie le secrétaire communal, qui a essayé de trouver un repreneur pour l'hôtel Gulliver. Malheureusement, il n'y est pas parvenu. C'est pourquoi le collège échevinal a décidé d'acquérir le bâtiment. Pour le moment, la commune ne sait pas encore quoi en faire. Peut-être pourrait-on demander des idées à la population. Plusieurs groupes de travail internes discutent avec des associations actives dans le secteur des séniors.*

*Robert Mangen rappelle que le nombre de séniors augmente à Differdange. Malheureusement, beaucoup décident de partir. C'est pourquoi créer un projet pour les séniors à Gulliver pourrait être une bonne idée. Ou alors un projet intergénérationnel.*

*Il est depuis longtemps question d'un centre pour visiteurs dans le Minett Park. Le collège échevinal attend le résultat d'une étude. En attendant, le ministère a doublé le montant de son subside. Robert Mangen espère avoir du nouveau pour la séance de janvier.*

*Pour ce qui est de la sécurité, une loi de juillet 2021 permet à la commune d'installer sur demande des caméras dans les bâtiments lui appartenant. En revanche, la commune ne peut pas installer des caméras dans les lieux publics ou les parcs sans un avis positif de la direction générale de la police. Cet avis doit ensuite être validé par le conseil communal, le ministère de tutelle et la Commission consultative.*

*Parmi les possibilités figure celle d'installer des caméras dans le parc pendant quelques mois pour voir ce qui s'y passe et récolter des preuves. Robert Mangen se dit convaincu que dans quelques mois, le collège échevinal pourra demander au conseil communal son accord pour installer des caméras.*

*L'échevin se dit content que l'allocation de solidarité soit soutenue par tous les partis. Il est probable que 300 000 € supplémentaires ne suffisent pas à cause de l'explosion du prix de l'énergie. La commune discute avec un groupe actif dans le milieu social pour voir s'il faudra augmenter l'allocation ultérieurement.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *va commencer par les questions de monsieur Hobscheit. Le plan communal de la jeunesse comprend trois objectifs: la mise en route, l'élaboration à travers l'implication des jeunes et la mise en œuvre.*
*Parallèlement, la commune entend travailler avec des partenaires externes, les associations, les parents et différents professionnels. Le collège échevinal souhaite en effet apporter une réponse adéquate aux besoins des jeunes.*
*Le travail devrait commencer en décembre 2021 et se terminer fin mai 2023. Cela prend du temps, mais pour la commune il est important d'impliquer les jeunes. Autrement, il faudrait se contenter des professionnels, mais ce n'est pas ce que veut le collège échevinal.*
*La stratégie de communication doit être claire et transparente. Le conseil communal sera informé de l'avancement des trois phases.*
*La place aux jeunes est un espace où les jeunes peuvent vivre ensemble, s'échanger et se développer. Le projet vient d'être lancé avec différents partenaires comme la maison des jeunes, Outreach et les éducateurs de rue. La commune s'est rendue à Esch et à Dudelange pour voir comment gérer un tel site et quel projet pédagogique proposer.*
*La place aux jeunes sera réalisée en concertation avec les jeunes — notamment les jeunes qui passent beaucoup de temps dans la rue, mais aussi ceux qui ne sont pas livrés à eux-mêmes. Il s'agit de trouver une bonne mixité. Dans ce local, il devra y avoir des partenaires avec lesquels les jeunes pourront interagir en cas de problème. Des projets de prévention seront aussi mis en place.*
*Le projet du stade d'athlétisme n'est pas abandonné pour le moment. En tout cas, personne n'a jamais demandé à Paulo Aguiar de le faire. En revanche, le Woiwer n'est peut-être pas adapté à cause des problèmes d'accessibilité. Une réunion avec les quatre communes du Kordall aura lieu au début de l'année prochaine.*
*Paulo Aguiar se dit triste que monsieur Bertinelli soit triste. Il lui conseille de voir le verre à moitié plein au lieu de le voir à moitié*

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Här Aguiar, wannechgelift.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci beaucoup. Je vais également répondre aux questions. Je vais commencer par Monsieur Hobscheit. Vous avez posé deux questions concernant la place des jeunes et le plan communal jeunesse. L'objectif du plan communal jeunesse est bien évidemment de mettre en place un comité de pilotage avec trois objectifs. Premier objectif : la mise en route. Connaitre et analyser. Le deuxième objectif : élaborer, proposer, impliquer les jeunes et organiser. La troisième phase est la mise en œuvre.

En parallèle, nous allons travailler avec différents partenaires des jeunes. Nous avons un partenaire externe. Nous voulons travailler avec les « Veräiner », les associations, les parents et impliquer différents professionnels afin que ce plan communal jeunesse soit proposé.

Nous voulons développer une action adéquate aux besoins des jeunes avec une inspiration politique et citoyenne. Effectivement, dans le cas du plan communal jeunesse, nous voulons également impliquer les politiques afin d'élaborer un plan qui puisse s'adapter à tout le monde.

Le plan communal jeunesse au niveau de la timeline – c'était une de vos questions –: une fois que le projet sera voté, le travail débutera tout de suite en décembre 2021 et se terminera fin mai 2023. Effectivement, ça prend énormément de temps si on veut davantage impliquer les jeunes. Avec les professionnels, ce serait plus facile. Mais pour nous, l'implication des jeunes est primordiale. Ce sont eux les acteurs.

En ce qui concerne la stratégie de la communication, il est pour nous très important d'avoir une stratégie de communication transparent en différentes phases. Le conseil communal sera informé dès que les trois phases seront terminées.

La place aux jeunes. De quoi parle-t-on ? C'est quoi, la place aux jeunes ? C'est un deuxième local, où on peut stimuler la participation des jeunes et proposer aux jeunes un espace pour vivre ensemble et échanger. Un espace qui permet de se développer.

C'est un projet qui vient de débuter maintenant. Nous sommes dans la première phase avec les différents partenaires. À ce stade, nous sommes avec le service jeunesse qui est impliqué avec les différentes partenaires. Ce sont le Jugendtreff Déifferdeng, les opsichend Jugendhaiser, les Streetworkers… Et nous sommes déjà allés voir deux concepts différents à Esch et à Dudelange pour voir de quelle façon gérer le site et quel projet pédagogique proposer.

Je répète : nous n'allons pas le proposer entre nous. Nous allons le faire avec les jeunes. On travaille également dans la rue, si je peux me permettre le mot, on travaille avec ces jeunes-là. Des jeunes qui ne sont pas livrés à eux-mêmes. On essaie de créer une mixité. Dans ce cadre-là, nous allons appliquer davantage les jeunes au début du projet. L'objectif primordial est que les jeunes s'approprient du local. Un local, où ils ne se seront pas livrés à eux-mêmes, mais où il y aura différents partenaires qui puissent interagir en cas où il y aurait des problèmes de différentes natures. Avec différents projets de prévention aussi, qui pourront éventuellement être mis en place.

La question concernant le stade d'athlétisme. À ce stade, nous n'avons toujours pas arrêté le projet. Je ne pense pas. On n'a jamais dit ça. On n'a jamais dit qu'on allait arrêter le projet. Ce qu'on a dit est qu'au Woiwer, il ne serait pas adapté. Concernant la mobilité, respectivement l'accessibilité. Mais je peux vous assurer que début de l'année prochaine, nous aurons une réunion avec les quatre communes du Kordall pour essayer de trouver un local qui serait adapté au terrain d'athlétisme.

Pour terminer, Monsieur Bertinelli, vous m'avez dit que vous étiez triste. Mais moi aussi je suis triste, parce que vous êtes triste. Et pourquoi cela ? Tout

simplement : au lieu de voir le verre à moitié vide, voyez plutôt le verre à moitié plein.

Nous faisons énormément de choses pour le sport ici à Differdange. Et on fait énormément de choses pour les Sportsveräiner à Differdange. Vous savez très bien que les deux dernières années ont été difficiles avec toute la pandémie, où les clubs étaient en grande difficulté. Nous voulons remercier tous les conseillers communaux. Nous avons réussi à répondre aux besoins des clubs. En votant des subsides extraordinaires par exemple.

Qu'est-ce qu'on peut prévoir pour l'année 2022 ? Tout simplement les mêmes activités. Il ne faut pas essayer maintenant de faire de nouveaux projets. Mais on l'a fait. Si vous regardez bien le budget, il y a un projet qui est rajouté, la Nuit au sport, qui n'était jamais prévue ici à Differdange. Ça va venir à Differdange. Pour donner deux choses. La première chose : donner la possibilité à tous les enfants qui ne font pas d'activités sportives ou qui ne connaissent pas un sport de venir le faire. Et donner aux Veräiner eux-mêmes ou aux clubs la possibilité de recruter des membres. Parce qu'on parle du bénévolat. Et là, ils peuvent faire d'une pierre deux coups.

Au niveau du sport et des infrastructures sportives. Il me semble que vous êtes un tout petit peu triste par rapport à ça. Mais je vous rappelle, Monsieur Bertinelli, la rénovation du centre sportif John-Scheuren, la rénovation du Bock, le terrain synthétique du Woiwer, la rénovation du terrain du stade municipal. C'est quand même pas mal. Et nous allons continuer dans ce sens-là.

En ce qui concerne le stade Thillebierg, nous avons déjà quatre phases. Il faut effectivement budgétiser tout cela. Une est déjà prévue pour l'année prochaine. C'est la mise en sécurité.

Ce qui est pour nous le plus important, c'est de créer des projets. Mais aussi de continuer à mettre à disposition les moyens nécessaires pour les projets qui ont déjà été créés. C'est ça, en fait, notre objectif. C'est bien d'avoir de nouveaux projets, mais il faut être présents et investir pour ceux qui sont en cours. Merci beaucoup de m'avoir écouté.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Här Bertinelli, ech wollt just soen, mir maachen elo keng politesch Diskussioun hei méi op. Mee natierlech, all Mandataire, dee perséinlech ugeschwat ginn ass elo an dësem Krees, huet d'Recht, Stellung ze huelen.

---

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Der Madamm Pregno wollt ech äntwerten, well se gesot huet, datt ech an Ärer Kommissioun net oft do sinn: Well ech mat där Kommissioun absolutt net domat d'accord sinn.

Ech hunn dat schonn eng Kéier am Gemengerot gefrot, et ass nach ni drop geäntwert ginn, datt mer eng Kéier eng Analys maachen iwwert de City-Manager. An dat ass ni méi komm duerno. Ech hu lo just héieren, datt do nach eng Persoun agestallt ginn ass. Dass se elo zu zwee sinn am City-Management.

Ech war an deenen éischte Sitzungen dobäi. Si si guer net drop agaang, wat ech gesot hunn. Ech gesinn, souguer haut nach mécht den Här Krecké, wat e virdrun och gemaach huet. Et war jo geduecht am Ufank, fir den Här Krecké do e bëssen ze erliichteren, mee elo mécht hien dann déi Saachen. Firwat hu mir dann e City-Manager, wann den Här Krecké muss kucken, fir en Hotel ze fannen?

Ech verstinn dat net. Ech verstinn dat einfach net. Wa mer Leit hunn, e City-Manager, deem seng Aufgab ass – sot mir een neit Geschäft, wat deen hei op Déifferdeng bruecht huet? Ausser e puer Bastelbutteker. Nennt mir eent.

A wann ech esou Dommheeten héieren, datt mer Container op d'Maartplaz setzen, fir Geschäfter dranzesetzen, dat interesséiert mech net. Meng Zäit ass mir ze kostbar, fir datt ech déi do verléieren. Ech kann och higoen …

*vide. La Ville de Differdange fait beaucoup pour le sport et les clubs sportifs. Mais les deux dernières années ont été difficiles à cause de la pandémie. Grâce au conseil communal, la commune a pu répondre aux besoins de ces clubs.*
*Pour ce qui est de 2022, Paulo Aguiar ne pense pas que ce soit le bon moment pour lancer de nouveaux projets. Pourtant, la Nuit des sports en est un. Elle permettra aux enfants de découvrir de nouveaux sports et peut-être de se lancer dans une activité. Les clubs trouveront, quant à eux, de nouvelles recrues.*
*Monsieur Bertinelli se dit triste aussi à cause des infrastructures. Pourtant, la rénovation du centre sportif John-Scheuren, la rénovation du Bock, le terrain synthétique du Woiwer et le stade municipal, c'est déjà pas mal.*
*Les travaux du stade Thillenberg se dérouleront en quatre phases à budgétiser. La mise en sécurité aura lieu dès l'année prochaine.*
*Paulo Aguiar souligne par ailleurs l'importance de soutenir les projets existants avant d'en créer de nouveaux.*

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ne compte pas relancer les débats, mais elle cède la parole à monsieur Bertinelli, qui a été interpelé personnellement.*

---

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *ne se rend pas souvent aux réunions du CAE, car il n'est pas d'accord avec ce qui y est fait. D'ailleurs, il attend toujours une analyse du travail du city manager. En plus, le city management se compose désormais de deux personnes.*
*Fred Bertinelli a assisté aux premières réunions, mais personne ne l'a écouté. En plus, monsieur Krecké continue de faire ce qu'il faisait avant. Pourquoi n'est-ce pas le city manager qui cherche un repreneur pour l'hôtel ? Fred Bertinelli n'y comprend rien. Le collège échevinal peut-il citer un magasin qui a ouvert grâce au city manager ? Des bêtises comme un conteneur sur la place du Marché pour les commerçants n'intéressent pas Fred Bertinelli. Il ne veut pas perdre son temps.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *répond à monsieur Bertinelli que c'est son droit.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *demande à madame Pregno de le laisser parler.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *précise qu'elle a parlé de représentants. Elle n'a pas cité le nom de monsieur Bertinelli.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *lui demande si elle parlait de quelqu'un d'autre.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *réplique que monsieur Bertinelli doit savoir s'il est ou pas représentant au sein du CAE.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *insiste sur le fait que madame Pregno parlait de lui.*
*(Interruption)*
*Fred Bertinelli s'exclame que l'on n'est pas à la maternelle. Tout le monde sait que monsieur Bertinelli veut faire avancer Differdange. Mais il n'a pas envie d'aller discuter de choses inutiles pendant des heures. Il est temps de se demander à quoi sert un city manager. Fred Bertinelli pensait qu'il devait attirer des commerces à Differdange. Si madame Pregno peut citer un magasin qu'il a attiré, il admettra qu'il s'est trompé.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *mentionne Rêves d'enfants.*
*(Interruption)*
*Laura Pregno précise qu'il s'agit d'un magasin de vêtements.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *ajoute qu'il y en a d'autres.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *rappelle à monsieur Bertinelli que le city manager lui a envoyé un rapport avec des réponses à ses questions.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *admet que c'est vrai.*

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Dat ass Äert gutt Recht, Här Bertinelli. Mee da misst Är Partei en anere Vertrieder …

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Madamm Pregno, loosst mech ausschwätzen.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech hu vu Vertrieder geschwat. Ech hunn net Ären Numm gesot. Ech hu vu Vertrieder geschwat.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ma Dir hutt jo mech gemengt. Oder hutt Der en anere gemengt?

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Dir wësst jo, ob Der do waart oder net, ob Dir de Vertrieder sidd oder net.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ma kommt, mir schwätzen awer elo net hei – Dir hutt jo mech gemengt, nee?

(Ënnerbriechung)

Et ass jo awer net d'Spillschoul. Dat ass richteg.

A wann dat an eng Richtung geet – also ech hu vill fir dës Stad gemaach. A vill Leit wëssen dat och heibannen, datt ech lafen, wann et heescht, fir Déifferdeng no vir ze bréngen, dann ass mer dat egal. An dann hunn ech oft och mam Gemengesekretär, och iwwert de Buergermeeschter oder verschidde Schäffe, do ginn ech hin an ech soen dat och.

Mee wann ech eppes gesinn, wat kee Wäert huet, wann ech mengen, déi sinn um falsche Wee, kënnt Dir net vu mir verlaangen, datt ech enzwousch higinn, fir stonnelaang iwwer e Vëlo ze schwätzen, fir d'Hee sichen ze goen. Et deet mer leed. Dat seet mir näischt. Dat ass och net dat, wat Déifferdeng virubréngt!

An ech hu gesot, mir sollen eng Kéier prinzipiell déi Fro stellen, wat e City-Manager ze maachen huet, firwat en do ass.

Fir mech hate mir dee City-Manager agestallt, fir méi Geschäfter op Déifferdeng ze kréien. Dat war de But. An den Zoningen dat ze maachen. Dat ass leider schifgaangen. Dat ass net esou. Wann Der mer ee Geschäft nennt, wat e bruecht huet, da soen ech, ma dann hunn ech mech geiert. Mee ech hu mech net geiert.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

De Rèves d'enfants. Ganz einfach. Dat kennt Der jo awer.

(Ënnerbriechung)

Entschëllegt, mee et ass kee Bastelbuttek, Här Bertinelli. Et ass e Kleedergeschäft fir Kanner. Wat wierklech gutt geet.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

An der Lescht huet en nach e puer Geschäfter fonnt.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Dir hutt jo och d'ganz Dokumentatioun, mengen ech, vum City-Manager geschéckt kritt mat alle Rapporten an esou als Äntwert op déi Froen, déi Der d'leschte Kéier geschéckt hutt. Ech hoffen, Dir hutt d'Enveloppe kritt.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Jo.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Maja. Tipptopp. Merci.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech hu just eng Fro, Madamm Pregno, sidd Der dann domadder zefridden? Dat ass meng Fro. Elo ganz éierlech. Sidd Der domadder zefridden, wat de

City-Manager esou leescht an enger Stad wéi Déifferdeng?

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Jo. Ech denken awer, dass nach ganz vill Loft no uewen ass. A wann ech aner Stied kucken, déi sinn zu enger Ekipp sou tëschent sechs an zéng Leit. Dann denken ech, dofir dass et eng Persoun ass, an déi nei Madamm, déi do ass, déi fänkt jo just 20 % op, well eise City-Manager och een Dag an der Woch am Congé parental ass, soudass mer u sech eng Persoun hunn, well d'Madamm, déi do ass, schafft jo 80 % op dem Fusilli. Dann denken ech, dass scho ganz vill geleescht gëtt, fir dass et en Ee-Mann-Betrib ass.

Jidderengem säint, Här Bertinelli.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Gëtt et nach eng Wuertmeldung? Da komme mer elo zum Vott.

Fir d'alleréischt maache mer de Vott, entschëllegt, iwwert de Budget rectifié.

*Le conseil communal arrête avec 11 voix oui et 8 voix non le budget rectifié de l'exercice 2021*

Da géife mer elo votéieren iwwert de Budget initial 2022.

*Le conseil communal arrête avec 11 voix oui et 8 voix non le budget initial de l'exercice 2022.*

Villmools merci. Da fuere mer viru mam Jabel. Am Punkt 3) geet et ëm d'Maison moderne. Dofir géif ech d'Wuert direkt un d'Madamm Pregno weiderginn.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Ier ech zum Devis selwer kommen, wollt ech e puer Wierder iwwert de Projet vun der Maison moderne verléieren. Ech net weess, wéi wäit jiddereen hei um Dësch de Projet, wéi en aktuell configuréiert ass, kennt.

D'Gemeng huet dat Haus kaf. Mir waren eis vun Ufank u bewosst, dass dat Haus respektiv dat Geschäft op enger strateegesch immens wichteger Plaz fir d'Stad Déifferdeng läit: à cheval op d'Groussstrooss, op de Park mat deene grousse Vitrinnen. Wat vill Joren en immens flotte Buttek war, deen immens vill Leit ugezunn huet a gutt gaangen ass. Wat wierklech en Häerzstéck vun der Déifferdenger Geschäftswelt war.

Mir waren eis eens, dass mer eis mam Kaf vum Haus op eppes aloossen, dass mer missten och iergendwéi eppes leeschten als Stad. Mir wousten, et wär e groussen Enjeu. A mir hunn eis Gedanke gemaach. Mir soten eis, mir wëllen awer elo net en traditionelle Projet mat Gastronomiebetrib oder einfach e Buttek dra maachen, well dat huet dat Haus net verdéngt. Dat wär e bëssen ënnert dem Haus sengem Wäert. An och ënner der Plaz hirem Wäert.

Do si mer op de Wee gaangen, fir mat enger Schwäizer Entreprise, déi Denkstatt heescht, e participative Projet op d'Been ze stellen. Wou jo och zwee Leit hei vum Dësch schonn iwwer eng Zäitchen dobäi sinn. Do geet et drëm, a verschiddenen Ateliere mat verschiddenen Acteuren, dat heescht Acteuren, déi kéinten an deem Haus herno hir Plaz fannen, respektiv déi och am Liewe vun deem Haus schonn eng Roll gespillt hunn, erauszefannen: Wat ass de Rôle vun deem Haus? Och vun der Plaz vun deem Haus. Fir Déifferdeng an och fir d'Déifferdenger Geschäftswelt.

Do sinn dann eng ganz Rei Visiounen erauskomm. An ech fannen et flott, dat Bild, dat se benotzt hunn, dass d'Maison moderne esou e bësse wär wéi en Dornröschen dat am Moment am Schlof wär an u sech géif drop waarde fir „waachgekësst" ze ginn. Well u sech waart dat Haus jo drop, dass eppes geschitt. An d'Plaz och. An ech hunn dat e ganz flotte Verglach fonnt.

*Mais il demande à madame Pregno si honnêtement, elle est satisfaite du travail du city manager.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *répond que oui, mais qu'il reste du pain sur la planche. D'autres communes disposent d'un city management de six à dix personnes. La nouvelle recrue travaille sur le projet Fusilli à 80 %. Le city manager est en congé parental une fois par semaine. Il fait ce qu'il peut, mais il est seul.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au vote du budget rectifié 2021.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au vote du budget initial 2022.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch cède la parole à madame Pregno au sujet de la Maison moderne.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *ne sait pas si tous les conseillers communaux connaissent le projet tel qu'il est actuellement configuré.*
*La commune a acheté cette bâtisse parce qu'elle se trouve à un endroit stratégique entre la Grand-rue et le parc. Dans le passé, ce magasin attirait beaucoup de clients.*
*Le collège échevinal était conscient des enjeux quand elle a acheté la Maison moderne. Il ne voulait pas simplement y implanter un restaurant ou un magasin en raison de la valeur de la maison. Il a donc demandé à une entreprise suisse, denkstatt, d'élaborer un projet participatif. Il s'agit de définir avec plusieurs acteurs quel rôle accorder à cette maison. C'est important pour Differdange et pour le commerce.*
*Les idées sont chouettes. Laura Pregno apprécie particulièrement la comparaison avec la Belle au bois dormant qu'il faut réveiller de son long sommeil. La Maison moderne attend que l'on fasse quelque chose d'elle.*
*Dans un premier temps, il faudra réaliser des travaux de rénovation et de transformation. Cependant, la commune ne sait pas encore ce qu'elle va faire du rez-de-chaussée et du premier étage par la suite. Car dans les projets participatifs et dans*

*l'économie circulaire, il faut généralement laisser vivre le projet et voir ensuite ce dont il a besoin. Plusieurs mesures seront donc prises dès l'année prochaine comme le reflète le devis. Mais cela n'exclut pas que dans une deuxième étape il faille prendre des mesures à long terme une fois que l'on connaitra l'exploitant et ce qu'il compte faire. Le devis prévoit des dépenses de l'ordre de 110 000 € pour le rez-de-chaussée et le premier étage. Un locataire habite l'appartement du deuxième étage et des étudiants vivent au troisième étage.*
*Des travaux doivent être réalisés sur les vitrines, les installations électriques, le chauffage, la peinture, le plâtre… Des marquises vont aussi être installées à l'extérieur. Une partie de la maison doit être mise en conformité avec des portes-antifeu. L'accès devra être adapté aux personnes à mobilité réduite et aux gens avec des poussettes.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *est d'accord avec les travaux intérieurs. Il voudrait savoir si quelque chose est aussi prévu à l'extérieur. Il pense notamment à la façade qu'il faudrait repeindre, même si cela coutera cher.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *répond que pour le moment, il s'agit de rendre l'intérieur fonctionnel. Mais il est clair que la Maison moderne est un patrimoine de la ville et que la façade devra être rénovée et mise en valeur.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *constate qu'il a été question de la Maison moderne dans toutes les réunions auxquelles il a participé. Trois personnes se sont rendues à Bâle chez denkstatt. L'idée d'un commerce gastronomique et d'un salon de consommation est revenue souvent.*

Dee participative Projet gesäit elo vir, dass eng ganz Rei Ëmbau-, respektiv Renovatiounsaarbechte solle gemaach ginn. Elo ass et awer esou, dass et jo nach net kloer ass, wat herno an deem Haus, op jidde Fall mol um Rez-de-chaussée an um éischte Stack soll stattfannen.

Ganz oft a participative Projeten an och an der circulairer Ekonomie ass et esou, dass een einfach vum Gedanken ausgeet, dass de Projet sech selwer e bësse soll liewen an och am Liewe soll gekuckt ginn: Wat brauch dee Projet? Soudass hei eng ganz Rei Sofortmoossnamen, wéi se am Devis stinn, direkt d'nächst Joer sollen ëmgesat ginn.

Wat awer net ausschléisst, dass herno an enger zweeter Etapp laangfristeg Moossname sollen ëmgesat ginn. Mee déi laangfristeg Moossnamen, dat sinn déi, déi eréischt kënnen decidéiert ginn, wann et ganz kloer ass, wien Exploitant ass a wat den Exploitant ass. Dat ass an dësem Moment nach net esou kloer.

Wann Der Iech den Devis e bëssen ukuckt, gesitt Der, dass eng 110.000 Euro elo an enger éischter Phas virgesi sinn. Wéi gesot, just fir de Rez-de-chaussée an den éischten Etage. Mir wësse jo, dass um zweeten Etage eng Wunneng verlount ass. An um drëtte si scho Studenten dran. Wou mer jo de Contrat de bail scho virun enger Zäitchen hei haten.

Am Devis stinn also Réckbau vu Vitrinnen, eng ganz Rei elektresch Aarbechten. Elektresch Installatioune mussen à jour gesat ginn. Och d'Heizkierper. Well d'Haus och vu bannen an d'Jore komm ass, eng ganz Rei Gips- an Usträichaarbechten. Vu baussen, dann och fir ze beliewen an och, fir d'Vitrinnen ze schützen, nei Sonnestoren, spréch Marquisen.

D'Haus respektiv en Deel muss konform gesat gi mat allem, wat Brandschutz ass. Dofir komme Brandschutzdieren. An och ganz wichteg, fir d'Accessibilitéit ze garantéieren, e PMR-Accès, also eng Ausseramp souwuel fir PMR wéi och vläicht fir Leit mat Rollator oder Leit mat Poussetten etc.

Dat waren d'Erklärungen. Ech soen Iech Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Pregno. Huet een eng Fro? Den Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech hätt eng Fro. Mir fannen et och néideg, dass bannenan eppes gemaach gëtt. Ech wollt awer froen: Hutt Der Iech scho Gedanke gemaach, wat mer baussen un deem Gebai maachen? Dat schéngt mer awer och wichteg ze sinn, d'Erhalung, de Patrimoine vu baussen, en Ustrach, eventuell sinn un de Fassaden nach Saachen ze dinn – dat ass dann en anere Käschtepunkt. Oder wëllt Der dat eréischt maachen, wa kloer ass, wat ënnen am Geschäftsraum geschitt.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Soll ech direkt äntwerten?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Am Moment gëtt wierklech just den Interieur gekuckt. Dass et einfach funktionell ass. Dass et ka lassgoe mam Projet. Herno gëtt gekuckt, wat nach alles op eis duerkënnt. À savoir, dass et awer wierklech e Patrimoine ass an dass och muss baussen d'Fassad renovéiert ginn. Da kënnt d'Schéinheet vum Gebai nach méi zur Geltung, wann eng nei Fassad drop ass. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Den Här De Sousa freet d'Wuert. Wien huet nach d'Wuert gefrot?

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. D'Madamm Pregno huet elo ganz vill gesot. D'Maison moderne ass an all de Versammlungen, an deenen ech a leschter Zäit war, ëmmer Theema.

Eng Ekipp vun dräi Déifferdenger war sech op Basel déi Projeten ukucken, déi Denkstatt organiséiert huet. Wat een dann esou héiert, ass d'Iddi vu Gastronomie, gekoppelt mat Raim, wou ee sech kann ophalen, ouni mussen eppes ze consomméieren.

Ech mengen, esou eppes musse mer do op déi Plaz bréngen. De Parc Gerlache ass jo bal d'zentral Transportsplaz vun Déifferdeng: Dräi vu véier Diffbusse kommen dohinner. D'T.I.C.E.-Linne bleiwen do stoen oder bei der Schoul am Zentrum. D'Gare ass net wäit ewech.

Wann ech mech gutt erënneren, war d'lescht Woch, den 1. Dezember, an der Stad déi Versammlung mam Här Kox a mat der Madamm Polfer wéinst der Securitéit am Garer Quartier. Wat ech do vu Kommentare vun de Leit, déi do wunnen, héieren hunn, d'Gare wier just nach e Passage. Fréier, viru Joren, waren do angeeblech véier Kinoen, wou Leit, wou einfach Liewe war.

An nieft deene véier Kinoen waren och aner Geschäftsmodeller do. Et ware Leit do. A well vill Leit do waren, hu se sech och sécher gefillt. Dowéinst hunn ech virdru gesot, d'Antonius-Haus, wat am Budget steet, ass och strateegesch ganz wichteg fir de Parc Gerlache, fir déi Leit, déi do wunnen, fir do erëm eng Sécherheet hin ze kréien.

E bësse weider uewen an der Wierkstrooss, dat Gebai steet eidel. Mir mussen déi Plaz erëm iergendwéi believen.

An dëse Projet, wou d'Miami University mat dru bedeelegt ass, de Geschäftsverband, d'Tania Brugnoni, déi ginn hiren Input. Déi hunn och Iddien, wéi ee vläicht déi Plaz believe kéint. Ech mengen, bei guddem Wieder kéint een op d'Terrass goen. Et hätt een eng flott Siicht op de Park erof. An da musse mer vläicht och net ëmmer mat Kameraen eng Plaz méi sécher maachen, fir datt d'Leit sech méi sécher fillen.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren. Mir stëmmen dësen Devis mat Jo.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci. Ech wollt e wéineg aushuelen. Dëst historescht Gebai staamt aus dem Joer 1928. Huet 93 Joer an ee Weltkrich iwwerlieft. 1937 huet d'Gebai den Numm Maison moderne kritt. Muss awer, éier et seng drëtt Geschicht elo ufänkt, renovéiert ginn. Käschtepunkt: 110.237 Euro.

Elektresch konform setzen. Et gëtt an dräi Unitéiten opgedeelt. Nei Heizungen. Daach-, Gips- a Schräinerei-Aarbechten.

Zu den Daachaarbechte wéilt ech soen, kéint een och d'Spëtzt vum Gebai, déi bei engem Onwieder virun zwee, dräi Joer ëmgefall ass – si ass zwar um Daach leie bliwwen, d'Pompjeeën hu se erofgeholl, d'Gemeng ass komm – erëm opsetzen. Well et handelt sech hei ëm e remarkabelen Objet. Wéi d'Gemeng du komm ass, huet si se matgeholl, mat Autorisatioun vum fréiere Proprietär. A si läit an engem Depot vun der Gemeng, wou se gutt versuergt gëtt.

Ech soe Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Et ass elo vill gesot ginn. Duerfir halen ech mech elo ganz, ganz kuerz.

Als Déifferdenger CSV begréisse mer d'Renovatiounsaarbechten un dësem flotte Gebai, bekannt als Maison moderne. Mir begréissen dësen innovative Projet ganz ausdrécklech, deen hei um Rez-de-chaussée an um éischte Stack ugeduecht ass, fir d'Ëffentlechkeet. Et gëtt herno e sozialen Treffpunkt fir d'Awunner.

*Paulo De Sousa rappelle que ce site est central aussi pour les transports en commun. Les quatre Diffbus et le TICE y passent. La gare n'est pas loin.*
*Le 1er décembre, une réunion avec monsieur Kox et madame Polfer au sujet de la sécurité dans le quartier de la gare a eu lieu à Luxembourg-ville. Apparemment, jadis, il y avait quatre cinémas. Aujourd'hui, la gare n'est qu'un lieu de passage. Il y avait aussi des commerces et des gens, et les riverains s'y sentaient en sécurité. C'est pourquoi la Maison Antonius près du parc Gerlache est aussi stratégique. Dans la rue de l'Usine se trouve une bâtisse vide.*
*Pour ce qui est de la Maison moderne, la Miami University, l'ACOMM et Tania Brugnoni ont aussi apporté leurs idées. Si l'on y installait une terrasse quand il fait beau, il y aurait du monde et les caméras de vidéosurveillance ne seraient peut-être plus nécessaires.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *rappelle que le bâtiment date de 1928 et a survécu à 93 ans et à une guerre mondiale.*
*Désormais, il est nécessaire de la rénover pour 110 237 €. Il s'agit de mettre en conformité les installations électriques, etc.*
*Christiane Saeul propose de réinstaller la pointe du toit, qui était tombée il y a deux ou trois ans lors d'un orage. Car il s'agit d'un objet remarquable se trouvant dans un dépôt de la commune.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *va se montrer bref. Il salue la rénovation de la Maison moderne ainsi que le projet qui est prévu au rez-de-chaussée et au premier étage. Le bâtiment deviendra un point de rencontre social.*

*Jerry Hartung imagine une espèce de café citoyen, un projet participatif combiné à un commerce et des coins popup. Cela va être chouette. Il est nécessaire de redynamiser ce bâtiment se trouvant dans le centre de Differdange.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *a participé à la dernière session en octobre. C'était bien organisé et très intéressant. Un bureau suisse a rassemblé les idées.*
*Il s'agit de ne pas seulement penser au bâtiment, mais aussi aux gens qui vont l'utiliser à l'avenir et à ceux qui vivent autour du parc. Le pavillon va d'ailleurs être rénové. Comme l'a dit monsieur De Sousa, cela permettrait de modifier la dynamique des lieux. Eric Weirich se dit satisfait et salue ce projet.*
*Eric Weirich n'a pas vu de devis de l'entreprise suisse. Pourquoi la commune a-t-elle choisi cette entreprise ? Eric Weirich n'y est pas contraire, mais se dit surpris.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *a remarqué que le devis de 110 000 € comprend des frais d'honoraires de l'ordre de 20 700 €. Il ne pense pas que la commune a besoin d'un bureau externe pour réaliser de petits travaux de ce type. Y a-t-il une explication ?*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *admet que ces 20 000 € peuvent faire peur. Elle trouve aussi que c'est beaucoup. Mais ces 20 000 € ne sont pas seulement destinés au bureau suisse. Le bureau suisse s'occupe de l'élaboration de l'idée, de sa réalisation et de l'accompagnement. Les honoraires du devis concernent des entreprises luxembourgeoises mandatées pour réaliser les travaux. L'entreprise suisse chapeaute le tout et dresse les devis.*
*Les travaux seraient difficilement réalisables par les services de régie, car ils sont déjà très occupés.*
*(Vote)*

Et gëtt eng Aart Bierger-Café, Ukommensraum, Gastronomie. E participative Projet, deen nach muss ausgeschafft ginn. Gekoppelt vläicht u Commerce, deen do kéint stattfannen. Mat Pop-up-Corners.

Ech mengen, dat gëtt wierklech flott. Et muss een dësen Deel méi beliewen. D'Leit erëm erauskréien an op d'zentral Plaz kréien. Grad dës zentral Lag vum Gebai bitt sech quasi fir esou een originelle Projet un. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. D'Madamm Pregno hat et gesot, ech war ee vun deenen zwee aus dem Gremium, déi mat dobäi waren. Zwar just bei der leschter Sessioun elo am Oktober. Et war super organiséiert a super interessant fir do matzemaachen. Ee Schwäizer Büro war do fir een Dag, wou Iddie gesammelt goufen. Et war immens flott.

Effektiv en innovative Projet. Net just dat Gebai ze denken, mee d'Gebai mat de Leit, déi dat an Zukunft benotze wäerten, déi do ronderëm wunnen, de Park dee mat dobäi ass. Dat geet sou wäit, dass och nach de Pavillon matrenovéiert gëtt. An eng Ouvertür Richtung Park geschitt.

Den Här De Sousa huet gesot, et wär eng gutt Approche fir e bëssen, ech soen elo, Rou an deen Eck oder eng aner Dynamik an deen Eck do eranzebréngen, an d'Problematik ronderëm de Park, déi mer alleguerte kennen.

Ech sinn an deem Sënn frou, dobäi gewiescht ze sinn a begréissen dee Projet absolutt.

Just eng kleng Fro. Ech hunn elo net direkt verstan, dass mer elo en Devis vun der Schwäizer Firma virleien hunn. Wéi ass dat zustane komm? Also näischt dogéint. Mee dat huet mech just elo iwwerrascht. Wann dat nach kéint beäntwert ginn.

Ech stëmmen deem heite ganz gären zou.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Et ass mir opgefall, bei deenen 110.000 Euro, déi dat kascht, sinn 20.700 Euro Honoraire mat dran. Ech sinn der Meenung, fir esou kleng Aarbechte wéi déi hei, kéinte mer d'Regie awer selwer maachen a bräichten net een externe Büro. Et huet vläicht eng Ursaach. Déi kënnt Der mer da matdeelen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Da géif ech d'Wuert un d'Madamm Pregno ginn.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Effektiv kënnen déi 20.000 Euro een e bëssen erschrecken. Ech muss soen, dass ech och fonnt hunn, dass dat vill Sue sinn. Et ass esou, dass déi 20.000 net just virgesi si fir dee Schwäizer Büro. Dee Schwäizer Büro ass jo dee Büro, deen dee ganze Projet vun Ufank vun der Iddi bis herno zur Ëmsetzung soll begleeden.

E groussen Deel vun deene Käschte fanne sech op anere Plazen erëm. Dat hei si Käschten, déi dann d'Entreprisen, déi hei zu Lëtzebuerg mandatéiert ginn, fir déi Aarbechten ze maachen, dann eeben urechnen. Et ass de Schwäizer Bureau, deen dat Ganzt chapotéiert an de Kostenvoranschlag mécht. Mee et ass awer net de Schwäizer Bureau, deen hei sur place kënnt an ufänkt ze gipsen oder unzesträichen. Dat si scho Firmen, déi mer hei sur place huelen, mat deenen d'Gemeng ëmmer erëm schafft.

Ech denken, dass et deels ze grouss Aarbechte sinn, fir vun eiser Regie kënne maachen ze loossen. Well déi jo awer ëmmer scho relativ ausgelaascht sinn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Da stëmme mer driwwer of.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif aux travaux de rénovation de la maison située au coin 21, rue Adlophe-Krieps/30, avenue de la Liberté (Maison moderne).*

Villmools merci. Am 3) geet et ëm Fënsteren an der Villa Hadir. Dat ass eist Gebai. An den Här Ulveling kritt d'Wuert.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Déi Fënstere sinn an engem ganz schlechten Zoustand. Déi si vun enger Firma gebaut an agesat ginn, déi et net méi gëtt. Mir kréie keng Reservestécker méi. Bis elo hu mer gebastelt. Mee et fänkt awer elo un e bësse bedenklech ze ginn. Dofir hu mer decidéiert, déi ganz Fënsteren ersetzen ze loossen an och dovunner ze profitéieren, fir e Rideau, Storen ze maache fir am Summer. Fir dass et net grad esou waarm an deem Gebai gëtt.

Dat kascht schonn eleng 112.000 Euro. Sämtlech Diere ginn ersat. Dat kascht 17.000 Euro. D'Centrale de commande: 15.000 Euro. Dat eleng mam Dossier ass fir 184.000 Euro. D'Fënsteren: 162.000 Euro. Soudass mer hei op en opgeronnten Devis komme vu 410.000 Euro, deem ech Iech géif bieden zouzestëmmen. Fir, wéi gesot, dat Haus dann energeetesch e bësse besser duerstellen ze loossen, wéi et actuellement ass, vu dass d'Fënsteren net méi dicht an deelweis futti sinn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Wéi mer dat do gekuckt hunn, an och dee Store, wou Der sot, deen esou deier ass an dat ganzt Ersetze vun de Fënsteren a sou weider, hu mir geduecht, et ass zwar eist Gebai, mee hu mer net aner Prioritéiten? Dir hat geschwat vun utile et nécessaire. Do hu mer alt geduecht, da gëtt et vläicht Schoulen oder aner Gebaier, déi méi néideg wäre wéi dat doten.

Mee wann Der eis awer elo sot, et ass absolutt net méi méiglech, mir mussen onbedéngt do dran investéieren, da géif et ënner nécessaire eventuell falen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech erlabe mer drop ze äntwerten, vu dass ech Entrevuen hat mat de Locatairen. Éischtens hu mer eng moralesch Verflichtung. Als Proprietär huet ee säin Objet, wann een et verlount, esou ze halen, dass aner Leit kënnen uerdentlech dra schaffen oder wunnen. Hei ass et jo schaffen.

An dozou gehéiert, dass et net zu de Fënsteren erareent an eranzitt an esou. An als Buergermeeschter ass dat fir mech dann nécessaire. Well ech net gär verruff ginn als een – well déi Demande ass net nei! Déi geet schonn op e puer Joer zréck. Also mir hunn et scho laang erausgezunn.

Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech hätt eng kleng Fro. Bei deem Montant vu 410.000 Euro, wat et eis schlussendlech kascht, sinn do e puer Offerten ugefrot ginn? Oder ass dat do déi eenzeg, déi ugefrot ginn ass? Well do kann ee jo awer vläicht …

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dat hei ass den Devis. Wann Der d'accord sidd, da froe mer Offeren.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux fenêtres de la villa Hadir.*

**TOM ULVELING (CSV)** *constate que ces fenêtres sont en mauvais état. L'entreprise qui les a installées n'existe plus. Les pièces de remplacement sont introuvables. Il est donc temps de les remplacer.*
*Des stores vont être installés pour 112 000 €. Les portes coutent 17 000 €, la centrale de commande 15 000 € et les fenêtres 162 000 €. On arrive à un total de quelque 410 000 €. Il s'agit entre autres de limiter la consommation énergétique de cette maison.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *se demande si le collège échevinal n'a pas d'autres priorités compte tenu du prix des stores et des fenêtres. Monsieur Ulveling avait parlé d'utile et de nécessaire. Erny Muller se demande si les écoles ou d'autres bâtiments ne seraient pas plus importants. Mais si monsieur Ulveling lui confirme que ces travaux sont primordiaux, les socialistes veulent bien les considérer comme nécessaires.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *a eu des entrevues avec les locataires. La commune a l'obligation morale de s'assurer que ses locataires peuvent travailler dans de bonnes conditions. Les fenêtres ne peuvent pas laisser passer le vent ou la pluie. En plus, la demande date de plusieurs années.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *voudrait savoir si la commune a demandé plusieurs offres ou uniquement celle à 410 000 €.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond qu'il s'agit du devis. Si le conseil communal l'approuve, la commune demandera les offres.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au parcours de fitness du parc Grouwen.*

**TOM ULVELING (CSV)** *a appris de la part du garde forestier que les gens se plaignent du mauvais état de ce parcours. Les travaux couteront 43 000 €.*
*Le collège échevinal va aussi demander un subside pour des panneaux de signalisation.*
*Le projet sera réalisé en partenariat avec le CIGL et le garde forestier. Tous les panneaux seront rénovés. La toiture du pavillon sera refaite. Les traverses de l'amphithéâtre devant le pavillon et les escaliers en direction du parcours sont partiellement pourries. Les machines de fitness sur le parcours sont cassées, pourries ou vandalisées.*
*Il faudra aussi réaménager les alentours du parcours. Les bancs et les poubelles ont été victimes d'actes de vandalisme. Il faudra les réparer. Tom Ulveling trouve que le devis de 43 000 € est acceptable.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *confirme que le parcours est en mauvais état. Elle salue le fait que les travaux soient réalisés par le CIGL. C'est dans l'intérêt public. En plus, chacun peut profiter des infrastructures sportives en plein air.*
*Nicole Wohl propose d'informer le public une fois les travaux finis. Les gens pourront s'y promener ou faire quelques exercices.*
*Elle voudrait aussi que l'on trouve une affectation au petit amphithéâtre. Elle trouve dommage qu'on n'en fasse rien.*
*Déi gréng approuveront le projet.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ça va. Okay. Dat war meng Fro. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Et gëtt keng Wuertmeldung méi, gesinn ech. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif au remplacement des menuiseries extérieures de la villa Hadir.*

Merci. Am 3c geet et ëm de Fitness-Parcours Park Grouwen, deen zesumme soll renovéiert gi mat der Hëllef vum CIGL. An ech géif d'Wuert direkt erëm weider un den Här Ulveling ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. De Fierschter huet interveneiert, fir ze soen, dass d'Bierger relativ oft uruffe géifen a soen, dee ganze Parcours wär an engem ganz schlechten Zoustand. Dofir hu mer decidéiert e Projet ze maachen, dee soll 43.000 Euro kaschten.

Mir wäerten awer och, dat steet net hei dran, e Subsid ufroen, notamment fir d'Beschëlderung. Well do kënne mer e Subsid froen.

Wat gëtt elo genau gemaach? Zesumme mam Fierschter a mam CIGL wäerte mer dee Projet maachen. Sämtlech Pannoe ginn ernéiert an d'Beschëlderung. Um Pavillon muss den Daach nei gemaach ginn, well do reent et eran. An do sinn e puer Dille faul. Déi mussen ersat ginn.

Virun deem Pavillon ass esou e klengen Amphitheater, do setze mer nei Schwellen hin, déi sinn och zum Deel verfault respektiv steet d'Eisen, stinn d'Neel eraus. Wat geféierlech ass. D'Trap a Richtung Parcours ass ganz verfault, muss erneiert ginn. Och do stinn d'Neel eraus. Dat sinn ëmmerhin 120 Träppleken. Um Fitnessparcours selwer si Geräter deelweis futti, deelweis verfault, deelweis och futti gemaach ginn.

D'Alentoure vun deene Geräter wäerten nei amenagéiert ginn. Déi leideg Problemer mat Bänken a Poubellen, déi des Ëfteren dem Vandalismus zum Affer falen. Déi musse geflëckt a reparéiert ginn. Den Trëppelwee selwer gëtt nei opgefëllt.

Soudass mer flott Aarbecht maache fir d'Leit, déi dann do trëppele ginn. Ech mengen, den Devis, 43.000 Euro, dat hält sech awer e bëssen dës Kéier am Mooss. Dofir géif ech Iech bieden deem zouzestëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Den Här Ulveling huet elo alles presentéiert. De Fierschter huet ganz Recht, dass dat an engem schlechten Zoustand ass. Mir fannen et eng ganz gutt Iddi, dass dat vum CIGL gemaach gëtt. Dat ass wierklech en Notze fir d'Allgemengheet. Am Allgemengen ënnerstëtze mer Sportsanlagen am Fräien, vun deene jidderee profitéiere kann.

Wann déi Aarbechte bis ofgeschloss sinn, wier et flott, wann dat dann och ugekënnegt géif, soudass d'Bevëlkerung ageluede kéint ginn, sech dat unzekucken, vläicht do trëppelen ze goen oder Muskulatiouns- an Equiliber-Übungen ze maachen.

Et wär och flott, wa mer eis géifen eng Kéier eppes ausdenken, wat mer mat deem klengen Amphitheater kënne maachen. Ech hunn et ëmmer schued fonnt, dass deen do war an ech hu mer ëmmer gesot, ma du géifs dech gär dohinnersëtzen an och eppes kucken. Dat wier nach besser.

Mir stëmmen dësem Punkt zou.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Natierlech stëmme mir dëse Projet hei mat Jo.

Eppes, wat mech stéiert, ass ëmmer de Meter, deen net fir jiddwereen d'selwecht ass. Hei gëtt an der Gréngzon traitéiert Holz geholl. Wat normalerweis vum Fierschter d'office an der Gréngzon verbueden ass. Do misst emol gekuckt ginn: Wat fir en Traitement ass dat do elo? Verschidde Leit, déi eppes an der Gréngzon wëlle maachen, kréien d'office verbueden, traitéiert Holz ze huelen. Soudass ech fannen, dass fir eis sollt deen nämmlechte Meter gëllen.

Mat der Beschëlderung wär et vläicht gutt, haut gëtt et Saachen, déi mat QR-Code fonctionéieren, wou vläicht Übungen oder esou, ugewise ginn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Den Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech huelen dat mat. Ech kann Iech elo net soen, wat fir en Traitement et ass. Et steet effektiv do Poutres en chêne traitées. Ech weess awer net, mat wat se traitéiert sinn. Ech wäert dat nofroen. An da wäert ech Iech eng Äntwert ginn. Natierlech huet jiddweree sech un déi selwecht Reegelen ze halen. Dat ass kloer.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Et gëtt keng weider Wuertmeldung, da komme mer zum Vott. Merci.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif à la rénovation par le CIGL du parcours de fitness au parc Grouwen.*

Villmools merci. Den 3), dat ass de 1535°. Do geet et ëm déi Amenagementsaarbechte bausse ronderëm de 1535°, also tëschent de Gebaier. Mir hu jo virdru schonn driwwer geschwat. Ech géif dem Här Ulveling d'Wuert ginn. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Et geet hei ëm de 1535°. Den Hall B ass sou gutt wéi fäerdeg. Dee gëtt elo d'nächst Woch ageweit. An do wollte mer profitéieren, nach an de Parking respektiv an d'Alentouren direkt vun dem Hall B ze investéieren. Dofir hu mer hei en Devis virleie vun 322.000 Euro.

No de Budgetsdiskussiounen en rapport mat deem heite Projet, wollt ech Iech soen, dass dee Projet zu enger Zäit entstanen ass, wou mer den Utile et Nécessaire nach net esou genau gekuckt hunn. Dofir proposéieren ech, dee ganze Projet, den Devis initial vun zwou Milliounen an 100.000 Euro nach eng Kéier op de Leescht ze huele mat Iech zesummen.a

An ze kucken, wat mer effektiv do solle maachen. Ob et wierklech noutwendeg ass, 1,7 Milliounen Euro nach weider ze investéieren. Sachant, d'Iddi au départ, wéi mer dat geplangt hunn, dat ass schonn e bësse méi laang hier, war eeben, fir e gesécherte Wee ze hunn, ab der Entrée praktesch, wann een op de Site kënnt vum Bâtiment B un, fir dass do am Fong sollt autofräi sinn. Dass d'Leit kënnen op engem gesécherte Wee trëppele bis an de Park AS-Terrain.

Ech mengen, et muss ee sech iwwerleeën, wann ee gesäit, wat dat eventuell bréngt a wat et kascht, ob dat nach dann esou gewënscht ass. Dofir géif ech elo mol soen, Dir sollt dovunner Abstentioun maache vun deem gesamten Devis. A just elo hei d'Phas I consideréieren, just dat hei ze maachen.

An dëser Phas gëtt de Wee tëschent dem Gebai A a B definitiv gemaach, de Parking selwer mat engem definitive Belag, am Gebai B déi Rampen an d'Weeër provisoresch amenagéiert. D'Beplanzung gëtt provisoresch am Bac gemaach. D'Unzuel vun de Parkplaze gëtt reduzéiert.

**GUY TEMPELS (CSV)** *approuvera lui aussi ce projet.*
*Cependant, il regrette que tout le monde ne soit pas traité de la même façon. Ce projet prévoit l'utilisation de bois traité alors que normalement le garde forestier l'interdit d'office dans les zones protégées. De quel traitement s'agit-il? Il connait des personnes qui n'ont pas eu le droit d'utiliser du bois traité dans une zone verte.*
*Pour ce qui est des panneaux informatifs, il faudrait penser à y insérer des codes QR.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ne sait pas de quel traitement il s'agit, mais il posera la question. Le document parle effectivement de poutres en chêne traitées. Dès qu'il aura les informations, il les communiquera à monsieur Tempels, car tout le monde doit être traité de la même manière. (Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au réaménagement extérieur du 1535°. Il en a déjà été question tout à l'heure.*

**TOM ULVELING (CSV)** *rappelle que le bâtiment B est pratiquement terminé. Il sera inauguré la semaine prochaine. Le collège échevinal veut en profiter pour investir dans les alentours de ce bâtiment. Le devis se monte à 322 000 €.*
*Ce projet a vu le jour à un moment où l'on ne parlait pas encore de l'utile et du nécessaire. C'est pourquoi Tom Ulveling propose de revoir le projet initial qui devait couter 2,1 millions d'euros. Est-il vraiment nécessaire d'investir 1,7 million d'euros supplémentaires? Au départ, l'idée était de créer une voie sécurisée — c'est-à-dire sans voitures — de l'entrée du site jusqu'au parc du terrain de l'AS.*
*Tom Ulveling répète qu'il faudra réfléchir à la question. C'est pourquoi il demande aux conseillers communaux de faire abstraction de l'ensemble du devis et de considérer uniquement la phase 1.*
*Il s'agit de terminer le chemin entre le bâtiment A et le bâtiment B, de finaliser le revêtement du parking et d'aménager des rampes provisoires pour le bâtiment B. Des plantes seront plantées provisoire-*

*ment dans le bac. Le nombre de places de stationnement sera réduit. Les gens n'auront donc plus à avoir peur de se faire écraser. Après la phase de test, des modifications restent possibles.*
*Tom Ulveling demande à nouveau aux conseillers communaux de ne prendre en considération que les travaux mentionnés. Il voudrait les réaliser avant Esch2022.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *va laisser de côté la première partie de son discours, car monsieur Ulveling a répondu à ses questions.*
*Les discussions au sein de la commission de la mobilité ont renforcé le point de vue du conseiller communal. La commune crée un deuxième bistrot, mais réduit de moitié les places de stationnement. Les automobilistes doivent se garer sous la place des Alliés et emprunter un chemin qui les mènera directement au 1535°. Mais Guy Altmeisch s'est rendu sur place et a constaté que les informations sur le plan sont fausses. Il n'existe pas de chemin et le terrain derrière l'église n'appartient pas entièrement à la commune. Il n'y a pas non plus de passage pour les pétons dans la rue de Soleuvre et le chemin ne comprend ni trottoir ni éclairage.*
*Le collège échevinal ne tient pas compte des piétons, qui sont pourtant importants pour les bistrots et les locataires.*
*En plus, les travaux ont déjà commencé. Les places de stationnement devant le bâtiment B ont été supprimées. Les bacs ont été installés et les arbres plantés.*
*Les socialistes demandent des mesures pour protéger les piétons.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *rappelle que le vote porte sur la première phase du réaménagement. Personne ne sait encore s'il y en aura une deuxième ou une troisième.*
*Il est clair qu'il faut investir dans ce site. Le terrain vague sur lequel les automobilistes se garent de manière chaotique doit être refait. On doit pouvoir faire des livraisons sans s'embourber. Par ailleurs, le site devait être relié au Fousbann et des abris pour les vélos devaient y être installés. Désormais, il faudra*

Et entsteet eng gréisser autofräi Zon virum Gebai, wou d'Leit sech kënnen ophalen, ouni ze fäerten iwwerrannt ze ginn. Nodréiglech Adaptatioune sinn natierlech ëmmer nach méiglech a kënnen an der Testphas och direkt ëmgesat ginn.

Dat heescht, ech géif Iech bieden, dat, wat ech elo hei beschriwwen hunn, just déi Parkplazen, déi elo wierklech sollen dann amenagéiert gi virum Bâtiment B an da just dat immediat ronderëm dem Bâtiment B, dass mer dat amenagéieren, dass dat propper ass.

An dat sollte mer och elo nach maachen, ier Esch 2022 ugeet, fir dann och net onbedéngt do nach e Chantier ze hunn. Ech wär frou, wann dee Projet hei géif Är Zoustëmmung fannen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, nom Här Ulveling sengen Erklärungen, kann ech mäin éischten Abschnitt dann emol op der Säit loossen. Déi Zäit hu mer da schonn emol gespuert.

Et ass an der Mobilitéitskommissioun vill iwwert de Projet diskutéiert ginn. Argumenter, déi mech leider net iwwerzeegt hunn. Hu mech awer a menger Meenung nach gestäerkt.

Mir schafen en zweete Bistro an halbéieren d'Parkplazen. Mam Argument: Den Automobilist gëtt op de Parking Place des Alliés guidéiert. Do géif e Foussgängerwee op hie waarden, deen hie propper a sécher an de 1535° féiere géif. Laut Plang a laut Text.

Ech war mer déi Saach ukucken op d'Plaz. Bei esou Pläng ginn ech ëmmer gär dat selwer op d'Plaz kucken, do hunn ech awer gesinn, dass dat falsch Informatioune sinn.

Momentan besteet dëse Wee net. An et gëtt och schwiereg, well den Terrain hanner der Kierch net ganz der Gemeng gehéiert. Leider ass och kee Foussgängersträifen an der Zolwer Strooss, um Plang vum Site ass och kee Wee fir de Foussgänger virgesinn. Keen Trottoir. Vun der Beliichtung net ze schwätzen.

Et besteet keen Zweifel, dass de Foussgänger vergiess ginn ass. Hien, deen als Client fir d'Bistroe wichteg ass an awer och als Locataire. Ouni Locatairë géif de Site net bestoen. An den Defizit wier nach méi grouss.

Mir wonneren eis, an ech speziell wonnere mech, dass d'Aarbechte schonn ugefaangen hunn. Wat soe wëll: D'Parkplaze virum Gebai B si schonn eliminéiert. D'Backe sti schonn do. Beem stinn dran. Et ass Buedem dran. De Bamstamm ass wäiss ugestrach. An dat alles virun der Ofstëmmung hei am Gemengerot iwwert dee ganze Site.

D'LSAP fuerdert, dass all d'Moossnamen zum Wuel an zum Schutz vum Foussgänger musse getraff ginn, ier d'Aarbechten uginn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Madamm Wohl, wannechgelift

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Den Här Altmeisch huet elo een Deel vun der Vue gesot, déi hien huet. Ech soen: Et geet jo elo hei ëm den Devis mat dem Plang fir déi éischt Phas vun deem Amenagement, wou mer dann net wëssen, ob mer dann eng zweet oder eng drëtt wäerte kréien.

Wann een de Site kennt, da läit et jo op der Hand, dass do investéiert muss ginn. Dass den Terrain vag, wou chaotesch geparkt gëtt, muss an d'Rei gesat ginn. Besonnesch wann elo deen neien Deel opgeet an et muss ee kënnen uliwweren – ech denken do un déi nei grouss Hal –, ouni do am Bulli ënnerzegoen.

De Site soll oder sollt dann och un de Fousbann ugebonne ginn. Ausserdeem war jo am Fong geholl d'Iddi, dass Vëlosparkplaze géifen dohinnerkom-

men an och, dass de Site besser un d'Vëlosnetz ugebonne géif ginn.

Dat gesi mer jo dann. Ech hoffen awer, dass deen Deel bleift.

Et besti Pläng mat Berouegung vum Verkéier an der Rue Emile Mark an an der Zolwerstrooss. Dat steet op d'mannst an eisem Walprogramm. De Moment steet den Tracé vum schnelle Bus, also dem BHNS, dem Bus à haut niveau de service, nach net fest. Soudass dat fir de Moment nach net realisabel ass.

De Projet war an der Bautekommissioun an an der Mobilitéitskommissioun. D'Mobilitéitskommissioun huet, wat déi éischt Phas ubelaangt, éischter e positiven Avis ginn. Allerdéngs huet se proposéiert, dass de Foussgängerwee laanscht d'Kierch an d'Réckelen an deem Fall vum Foussgängersträifen dann och an enger éischter Phas ze realiséiere wier. Oder sollt realiséiert ginn.

D'Parkhaus Place des Alliés kéint besser beschëldert ginn, fir dass d'Cliente vum 1535° géife wëssen, wou se sech parke kënnen.

Weiderhi soll d'Sécherheet vun de Foussgänger a vun de Vëlosfuerer um Site am A behale ginn.

Bei der Neigestaltung soll och un d'Gemengeservicer geduecht ginn. Zum Beispill d'Poubellen, wéi een dat handhaabt.

En anert Bedenke vun der Mobilitéitskommissioun war dat wëllt Parken, wat am Moment um Site geschitt, dass dat géif riskéieren, sech an de Quartier ze verlageren, dass dat kéint iwwerschwappen. An et wär dann och gutt, wa mer dorunner géifen denken, wann da weidergeschafft gëtt.

Ech wollt awer dozou soen, dass d'Sécherheet um Site, also vun de Foussgänger an och den Trottinettëfuerer, souwisou eng vun den Haaptpreoccupatiounen ass am Moment. Dat sollt jo och aneschters geleet ginn.

D'Bautekommissioun hat Bedenken, dass den industrielle Charakter vum Site kéint verluergoen. A si hu geduecht, dass de Fait, dass d'Parkplazen ewechkommen, e Problem kéint duerstelle fir d'Clientë vum 1535°. Op den éischte Bléck schéngt dat richteg esou. Et ass awer esou, dass d'Clientë längst keng Parkplazen do fannen.

Ech ginn eemol an der Woch an d'Schräinerei iessen. Ech ginn ze Fouss. Géif ech mam Auto kommen, ech kréich keng Parkplaz an der Mëttesstonn. Säit Jore ginn ech vun Zäit zu Zäit mat enger Frëndin dohin iessen, wat fréier hei zu Déifferdeng geschafft huet. Hatt geet mat enger Selbstverständlechkeet op d'Place des Alliés parken. Déi dann elo en plus nach méi bëlleg gëtt. Et ass einfach déi méi sécher Manéier, fir Plaz ze hunn.

Wann d'Locatairë gär Plaz hätte fir hir Clienten, da wär et och logesch, wa si déi Plazen net selwer géifen occupéieren, déi do am Moment disponibel sinn.

Op jiddwer Fall denken ech, dass heibanne jidderee frou wier, wann den etabléierte Restaurantsbetrib an och deen neie Kesselbetrib géif Fouss faassen. Do ass et da gutt, wa kee Stëbs a Kräsi ronderëmflitt. Mee dass e bësse Gréngs kënnt, an dass d'Terrasse kënne benotzt ginn.

Mir stëmmen dësem Punkt zou.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Et freet eis, datt Der eiser Interventioun vu virdru Rechnung gedroen hutt. An déi éischt Phas elo, wann ech richteg gesinn, déi 322.412 Euro, kënne mir matdroen an deem Fall. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Ruckert, wannechgelift.

*voir quelles parties du projet initial seront réalisées.*
*Le programme de coalition prévoit de calmer la situation sur la route dans la rue Émile-Mark et la route de Soleuvre. Le tracé du bus à haut niveau de service n'est pas encore fixé. Il faudra donc patienter.*
*La commission de la mobilité a remis un avis plutôt positif. Elle a cependant demandé que le déplacement du passage pour piétons soit réalisé lors de la première phase. Le parking de la place des Alliés pourrait être signalisé plus clairement pour les clients du 1535°. Il faudra aussi veiller à la sécurité des piétons et des cyclistes. Il faut aussi penser aux services communaux et notamment à la façon dont sera géré le ramassage des déchets.*
*La commission de la mobilité craint par ailleurs que le stationnement sauvage ne se déplace vers le quartier. Il faut y réfléchir. De toute façon, la sécurité des piétons est une des préoccupations principales en ce moment.*
*La commission des bâtisses se demande, quant à elle, si le caractère industriel du site ne sera pas amoindri. En outre, la suppression des places de stationnement serait problématique pour les clients du 1535°. Mais Nicole Wohl constate que les clients ne trouvent plus de place sur le site depuis longtemps. Une fois par semaine, elle déjeune à la Schräinerei. Elle s'y rend à pied, car en voiture elle ne trouverait jamais de place. Son amie se gare dans le parking de la place des Alliés. En plus, si les locataires veulent des places pour leurs clients, ils feraient bien de ne pas occuper ces mêmes places.*
*Il est important que le restaurant et le Kesselbetrib prennent pied. Réaménager l'extérieur rendra le site plus agréable.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *se réjouit du fait que ses remarques de tout à l'heure aient été entendues. Il approuvera la première phase des travaux pour 322 412 €.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *votera contre le projet qui n'est que du bricolage. Il n'est pas réfléchi.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *constate que les points de vue divergent. Actuellement, le site du 1535° n'est ni beau ni sûr. Madame Wohl a parlé de terrain vague et de stationnement sauvage. Il est donc temps de réaménager les alentours, qui doivent être accueillants.*
*La commission des bâtisses a souligné qu'il faut préserver le caractère industriel du site.*
*Pour certains, la distance entre le parking de la place des Alliés et le 1535° est trop longue, pour d'autres pas. La question est subjective et peut être influencée par l'aménagement du chemin. Un beau chemin avec une vue sur le 1535° aura un impact positif.*
*Comme la commission de la mobilité, Jerry Hartung regrette que la première phase du projet ne comprenne pas un passage direct derrière l'église. Le site attire de nombreuses voitures ventouses. Il faut trouver une solution.*
*Le site du 1535° accueillera en tout 30 places de stationnement. Un contrat garantit à L'essentiel un certain nombre de places. Le collège échevinal peut-il donner des chiffres ?*
*Cinq-cents personnes travaillent au 1535°. Les emplacements sont occupés du matin au soir, ce qui n'est pas une bonne chose pour le commerce.*
*Il reste des points à régler, mais dans l'ensemble le projet est chouette. Le CSV l'approuvera.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *signale que la plupart des locataires sont contraires à ce réaménagement. Il regrette que la directrice explique ne pas être au courant de ces doléances.*
*D'un autre côté, le bâtiment B va ouvrir et les alentours ne peuvent pas rester comme ils sont actuellement. Le réaménagement est une nécessité.*

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, an engem Saz: Ech wäert dergéint stëmmen, well ech stelle fest: Dat do ass Gewurschtels. Dat ass e Projet, deen net duerchduecht ass. An duerfir stëmmen ech hei dergéint.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Léif alleguer, virop merci all de Virriedner, déi weisen, datt et net ëmmer einfach ass an et verschidde Point-de-vuë gëtt. An dat ass jo och gutt esou.

Am Moment ass de Site ëm de 1535° net grad schéin, fir et emol sou auszedrécken. Och de Punkt Sécherheet gouf ugeschwat. Et gouf vun engem Terrain vague geschwat mat wëllem Parken an hei an do.

Dofir ass et gutt, datt elo e Budget virgesinn ass, fir d'Alentouren anescht ze amenagéieren. Wann ee vun esou enger Plaz schwätzt, soll dat natierlech accueillant gestalt ginn.

An d'Bautekommissioun huet fonnt, et soll gekuckt ginn, dem industrielle Charakter Rechnung ze droen.

An de Kommissioune gouf vill iwwert d'Distanz zum Parking des Alliés geschwat. Fir déi eng ass et wäit. Fir anerer ass et net wäit. Dat ass subjektiv. Mee wat awer kloer ass, datt d'Gestaltung vum Wee an der Plaz vill matspillt. Wéi dat engem virkënnt. Wann de Wee schéin amenagéiert ass an och optesch de 1535° verbënnt, huet dëst sécherlech e positiven Impakt.

Effektiv, an do deelen ech den Avis vun der Mobilitéitskommissioun, ass et schued, datt elo an der éischter Phas – de Projet gëtt jo elo iwwerkuckt –, net och direkt den Iwwergang an d'Rue Emile Mark an den direkte Passage laanscht d'Kierch, dee jo och méi kuerz wier, bei de Parking Place des Alliés matinvolvéiert. Vu datt ee jo wëll d'Laangzäitparker dohinner drainéieren, och schonns elo, wär et gutt, wann dëst en place gesat géif. Wat dem 1535°, awer och dësem Projet, fir d'Akzeptanz, zegut kéim.

Wat de Parkraum ugeet, ass scho gesot ginn, do bleiwen um viischten Deel schlussendlech, wann een d'PMR-Plaze mathëlt, ronn 30 Parkplazen. Am Kontrakt mam Essentiel sinn hinnen och um jëtzege Site Parkplaze garantéiert. Hei stellt sech d'Fro, wéi vill si duerno hei um Site behalen an op der Place des Alliés kréien.

Um Site schaffe ronn eng 500 Leit. An der Ëmgéigend ass vill lass. Et feelt elo schonn u Parkméiglechkeeten. Do krut ee jo och rapportéiert, datt vill jëtzeg Plaze vu moies bis owes duerchgeeënd besat sinn an eeben net am Sënn vum 1535° dréien. Wichteg ass dofir, de Parkraum esou ze gestalten, datt d'Parkplazen dréien, datt d'Visiteuren an d'Clientë vum 1535° an der Schräinerei do Plaz kréien. Awer just begrenzt.

Et ass grad ugeschwat ginn, dass villes nach muss gekläert ginn. De Projet u sech ass awer prinzipiell flott a gutt. Soudatt mir dësem Budget eis Zoustëmmung kënne ginn. Merci.

Buergermeeschtesch Christiane Brassel-Rausch (déi gréng):

Merci, Här Hartung. Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschter. Ech weess, an dat ass och gesot ginn, dass déi meescht vun de Locatairë respektiv Leit, déi do schaffen, absolutt net d'accord si mat där Léisung do. Ech hu virun allem bedauert, déi Relatioun, wat als Erklärung ofgi gouf vun der Directrice. Déi seet, déi hätt iwwerhaapt keng Kenntnis vun deene Besoinen an den Uleiesse vun deene Leit, déi do schaffen.

An am anere Fall wësse mer awer och, dass en Deel vum Bâtiment B net kann esou bleiwen. Elo geet deen a Betrib. Mir mussen dat amenagéieren. Dat ass

eng aner Necessitéit, déi mer effektiv do hunn.

Wa mer elo esou vill Plaze faleloossen – den Här Altmeisch huet och dat gesot –, da musse mer – et ass versicht ginn, e Wee ze fannen, fir ze amenagéieren. Mir kënnen do keen anere Wee maachen. Wichteg ass d'Beschëlderung, dass d'Weeër ugewise ginn, wou d'Leit mussen hin. Fir eran a fir eraus. Dass mer a béid Richtungen dat esou gutt kennzeechne wéi méiglech an uweisen, wou d'Leit kënnen eng Parkplaz fannen.

Wat mech e bësse gewonnert huet, an dofir sinn ech awer frou, dass Dir, Här Ulveling, de Projet virgestallt hutt: Dee ganze CID ass ënner dem Bauteschäffen entwéckelt ginn, déi ganz Erneierungen. An elo op eemol hunn ech gesinn, elo ass do d'Mobilitéitskommissioun. A wat mech nach méi iwwerrascht huet, ech hunn dat einfach net méi verstanen, dass dann op eemol e Landschaftsplaner do materakënnt. Elo hu mer dann déi Pläng an deen Devis vum Landschaftsplaner virleien.

A wéi ass et da mat där Persoun, dem technesche Begleeder, dee mir ëmmer haten? Mir hu jo ee fir de 1535°, deen ass jo aus dem Spill geholl ginn, wat mech och enorm wonnert. Ech kann nëmmen hei am Numm vun der LSAP wierklech där Persoun e grousse Merci soe fir hiert Engagement am Kader vun dem Developpement vun deem ganze 1535°. Do ass versicht ginn, ëmmer mat deene minimale Mëttelen e Maximum ze maachen.

Well Der awer elo gesot hutt, mir ginn op de Wee, dass mer elo just dat Amenagement do consideréieren an dat anert net méi, géife mer mat op dee Wee goen. Déi aner grouss Depensë kënne mer einfach net verantworten. Wéi gesot, mir géifen dann och dee Projet matstëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech ginn eng Äntwert. Et war initialement ëmmer nëmmen dat. An et steet ganz kloer drop, d'Phas I sollt gestëmmt ginn. Et ass ëmmer nëmmen iwwert dat, wou mer schwätzen. Duerch déi Diskussiounen iwwer de Budget si mer op dee ganze Projet elo komm, wou ech Iech Recht ginn.

Wat mech allerdéngs stéiert, dat ass, dass mir wëllen e Wee plange fir d'Foussgänger, deen iwwer e privaten Terrain geet. Ech verstinn net, wéi mer dat kënne maachen. Dat gehéiert der Kierch. D'Haus gehéiert der Kierch. Stellt Iech vir, ech géif elo, Här Hartung, hanner Är Terrass e Wee maache fir d'Leit. Wat géif Dir da soen? Dat ass emol dat Éischt.

An dat Zweet, déi Diskussioun mat deem Wee, och wann et méiglech wär, dat si vläicht 50 Meter méi, déi ee muss goen. Fir dann awer elo erëm esou vill Suen dranzestiechen, fir 50 Meter ze erméigleche manner ze goen, ech weess net, ob dat wierklech justifizéiert ass.

An déi lescht Fro, déi ech mer nach ëmmer stellen, an dësem Land: Wéi vill ass zoumuttbar, dass ee ka soen, du muss elo 300 Meter goe fir bei deng Aarbecht? Oder: Du muss 300 Meter goe fir an e Restaurant? Ass dat wierklech eng Zoumuddung? Dat wëll ech emol eng Kéier hei gekläert kréien.

Mir wëlle sou mann wéi méiglech Autosverkéier hunn, an da maache mer awer alles, fir dass mer maximal Autoen erakréien. Also do musse mer awer eng Kéier logesch sinn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Ech muss awer nach e klengt Wuert derzou soen. Ech wëll elo den Här Hartung net protegéieren, mee et ass awer esou tel quel, wéi mir de Projet presentéiert kritt hunn. Dat ass net op eiser Mëscht gewuess, dass dee Wee dohiféiert. Nodeems mir et presentéiert

*Mais si le collège échevinal supprime autant de places de stationnement, il faudra signaliser clairement quel chemin les gens doivent emprunter. Car les clients doivent pouvoir trouver une place de stationnement.*
*Erny Muller rappelle que les plans du CID ont été réalisés par l'échevin aux bâtisses et ses services. Il est surpris que dans ce cas-ci, la commission de la mobilité ait été impliquée. Il ne comprend pas non plus le recours à un paysagiste. Qu'en est-il de l'accompagnateur technique de la commune ? Cette personne ne semble plus s'occuper du 1535°. Les socialistes la remercient pour son engagement dans le cadre du développement du 1535°. Il a fait le maximum avec un minimum de moyens.*
*Comme le vote d'aujourd'hui ne porte que sur la première phase, les socialistes approuveront le projet. Mais Erny Muller ne cautionne pas les autres dépenses.*

**TOM ULVELING (CSV)** *signale qu'il a toujours été question de la phase 1, même si les discussions sur le budget ont porté sur tout le projet.*
*Il ne comprend pas bien comment le conseil communal veut aménager un chemin derrière l'église. Il s'agit d'un terrain et d'une maison appartenant à l'église. Que dirait monsieur Hartung si la commune décidait de construire un chemin derrière sa terrasse ? En plus, le chemin représenterait une diminution de la distance de quelque cinquante mètres. Est-ce vraiment justifié ?*
*Par ailleurs, est-il vraiment inacceptable au Luxembourg de marcher 300 m pour aller travailler ou manger au restaurant ? D'un côté, le conseil communal veut moins de trafic, mais de l'autre, il fait tout pour attirer un maximum de voitures.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ne veut pas protéger monsieur Hartung, mais le projet avait été présenté comme tel. Ce ne sont pas les conseillers communaux qui ont inventé ce chemin.*

*Le collège échevinal a présenté les plans et Guy Altmeisch s'est rendu sur place.*
*Il est inutile de présenter à deux commissions quelques plantes et un passage pour piétons sur écran si le projet n'est pas réalisable. On ne fait que voler du temps aux gens. La prochaine fois, le collège échevinal n'a qu'à diffuser un dessin animé de Mickey.*
*(Rires)*
*Guy Altmeisch insiste sur le fait que ce serait plus réaliste qu'un terrain et un passage pour piétons que la commune ne pourra jamais utiliser.*
*Il confirme que le vote porte sur la phase 1. Mais la phase 2, qui devrait être réalisée dans une deuxième phase, est déjà terminée. Le collège échevinal doit se tenir aux chiffres.*
*(Interruption)*
*Guy Altmeisch a vu les bacs. Et c'était en plein jour. Il y a quatre bacs et quatre arbres. Les places de stationnement ont été éliminées. D'après les plans, la phase 2 est donc réalisée.*
*Il estime que vingt places de stationnement ont été supprimées. Or le vote d'aujourd'hui porte sur la phase 1. Il faudrait que le collège échevinal explique clairement ce qu'il veut faire, ce qu'il entend payer et ce qu'il a déjà réalisé sans que cela figure à l'ordre du jour.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au vote et rappelle qu'il porte uniquement sur le devis de la phase 1.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à l'aménagement extérieur de l'église de Lasauvage.*

**TOM ULVELING (CSV)** *prouve ici qu'il réalise ce qu'il promet. À l'époque, où les finances se portaient bien, il avait été choqué du prix de 6800 €/m² pour quelques toilettes. C'est-à-dire un total de 250 000 €. Le prix est désormais passé à 185 000 €.*
*Il est question d'une structure soignée se trouvant à côté d'une église protégée. La commune ne peut donc pas installer des conteneurs. Le Service des sites et monuments n'aurait pas apprécié non plus.*

kritt hunn, sinn ech op d'Plaz kucke gaang. Do leeft een an eng Ketten an an eng Mauer.

Mee dann ass et net, fir enger Kommissioun oder zwou Kommissiounen an a Sitzunge grouss um Ecran, den Ecran war awer net grouss genuch, d'Planzen ze weisen, den Zebrasträifen ze weisen. Dann ass dat illusoresch. Dass dat jo de Leit hir Zäit geklaut, déi do sëtzen a sech dat mussen ukucken. Dat kommt mer kucken d'nächste Kéier eng Mickymaus.

(Gelaachs)

Dat ass da vläicht méi realistesch wéi en Zebrasträifen oder en Terrain, dee mer ni benotzen.

Zweetens wëll ech och nach soen – an dann hunn ech wierklech genuch geschwat fir haut – mir schwätze vun der Phas I. Wat jo och richteg ass. Wat och budgetär hei beluecht ass mat Chifferen. D'Phas II, wat dann an enger, wéi den Numm et seet, an der zweeter Phas sollt ugoen, déi ass scho realiséiert.

Do musse mer eis awer e bëssen un d'Chifferen halen.

(Ënnerbriechung)

Mee ech war op der Plaz. Ech hu selwer gesinn, dass d'Backen do stinn. Et wor am hellechten Dag, et war net däischter, ech hu mech net op d'ëffentlech Stroossebeliichtung beruff, ech hu mech op d'Sonn beruff, et war alles hell. Do sti véier Backen. Do sti véier Beem, déi wäiss ugestrach sinn. Do ass Buedem dran. Do sinn d'Parkplazen eliminéiert ginn. Dat ass d'Phas II laut mengem Plang hei. An déi ass realiséiert.

Et goufen, allez schätzungsweis, 20 Parkplazen eliminéiert. A mir schwätzen iwwert d'Phas I. Do musse mer eis awer och emol eens ginn, wat mer wëllen a wat mer bezuelen a wat mer net bezuelen a wat mer realiséieren, ouni dass et hei um Ordre du jour steet. Dat wier net schlecht. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Da komme mer zur Ofstëmmung.

Mir stëmmen elo, Här Altmeisch, iwwert den Devis of, deen hei läit, d'Phas I.

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 voix non d'approuver les plans et devis relatifs à la phase 1 des travaux d'aménagement extérieur du 1535° Creative Hub.*

Villmools merci. Den 3e. Här Ulveling, ech mengen, et ass un Iech. Et geet ëm den Aménagement extérieur vun der Zowaascher Kierch.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Hei gesitt Der, dass ech net nëmme priedegen, mee och versichen, dat ëmzesetzen, wat ech priedegen. Dir hat fir d'éischt en Devis vun an déi 250.000 Euro. Do war mer och bal de Kënn hänke bliwwen. Dat war nach aus der Zäit, wou mer am Floribus gelieft hunn. Do hunn ech da mol eise Leit gesot, dat wier awer schwéier ze vermëttelen, bal 6.800 Euro Meterkareespräis fir e puer Toiletten. Do si se dann esou verstänneg gewiescht, dass mer dat elo op 185.000 erofgeschrauft hunn. Et si vill Suen.

Ech erklären Iech awer och, firwat dat esou ass.

Éischtens ass et en touristeschen a soignéierten architektonesche Bau, dee mer bei eng geschützte Kierch setzen. Do kann een net einfach iergendeng Container-Léisung huelen an dat dohinner klaken. Mir si jo do mat Sites et Monuments a Gespréicher an déi hätten dat och net gutt fonnt. Also, wéi gesot, an onmëttelbarer Nähe vun engem geschützte Monument wéi der Kierch.

D'Honorairë si konsequent. Dat ginn ech zou. Dat wäert Der jo elo soen, Här Muller. 10,24 %. Ech ka Gedanke

liesen. An dat hunn ech och schonn direkt nogefrot, firwat dat esou ass. Mee dat ass esou: Wat de Projet méi bëlleg ass, wat den Architekt méi kritt. Dat heescht, bei ganz deiere Projete kritt en nëmme 5 %. Mee bei méi bëllege Projeten wéi dat hei kritt en e bësse méi.

Wat baue mer elo? Ma mir bauen e klengen Trakt. Dat soll sech an d'Landschaft integréieren, soll onscheinbar wierken. Mat enger Haaptentrée, déi der Kierch de Réck dréit. Et ass en duebelen Trakt: Männertoiletten a Fraentoiletten an nach zousätzlech eng Handicapéiertentoilette. Et kënnt e Schaf dohi fir d'Elektresch, och e Schaf fir d'Botzfraen, wou se hiren Eemer an hir Saache kënnen ofstellen.

Dat Ganzt ass relativ lumineux. Mat esou, wéi heescht dat, Polycarbonat, dat onduerchsiichteg awer ass, gëtt den Daach gedeckt. Soudass Luucht kann erakommen. Dat Ganzt ass natierlech deier, well mer net normal Sanitäre kënnen huelen. Mir mussen déi praktesch huele wéi déi, déi am Prisong sinn, déi theoreetesch vandalismussécher sinn. Obwuel et der jo ëmmer nach fäerdegbréngen, dat och nach futti ze kréien. Dofir méi en deiere Käschtepunkt. Et ass awer kee grousse Luxus.

Natierlech muss déi ganz Kanalisatioun mat de Réier mat Elektresch a Waasser dohinnergezu ginn, wat och erëm kascht. Et muss eng Plattform gegoss ginn. An dofir kascht dat 185.000 Euro. Dat ergëtt 1.336 Euro de Meterkibb. An e Volume vun 116 m3. D'Surface au sol ass, hat ech ausgerechent, mengen ech no bei 42 m2.

Mir mussen dat dote maachen, well mer jo d'Kierch ëmfonctionéiert hunn als Salle de spectacle. An do muss een Toiletten hunn. A vu dass mer déi an der Kierch net konnten ënnerbréngen, hu mer se dobaussen higesat.

Dir hutt och gesinn, wou mer se hisetzen. Et läit e Plang bäi mat Fotoen. Déi ekologesch Toiletten, déi mer bei eiser Grillplaz hunn, fale jo dauernd dem Vandalismus zum Affer. Wat dann och net ganz effikass ass. Soudass mer déi ewechhuelen an déi heiten Toilette fir dee ganze Site notzen. Da kënne mer dat och besser managen, fir dat propper ze halen.

Déi Sue si gutt ugeluecht à long terme. Ech soen Iech Merci. Ech hoffen, dass Der deem zoustëmmt. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, mir verstinn net, datt dat do net in-house vun eis gemaach ginn ass. Et ass jo awer nëmmen eng Toilette. Mir hunn awer scho mat eise Leit aner Saache fäerdegbruecht.

Wann ech weess, wat de Loyer ass vun der Kierch, wat dat kascht, fir dat ze lounen, kann ech och verstoen, datt een dann esou eng Toilette dohinnerméscht. Well dat ass jo net fir jiddwereen. Dat ass jo nëmme fir besser Leit. 95 % vun den Déifferdenger kënne jo net dohinnergoen. Déi kënne sech dat net leeschten. An déi Leit, déi sech et leeschte kënnen, déi wëllen dann och eng anstänneg Toilette. Natierlech stëmme mir deem net zou.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Erklärungen, Här Ulveling, déi Der eis ginn hutt. Den éischte Präis war effektiv ganz schwéier ze verdauen. Dofir merci, dass Der nach eng Kéier an d'Verhandlunge gaange sidd, fir de Präis erofzedrécken.

De Präis ass nach ëmmer héich. Doriwwer kann een driwwer diskutéieren. Mee d'Argument, wat den Här Ulveling bruecht huet, dass et eeben niewent engem geschützte Gebai ass, dass dat awer iergendwéi soll en Ensembel ginn,

*Les honoraires sont importants : 10,24 %. Tom Ulveling s'est renseigné. Apparemment, moins le projet coute cher, plus le pourcentage que touche l'architecte est élevé. Pour des projets couteux, l'architecte touche 5 %.*
*La structure sera bien intégrée à son environnement. L'entrée principale tourne le dos à l'église. Il y a des toilettes pour hommes, pour femmes et pour les personnes handicapées. Le devis comprend l'équipement électrique et une armoire pour les femmes de ménage.*
*La bâtisse est lumineuse. Les toilettes sont chères, car, en théorie, elles sont protégées contre le vandalisme. Mais le tout ne représente pas du luxe.*
*Bien entendu, il faut relier les canalisations et couler une plateforme. C'est ce qui explique le prix de 1336 €/m³ pour un volume de 116 m³. La surface se monte à 42 m².*
*Tom Ulveling rappelle que l'église a été réaffectée en salle de spectacle. De ce fait, des toilettes sont obligatoires. Et elles ne peuvent pas aménager dans l'église.*
*Il signale que par ailleurs les toilettes de l'aire de grillade sont constamment victimes de vandalisme. Elles seront démolies et les nouvelles serviront pour tout le site.*
*Pour Tom Ulveling, il s'agit d'un bon investissement à long terme. Il demande au conseil communal d'approuver le devis.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *ne comprend pas pourquoi les travaux ne peuvent pas être réalisés en interne. Il ne s'agit que de toilettes. L'équipe communale a réalisé des choses bien plus compliquées.*
*D'un autre côté, le tarif de location de l'église est tel que 95 % des Differdangeois ne peuvent pas s'y rendre. Fred Bertinelli comprend que les quelques personnes qui peuvent louer l'église veulent des toilettes comme il faut.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *remercie monsieur Ulveling d'avoir négocié le prix même s'il reste élevé. Ces toilettes se trouvent toutefois à côté d'un bâtiment protégé et doivent être adaptées aux lieux.*

*La question de monsieur Bertinelli est pertinente. La commune compte deux architectes. On aurait pu s'épargner les frais d'honoraires. Mais d'un autre côté, les architectes communaux ne s'ennuient pas. Et concevoir ce genre de structure ne se fait pas en trente minutes pendant qu'on boit un café.*
*Les écologistes approuveront le projet même s'il est cher. Il semblerait qu'à Lasauvage tout est plus cher.*

**TOM ULVELING (CSV)** *réplique à monsieur Bertinelli qu'il peut aller à l'église sans aller aux toilettes.*
*(Rires)*

**ALI RUCKERT (KPL)** *se réjouit du fait que la structure tourne le dos à l'église. C'est dans l'air du temps.*
*(Rires)*
*Mais il trouve le devis bien trop élevé. Il votera contre.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *se dit étonné du fait que le projet coute 70 000 € de moins alors que rien ne change. Il a donc suffi que la commune dise que c'était trop cher. Il y a de quoi se poser des questions.*
*Guy Tempels n'est pas entièrement d'accord avec monsieur Ulveling. Il a cherché des conteneurs sur internet. Berne en a qui sont chouettes et propres.*
*Guy Tempels comprend qu'il faille des toilettes, mais ce projet lui pose problème.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *plaisante sur le fait que la commune a de la chance. Si le terrain ne lui appartenait pas, les toilettes auraient couté un-million d'euros.*
*(Rires)*

wat zesummepasst, dat kann ee jiddefalls gëlle loossen.

D'Fro, déi den Här Bertinelli elo gestallt huet, hat ech och. Déi ass och berechtegt. Ob een dat do net hätt kënnen intern maachen. Mir hunn zwee Architekten am Haus. Esou een, ech soen elo mol, klenge Projet hätt ee kënnen intern maachen. Op d'mannst hätt een dann d'Honoraireskäschte gespuert. Mee dat hätt dann nach ëmmer eppes ausgemaach.

Ech weess awer och, dass eis Architekte sech net langweilen op der Gemeng, dass déi schonn hiren Dag ëmkréien a vill Aarbecht hunn. An dat hei léisst sech och net grad an enger hallwer Stonn bei enger Taass Kaffi zeechnen. Also wär do schonn e bëssen Aarbecht dropgaangen.

Mir kënnen deem heiten zoustëmmen, wëssend, dass et deier ass. Zu Lasauvage schéngt alles deier ze sinn. Da passt dat an d'Konzept. Mir kënnen deem heiten eis Zoustëmmung ginn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wëll dem Här Bertinelli soen, hie kann awer och an d'Kierch goen, ouni op d'Toilette ze goen.

(Gelaachs)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Et huet mer besonnesch gefall, dass den Här Schäffe gesot huet, dat alles géif der Kierch de Réck dréien. Dat passt jo dann an den Zäitgeescht.

(Gelaachs)

Trotzdeem wëll ech soen, dass dat vill ze deier ass. Ech wäert dergéint stëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Ech maache mech bemierkbar. Ech muss zwar nach ëmmer e bësse laachen. Wat mech wonnert, mir hunn elo gesot, de Projet misst méi bëlleg ginn an da baue mer dee selwechte Projet fir 70.000 Euro manner! Einfach, well mer gesot hunn, en ass ze deier. Dat heescht, et gëtt nach ëmmer dat selwecht gebaut an et kascht op eemol 70.000 Euro manner. Do muss ee sech da schonn heiansdo Froe stellen. Ech weess et net.

Ech hu mer emol e bëssen d'Méi gemaach, am Internet hunn ech sanitär Containere fonnt. Den Här Ulveling an ech, mir si vläicht dës Kéier net där selwechter Meenung. Do kriss de mëttlerweil Saachen, wéi se an der Stad Bern stinn, déi ganz gutt ausgesinn a propper sinn. A wou mer dräi Containere kréie fir deen dote Präis. Wann net véier!

Et deet mer leed, ech hunn e liichte Problem domadder. Ech ka verstoen, dass mer do mussen Toiletten hunn. Dat ass richteg. Mee heiansdo – voilà.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech muss nach bemierken: Elo hu mer nach Chance, Här Tempels, ech wëll Iech dat just soen: Elo hu mer nach déi Chance, dass den Terrain eis gehéiert. Soss wiere mer op iwwer eng Millioun komm.

(Gelaachs)

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech wollt just eng Remark maachen. Am Dossier selwer ass nach deen alen Devis.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Deen aneren ass gëschter per Mail komm.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

A, en ass gëschter per Mail komm. Okay merci. Entschëllegt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide avec 11 voix oui, 5 voix non et 2 abstentions d'approuver les plans et devis pour la construction de toilettes publiques à proximité de l'église de Lasauvage.*

Ech denken, de Message ass ukomm. De Schäfferot huet souwisou ugekënnegt, dass mer bei den nächste Projete kucken, dass mer eis finanziell esou opstellen, dass et wierklech nach tragbar ass. D'Projeten allgemeng! Well mer elo zwee Projeten hannereneen haten, wou den Här Ulveling gesot huet: Et waren aner Zäiten, wéi se geplangt gi sinn. Dass mer eis deem bewosst sinn.

An dee Message hu mer hei am Gemengerot jo och elo kritt, dass Der mat op de Wee gitt, dass een d'Projeten aneschters muss ugoen, elo wéi d'Zäite sinn.

Mir kommen zum Punkt 4. Dat sinn d'Surveillancen an de Schoulen elo fir d'Schouljoer 2021/2022. U sech ass dat just eng Formalitéit, wou all Schoul, all Site dem Gemengerot hir Surveillancë matdeelt. Am Schoulgesetz ass verankert, dass d'Enseignantë souwuel zéng Minutte viru wéi zéng Minutten nom Cours an de Pause Surveillance hale mussen. Dat gëtt an engem Plang festgehalen.

Dee Plang, deen ass Partie intégrante vun der Schoulorganisatioun. Dee Plang gëtt opgestallt, soubal d'Leit hir definitiv Stonnen hunn a wëssen, wéi se schaffen. Dofir läit deen elo hei vir, dass dee vum Gemengerot adoptéiert gi kann.

Zanter der Pandemie, dat hat ech Iech d'lescht Joer scho gesot, gëtt et e fléissenden Agang an der Schoul. Dat heescht, dass d'Enseignanten an de Klasse sëtzen, ënner anerem, och an hire Klassen op hir Schüler waarden, dass d'Leit vun de Maison-relaisen hëllefe Surveillance maachen, well se festgestallt hunn, dass d'Kanner manner aggressiv sinn, vill méi roueg sinn, wa se direkt an hire Klassesall ginn, amplaz dobaussen an der Rei ze stoen.

An deem Sënn, wéi gesot, handelt et sech a mengen Aen éischter ëm eng Formalitéit.

Här Schwachtgen, wannechgelift.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech muss eng kleng Roserei lassginn als Enseignant, als Schoulmeeschter retraité: Ech gesinn dat do als Blödsinn un, dass e Gemengerot e Surveillance-Plang muss stëmmen inklusiv och d'Schoulorganisatioun, wou mer absolutt keen Afloss drop hunn an absolutt näischt kënnen dra maachen.

Dee Message sollt och un de Ministère goen an e sollt och un d'Regierung goen, dass endlech mat deem Blödsinn opgehale gëtt.

Et geet ee Moyen, ech hunn et erlieft 1993 bei den éischte Walen, fir de Schoulmeeschter an d'Léierin weider vun engem Gemengerot ewechzehalen. Well mat deenen do Argumenter däerf och an Zukunft ee Mënsch aus dem Enseignement aus dem Fondamental net an e Gemengerot kommen. En huet zwar nëmmen iwwer Peanuts ofzestëmmen am Gemengerot, wann en hei zu

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *constate que le dossier contient l'ancien devis.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *signale que le nouveau a été envoyé par courriel hier.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *s'excuse. (Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ajoute que le collège échevinal a compris le message et fera attention aux finances pour tous les projets. Il faut être conscients que comme l'a dit monsieur Ulveling, ces projets ont été planifiés à une autre période. Christiane Brassel-Rausch a bien compris qu'il faut adapter les projets aux temps qui courent.*
*Elle passe à la surveillance dans les écoles pour 2021-2022. Il s'agit d'une formalité dans le cadre de laquelle les écoles communiquent les surveillances au conseil communal. Les enseignants sont tenus d'assurer une surveillance dix minutes avant et après les cours et les pauses.*
*Le plan fait partie intégrante de l'organisation scolaire. Il est établi dès que les enseignants connaissent leurs horaires.*
*Depuis la pandémie, les enseignants attendent leurs élèves dans la salle de classe au début des cours. Le personnel des maisons relais participe à la surveillance. Les enfants semblent moins agressifs s'ils se rendent directement dans leurs salles de classe au lieu de se mettre en rangs dehors.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *trouve ridicule que le conseil communal doive approuver le plan de surveillance et l'organisation scolaire alors qu'il n'a pas son mot à dire. Ce message doit parvenir au ministère et au gouvernement. En plus, il s'agit d'un moyen de ne pas permettre aux enseignants de devenir conseillers communaux même si en réalité, le vote du conseil communal en matière d'enseignement compte pour des prunes.*

*Frenz Schwachtgen rappelle qu'un professeur du Jenker peut devenir conseiller communal, mais pas un enseignant du fondamental. On leur retire le droit de participer à la vie publique d'une commune. Il serait temps que les enseignants et leurs syndicats le remarquent.*
*Frenz Schwachtgen se dit furieux.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à une convention entre la Ville de Differdange et le CIGL. Elle entrera en vigueur le 1er janvier 2022. L'année dernière, le conseil communal a octroyé 300 000 € au CIGL. La nouvelle convention stipule que la commune versera 12 % de la participation de l'État. Ces 12 % peuvent passer à 13 % si la participation de l'État ne permet pas de couvrir tous les frais.*
*En ce qui concerne l'école nature, le service environnement, le service mine et le service entretien, ils peuvent être financés à 80 % au maximum.*
*Le troisième point de la convention porte sur les projets extraordinaires. Le CIGL proposera un devis comme il l'a fait pour le parcours de fitness du Grouwen. Si le conseil communal l'approuve, le CIGL enverra une facture.*
*En tout, la participation de la Ville de Differdange a augmenté d'un tiers environ.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *constate que madame Brassel-Rausch a fourni les explications nécessaires. Il remercie les acteurs du CIGL, c'est-à-dire les personnes encadrant les ouvriers, les membres du conseil d'administration et tous ceux qui donnent une chance aux personnes au chômage de compléter leurs compétences.*
*C'est une situation gagnant-gagnant. Les personnes qui travaillent pour le CIGL améliorent leurs chances de trouver un emploi sur le marché primaire. La population profite quant à elle de services lui facilitant la vie.*
*Le monde du travail évolue rapidement et il faut évoluer avec lui. Le CIGL doit tenir compte de la numérisation du monde du travail et développer les compétences des bénéficiaires dans ce domaine.*

Uewerkuer oder zu Déifferdeng Enseignant wier.

E Proff, deen hei um Jenker Schoul hält, däerf an e Gemengerot. E Schoulmeeschter, deen hei och Schoul hält, däerf net an de Gemengerot. A soulaang mer dat do oprechterhalen – d'Enseignante missten et natierlech selwer mierken an d'Enseignantsgewerkschafte missten dat endlech och mierken –, dass domadder e Recht geholl gëtt, fir um ëffentleche Liewen an enger Gemeng, an engem Gemengerot deelzehuelen.

Ech ginn allkéiers rosen, wann ech dat do nach ëmmer muss matstëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Da stëmme mer iwwert d'Formalitéit of.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les plans de surveillance de l'organisation scolaire 2021-2022.*

Da si mer beim Punkt 5a. Hei geet et ëm eng Konventioun, déi d'Gemeng mam CIGL ausgehandelt huet, déi den 1. Januar 2022 géif ulafen. Wéi Der wësst, hu mer virun engem Joer, wann ech mech gutt erënneren, dem CIGL pauschal Sue ginn. Mir haten déi op 300.000 Euro gehéicht. A mir sinn elo op de Wee gaangen an dëser Konventioun, eis als Stad un d'Pauschal, déi de CIGL mam Ministère huet, mat drunzehänken zu engem Ratio vun 12 % vum Montant, dee vum Ministère gebëllegt gëtt.

Déi 12 % kënnen op 13 % eropgoen, wann d'Käschte vum CIGL net integral vun der Konventioun mam Staat géife gedeckt ginn. Dat wär den éischten Deel vun der Konventioun.

Den zweeten Deel vun der Konventioun beinhalt e Maximum vun 80 % Coût de fonctionnement vun deene véier Servicer. Dat heescht vun der Naturschoul, vum Service Environnement, vum Service Mine a vum Service Entretien, dass déi bis zu 80 % matbezuelt ginn. Déi Rechnunge baséieren op enger Comptabilité analytique, déi mer esou vum CIGL virgeluecht kréien.

Den drëtte Punkt vun dëser Konventioun si Projets extraordinaires, déi weeder an deem engen nach an deem aneren Zenario virgesi ginn. Déi ginn als Solde gehandelt. Do gëtt en Devis proposéiert, wéi mer en elo grad hate bei dem Fitness Grouwen. A wann en ugeholl gëtt, gëtt déi Zomm op Base vun enger Facture bezuelt.

Am Fong ass eise Bäitrag e bësse méi wéi 1/3 an d'Luucht gaangen. Virun allem sinn et ganz kloer Konditiounen, wéi mer geigesäiteg funktionéieren.

An deem Sënn froen ech Iech, dëser Konventioun Är Zoustëmmung ze ginn.

Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, e puer Wuert vu mir zu dëser Konventioun. Dir hutt eis elo déi néideg Explikatioune ginn. Merci duerfir.

Ech wëll deene verschiddenen Acteuren, déi am CIGL involvéiert sinn, Merci soe fir hir wäertvoll Aarbecht. Dat gëllt souwuel fir d'Encadrante beim CIGL selwer wéi fir d'Membere vum Verwaltungsrot. Selbstverständlech och fir déi Leit, déi vum CIGL eng Chance kréien, fir hir berufflech Kompetenze weiderzeentwéckelen.

Dëst ass eng Win-Win-Situatioun fir jiddereen. D'Leit, déi beim CIGL schaffen, kréien d'Chance sech weiderzeentwéckelen, fir esou hir Chancen ze erhéijen, fir nees um éischten Aarbechtsmaart Fouss ze faassen. Eis Populatioun, virun allem déi eeler Awunner vun eiser Gemeng, awer net nëmme si, profitéiere vu wichtege Servicer, déi hinnen den Alldag méi einfach maachen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir liewen an enger Zäit, wou d'Aarbechtswelt sech rasant verännert. Duerfir ass et wichteg, dass een a senger Entwécklung net stoebleift. D'Digitalisatioun an der

Aarbechtswelt ass eng Realitéit. Där Realitéit muss een an de Beschäftegungsinitiative wéi dem CIGL Rechnung droen. Wichteg ass et duerfir, dass mer am Kader vun de Beschäftegungsinitiativen de Leit hëllefen, hir digital Kompetenzen ze erweideren.

Doriwwer eraus musse mer weiderhin enk mat de lokalen a regionalen Entreprisen a Geschäftsleit zesummeschaffen, fir dass mer de Leit och no hirer Zäit beim CIGL eng reell beruflech Perspektiv kënne bidden.

D'LSAP wäert dëser Konventioun hir Zoustëmmung ginn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. D'Madamm Wohl.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Et geet just ëm d'Mise à jour vun der Konventioun fir d'nächst Joer. De CIGL ass eng sozial Mesure, wou et ëm d'Integratioun respektiv d'Reintegratioun an d'Aarbechtswelt geet. Als Gréng ënnerstëtze mer dat absolutt.

Hei maache mer eppes fir déi Leit, déi a Schwieregkeete sinn. An de CIGL mécht awer och eppes fir eis. Den Här Hobscheit huet et deelweis gesot. Zum Beispill e Service de proximité, wou een, soubal een iwwer 60 Joer ass oder en Handicap huet, kann op si zréckgräifen, fir dass déi eng Hand matupaken. Dat selwecht fir kleng Reparaturen.

Op all déi aner Domänen, wëll ech net weider agoen. D'Madamm Buergermeeschter huet et gesot. An awer soen ech nach eng Kéier, den Okkasiounsbuttek, wou ee Miwwel ka fir e bëllege Präis kafen, an déi an d'Rei gesat gi sinn, de Butzebuttek, d'Diffwäsch an och de Vëlosoccasiounsbuttek, dat ass wierklech e Plus, wat mer hunn. A mir sollten och dovunner profitéieren.

Mir stëmmen dësem Punkt zou.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Am Numm vun der Déifferdenger CSV begréisse mer dës Konventioun mam Centre d'inititative et de gestion locale Differdange, kuerz CIGL. Et ass eng ganz wichteg Missioun, déi dës ASBL sech gëtt. An zwar, datt d'Leit, déi aus diverse Grënn keng Chance hunn, um éischten Aarbechtsmarché eng Chance kréien, ënnerstëtzt an opgebaut ginn. Ënner anerem Vertrauen, Reegelméissegkeet, d'Wëssen, wat se mat op de Wee kréien, si wichteg Viraussetzung fir déi Betraffen, fir nees fit fir den Aarbechtsmaart ze ginn.

Zu deem iwwerhëlt de CIGL wichteg Funktiounen a Servicer an eiser Gemeng. Soudatt en, nieft dem sozialen Aspekt, eng Plus-value fir eis Gemeng duerstellt.

Mir ginn eis Zoustëmmung. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la nouvelle convention conclue avec le Centre d'initiative et de gestion local Differdange ASBL (CIGL) prenant effet le 1er janvier 2022.*

Villmools merci. Mir bleiwe beim CIGL. Am Punkt 5b geet et ëm hire Contrat de bail, deen elo den 1. Januar 2022 soll ulafen. Ëm eng Harmoniséierung vun den Tariffer am 1535°. Hire Bail gëtt adaptéiert. En gros un all déi aner Bailen aus dem 1535°. Et ass näischt aneschters wéi eng tarifaire Upassung vun engem Bail, deen op dräi Joer geet.

*Il faut aussi continuer à coopérer avec les entreprises et les commerces régionaux pour aider les collaborateurs à trouver un emploi après leur passage au CIGL.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *rappelle que le CIGL est une mesure sociale consistant à réintégrer des personnes au chômage dans le monde du travail. Les écologistes soutiennent cette initiative.*
*La commune fait quelque chose pour les personnes en difficulté et le CIGL fait quelque chose pour la commune. Les séniors et les personnes handicapées peuvent par exemple recourir au service de proximité pour effectuer quelques réparations.*
*Nicole Wohl tient aussi à mentionner l'Okkasiounsbuttik, le Butzebuttik, la Diffwäsch et le Vëlosbuttik.*
*Les écologistes approuveront la convention.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *salue la convention avec le CIGL, qui réalise une mission importante. Cette ASBL aide les personnes ne parvenant pas à intégrer le marché primaire de l'emploi à se développer. Elles y découvrent la confiance et la ponctualité, et acquièrent des compétences essentielles pour trouver un emploi.*
*Le CIGL offre aussi des services à la commune représentant ainsi une plus-value allant au-delà de l'aspect social.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à un contrat de bail avec le CIGL à partir du 1er janvier 2022. Les tarifs du 1535° doivent être harmonisés. Dans ce cadre, les loyers sont adaptés.*

*La surface occupée par le CIGL s'élève à 1136,60 m². L'association va payer 12 €/m² comme tous les autres locataires. Elle prendra aussi en charge une partie des charges communes. La somme est conséquente, mais il s'agit d'être transparents.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à un avenant de la convention de 2021 entre l'État et les SA. Il se rapporte à une convention déjà approuvée par le conseil communal. Il contient des adaptations négociées par l'État avec les syndicats. Le référentiel temps de travail du contrat collectif SES passe de 1549 unités à 1492,5 unités. Ces unités servent de base au calcul au nombre d'heures de personnel auquel la commune a droit.*
*L'article 2 de l'annexe 2 reprend les heures supplémentaires financées par le ministère de l'Éducation nationale dans le cadre des mesures contre la pandémie.*
*La Ville de Differdange fait partie du groupe 3. Elle passe de 7,5 % à 15 %.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à un contrat de bail. Le TNT dispose d'un bureau dans le Markenhaus au 7, avenue de la Liberté. Le loyer se monte à 15 €/m², c'est-à-dire 386,40 € par mois et 4636,80 € par an.*
*Le bail à reconduction tacite va du 1er janvier au 31 décembre 2022.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe aux règlements temporaires de circulation.*

Dir gesitt, et geet ëm 1.136,60 m², wat jo net egal wat ass vu Fläch, wou elo de Loyer verduebelt gëtt. Dat heescht, si bezuelen elo genau d'nämmlecht wéi déi aner Locatairen och 12 Euro de Meterkaree. De Loyer ass also verduebelt ginn. Si huelen Deel un de Chargecommunen. Wat dann e beträchtleche Montant ausmécht. Awer wat souwuel am Sënn vun der Transparenz wéi och an der Uniformitéit vum ganze Site ze gesinn ass.

Ech biede fir dëse Contrat de bail ëm Är Zoustëmmung.

Da komme mer zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le nouveau contrat de bail avec le CIGL Differdange ASBL au bâtiment C du 1535° Creative Hub prenant effet au 1er janvier 2022.*

---

Villmools merci. Am Punkt 5c geet et ëm en Avenant zu enger Konventioun bipartite vun 2021 tëschent dem Staat an eisen SAen. Et ass en Avenant, dee sech op déi Konventioun bezitt, déi d'Gemeng mam Staat ënnerschriwwen huet an och am Gemengerot gestëmmt gouf.

Am Avenant goufe vum Staat Adaptatiounen ëmgesat, déi de Staat zum Beispill mat de Gewerkschafte verhandelt huet. Dat fannt Der am Artikel 1 an der Annex 3. Esou gouf den RTT, de Référentiel Temps de Travail, am Kader vum SES Kollektivvertrag vun ursprénglech 1.549 Unitéiten op elo 1.492,5 Unitéiten ugepasst. Dat ass fir eis als Gemeng d'Grondlag, fir d'Stonnenzuel vum Personal ze berechnen, déi mer vum Staat finanzéiert kréien oder finanziell ënnerstëtzt ginn. Dat ass deen éischte Punkt vum Avenant.

Deen zweeten ass den Artikel 2 an der Annex 2, wou d'Personnel supplémentaire Covid-19, wéi et an der Iwwerschrëft heescht, ugepasst gëtt. Dat beinhalt den Undeel u Personalstonnen, deen den Educatiounsministère am Kader vun den aktuelle Covidmesuren zousätzlech finanzéiert.

Bis elo huet eng Gemeng, déi iwwer 25.000 Awunner hat, zum Grupp 3 gehéiert an huet 7,5 % kritt. Am Covid ass de Grupp 3 elo vu 7,5 % op 15 % gehéicht ginn.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Mir hunn nëmmen Avantagen.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Wann et keng Wuertmeldung dozou gëtt, géife mer zur Ofstëmmung kommen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant à la convention bipartite 2021 du service d'éducation et d'accueil signée avec l'État du Grand-duché de Luxembourg.*

---

De Punkt 5) ass e Contrat de bail. Dir wësst den TNT, d'ASBL, huet e Büro bei eis am Markenhaus, 7, Avenue de la Liberté. Si bezilt eis e Loyer. Fir 25,76 m2 à 15 Euro bezilt se 386,40 Euro hors TVA an TTC. Wat op zwielef Méint 4.636,80 Euro hors TVA awer TTC ausmécht.

De Bail géif vum 1.1 bis den 31.12.2022 goen, mat tacite reconduction. Ech bieden ëm Är Zoustëmmung fir dëse Contrat.

Da komme mer zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail commercial avec l'ASBL TNT Territoire naturel transfrontalier de la Chiers et de l'Alzette pour un espace situé au nº 7, avenue de la Liberté à Differdange.*

---

Villmools merci. Fir de Punkt 6, Règlements temporaires de circulation, géif ech d'Wuert direkt un d'Madamm Pregno ginn.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Dës Kéier fannt Der am Dossier respektiv op der Diffcloud véier Drénglechkeetsreglementer. Dorëner en Demenagement, e mobille Kran an an der Emile-Mark-Strooss, Aarbechten u Beem vun eiser Bam-Ekipp. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno.

(Gelaachs)

Da komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Villmools merci. Zum Punkt 7, Changementer an de Kommissiounen. Do deelt d'CSV Déifferdeng eis mat, dass den Här Patrick Pereira, President vun der Finanzkommissioun, ersat gëtt duerch den Här Robert Mangen.

Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ech wëll umierken: Ech fannen et e bëssen ongglécklech, wann e Member aus dem Schäfferot President vun enger Finanzkommissioun gëtt. Da kann ee sech jo quasi selwer beroden a selwer kontrolléieren. Ech fannen dat net ganz demokratesch. Näischt géint den Här Mangen, mee ech wollt dat just umierken.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Vläicht ergräift den Här Mangen d'Wuert.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dat soll just fir eng kuerz Zäit sinn. Den Här Pereira huet e bësse gesondheetlech Problemer de Moment. Wou mer hoffen, dass dat kuerzfristeg ass. A well den Här Mangen scho President eemol war, ass hie schonn ageschafft. Et ass am Fong aus deem Grond. Et ass elo net geduecht, dass dat soll jorelaang daueren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. D'Madamm Wohl. Duerno den Här Hartung.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt just soen, dass ech déi selwecht Bedenken hu wéi den Här Meisch.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Den Här Ulveling huet elo d'Explikatioune ginn. Hoffen och, datt den Här Pereira erëm séier fit gëtt an dat doten iwwerhëlt.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech soen Iech villmools Merci. Mir hätten et duerch d'Séance publique gepackt fir d'Joer 2021. Ech soen Iech nach eng Kéier Merci, wierklech, fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht. Här Hobscheit, d'Oppositioun ass wichteg. Et ass wichteg, dass eng Oppositioun do ass. Déi soll och hire Rôle spillen. An awer soen ech nach ëmmer: Et ass den Toun, deen d'Musek mécht. Well et fir jiddwereee méi agreabel ass.

Mir hunn en haart Joer hannerun eis. Mir hate schonn e relativ haart éischt

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *constate que les règlements sont au nombre de quatre, dont un concernant des travaux du service des arbres.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux commissions consultatives. Dans la commission des finances, monsieur Patrick Pereira du CSV est remplacé par monsieur Robert Mangen.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *regrette qu'un membre du collège échevinal devienne président de la commission des finances. En effet, cela revient à se donner soi-même des conseils et à se contrôler. Ce n'est pas démocratique même si François Meisch n'a rien contre monsieur Mangen.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique que monsieur Pereira a des pépins de santé. Comme monsieur Mangen a déjà été président de la commission et qu'il connait le travail, il le remplace à court terme.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *partage les inquiétudes de monsieur Meisch.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *rappelle que monsieur Ulveling a fourni les explications. Il souhaite un prompt rétablissement à monsieur Pereira.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *clôture la dernière séance de 2021. Elle remercie le conseil communal pour son travail constructif. Monsieur Hobscheit a raison de dire que l'opposition joue un rôle important, mais c'est le ton employé qui est essentiel.*

*L'année a été dure. En tant que bourgmestre, Christiane Brassel-Rausch remercie à nouveau les conseillers communaux. Elle a vraiment l'impression qu'ils essaient tous de faire avancer Differdange. Elle leur souhaite de bonnes fêtes de fin d'ann*

Joer Covid. Elo hu mer erëm e Joer. Ech wëll Iech als Buergermeeschtesch all hei am Gemengerot Merci soe fir déi flott Inputter, déi komm sinn. An d'Bestriewe ginn ech einfach net lass, d'Gefill, dass mer alleguer hei sëtzen, fir zesummen no dëser Gemeng ze kucken. Well dofir si mer gewielt ginn.

An deem Sënn soen ech Iech Merci, wënschen Iech schéi Feierdeeg, hoffen, dass Der gutt an dat nächst neit Joer kommt. An da gi mer an d'Non-publique. Déi jo elo nach de Moien zousätzlech gestëmmt ginn ass. Villmools merci.

# COMMANDE DE BOIS DE CHAUFFAGE

Il vous reste jusqu'au 28 février 2023 pour commander des buches au service écologique de la Ville de Differdange. Les prix sont fixés comme suit :

- Corde de bois : 2 m x 1 m x 1 m = 150 € (TVA incl.) ;
- Transport de corde = +25 € (TVA incl.) ;
- Corde fendue et coupée sur mesure : 20, 25, 33 ou 50 cm = +25 € (TVA incl.).

Le bois de chauffage est un mélange de bois provenant de nos forêts de feuillus. Le bois n'est pas séché, c'est-à-dire qu'il doit être stocké pendant au moins un an avant que vous puissiez le bruler.

**Livraison**

Une corde de bois coupée sur mesure et livrée chez vous coute donc 200 €. Le garde-forestier prendra contact avec vous pour fixer un rendez-vous. Chaque ménage a droit à une corde au maximum.

**Commande**

Vous pouvez commander votre bois facilement à travers le formulaire en ligne ici. Si vous êtes dans l'incapacité d'utiliser le formulaire en ligne, merci de vous rendre à l'hôtel de ville pour faire votre commande.

# VOUS DÉSIREZ VOUS MARIER UN SAMEDI ?

Voici les dates des samedis retenus pour la célébration de mariages en 2023 :

- 4.2.2023
- 18.3.2023
- 29.4.2023
- 13.5.2023
- 17.6.2023
- 15.7.2023
- 16.9.2023
- 14.10.2023
- 18.11.2023
- 16.12.2023





# BABY PLUS

# DIFFERDANGE

**Tel.: 58 77 1 - 5858**
**babyplus@differdange.lu**

Ein Projekt der Gemeinde Differdingen in Zusammenarbeit mit der Initiativ Liewensufank a.s.b.l.

- für alle Familien in der Gemeinde Differdingen, die ein Baby erwarten oder bekommen haben
- **kostenlose Information, Beratung und Begleitung rund ums Baby im ersten Lebensjahr**
- bei Ihnen zu Hause oder im Beratungsraum in Differdingen
- kompetent, einfühlsam und mehrsprachig (Lux., De., Fr., Port., Engl.)
- diese Dienstleistung ist nicht obligatorisch

Für weitere Informationen und Terminvereinbarungen können Sie eine Nachricht hinterlassen. Wir rufen Sie zurück.

Un projet de la Commune de Differdange en collaboration avec l'association Initiativ Liewensufank a.s.b.l.

- s'adresse à toutes les familles de la commune de Differdange, qui attendent ou viennent d'avoir un bébé
- **information, consultation et suivi gratuits concernant le bébé dans sa première année de vie**
- à votre domicile ou dans le bureau de consultation à Differdange
- compétent, sensible et multilingue (lux., all., fr., port., angl.)
- ce service n'est pas obligatoire

Pour de plus amples renseignements ou pour fixer un rendez-vous, veuillez nous laisser un message. Nous allons vous rappeler de suite.

Um projeto da câmara municipal de Differdange em colaboração com a Initiativ Liewensufank a.s.b.l.

- para todas as famílias residentes em Differdange que esperam, ou tiveram, um bebé
- **informações gratuitas, aconselhamento e acompanhamento durante o primeiro ano de vida do bebé**
- em sua casa ou no gabinete de aconselhamento de Differdange
- competência, sensibilidade e multilinguismo (lux., ale., fr., port., ingl.)
- este serviço não é obrigatório

Para mais informações e marcação de encontros, solicitamos que deixem uma mensagem. Nós vamos contacta-los o mais depressa possível.






INITIATIV LIEWENSUFANK
DEBUT DE LA VIE - BEGINNING OF LIFE

Ville de Differdange

# Restez au courant !

Nous vous informons tous les jours des dernières nouvelles de la commune. Nous sommes aussi sur Instagram, Twitter et YouTube.



Ville de Differdange